# Conseil communal

## Séance publique du 14 novembre 2006

***Durée de la séance:*** *9.00 à 12.20 heures*

| **Présents:** | |
|---|---|
| Camille Bosseler, conseiller (CSV)<br>Roland Breyer, échevin (CSV)<br>Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)<br>Carlo Gira, conseiller (CSV)<br>Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)<br>John Polfer, conseiller (CSV)<br>Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)<br><br>Welter Gilbert, échevin (DP) | Victor Filaferro, conseiller (LSAP)<br>Lily Gansen, conseiller (LSAP)<br>Roger Klein, conseiller (LSAP)<br>Jeannot Linden, conseiller (LSAP)<br>Norbert Pierre, conseiller (LSAP)<br><br>Romain Becker, conseiller (Déi Gréng) |
| **Absents et excusés:** | |
| / | Guy Brecht, conseiller (LSAP) |

## ORDRE DU JOUR

1. Projet d'aménagement particulier à Rodange, lieu-dit « A la Croix Saint-Pierre / rue des Vieilles Parts » - présentation du projet de plan directeur par le promoteur Tracol - réflexions.
2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 3.2. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 3.2.1. Cultes: église de Rodange, construction d'un accès pour personnes handicapées - approbation.
     - 3.2.2. Infrastructures routières: renouvellement dans la rue Charlotte à Pétange - approbation.
     - 3.2.3. Infrastructures routières: renouvellement partiel de la rue de la piscine à Rodange et bouclage de la conduite d'eau avec celle de la rue Titelberg à Lamadelaine - approbation.
   - 3.3. Hôtel de ville à Pétange: contrat d'entretien et de dépannage pour l'ascenseur - approbation.
4. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2007 - décision.
5. Propriétés:
   - 5.1. Contrat de bail avec Mme Ada Biava pour la location d'un appartement sis à Lamadelaine, rue Grousswiss 17 - approbation.
   - 5.2. Echange d'emprises à Rodange, rue des Romains avec la société Denali S.A. de Lamadelaine - décision de principe.
   - 5.3. Cession d'une emprise sise à Pétange, rue Bommert par M. Mohammed Karim et Mme Ikram Chtibi de Rodange - décision de principe.
6. Personnel: nouvel organigramme du service technique - fixation des cadres - décision.
7. Enseignement
   - 7.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 7.2. Organisation d'après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » en 2007 - décision de principe.
   - 7.3. Organisation de classes de neige en 2007 - décision.
8. Prévisions sociales: Office Social - budget rectifié de l'exercice 2006 et budget de l'exercice 2007 - approbation.
9. Hygiène publique: agrandissement du cimetière de Pétange - approbation des devis et plan - vote d'un crédit spécial.
10. Sylviculture: certification des forêts communales - adhésion au label FSC Lëtzebuerg – décision.
11. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service - décisions.
12. Questions des conseillers communaux.

Séance secrète:

13. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

# COMPTE RENDU

## 1.

**Projet d'aménagement particulier à Rodange, lieu-dit «A la Croix Saint-Pierre/rue des Vieilles Parts» - présentation du projet de plan directeur par le promoteur Tracol – réflexions.**

Op engem Areal vun 7 Hektar entsteet zu Rodange en neit Wunngebitt. Dëst läit tëscht dem heitege Wunngebitt «Croix Saint-Pierre», dem Bruckerwee an dem Clopp. Dëst Wunngebitt soll iwwer d'rue du Clopp an d'rue des Vieilles Parts un d'Stroossennetz ugeschloss ginn. Am ganze sollen hei 300 nei Wunnengen – dat si Residenzen, Reienhaiser, Duebelhaiser an och Eefamilljenhaiser fir ronn 750 Leit entstoen. Donieft kéinten och Geschäfter an dësem Quartier entstoen, an beim Uplanze soll dofir gesuergt gi fir deem ganze Wunngebitt eng parkähnlech Struktur ze ginn.

Nodeems d'Mataarbechter vun Tracol déi technesch Erklärunge ginn haten huet de Gemengerot d'Méiglechkeet kritt fir Froen ze stellen zu dësem neie Projet, deen a verschidde Phase bis d'Joer 2010 soll entstoen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat hei ass eng weider Etapp an dësem Dossier. Ech géif awer elo dem Gemengerot d'Méiglechkeet gi fir eng Fro an dëser Phas ze stelllen. D'Leit sinn hei. Op däer aner Säit weisen ech awer och drop hin, datt mer all Fraktioun, déi heibanne vertrueden ass, e kompletten Dossier zoustellen a si esou kënnen hiren Avis dozou ginn. Och déi dräi Kommissiounen, déi betraff sinn, wäerten dat maachen. An am Januar wäerte mer och eise Bierger dat eng Kéier virstelle fir ze lauschteren, wat d'Bierger dozou ze soen hunn. Da kënne mer mat alle Considératiounen, déi d'Leit do gemaach hunn, eis Entscheedung huelen. D'Diskussioun ass op. Profitéiert dovun, datt mer esou vill kompetent Leit hei hunn, déi iech och konkret Äntwerte kënne gi wann der Froen hutt zu deem Projet.

**Romain Rosenfeld (LSAP):**

Meng Haaptfro ass de Verkéier, ech mengen domat den Impakt op deenen zwou Plazen. Menger Meenung no gëtt d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi do wunnen, awer zimlech stramm erbäigeholl an et geet menger Meenung no och net mat deenen zwee Zougäng fir de Verkéier duer. Et misst nach en Zougang op der Longkecher Strooss gesicht ginn. Mee op jiddwer Fall kënn een deene Leit dat net zoumudden. Deemools sinn déi Stroosse jo och net gebaut gi fir esou en Impakt opzefänken. Dat kënnt elo. Dat eent ass emol nach keng Strooss, et gëtt vläicht eng. Dat anert ass wuel eng Strooss mat enger Verlängerung, mee déi deemools awer net esou geplangt war fir esou en Objet hannendrun ze setzen.

**Äntwert vum Promoteur:**

*D'Verkéierstechnik ass eppes, wat eis och um Häerz louch. Doduerch hu mer och déi Impaktstudie gemaach. Wann een déi heiteg Dimensioune vun der rue des Vieilles Parts kuckt, gesäit een, datt et eng Strooss ass, déi relativ staarke Verkéier ka verdauen. Mer hunn am Ufank Pläng vun dësem Lotissement mat engem Zougang gehat an dat war net ze maachen. Duerch deen zweeten Accès, dee mer no uewen hunn, hu mer festgestallt, datt deen zousätzleche Verkéier 1,334 Autoë pro Minutt méi ausmécht. De Bureau Schroeder ass elo net esou ausféierlech dorop agaang. Wann een dat rechent a kuckt, wéivill Verkéier do moies an owes an den Haaptverkéierszäiten opkënnt, dann huet een am Dag natierlech Stonnen, wou déi Zuel vun 1,34 Autoë staark reduzéiert gëtt. Dobäi muss een awer och nach soen, datt mer hei Maximalwäerter geholl hunn. Am Konzept vum Lotissement hu mer d'Méiglechkeet gi fir datt dat Lotissement, wat scho besteet, mat deem neie Lotissement duerch de Park verbonne gëtt fir ebe mam Vëlo ze fueren an d'Foussgänger opzefuerderen, net ëmmer direkt an den Auto ze klammen. Mer hunn, am Verglach mat engem ganz Koup aner Projeten, mat engem Duerchschnëtt vun 1,35 Auto/Minutt gerechent, wat och nach wäit ënner de Wäerter läit wéi déi vun aner Lotissementer, déi awer ongeféier déi do Gréisst hunn.*

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Dir schwätzt hei och vu Gréngflächen. Dat ganzt Lotissement bréngt eng Zousazastellung op der Péitenger Gemeng wa mer dat alles mussen ënnerhalen. Dat do ass elo e Projet, mee et stécht awer och nach en décke Schwanz hannendru wann ee weess, wat dat hei mat sech bréngt. De Projet ass zwar ganz schéi presentéiert, mee et kommen awer duerno eng Rei Problemer. Wann ech elo eng Strooss hunn, wou eng 30 Autoë fueren an duerno e bësse méi ween een d'Minutt, dann ass dat e groussen Ënnerscheed fir déi Leit, déi do wunnen. Och wann d'Strooss dat packt, d'Leit, déi do wunne sinn awer déi selwecht.

**Camille Bosseler (CSV):**

Ech wollt an deem selwechte Sënn fir d'Lotissement eppes froen. Et si mer scho vill Froe beäntwert ginn. Wann dat a Kraaft trëtt, gëtt de Wee dann och direkt komplett fäerdeg gemaach, net datt, wann déi éischt Phas fäerdeg ass, ugefaange gëtt an alles mat dem Verkéier matkënnt. Well dat bedéngt jo och vill hënn an hir wat do erageet. Net datt d'Leit zevill strapazéiert ginn an d'Ausfaarten op d'mannst komplett fäerdeg sinn. Ech bedaueren awer, datt keen Accès do ass fir op d'Lonkecher Strooss. Et wier net schlecht gewiescht fir op 3 Plazen eran- oder erauszekommen. Well dat hei gëtt awer e bëssen enk. Mer gesinn dat jo am beschten an den Dierfer, wou kee Bus méi ka richteg zirkuléieren.

**Äntwert vum Promoteur:**

*Zu deem éischte Punkt: d'Haaptachs vun deenen zwou éischte Phase wäert duerchgehend goen aus verschiddene Grënn. Duerch d'rue des Vieilles Parts bis erop an de Bruckerwee. Firwat? Fir en Accès ze hu fir kënnen ze schaffen an och fir datt direkt eng Haaptachs do ass, déi an deenen zwou éischte Phasen – déi laanscht dës Achs wäerte sinn – emol net esou vill Verkéier mat sech bréngt.*

*Dann zum zweete Punkt, an zwar d'Lonkecher Strooss. Do ginn et verschidden Aspekter. Der kënnt iech virstellen, datt, wa mer elo en Accès gemaach hätten, da wiere mer mat enger Haaptoder vum Lotissement direkt laanscht Haiser gefuer, déi scho bestinn. Dat heescht, mer wieren deene Leit hanne laanscht de Gaart gefuer an déi hätte guer keng Privatsphär méi gehat.*

*Dat ass och eppes, wat mer wollte vermeiden an der rue des Vieilles Parts. Kuckt emol dee klengen Accès op dem Terrain. Do goufen et Pläng, wou do eng Strooss doduerch gelaf ass fir dat ganzt Lotissement. Dat hätt geheescht, datt de ganze Verkéier laanscht déi Haiser gaang wier. Sou eppes hätte mer och gehat, wa mer den Zougang op d'Lonkecher Strooss gemaach hätten. Esou vermeide mer vill Verkéier well dës Ramp gëtt just Zougang zu de Stadvillen, déi staark reduzéiert sinn. Et gëtt also keen Duerchgangsverkéier, mee just Verkéier vun deenen, déi do wunnen.*

**Victor Filaferro (LSAP):**

Wat d'Schoul ugeet wollt ech emol froen, ob do eppes ëmgebaut muss gi fir méi grouss ze maachen. Wéini

geschitt dat? Et ass natierlech un der Gemeng fir dat ze maachen. Zweetens wollt ech nach eng Recommandatioun ginn. Vum ieweschten Deel vum Clopp kommen elauter Quellen erof, an déi musse jo och iergendwou eraus-kommen. Wat geschitt mat deem Waasser do? Ass et eventuell opze-fänken?

**Äntwert vum Promoteur:**

*Wa mer während der Bauphas un déi Quelle sollte kommen, da muss een déi opfänken an dann a Richtung Reewaasserkanal, also Richtung Chiers féieren, respektiv muss een analy-séieren, a wat fir engem Zoustand déi Quelle sinn, an da muss ee kucken, wat fir Moossnamen ze huele si fir déi op eng aner Manéier ze notzen. Ech géif emol éischter mengen, et sollt een se mam Reewaasser – wat jo gutt Waasser ass – an der bestehender Kanalisatioun a Richtung Baach leeden.*

**Victor Filaferro (LSAP):**

Wann ech dat elo gutt verstanen hunn, da ginn zwee Kanäl geluecht. Och ee fir d'Waasser vun den Diech opze-fänken. Gëtt deen extra geféiert?

**Äntwert vum Promoteur:**

*Dat gëtt an de Reewaasserkanal gefouert. Mer hunn ee Kanal fir dat dreckegt Waasser an ee fir d'Ree-waasser. Dee Moment géife mer dat an de Reewaasserkanal mat eranhuelen.*

**Victor Filaferro (LSAP):**

Da wier dat deen éischte Site an der ganzer Gemeng, well bis ewell leeft alles an engem Kanal.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat d'Schoulwiesen ugeet, do wëll ech och kuerz drop agoen. Et ass kloer, datt all Lotissement, dat derbäi kënnt, och Konsequenzen huet fir eist Schoul-wiesen a fir déi Infrastrukturen, déi mer als Gemeng musse schafen. Mer wëssen awer, datt mer 1993 e PAG gestëmmt hunn, an deem mer definéiert hunn, wat fir Plaze kënnen ausgebaut ginn. An deem PAG ass och festgeluecht ginn, wou eis Gemeng sech kéint weider entwéckelen a wou en neit Lotissement kéint entstoen. An do ass déi Plaz definéiert gewiescht fir weider kënnen entwéckelt ze ginn. Et war ganz kloer festgeluecht ginn, a wat fir engem Volumen, a wat fir engem Ëmfang eis Gemeng – besonnesch Rodange, wou Potential besteet – sech soll vergréisseren. Opgronn vun deenen Iwwerleeungen an de Projeten, déi ënnerwee sinn, huet de Gemengerot jo schonn eng Rei Entscheedunge getraff. Ech erënneren dorun, datt mer zënter 2000 d'Fonderie-Schoul vergréissert hunn, d'Päsch-Schoul och, an datt mer och e Projet gestëmmt hunn - deen dat anert Joer uleeft - fir d'Neiwiss-Schoul ze vergréisseren. Dat ass sécherlech doduerch, well en „Nachholbedarf" bestoung, mee och am Hibléck op eng weider Vergréisserung. Mer wëssen, datt haaptsächlech Rodange sech an deene leschte 15 Joer staark ver-gréissert huet, an datt opgronn vun deem PAG vun 1993 Rodange sech och méi wäert vergréissere wéi Péiteng oder Rolleng. Doduerch ass och dee supplementaren Invest, deen an de leschte Joeren zu Rodange gemaach gouf, berechtegt. Ebe well mer wëssen, datt déi Aufgaben an déi Noutwenneg-keete méi grouss si wéi an deenen anere Lokalitéiten. Ech erënneren och nach eng Kéier drun: déi 3 Schoule sinn a gi vergréissert. Datt mer d'Sportshal zu Rodange bauen huet och seng Ursaach gehat. Et war dowéinst well mer wëssen, datt Rodange an Zukunft éischter eng Uertschaft ass mat 6.000 an net mat 5.200 Awunner wéi bis elo.

Dëse Projet – esou ass et jo och ugeklongen – gëtt an e puer Etappe gemaach. Et ass net, datt do op eemol an 2 Joer 300 nei Wunnenge geschaf ginn. Mär gesinn dat éischter esou, datt dee Projet an 8 oder 10 Joer realiséiert gëtt, an datt doduerch och den Impakt op d'Schoulwiesen an Etappen an net beienee kënnt. Sécher hutt der Recht wann der sot, datt ëmmer en Impakt op d'Schoulwiese kënnt. Dat ass kloer.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech hätt och eng Fro un den Här vu Schroeder et Associés, deen d'Ver-kéiersétude gemaach huet, woubäi mer bewosst ass, datt d'Fro eventuell haut net ka beäntwert ginn. Mee e kéint jo seng Etude an dësem Sënn weider-féieren. D'Etude, déi eis hei virleit, ass eng reng quantitativ Etude. Si seet eis, wéivill Autoë méi kommen a wéivill Verkéier et méi gëtt. Wat mech awer méi géif interesséieren, dat wier eng qualitativ Etude. Dat heescht: wat sinn d'Konsequenze vun deem Verkéier, dee méi kënnt? Ech erënneren drun, datt d'Lonkecher Strooss am Moment – haaptsächlech owes – an der Spëtzen-zäit - verstoppt ass an datt et zimlech laang Réckstauë ginn do wou d'Lonkecher Strooss op d'Bretelle féiert. An dat ass doduerch bedéngt, datt vill Leit do lénks ofbéie fir Richtung Tankstellen ze fueren. Leit déi heem komme fir an déi nei Cité hei ze fuere wäerten och alles Lénksofbéier op der Héicht vum Bruckerwee ginn. Bei engem Géigeverkéier vu véier Autoë pro Minutt ginn dat Problemer. Gëtt dat mat Luuchte geregelt, muss et mat Luuchte geregelt ginn? Wéi laang gëtt dee Réckstau? Wann ech als Benotzer vun der Apdikt zu Rodange bis bei d'Schoul op d'Fonderie fueren, ëm wéivill verlängert sech mäi Wee fir dohinner ze kommen? Ech mengen, dat si Froen, déi net nëmmen déi zukënfteg Bewunner vun der Cité dierften interesséieren, mee och de Bierger aus der Gemeng – oder vläicht net aus der Gemeng – deen d'Strooss benotzt. Am Résumé: wat fir eng zousätzlech Fahrtdauer bréngt deen zousätzleche Verkéier an de Spëtzestonne mat sech?

**Äntwert vun Schroeder et Associés:**

*Déi Fro ass ganz berechtegt, well mer doriwwer keng Ausso gemaach hunn. Ech hat just ugedeit, datt owes an de Spëtzestonnen an enger Stonn ronn 70 Autoë pro Stonn lénks ofbéien. A mer wëssen, datt vu Frankräich oder der Belsch erbäi owes praktesch kee gefuer kënnt. Dee Verkéier ass moies do.*

**Roger Klein (LSAP):**

Entschëllegt, mer där sot hei selwer 225 Autoen.

**Äntwert vun Schroeder et Associés:**

*Dat ass iwwert eng ganz Stonn net vill. Der hutt all 15 Sekonnen en Auto an all Minutt een, dee wëll lénks ofbéien. Dat ass absolut kee Problem, do brauch ee keng Luuchten. Dat si Standard-situatiounen, déi mer dacks an der Uertschaft hunn a wou vill méi Autoë lénks ofbéien. Dat ass sécherlech net de Problem. De Problem ass dee Verkéier, deen näischt do verluer huet. En Duerf, dat sech wëll entwéckelen, dat mécht Verkéier, deen zum Duerf gehéiert, awer kee Friemverkéier. De Verkéier, elo op der Lonkecher Strooss ass de Verkéier, deen do ass well de Contournement net esou fonctionnéiert wéi e soll. An dat muss anescht ugepak ginn. Et geet net fir ze soen, datt en Duerf sech net méi dierf entwéckelen well esou vill op der Lonkecher Strooss ass. Et muss just ëmgedréint gekuckt ginn. Rodange muss weider d'Chance hu fir sech z'entwéckelen. Dofir muss de Réseau, dee jo eigentlech gebaut gouf fir datt d'Lonkecher Strooss gutt fonctionnéiert, besser fonctionnéiere. Dat weess d'Ponts et Chaussées och. Mer hate scho mat hinne geschwat, an et waren och scho Sëtzunge vun der Gemeng mat de Ponts et Chaussées. An et wäerten der och nach kommen, wou mat engem Konzept probéiert gëtt, op eenzelne Punkten de Verkéier um Contournement méi flësseg ze maachen an doduerch den Transit-oder Friemverkéier, deen haut op der Lonkecher Strooss ass, ze reduzéieren. Da kréie mer nees Sputt fir nach e Lotissement ze maachen, esou datt d'Duerf sech ka virun entwéckelen. An dann ass et vläicht net méi esou dramatesch wéi dat haut ausgesäit.*

**Roger Klein (LSAP):**

Ech ginn Iech vollkomme Recht, datt den Transitverkéier net op d'Lonkecher Strooss gehéiert. A mer sinn eis och eens firwat dat am Abléck esou ass. De Wonsch, datt ganz séier eppes um Contournement geschitt, ass nach e Wonsch. Ech si ganz sécher deen éischten, dee ganz frou driwwer ass, wann eppes do geschitt. Mee ech gesinn och d'Situatioun, wéi se de Moment ass, an ech weess och firwat d'Lonkecher Strooss elo als Schläichwee benotzt gëtt, an zwar well et do e bësse manner lues geet wéi um Contournement. De Clopp gëtt och als Schläichwee benotzt. Mer wëssen, datt de Verkéier sech ëmmer e Wee sicht. Mee esou wéi et am Moment ass, dat heescht den Ist-Zoustand op der Lonkecher Strooss, sinn ech der Meenung, datt et duerch déi zousätzlech Belaaschtung zu enger Congestioun vun dëser Strooss féiert, esou laang keng aner Léisunge fir den Duerchgangsverkéier fonnt gi sinn.

**Äntwert vun Schroeder et Associés:**

*An de Spëtzestonnen ass d'Lonkecher Strooss op der Héicht vun der Gare vläicht saturéiert. Mee 500 Autoen an enger Richtung sinn nach laang net dat, wat d'Situatioun vun enger Haaptstrooss ausmécht. Do ass, vu punktuellen Zäiten ofgesinn, nach Sputt op der Strooss. Déi puer Autoen – dat sinn der elo vläicht net e puer, mee annerhallwen Auto méi an der Spëtzestonn – sinn net de Kollaps vun der Lonkecher Strooss. De Kollaps ass eben den Transitverkéier. Wa mer hei vun engem Zäitraum vun aacht bis zing Joer schwätzen, dann hoffe mer, datt mer och an däer Zäit méi wäit si fir de Verkéier méi flësseg ze maachen op dem Contournement. Mer kënnen natierlech net alles hei beaflossen als Gemeng. Och net, datt mer d'Ponts et Chaussées esou wäit kréien. Si sinn sech dees och bewosst a si mussen de Verkéier onbedéngt méi flësseg kréien um Contournement a Richtung Autobunn. Well och a Péiteng selwer hu mer e Problem. De Verkéier geet jo net nëmmen duerch Rodange mee och weider duerch Péiteng bis op d'Biff, wou guer näischt méi geet. Et ass e gréisseren nationale Problem.*

*Ech wollt awer nach kuerz drop zeréckkomme firwat mer keen Accès op d'Lonkecher Strooss gemaach hunn. Mer hätten dee kënnen anzeechenen, mee et ass awer nach guer net gesot, datt d'Ponts et Chaussées domat averstane gewiescht wier well si si frou, wann et eng Méiglechkeet gëtt, dat op e sekundärt Netz unzeschléissen. Well anescht géif et en zousätzlechen Accès op der Lonkecher Strooss bedeiten, an domat och de Verkéiersfloss méi lues maachen. Si sinn net gewëllt, all Promoteur en Zougang zu engem Haaptnetz ze ginn. Si setzen sech och staark dofir an, datt méi gezielt soll op esou en Accès wéi de Bruckerwee zeréckgegraff ginn. Och wa vläicht duerno méi Verkéier do erauskënnt, mee net iwwer zwee oder dräi aner Zougäng méi. Een Accès méi kann och méi Schläichverkéier bedeiten. Wat manner Lächer wat besser, mee an dësem Fall géif ee Lach net duergoen, an dofir ass entscheet ginn, dat zweet ze maachen. Mee e Schwäizer Kéis hei ze maachen, dat bréngt et och net.*

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Den Här Breyer an ech selwer kënnen och bestätegen, datt mer am Gespréich si mat Ponts et Chaussées. Well de Verkéier ëmmer zouhëlt, an der vill op d'Athuser an d'Lonkecher Strooss auswäichen, si mer amgaang mat de Ponts et Chaussées Léisungen ze siche fir Verbesserungen op der Collectrice ze kréien. An dat, well mer einfach en zousätzleche Verkéier duerch eis Uertschafte kréie well d'Collectrice net esou fonctionnéiert wéi se sollt. D'Demande ass do, et leien och Propositiounen um Dësch. Et muss elo gekuckt ginn, ob déi Propositiounen ëmzesetze sinn an och d'Resultater bréngen, déi erwënscht sinn.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Et deelt een déi Bedenken, déi hei vum Gemengerot op den Dësch geluecht goufen. Et muss een elo kucken – wéi den Här Klein dat gesot huet – emol net nëmmen déi quantitativ Chifferen ze gesinn, mee och déi aner Saachen. E bësse vu Mënsch zu Mënsch.

Wat de Verkéier ugeet, esou hu mär um Niveau vum Sikor, dat ass en interkommunalt Syndikat vum Kordall, eng Initiativ gestart fir eng Etude iwwer de Contournement maachen ze loossen. Mer hate mat Ponts et Chaussées rieds an den Här Molitor ass net dergéint. En ass sech op alle Fall der Problematik bewosst. Mär hunn och Bureau-d'études hei am Land esou wéi am Grenzgebitt ugeschriwwe fir nei Iddien ze kréien an eventuell aus dem Contournement vu Péiteng e „boulevard urbain" ze maachen. Net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer déi Dossieren opgemaach a mer hu siwe Kandidaturen do leien. Elo wäerte mer kucken, datt mer Léisunge kréien, déi och ëmzesetze sinn. Dat wäert awer och net vun haut op moar goen. Et muss een ëmmer bedenken, datt, wann eng Iddi do ass déi och eng Perspektiv gëtt, dat ganzt nach muss iwwerholl a bezuelt ginn. Do hunn ech am Moment meng Bedenken. D'Gemeng Péiteng kann dat net bezuelen an de Stat wahrscheinlech och net esou séier, esou datt mer dee Problem nach e Sträppche wäerte mat eis schleefen.

Et muss een och bedenken, datt mer – haaptsächlech vu Ponts et Chaussées – gezwonge sinn, op der Rodanger Gare Changementer ze maachen. Domat hu mer elo ugefaangen. Et kéint sinn, datt den Accès vu Rodange op Athus an op d'Bretelle Contournement net méi existéiert an der Zukunft. Dat ass och eng Perspektiv. Zousätzlech sollten nach Luuchten op d'Gare kommen, déi géréieren oder stéieren, dat muss ee kucken.

Wat d'Ofwaasser ugeet, do hunn ech och meng Bedenke well ech och d'Kap vun dem President vun der Kläranlag op hunn. Do ass ganz Rodange-Frontière nach net un d'Kläranlag ugeschloss. Mer wëssen, datt dat och nach eng Kéier soll geschéien. Mer wëssen och, datt dat eng Kéier virun 2010 soll geschéien. Mer wëssen, datt déi Problematik an och europäesch Direktiven do sinn, mee et muss een awer och déi finanziell Mëttelen hu fir dat ze realiséieren. Am Abléck si mer an der Budgetsphas amgaang, an dat sinn horrent Chifferen, déi do a Fro kommen, esou datt d'Gemeng Péiteng sech muss quëtsche fir ze kucken, ob se dat esou séier ka realiséieren. Zousätzlech fuert der am Moment mat ärem Ofwaasser nach deelweis duerch e privat Lotissement. Mer hunn d'Croix St Pierre nach net iwwerholl. Ech kann am Abléck nach net matschwätze well mer nach net an de Bauch vun deem Ganze gesinn.

Zu gudder Lescht ass och nach d'Liewensqualitéit ugeschwat ginn. Ech deelen d'Suerg dofir och. Duerch de Verkéier ass d'Liewensqualitéit sécher gestéiert. Wann ee kuckt, dann dauert déi ganz Realisatiounsphas an déi eenzel Bauphasen awer bis zing Joer, da muss een sech bewosst sinn, datt déi Leit, déi do wunnen, zing Joer laang dat wäerte spieren. Duerno setzen se sech vläicht mat deem normale Verkéier auserneen. Mee am Laf vun der Bauphas vun zing Joer wäerten se gestéiert ginn.

**Carlo Gira (CSV):**

Déi Affaire vum Verkéier kann een natierlech och anescht gesinn. Et fueren nach net genuch Autoë fir datt d'Leit op aner Verkéiersmëttelen zeréckgräifen. Wat dee Wee ugeet mat deene ville Beem duerch deen neie Lotissementsprojet, dee vun de Vëloen an de Foussgänger soll benotzt ginn, do sinn ech der Meenung, datt d'Kanner dee solle benotze fir an d'Schoul ze goen an net, datt do nach

zousätzlech Autoë solle fueren. Zu deene Gréngflächen am Lotissement, wat gëtt do der Gemeng ofgetrueden a wat bleift duerno a privater Hand? Well soss huet dat – wéi den Här Rosenfeld scho gesot huet – nees finanziell Auswierkungen op d'Gemeng an de Budget well mer da Leit brauche fir dat an der Rei ze halen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat neit Gesetz gesäit vir, datt 25% un d'Gemeng ofgetruede gëtt. A wa mer dat kréien, da wäerte och wahrscheinlech en Deel vun den Infrastrukturen mussen an der Rei halen. Selbstverständlech gëtt et och d'Méiglechkeet fir iwwer Konventioune mat deene Leit, déi dohinner wunne kommen, verschidden Arrangementer ze fannen. Mer sinn amgaang, eng ähnlech Konventioun an engem aneren, awer vill méi klengen, Projet ze testen. Et kann een sech och virstellen, datt d'Leit, déi do wunnen, en Deel vun de Gringflächen an der Rei halen. Mee all déi Saache wäerten awer net dovunner ofhalen, datt mer duerch e Populatiounszouwuess méi Ausgabe kréien. Et muss een awer och soen, datt mer doduerch natierlech zousätzlech Recette kréien. Dat ass evident, well eis Recetten orientéieren sech och zum Deel no der Dicht vun der Populatioun. Dat heescht, et kann een natierlech net higoen an déi zousätzlech Recetten, déi een dann duerch de Populatiounszouwuess kritt, huelen an d'Ausgaben integral op déi aner ofwälzen. De Logementsminister huet jo och gesot – fir de Gemengen dat och „schmackhaft“ ze maachen – e géif pro Awunner en „apport supplémentaire“ bäigi wann d'Gemeng esou Initiativen hëlt. An deem hei Projet net well dat hei ass jo eng Privatinitiativ. Mee wann d'Gemeng selwer eng Initiativ hëlt, da bedeit dat, datt och zousätzlech Ausgaben op d'Gemeng zoukommen an datt een déi och muss droen. Kloer ass et, datt de PAG vun 1993 virgesäit, datt do Bauland ass an datt do och gebaut ka ginn. Wéi et eventuell ausgesäit hu mer haut jo virgestallt kritt. Ech muss soen, datt een all déi Bedenken, déi hei ronderëm den Dësch ervirbruecht goufen – besonnesch den zousätzleche Verkéier an och d'Schoulwiesen esou wéi d'Kanalisatioun -, muss kucken an déi néideg Moossnamen huele fir datt dat alles 100-prozenteg klappt. Dee Projet do, esou mengen ech, gëtt e ganz flotte Projet – besonnesch fir déi Leit, déi do wunnen -, a mer mussen och fir eis jonk Leit, fir eis Jugend d'Méiglechkeet an eisen Uertschafte schafe fir datt si kënnen hei wunnen. Net datt si musse mat ufanks 20 an eng aner Gemeng wunne goe well keng Méiglechkeet do ass fir kënnen an der Uertschaft ze bleiwen. Dat si mer eise jonke Matbierger zum Deel schëlleg. Mer mussen awer och oppassen, datt de Wuesstem sech a Grenzen hält an net zevill negativ Konsequenzen huet fir déi Bierger, déi dem Ament do wunnen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Mer hu jo just niewendrun d'Lotissement Croix St Pierre. Do si jo an der Zäit och Prognose gemaach ginn, mee wéi gesäit d'Realitéit dann aus? Hutt der dat gekuckt? Wéivill Autoë sinn et do pro Haus. Dat ass d'Realitéit, dat anert ass fir mech Theorie. Ech ka roueg en Eefamilljenhaus dohinner bauen. Wann ech dräi Kanner hunn an déi hunn de Führerschäin an en Auto an ech hunn och nach en Auto, da sinn dat 4 Autoen, déi op een Haus kommen. Dat ass d'Realitéit. Wa schonn, dann hätt der kéinte kucken, wéivill Autoen et do ginn. Dat wier scho ganz wichteg fir ze gesinn, wéi et sech dann och bei dësem neie Lotissement kann entwéckelen.

Bei deem éischte Lotissement si mer och iwwerrascht ginn. Et ass gutt gemengt fir do eng Verbindungsstrooss tëscht dem Clopp an der Lonkecher Strooss ze maachen. Mee wat ass geschitt? Et ass eng Duerchgangsstrooss ginn. An nach haut fuere Leit derduerch, déi iwwerhaapt net do wunnen oder schaffen. Dat ass d'Resultat. An ech fäerten, datt et hei grad esou ass. Dat geet ënnen an der rue des Vieilles Parts eran an et kënnt uewen an der rue du Clopp eraus. A besonnesch well dat esou schéi riicht do erageet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat d'Croix St Pierre ugeet, do hu mer awer an deene leschte Jore Moossname geholl, déi awer zum Droe komm sinn. Ech sinn iwwerrascht fir ze héieren, datt den Duerchgangsverkéier nach an deem Mooss besteet. Dat mer dee komplett ewech kréien, dat ass wuel net méiglech. Ech hat awer d'Impressioun, datt d'Situatioun sech do verbessert hätt. Besonnesch wann ech déi Leit, déi do wunnen, héieren. Et sief dann, verschidde Leit sinn anerer Meenung, an da wiere mer natierlech frou, wa mer dat als Schäfferot matgedeelt kréiche fir och op déi Situatioun reagéieren ze kënnen. Sécherlech muss een och an deem Fall Moossnamen huele fir datt och do keen Duerchgangsverkéier entsteet. Ech mengen, déi Ecker am Lotissement hu schonn dozou bäigedroen. Et ginn awer nach vlaicht Mëttelen an Dispositioune fir dat do ze vermeiden. Well duerch déi Cité sollen – an do deelt der jo wahrscheinlech och meng Meenung – nëmmen déi Leit fueren, déi do concernéiert sinn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Et ass jo och Tempo 30 virgesinn. Mer hu jo elo just Reflektioune gemaach. Well do ginn et jo nach esou Detailer. Zum Beispill wat d'Haiser selwer ugeet. Wat ass e „Staffelgeschoss“? Mer bauen hei „Mehrfamilienhäuser“ mat sechs Appartementer. Da kéint dat jo och roueg direkt festgehale ginn, datt déi Haiser net méi wéi sechs Appartementer hunn. An da wat sinn „Geschosse“, dat si bei eis Niveauen, mat „Staffelgeschoss“ an „Tiefgarage“. Wat ass dann dat „Staffelgeschoss“?

**Äntwert vum Promoteur:**

*Dat ass e Retrait.*

**Jeannot Linden (LSAP):**

Well et ass ee jo interesséiert, wéi dat duerno mat den Diech ausgesäit. Déi lescht Zäit si mer ëmmer bäigelaf, well dann ass gesot ginn den Daach kënnt bis dohin an da stoung uewen e Penthouse drop amplaz vum Daach. Ech huele jo un, datt dat net do virkënnt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat si Saachen, déi nach am PAP méi detailléiert definéiert ginn.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et si scho ganz vill Saachen hei ugeschwat gi wou ech och meng Bedenken hunn. Dat sinn de Verkéier an d'Waasser. Et huet kee Wäert fir nach eng Kéier dorop zeréckzekommen. Wat mer opfält, dat ass, datt mer hei déi schéinste Powerpoint-Presentatioun gewise kruten, déi ech jee gesinn hunn. Déi Dammen an Häre verstinn et, hir Wuer ze verkafen. Virun 20 Joer krute mer an enger ëffentlecher Versammlung nach Pabeierskaarten un d'Mauer gepecht wéi d'Collectrice sollt gebaut ginn. Et ass näischt vun all deem, wat versprach gouf, agetratt. Dofir géif ech mer heiansdo wënsche mer hätten eng Zäitmaschinn fir ze gesinn, wéi dat do an 20 Joer ausgesäit.

Net wäit ewech vun dem Lotissement ass eng Firma, déi Seveso II klasséiert ass, wat jo kee Geheimnis ass. Ech weess net, ob déi Leit sech däers bewosst sinn. An engem europäesche Pabeier, an zwar 'Tables of appropriate distances' zu Seveso II-Firme steet dran, datt esou e Lotissement 1.000 Meter vun esou enger Firma gebaut muss ginn. No Berechnunge sinn dat hei 500 Meter. Wéi stinn déi Leit, wéi steet d'Gemeng dozou? Wéi kréie mer dat an de Grëff?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat den Dossier Seveso II ubelaangt, deen ass net nëmme wéinst deem hei Projet, mee och wéinst engem anere Projet, deen d'Gemeng zënter Joeren amgaang ass op d'Been ze setzen, interessant. Dat ass de 'Grand Bis', deen nach wesentlech méi no derbäi ass. A regelméissegen Ofstänn si mer amgaang un eisen Ëmweltminister ze schreiwen. Bis elo hu mer nach keng Äntwert kritt. Nach rezent hu mer nach e Rappel gemaach. Mer hunn elo emol e Rendez-vous mat der ITM gefrot. Mer hoffen, an deem Dossier och Kloerheet ze kréien. Och bei Seveso II gëtt et zwou Kategorien – et gëtt „haut“ a „bas“. Et muss ee schlussendlech kucken, vu wat datt ee schwätzt. Fir de Moment ass et esou, datt d'Gemeng Péiteng net ka soen, wéi dat Klassement ass. Mer hunn nach keng definitiv Ausso, mee mer hoffen, datt mer se esou séier wéi méiglech kréie well och de Projet 'Grand Bis' do hannendrun hänkt. A wann déi Ausso kënnt, da muss een natierlech a Funktioun vun deenen Dispositiounen, déi bestinn am Kader vun engem Seveso-Betrib, seng Moossnamen huelen. Mer wëssen dat a mer mussen et och klären. Et ass net nëmmen e Problem fir dat neit Lotissement, mee och fir déi Leit, déi do wunnen. Ech mengen, mer kënne soen, datt mer verhënnere kënnen, datt nei Leit dohinner kommen. Mee mer mussen eng Léisung fanne fir déi Leit, déi wesentlech méi no wunnen. Mer hunn och nach Schoulen derbäi, an da gëtt et e ganz grousse Problem a mer mussen dee léisen. Mee bis elo waarde mer nach ëmmer op eng Äntwert, déi mer schonn zënter e puer Méint fuerderen. Dat schéngt net esou kloer ze sinn, well soss hätte mer d'Äntwert schonn. Mee esou bal mer méi am Bild sinn – a mer hoffen, datt dat geschwënn ass – wäerte mer de Gemengerot an och d'Populatioun a Kenntnis setzen. Am Moment kann ech mech net dozou äussere well ech nach keng kloer Äntwert an deem Dossier hunn. Mee et ass och en Dossier, eng Iwwerleeung, déi mer musse mat a Betruecht zéie bei dësem Lotissement well en an dem Ëmkrees fält vun deem Betrib.

**Äntwert vum Promoteur:**

*Wat elo déi zweet Fro ugeet, esou hu mer eis selbstverständlech an eiser Equipe vill Méi gi fir déi Presentatioun esou agréabel wéi méiglech ze gestalten. Hanner deenen Zuele stécht och ganz vill Aarbecht. Mär stinn awer och ganz gär zur Verfügung fir iech an äre Kollege Lotissementer ze weisen, déi mer gemaach hunn an déi elo an enger Phas sinn, wou se fäerdeg ginn. Do hu mer och eng Presentatioun um Ufank gemaach an der gesidd och d'Endresultat. Do gi mer iech gären e Rendez-vous fir iech dat ze weisen.*

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Domat ass déi Diskussioun an dëser Phas ofgeschloss. Se ass awer nach net definitiv ofgeschloss well se kënnt och nach an d'Kommissiounen an an déi eenzel Fraktiounen. Dofir wäert och all Fraktioun e kompletten Dossier virgeluecht kréien a mer hoffen, datt mer nach verschidde schrëftlech Kommentaren oder aner Iwwerleeungen, déi sech an den Diskussiounen erginn, kréien. Opgronn vun deenen Iwwerleeungen, deenen aus de Kommissiounen an och deenen aus der Informatiounsversammlung mat de Bierger, déi am Januar ass, wäerte mer eis sécherlech nach eng Kéier mat dem Promoteur a mat den Architekten zesummesetze fir d'Schlussfolgerung ze maachen. Wéi den Här Becker gesot huet, war et eng ganz gutt Presentatioun an et ass och eng professionell Aarbecht derhannert. Dovunner konnte mär eis am Schäfferot am Laf vun deene leschte Méint iwwerzeegen. Ech sinn och der Meenung, datt mer mat deene Partner, déi um Dësch sëtzen, en anstännege Projet kréien, dee sécherlech de Suerge Rechnung dréit vun deene Leit, déi do ronderëm wunnen. De Projet gëtt awer och eise Jonken, déi hoffen, emol en Haus oder en Appartement ze kréien, nei Perspektiven. Nach eng Kéier merci fir d'Nolauschteren an ech géif ofschléissen ewéi dat an enger gewësser Sendung gemaach gëtt, an zwar mat „Affaire à suivre“.

## 2.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ier ech dem Här Filaferro d'Wuert ginn, géif ech nach dräi Kommunikatioune maachen. Op Demande vum Locataire ass de Bail vun der Sauna am Sportszentrum zu Péiteng op den 1. November 2006 annuléiert ginn. Fir de Moment fonctionnéiert keng Sauna méi do. Mer wäerten och keen neien drasetze well mer jo e Projet hu fir de Sportszentrum ganz nei ze maachen. An ech mengen, mer sollte fir d'éischt déi Etapp maachen ier mer nees en neie Locataire drasetzen.

Zweet Informatioun: e Freideg de Moie gëtt en an aller Herrgottsfréi en Déplacement op Nidderaanwen, an dat am Kader vum Vote vum Syvicol-Delegéierte vun deene 4 Gemengen. Dat ass eng Entscheedung vun eisem Distriktskommissär am Kader vun dem neie Syndikatsgesetz. E Maximum vun de Leit sollen do matfueren, net datt mer nach eng zweete Kéier mussen dohinner fueren. D'Kollegen aus deenen anere Gemenge maachen och deen Appell. Mer fueren alleguer mat dem Bus dohin, an dat géint halwer aacht. Ech huelen un, datt mer géint zing Auer nees zeréck si well jo nëmmen ee Kandidat sech zum Vote gestallt huet.

Als drëtt Informatioun wollt ech iech nach matdeelen, datt de CIGL seng Bureauë wäert changéieren. Am Abléck sinn se jo am Kulturzenter zu Rodange ënnerbruecht. Se hu sech beklot, datt dat ze kleng ass an datt, a Funktioun vun hiren Aufgaben dat net gutt geet. Et besteet och keng Méiglechkeet, do ze vergréisseren, well d'Raimlechkeeten niewendrun alleguer beluecht sinn. Si wäerten elo selwer lounen, an zwar bei de Cactus op Péiteng wou fréier d'Firma Castelec war. Se wäerten hir Bureauen an Atelieren do ariichten, wou se och méi Plaz hunn ewéi am Kulturzenter. De Kulturzenter war och nëmmen eng Noutléisung a mer haten och verschidde Reklamatioune vun den Nopere well dat awer mat Kaméidi verbonnen ass. Mat deem Geschéck kréie mer dat och aus de Féiss.

**Victor Filaferro (LSAP):**

Léif Kollegen alleguer. No laangen Iwwerleeungen hunn ech mech entscheed fir am Gemengerot an och an deenen zwou Kommissiounen opzehalen. Dofir gëtt et en einfache Grond: ech fille mech net méi op der Héicht fir virun ze maachen. An all Kéier wann ech bei den Dokter ginn ass eppes aneschters wat net geet. Dofir hunn ech geduecht, et wier besser fir komplett opzehalen. Wann ech awer spéiderhin nees besser soll ginn, da kann een nach ëmmer iwwer 2011 schwätzen. Hei hunn ech och mäi Bréif mat der Demissioun derbäi.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech sinn iwwerrascht, datt den Här Filaferro ophält, obwuel ee schonn hei oder do eppes dobaussen héieren huet. Ech hunn ëmmer gehofft, datt seng Gesondheet et géif erlaben, datt e virun hei kéint sëtzen. Hien huet mat mär am Gemengerot de 17. Januar 1994 ugefaangen an ech géif him – an dëser Phas – Merci soe fir säin Engagement dat hien an deene leschten 13 Joer am Interesse vun eise Bierger gemaach huet. Weiderhi géif ech him awer eng gutt Gesondheet wënschen an datt mer hien nach dacks op ëffentleche Manifestatioune gesinn.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Esou laang mer de Vic kenne war hie kollegial a fair als Politiker. Mer hoffen, datt seng Gesondheet sech verbessert, esou datt en awer ka vu senger Pensioun profitéieren an datt mer en op deene verschiddene Manifestatiounen – esou wéi mer dat gewinnt waren – erëmgesinn.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech schléisse mech de Wierder vum Här Rosenfeld natierlech un a géif dem Vic nach eng gutt Gesondheet wënschen, an datt en nach laang kann op de Manifestatioune si wou e wëll sinn a wou mer hien dann och nach begéinen. Ausserdeem soen ech dem Vic och nach merci fir seng kollegial Zesummenaarbecht hei am Gemengerot a fir seng Fairness.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Vun der demokratescher Partei wëll ech dem Vic awer och merci soen. An dat a mengem Numm, mee haaptsächlech – well ech jo nach net esou laang derbäi sinn – am Numm vu menge Virgänger. Ech mengen, ech dierft dat soen, well ech weess, datt et ëmmer eng ganz gutt Entente mam Vic gouf an datt hien ëmmer e ganz léiwen a gefällege Mënsch war, deen ëmmer versicht huet, alles esou ze arrangéiere wéi et méiglech war. Vun eiser Säit aus och e grousse Merci dofir a fir d'Zukunft alles Guddes a virun allem eng Zäit, wou een optimistesch denkt a raisonnéiert. Ech hoffen, datt mer eis nach méi dacks dobausse begéinen an nach dacks e Pättche kënnen huele goen.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech wëll natierlech am Numm vun eiser Fraktioun, der LSAP, dem Vic e ganz grousse Merci soe fir all déi Aarbecht, déi en am Gemengerot a besonnesch fir eis Fraktioun geleescht huet. Ech halen och drop, dat selwer ze maache well ech ee vun deene war, déi hanner dem Vic gestëppelt hu fir datt hie soll an d'Politik goen. D'Resultat wat hien an deenen dräi Walen hat huet gewisen, datt mer Recht hate fir hien ze froen an der Politik matzemaachen. En ass dräi Mol an de Gemengerot gewielt ginn. De Vic war kee vun deenen, déi heibanne grouss Riede gehalen huet, mee de Vic war ee vun deenen, déi am meeschten ënner de Leit waren. An dat vu moies bis owes. D'Leit hunn hien och all als sympatheschen an hëllefsbereete Mënsch kannt an him och hir Doléancen uvertraut. De Vic ass dann och op déi Plaze gaange, wou en déi Doléance konnt ëmsetzen. An deem Sënn huet en an deenen 13 Joer vill Leit an der Gemeng gehollef. Dat war och de Grond firwat de Vic während méi wéi zing Joer ee vun de populärste Politiker hei an der Gemeng war. Ech schléisse mer natierlech deene Wënsch un, déi hei ausgedréckt goufen. Mer wëssen, datt de Vic a leschter Zäit ganz schlëmm gesondheetlech Problemer hat a mer hu mat him gelidden. Mer wënschen him, datt seng Problemer besser ginn oder ganz verschwannen. Mer wënschen him dann och nach vill Freed op de Manifestatioune vun an an der Gemeng, wou mer hien alleguer nach gär a laang erëmgesinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mer wäerte sécherlech nach de 15. Dezember op säin Abschid zeréckkommen. Et ass en Abschid hei aus dem Gemengerot mee mer hoffen, nach dacks mat him feieren ze kënnen.

## 3.1.

### Administration générale.

**Titres de recettes, déclarations diverses au montant total de 361.051,52 €, dont 342.384,24 € pour les travaux de renouvellement des infrastructures dans la route d'Athus à Pétange (subside de l'Etat) – approbation.**

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.2.1.

### Administration générale.

**Décomptes de travaux extraordinaires. Cultes: église de Rodange, construction d'un accès pour personnes handicapées – approbation.**

Total des devis approuvés: 30.000 € (TTC). Total des crédits approuvés: 30.000 € (TTC). Total de la dépense effective: 29.978,16 € (TTC).

**Roger Klein (LSAP):**

Firwat hu mer fir déi „porte coulissante" zwou Adjudikatioune gemaach. Fir d'éischt eng éischt Partie an dunn eng zweet Partie. Firwat hu mer déi net zesumme bestallt? Et ass zwee Mol opgefouert. A wann ech da kucken, datt nach e „châssis supplémentaire porte" nokënnt, dann hunn mer am ganzen en Depassement vu 45%. Entschëllegt, ech hu mer meng Fro elo selwer beäntwert.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Op jidde Fall sinn do keng Ausschreiwunge gemaach ginn. Dat sinn einfach Offeren, déi gefrot ginn. An ech weess, datt mer Problemer hate fir se dicht ze kréien. Dat heescht, déi Suen hu mer awer bei der Ramp agespuert.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Mer waren alleguer dofir fir d'Kierch handicapéiertegerecht ze maachen. Mee ech muss awer eng Bemierkung hei maachen, an zwar, datt et katastrofal ausgesäit duerch verschidde Gremien, déi dat forcéiert hunn. Ech war enttäuscht, wéi ech et fir d'éischte Kéier gesinn hunn. Mer ware jo 100-prozenteg dofir, mee et ass net gutt gemaach ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der wësst jo wéi d'Konditioune sinn. Ech hunn nach dëslescht mat dem Paschtouer geschwat, dee scho méi laang vu Rodange fort ass, an en huet mer gesot, datt en sech dat anescht virgestallt hätt. Ech hunn em gesot, datt mer dat anescht geplangt haten an datt mer et wollten am Stee maachen an net an enger Metallkonstruktioun. Mer hunn awer eise Projet missen änneren opgronn vun Avisen, déi mer krut hunn.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.2.2.

### Administration générale.

**Décomptes de travaux extraordinaires. Infrastructures routières: renouvellement de la rue Charlotte à Pétange – approbation.**

Total des devis approuvés: 140.000 € (TTC). Total des crédits approuvés: 140.000 €. (TTC) Total de la dépense effective: 139.379,94 € (TTC).

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.2.3.

### Administration générale.

**Décomptes de travaux extraordinaires. Infrastructures routières: renouvellement partiel de la rue de la piscine à Rodange et bouclage de la conduite d'eau avec celle de la rue Titelberg à Lamadelaine – approbation.**

Total des devis approuvés: 125.000 € (TTC). Total des crédits approuvés: 98.117,54 €. (TTC) Total de la dépense effective: 98.117,54 € (TTC).

**Roger Klein (LSAP):**

D'Käschte louchen effektiv méi héich wéi och selwer hei steet. D'Käschte fir d'Erneiere vun deenen dräi Kabelen, déi – esou mengen ech – mat 23.000 € ugesat waren, goufen „par inadvertence" op en aneren Artikel gebucht. Dofir wier et interessant, wann der eis d'Chiffere kéint noliwweren. Da

geséich een, wat dee Projet wierklech kascht huet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat ass am Beräich vun 23.000 €, mee dat kënne mer iech gär noliwweren.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.3.

### Administration générale.

### Hôtel de ville à Pétange – contrat d'entretien et de dépannage pour l'ascenseur – approbation.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass eng Saach, déi „d'office" muss gemaach ginn. Et ass de Kontrakt fir den Ënnerhalt vum Lift hei bei eis an der Annexe. Dat ass d'Firma Luxlift vun Ettelbréck, déi eis e Kontrakt erofgeschéckt huet, an deen de Moment 2.348,09 € d'Joer kascht. Deen ass natierlech indexéiert. Si kommen natierlech erof fir dee Lift ze kontrolléieren, esou wéi dat och virgeschriwwen ass. Dofir géif ech iech bieden, dëse Punkt ze stëmmen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 4.

### Ordre public.

### Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2007 – décision.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass Traditioun, datt mer ëm dës Zäit fir d'Joer 2007 déi fräi Nuechte fir déi traditionell Deeg um ganze Gemenge-gebitt stëmmen. Hei fannt der déi Lëscht an ärem Dossier. Déi zwou Braderië feelen awer, well se nach net bekannt sinn. Déi eng ass zwar – esou schéngt et – bekannt, déi aner nach net. Dat reeche mer dann nach no.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Et ass zwar net Usus, datt e Member vum Schäfferot sech zu Wuert mellt, mee ech war net hei wéi mer dat hei am Schäfferot leien haten. Et ass just eng spontan Reaktioun. Wann ee kuckt, wéi déi fräi Nuechten ugefrot ginn an der Gemeng a wéi d'Leit feieren, da froen ech mech zum Beispill bei Halleffaaschten op et net besser wier fir et freides a samschdes ze leeën, an net samschdes a sonndes. Well sonndes ass iwwerhaapt näischt lass. Kiermes-sonndeg war ech hei zu Péiteng ënnerwee, do ass kee Mënsch méi sonndes owes do well d'Leit méindes schaffe ginn. Dat ass meng Iwwer-leeung, besonnesch zu Halleffaaschten an der Kiermes.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Also ech hu kee Problem domatter fir dat ze änneren. Dat heescht also, mer géifen d'Kiermessen an Halleffaaschte freides a samschdes fräi Nuecht maachen. Wéi ass et da wa sonndes owes nach Aktivitéiten am Zelt sinn?

**Roland Breyer, Schäffen :**

Also, géint 12 Auer oder halwer eng war et eriwwer. Se si vläicht grad esou frou wann et eriwwer ass. Wann se anerer Meenung sinn, da kënnen se jo awer nach ëmmer eng fräi Nuecht ufroen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer änneren et also an deem Sënn, datt mer fir Halleffaaschten a fir d'Kiermessen déi fräi Nuechten op freides a samschdes maachen. Si mer domat averstane fir déi Ännerungen ze maachen? Déi nächste Kéier ginn ech awer dem Här Breyer dat hei fir datt en et virdru mécht, da brauche mer dat net an der Sitzung ze änneren. Hei kënnt awer elo nach eng Bemierkung, datt den 2. November Allerséilen ass. Ob dat gutt ass fir do eng fräi Nuecht ze maachen, dat ass eng aner Fro. Da loosse mer déi op dem 3. an 4. November stoen.

**Accord avec 13 voix, M. Pierre ayant quitté la salle.**

## 5.1.

### Propriétés.

### Contrat de bail avec Mme Ada Biava pour la location d'un appartement sis à Lamadelaine, rue Grousswiss 17 – approbation.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat hei ass e Mietvertrag mat der Madame Ada Biava fir eent vun eisen Appartementer fir eeler Leit zu Rolleng an der rue Grousswiss Nummer 17. Déi Dame, déi virun dra gewunnt huet, ass viru kuerzer Zäit gestuerwen an d'Appartement ass elo ganz vun eisen Aarbechter erneiert ginn. D'Madame Biava ka vum 1. Dezember un era-plënneren. De Loyer ass op 250 € pro Mount fixéiert, d'Avance fir d'Chargë leie bei 60 € de Mount. D'Madame Biava ass eis recommandéiert ginn an dofir géif ech iech bieden, dat hei ze stëmmen.

**Lily Gansen (LSAP):**

Ech hunn nach eng positiv Bemierkung heizou ze maachen. Ech fannen, datt dat do gutt gemaach gouf fir déi Madame eranzehuelen, an ech wier frou, wann och an Zukunft no deenen do Critère weidergefuer géif ginn. An der Vergaangenheet war dat leider net ëmmer esou. Et muss een ëmmer bedenken, datt, wann d'Leit hei en nidderege Loyer bezuelen, da kënnen se sech nach bewege well et jo pro rata ass zu deem, wat se erakréien. Mee déi Leit, déi et net gebraucht hunn – ech schwätzen elo net vun däer Madame, déi virdrun dra gewunnt huet, mee generell – déi kënnten sech um fräie Maart e Loyer erlaben, mee déi heite Leit net.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dierf ech nach kuerz eppes zu deem soe wat der elo grad ugeschwat hutt. Mer sinn de Moment amgaang, déi ganz Kontrakten nozekucken an ze regulariséieren. Mer hunn déi ganz Pabeieren ugefrot. Et sinn der e puer derbäi, wou mer e puer Mol hu missen hannendru goen, mee mer mussen dat aktualiséieren.

**Approbation avec 12 voix, MM. Breyer et Pierre ayant quitté la salle.**

## 5.2.

### Propriétés.

### Echange d'emprises à Rodange, rue des Romains, avec la société DENALI S.A. de Lamadelaine – décision de principe.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Hei geet et ëm kleng Terrainen. Et geet hei ëm minimal Geschichten. An zwar trëtt dës Firma eng Partie vu Kadasternummeren un d'Gemeng of. Dat sinn 19 Zentiar. An d'Gemeng trëtt der Firma eng kleng Parzell vu 7 Zentiar of. Ech mengen, dat géif och ouni den „sans solde" goen an ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen.

**Roger Klein (LSAP):**

Eng allgemeng Fro heizou. Wann esou kleng Echangen „sans solde" virleien, da gëtt jo an den Déliberatioune festgehalen, wien d'Käschte vum Acte dréit. Dat steet jo kloer dran. Mee et entsti jo och aner Käschten duerch d'Kadastermoossen. Wien dréit déi am Prinzip?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass den Demandeur.

**Roger Klein (LSAP):**

Well déi kënne jo och méi héich gi wéi een heiansdo mengt.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Wa mer se gezielt mussen ophuelen – zum Beispill wa mer wéilten als

Gemeng déi Saachen an der rue de l'Hôtel de ville iwwerhuelen – da musse mer eng Privatfirma huelen an da ginn d'Käschten an d'Luucht.

**Accord avec 13 voix, M. Pierre ayant quitté la salle.**

## 5.3.

### Propriétés.

**Cession d'une emprise sise à Pétange, rue Bommert par M. Mohammed Karim et Mme Ikram Chtibi de Rodange – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass en Terrain, deen an eis Voirie agegliddert gëtt. Et geet hei ëm een Zentiar. Et muss natierlech alles eng Kéier regulariséiert ginn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Virdrun huet jo déi Firma d'Käschte vum Acte iwwerholl, mee hei iwwerhuele mär elo d'Käschten. Mee wann ech dat richteg gelies hunn huet dat jo awer mat hirer Baugenehmegung ze doen. Et ass jo nëmmen een Zentiar, dat ass jo näischt. Ech wollt awer just drop opmierksam maachen, datt do steet „Les frais de l'acte sont à charge de l'acquéreur“.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Mär hätten dat jo och gären an d'Voirie, esou datt ech denken – dat kann ech awer gären nofroen – datt mer et gär fir eis Trëttoiren oder eis Stroossen hätten.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Jo, mee déi aner Säit ass déi selwecht Situatioun. D'Zeechnung ass jo derbäi. Do ass jo déi kleng Partie, déi op den Terrain geet, mee déi aner Partie geet op den Trëttoir. Do huet d'Firma et iwwerholl. Et ass mer just opgefall.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat hei ass jo och e bëssen anescht. Mär wëllen dat hei jo. Dat anert ass jo en Échange. Do kritt den Här eppes vun eis a mär eppes vun him.

**Accord avec 11 voix, Mme Gansen et MM. Pierre et Rosenfeld ayant quitté la salle.**

## 6.

### Personnel.

**Nouvel organigramme du service technique, fixation des cadres – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Der hutt e ganzen Dossier zur Verfügung gestallt kritt. Ier ech dem Här Breyer als Personalschäffen d'Wuert gi wéilt ech och nach ganz kloer soen, datt d'Zil vun dem neien Organigramm ganz einfach ass, fir méi eng grouss Efficacitéit an den technesche Service eranzekréien. Mat verschidden Iddië wëlle mer dat erreechen. Mer wëllen eng kloer Trennung tëscht dem Extraordinären an dem Ordinären. Opgronn vun dem Départ vun dem Serge Fonck kënne mer eis virstellen, an iech esou guer proposéieren, fir dee ganzen extraordinären Deel an Zukunft vun zwee Leit mat Universitéitsstudium ofzedecken. Dat eent ass eng Architektin, d'Madame Schaaf – déi och Chef vum Service bleift -, déi en Ingenieur zur Säit gestallt kritt, deen den Ënnerbau, d.h. d'Stroosseninfrastrukturen an och dee ganze Volet vun der Kanalisatioun ofdeckt. Mat deem Geschéck gi mer och eisen Ingenieur-technicien d'Méiglechkeet fir déi Rei vu Projeten, déi mer am Ordinären hunn, besser ze suivéieren. Och eis Servicer, wou mer eng relativ héich Zuel u Personal hunn, solle besser agesat ginn. Dat soll all Kéier vun engem 'Chef de Département' zesumme mat engem Kontermeeschter realiséiert ginn.

E weidere Punkt, dee mer an der ganzer Struktur hunn, ass, datt mer an Zukunft net déi Ubannung vun engem Aarbechter un e ganz spezifesche Poste wëlle maachen. Dofir wëlle mer sougenannte 'Poolë' schafen, déi eis eng méi grouss Flexibilitéit ginn an déi eis eng méi grouss Méiglechkeet gëtt fir eis Servicer méi konsequent a besser anzesetzen.

E leschte Volet, deen an eisen A wichteg ass, dat ass déi Struktur, déi sech ronderëm engem Redakter an engem 'expéditionnaire administratif' beweegt. Do, wou mer den Accueil an déi ganz Reklamatioune besser kënne verwalten. Mer kréie regelméisseg Bréiwer era vun eise Bierger. Meeschtens betrëfft et en technesche Volet, wou eisen technesche Service sech dermat befaasst. Fir dat besser z'organiséiere wëlle mer och de Poste vun engem 'expéditionnaire administratif' schafen. Op der anerer Säit wäert awer de Posten, deen den Här René Schaul elo huet, net méi no senger Pensionéierung bestoe bleiwen. Dësen neie Posten ersetzt de Poste vum 'expéditionnaire technique', dee fir de Moment nach vum Här Schaul besat ass.

Ech soen all deene Merci, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Dee war just méiglech well jiddereen un deem selwechte Strang gezunn huet. Sief dat um Niveau vun eise 'Chefs de service', vum Personalchef, vun de 'Chefs de département', vun den Delegatiounen a vun deenen Aarbechter, déi betraff sinn an déi an deene leschte Wochen a Méint individuell oder am Grupp konsultéiert goufen. D'Resultat ass dat, wat mer iech hei proposéieren, mat deene Konsequenzen an deenen Entscheedungen, déi de Gemengerot muss am Kader vun esou engem neien Organigramm huelen an déi dann an der Délibératioun eenzel opgefouert sinn. Ech géif elo dem Här Breyer d'Wuert gi fir als Ressortschäffe méi Detailer dozou ze ginn.

**Roland Breyer, Schäffen**

Merci Här Buergermeeschter. Dir Dammen an dir Hären. Et ass eng nei Philosophie, déi hei soll entwéckelt gëtt am Kader vun deenen Servicer, déi mer de Bierger dobausse wëllen ubidden. Et war ganz kloer, datt mer no 2003, wéi mer un der Spëtz vum technesche Service en neien Organigramm opgebaut haten an d'Kompetenze vun de 'Chefs de service' an de 'Chefs de département' kloer getrennt haten, d'Filièren, déi vertikal erofginn, och eng Kéier sollten ënner d'Lupp geholl ginn. Et konnt net esou weidergoen, datt mer deen ieweschten Deel nei organiséieren an deen ënneschten Deel einfach drupechen. Et huet ee festgestallt, datt et do ongesond Iwwerschneidunge goufen an datt mer do an engem Geescht waren – op alle Fall an der deeglecher Exekutioun, an der deeglecher Gérance vun den Aarbechten, déi net konform war zu deem wat de Schäfferot wollt an och net zu deem, wat an dem Organigramm vun 2003 sollt zum Ausdrock kommen. Dat heescht, vill méi e kuerze Wee no ënnen hinner a vill méi eng séier Exekutioun vun den Aarbechten op der Plaz. Dat huet net fonctionnéiert well mer an engem Geescht ënnen an den Equipe waren. Et goung no dem Motto „dat hei ass mäint an net däint“, a jiddereen huet e bësse klengkaréiert gekuckt – wann een dat däerf esou soen – an deem Geescht, deen do existéiert huet. Mer haten am Fong – wann een dat däerf esou ausdrécken – zevill Offizéier an Ënneroffizéier, mee net genuch Zaldoten op der Strooss. Mer haten eng Struktur, wou mer Chefen, Sous-Chefen, Adjointen, a Chef-de-filen, an alleguer déi hu gemengt, se miissten net méi schaffen, mee nëmmen nach Chef sinn. Et huet ee festgestallt an de Gespréicher, déi mer dat bei de Chef-d'équipen haten, datt effektiv kee méi konnt op d'Schantercher goe well se esou vill administrativ Aarbecht haten an och kee

méi konnt richteg Instruktioune ginn. Dat konnt net esou weidergoen. Mer hunn och festgestallt, datt mer eng „navigation à vue“ haten. Et ass vun Dag zu Dag gekuckt gi fir alles z'organiséieren, d'Urgencë virun dat hei oder anert ze huelen, awer net, wat déi wichtegst Saach wier déi gemaach misst ginn. Et huet kee Planning iwwer e ganze Mount existéiert a et war keng Interaktivitéit tëscht deenen eenzelnen Servicer dran. Mer hunn eis besonnen op dat, wat mer an de Kollektivverträg ënnerschriwwen hunn, an zwar, datt mer engem Mataarbechter um Aarbechtergebitt kënne véier Wochen am viraus soen, wéi e schafft. Och ob e samschdes oder sonndes emol muss schaffen. All déi Saache konnte mer net maachen duerch déi Net-Organisatioun no ënnen hinner.

Mer hunn eis awer och vum Juli u Gedanke gemaach, Enquête gemaach, an a Reunioune souze mer zesumme fir en neit Konzept ze entwéckelen. Déi Haaptobjektiver sinn: éischtens emol e Planning vun den Aarbechten iwwer de Mount auszeschaffen. Esou datt een e Mount am viraus verbindlech ka soen – och wann net zu genee 100%, mee dann awer zu 80% -, wat dee Mount gemaach gëtt. Mer mussen eis dobäi Sputt loosse fir déi extrem an dréngend Situatiounen nach kënnen opzefänken. Dat bedéngt, datt mer op däer aner Säit musse kucke fir méi Disziplin a gewëssen Ufroen ze kréien, haaptsächlech um Gebitt vun eise Veräiner a bei de Leeschtungen, déi mer fir eis Veräiner opbréngen. Déi musse kloer redefinéiert ginn an déi mussen an dee Kader vun der Referenzperiod vun deem Mount erakommen, soss gi mer ëmmer nees gestéiert vun Evenementer lénks a riets. Dofir hu mer och scho méi wäit geduecht, an zwar, datt mer och nach eng „équipe polyvalente“ an eisen Servicer lafe loossen. Ebe fir deene Saachen, déi am Ufank nach net esou disziplinéiert lafe sollten, och gerecht ze ginn.

Mer hunn och festgestallt, datt mer ganz konfus akafe well mer de Moment nach keng zentral Struktur hunn, datt mer verspreete Lageren hunn an den Akaf och net genee kontrolléieren. Mer hunn zum Beispill nach Saache vun der Period virdrun, déi nach net ausgepak sinn. Déi leien nach do. Wann een e bëssen dra wulle geet, da stellt ee fest, datt et net optimal ass. Et misst een et einfach duerch déi nei Struktur fäerdegbréngen, eng Zentralisatioun vun eisem Akaf a vun eisem Stock, dee mer nach hunn, ze maachen.

Dann hu mer festgestallt, datt eisen Autopark genee esou konfus ass well praktesch all Service seng eege Gefierer huet. Do sinn Iwwerschneidungen, déi net gutt sinn. Et gouf och en Inventaire gemaach an do gesi mer, datt mer Saachen dräimol hunn an deen een deem aneren et net geléint huet well en net wosst, datt et do war. Och do muss eng ganz aner Verwaltung dran. Den Audit ass gemaach ginn an et muss einfach anescht fonctionnéieren. Och de Fuerpark muss anescht verwalt ginn, an dat wat den Ukaf, d'Destinatioun an den Ënnerhalt ugeet.

Op däer aner Säit hu mer och elo emol d'Iddi vun engem Pool vu Chaufferen opgegraff. Mer hu 16 Chaufferen, an dat misst duergoe fir d'Aarbechten iwwer den Dag z'organiséieren. An net, datt gesot gëtt „dat ass mäi Chauffer“ oder „dat ass dee vun der Kiermaschinn an deen dierf net iergendwou anescht higoen“. Et muss Flexibilitéit drakommen.

Esou ass et och bei de Portieren. Wéi mer den Audit gemaach hunn, do waren ënner den 139 Persounen, déi mer beschäftegen, 56 mat enger méi héijer Ausbildung derbäi. Mat Meeschterprüfung, CCM, CATP oder einfach e professionelle Chauffer, an datt se net onbedéngt esou agesat goufen vis-à-vis vun hire Kompetenzen. En Aarbechter mat Meeschterprüfung zum Beispill huet just eng Portierfonctioun. Dofir ass d'Iddi opkomm fir och hei e Pool vu Portieren ze maachen, deen e bësse flexibel ass. Esou huet e Portier eng fest Affektatioun an engem Gebai, awer net zu 100%. E ka seng Iwwerwaachung vun sengem Gebai maachen, mee dernieft kann en och emol mat sengen handwierkleche Kompetenzen an engem anere Gebai eng Dingschtleeschtung maachen an esou flexibel agesat ginn.

Dat Ganzt hu mer esou konzipéiert, datt den Organigramm komplett a senger Philosophie changéiert, verglach mat deem, dee bis elo war. Mer hu festgestallt, datt mer Equipen hate vu 54 Leit, awer och vun zwee bis dräi Leit. An iwwerall war e Chef driwwer an e Sous-chef. Dofir hu mer elo mol versicht, dat an d'Gläichgewiicht ze kréien a Fonctioun vun deenen Aarbechten, déi gemaach ginn. Do muss net all Kéier bei 20 Mann e Chef si wann d'Aarbechten dat net ausweisen. An esou hu mer dann och déi ganz Philosophie vun ënnen no uewen opgebaut fir datt se soll e bëssen anescht fonctionnéieren.

Déi Consultatiounen, déi mer gemaach hunn, deiten dorop hin, datt de Message verstane gouf. Sécherlech net vun all Mënsch, mee mer hunn eis awer d'Méi gemaach fir mat all Mënsch ze schwätzen. Vum Juli un hu mer ugefaang mat de Chef-d'équipen ze schwätzen, déi awer bei der zweeter Kéier net méi wossten, datt mer se schonn eng Kéier emfaangen haten. Mer hunn duerno mat den Departementschefen déi ganz Affär duerchdiskutéiert a sinn duerno nees eng Kéier mat de Chef-d'équipen zesummekomm. Mat sämtlechen Aarbechter gouf eng Plenarsëtzung organiséiert. Mer hunn d'Delegatiounen emfaangen an hiren Avis gefrot an deen och kritt, esou datt ech mengen, datt d'Consultatioune gelaf wieren. Mer hunn och versicht, de Kollektivvertrag ze respektéieren a keen „Outsourcing“ ze bedreiwen an esou keen Ofbau vun den Aarbechter maachen. Mer hunn déi selwecht Zuel vun den Aarbechter wéi 2003 wa mer elo fäerdeg sinn. Mer hu wäitsichteg gekuckt – well de Serge Fonck seng Demissioun eraginn huet – fir den ieweschte Kader och nach eng Kéier ënner d'Lupp ze huelen an dann déi Léisungen ze proposéieren, déi de Buergermeeschter elo virdru schonn ugedeit huet. An dat och am Hibléck dorop, datt een „expéditionnaire technique“ geschwë fortgeet an duerch en „expéditionnaire administratif“ ersat gëtt fir den Service um Bierger méi kënnen ze garantéieren. Mer hunn och Reklamatiounskäertercher an d'Haiser verdeelt an d'Bierger maachen och Gebrauch dovunner. Si schwätze gäre mat, si gi Suggestiounen an hunn net nëmme Reklamatiounen. Dat muss och verwalt ginn. A wann ee schonn esou eng Bréifkëscht opmécht, da muss een och d'Konsequenzen dovunner droen. Dat wëlle mer och am techneschen Service duerch déi Perspektiv vun engem neie Mataarbechter um administrative Plang ënnersträichen.

Ier mer déi lescht Entscheedunge getraff hunn, hu mer eis verglach mat den Nopeschgemengen. Mer hunn eis mat Déifferdeng verglach, déi jo awer méi grouss si wéi mär. Si hunn, wat d'Effektiver ugeet, zéng Leit méi beschäftegt. Dee ganzen „cadre administratif“, deen driwwer ass, ass och mat 11 Leit ofgeséchert, esou wéi dat och bei eis ass. Mer sinn also net ze grouss an net ze kleng a fannen, datt mer elo déi richteg Mooss hunn. Mer wëllen och kucke fir d'Aarbechten duerno esou ze definéieren, datt, wann de Gemengerot dësen Organigramm – dee jo och eng Struktur duerstellt – stëmmt, mer deen och mat Nimm fëllen. Do geet et grad esou demokratesch virun. Do däerfen dann um Gebitt vum „Chef de département“ d'Kandidaturen erakommen. De Profil ass virgezeechent am Organigramm. Et ass e schrëftlechen Deel derbäi. Dat selwecht soll um Niveau vun deenen neie

Kontermeeschteren – dat sinn nei Féierungspositiounen - geschéien, déi d'Verbindung tëscht der Féierung an der Equipe op der Plaz solle maachen. Do ginn d'Kandidaturen an deem selwechte Mooss ausgeschriwwen. De Profil ass bekannt an de Schäfferot wäert da versichen, déi richteg Leit op déi richteg Plaz ze setzen. Et soll och kee geschiedegt ginn. Der gesidd, datt d'Zuel an de Féierungspersounen net méi esou ass wéi virdrun. Et ass emol deen een oder aneren, dee vläicht net méi déi Verantwortung huet wéi virdrun, mee dat soll keen Ofschnëtt an der Pei sinn. Mer haten der Aarbechter-delegatioun proposéiert fir eng Referenzperiod vun 5 Joer hannendrun ze setzen, an deenen en seng Aquisë géif behalen. D'Aarbechterdelegatioun huet gemengt, dat misst net sinn, et sollt een dat sträichen. Mee mer sinn awer der Meenung, datt kee soll gestrach ginn. Als Endresultat hu mer awer gesot, datt, wann iergendee géif geschiedegt ginn, da kucke mer fir Kompensatiounsmoossname mat deem ze bespriechen. Mer wäerten awer versichen, kapabel a motivéiert Leit an d'Féierungspositiounen ze kréien. Et ass net nëmmen d'Ancienneteit, déi zielt, mee och e geréngen Absenteis-mus.

A fir dem Här Bosseler nach eng Freed ze maachen, kommen ech nach eng Kéier op dat hei zeréck. Mer stelle jo fest, datt et am leschte Joer 2.671 Deeg Krankmeldunge goufen. Do waren der eleng scho 46,50% an engem Service. Dat muss een alles a Betruecht zéie wann een déi nei Leit elo nennt. Mer mussen eng Equipe vu motivéierte Leit kréien, déi de Message verstinn, an déi dat all Dag kënnen ëmsetze vis-à-vis vum Bierger. Dofir gëtt och, wéi de Buergermeeschter dat schonn ugedeit huet, de Poste vum „ingénieur technicien“ duerch en „ingénieur civil“ ersat, deen sech dann haaptsächlech deene groussen extraordinären Auf-gabe soll unhuelen. Déi aner Chef-de-départementë sollen sech exklusiv – mat Ausnam vu klengen extraordinäre Projeten – op deen dagdeeglech Service fir de Bierger konzentréieren. Doduerch hätte mer gären, datt eis Gemeng méi propper, flott a méi lieweg gëtt. Mer verspriechen eis duerch déi nei Philosophie, déi mer hei erbréngen, dat Zil ze erreechen. Natierlech ginn et nach Kniet, déi eventuell dra sinn. Et huet een héieren, datt, wann een 139 Leit viru sech setzen huet, d'Begeeschterung sech a Grenzen hält. Mee duerno huet et awer an den Diskussiounen erausgeklongen, datt eppes misst geschéien. Esouguer um Niveau vun den Aarbechter selwer, déi gesot hunn, datt et esou net méi ka virugoen. Mer schwätzen ëmmer vun deene Schlechten, mee mer hunn och ganz vill Gudder, déi vläicht net ëmmer esou zum Virschäi komm sinn. Am Kader vum Budget hu mer och wëlles, eis Méiglechkeeten ze gi fir déi Gutt kënnen ze belounen an net nëmmen déi aner strofen. Dat heescht, do soll e Chiffer agesat gi fir deene Leit, déi ëmmer pünktlech, motivéiert, seriös an ëmmer do sinn, ze weisen, datt de Schäffen- a Gemengerot hannert hinne steet.

Voilà, da war a kuerzen Zich dee ganz groussen Organigramm, deen awer elo gären zur Diskussioun steet an de mer wäerte versichen an den nächste puer Wochen a Méint – éischter Wochen ewéi Méint – ëmzesetzen. Et huet och kee Wäert, datt en, wann en hei gestëmmt ass, nach laang mautscht. Mer hunn eis virgestallt, datt mer d'Etappe ganz séier huele fir déi Posten ze bekleeden.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, ech hu keng prinzipiell Awänn an ech ka mech och mat der Philosophie vun dem neien Organigramm identifizéieren. Just nach e puer punktuell Froen. Wat am meeschten opfält ass, datt den „Ingénieur technicien“ duerch eng Persoun mat Universitéitsstudium ersat gëtt a wat och erkläert gouf. An der Schäfferotserklärung um Ufank vum Joer hutt der gesot, déi wéilt och op der „masse salariale“ Aspuerunge maachen. Hei gëtt jo awer elo eng Persoun agestallt, déi méi verdéngt, wéi déi, déi fortgeet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass sécher, wéi mer dat um Ufank vum Joer ugedeit hunn, datt mer an der „masse salariale“ op d'Brems géife goen. Den Effet ass, laangfristeg gesinn, méi deier. Mer hunn awer déi ganz Struktur nach eng Kéier am Kader vum Départ vum Serge Fonck duerchdiskutéiert fir dat nach alles eng Kéier a Fro ze stellen. Dat wier sécher net geschitt, wann de Serge Fonck net fort gaange wier. An do si mer zum Schluss komm, datt et bestëmmt en Avantage kéint si wa mer eng Trennung vum Extraordinären an dem Ordinäre maachen. Datt dat eng Verdeierung vun de Personalkäschten op laang Dauer gëtt ass eis bewosst. Mee et sinn an deem ganze Volumen – mer hunn 18 Milliounen Euro Personalkäschten hei an der Gemeng – sécher nëmmen 20.000 Euro Méikäschte pro Joer vun engem „Ingénieur technicien“ op en „Ingénieur civil“. An dann ass dat nach nëmme wann dee Mann „fin de carrière“ ass. Um Ufank ass dat nach manner. Mee der hutt Recht, do si Méikäschte, mee mer mengen awer, datt et interessant ass fir se ze maachen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hunn och festgestallt, datt eis Ingenieur-techicienen – net alleguer - net ëmmer deen néidege Bagage hate fir d'Bordereauen opzebauen, an datt se ëmmer aner Ursaachen hate fir se net ze maachen. Ech mengen, där wësst et jo aus däer Zäit, wou der do waart. Hei musse mer kucke well déi extern „main d'oeuvre“ gëtt doduerch méi bëlleg. Mer hunn elo heiansdo Saache vun Ingenieursbureauë gemaach kritt a mer kéinten dat och emol vun heibannen aus maachen.

**Roger Klein (LSAP):**

Well mer jo elo dee Poste geschaf hu muss dee jo och besat gi mat enger Persoun, déi deem Profil entsprécht. Hutt der wëlles, eng „publication de poste“ ze maachen oder invoquéiert der d'Drénglechkeet?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer maachen eng „publication de poste“.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech war elo e bëssen hellhöreg gi well der gesot hutt, datt do e jonken Ingenieur drop kënnt. Ech hat mer geduecht, datt, wann der de Poste publizéiert, sech och eng net méi esou jonk weiblech Persoun kéint mellen. Ech hat gemengt, der hätt schonn en Numm.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Firwat jonk? Natierlech kann et béides sinn, e Mann oder eng Fra. Mer musse kucken, datt, wa mer eng Persoun an déi Struktur eranhuelen, da muss se och an déi Struktur passen. Dat ass natierlech ee Volet, deen ee muss a Betruecht zéien. A Fonctioun vun de Kandidature gëtt dat natierlech gekuckt. Et ass natierlech och eng Fro vum Käschtepunkt. Wa mer elo en Ingenieur vu 50 Joer eranhuelen, da kascht dat eis natierlech méi deier. Mee dat Wichtegst ass natierlech d'Struktur. Perséinlech sinn ech der Meenung, datt an der aktueller Struktur, wou een e Chef an och nach e „Adjoint“ huet, Leschteren net méi al soll si wéi de Chef selwer. Dat ginn ëmmer Konflikter, déi ee muss vermeiden. Dat kann een diskutéieren, mee et ass meng perséinlech Usiicht. Mer gesinn dat jo och a Fonctioun vu de Kandidaturen, déi no der Ausschreiwung kommen. Dann huele mer zesummen dee richtege Choix, well dat gëtt jo am Gemengerot entscheet.

**Roger Klein (LSAP):**

An et soll ee jo och deene jonke Leit eng Chance gi wann se vun der Uni kommen. Dann eng lescht Fro. Der hutt zwee Avisë virleien. E favorabelen Avis vun der Beamtendelegatioun an en defavorabelen Avis vun der Aarbechter-delegatioun. Ech hu gekuckt, bei wat fir Punkten, datt der iech net eens gi sidd. Der hutt de Punkt 4 vun der Iwwer-gangsregelung mat erageholl. Déi aner Punkten hutt der net a Betruecht geholl. Dat ass dat, wat ech op der Säit 115 a mengem Dossier fonnt hunn. Do waren e puer Saachen opgezielt. Firwat war et net méiglech, sech op deene Punkten eens ze ginn?

**Roland Breyer, Schäffen :**

Hei däerf ech direkt soen, datt mer eis bei der „Tâche du travailleur désigné: carrière ouverte avec formation continue“ eens sinn. Dat selwecht bei „Chef d'équipe: carrière ouverte avec formation continue“. Bei „Création de poste de chef d'équipe supplémentaire“ Nee, bei „Création de poste de chef de file dans les équipes“ jo, bei „Chef de file“ Jo, „Ajouter dans les tâches et responsabilité des chauffeurs professionnels: entretien journalier et hebdomadaire de son véhicule“ selbstverständlech, „Service RMG plutôt vers le Département Espace Verts“ do ass nach e Fragezeichen an do kucke mer nach eng Kéier wou d'Leit an der Struktur stinn, „Service Garage plutôt vers le Département Hygiène et Eaux“ och e Fragezeichen, „Mesures transitoires et exceptionnelles: biffer le point“ – dat sinn déi fënnef Joer Ofsécherung - do soe mär Nee, an datt mer e bäibehalen.

**Roger Klein (LSAP):**

Ou, en ass awer duerchgestrach am Text.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mee mer hunn awer en aneren Text dohinner gesat.

**Roger Klein (LSAP):**

Opgronn vun deenen Äntwerte stellen ech fest, datt d'Differenzen net esou grouss sinn ewéi se vläicht schéngen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Nee, also ganz kloer net. De Kontakt war mat hinnen an et war och e ganzt flott Gespréich ginn dat mer während enger méi laanger Zäit haten. Opgronn vun deem Gespréich hu mer eng ganz Rei Saache gedeelt well si gesot hu wéi hir Vue dorop wier. Ech menge schonn, datt dat hei e gudde Konsens ass an datt d'Delegatioune mat deem hei kënne liewen.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Ech hunn zwou Froen. Déi eng bezitt sech op den 'travailleur désigné'. Do steet extra am Text dran „il touchera la prime accordée au délégué à la sécurité en lieu et place de Wegener Fernand“. Ech hat geduecht, mer géifen ophale Primen ze verginn. Wann een eng Aarbecht huet, da gëtt et jo bezuelt fir déi ze maachen. An en huet jo och wahrscheinlech genuch Zäit fir déi Aarbecht kënnen ze realiséieren. Ech gesinn net an - wéi mer soss ëmmer Computerprime ginn hunn – firwat do nach eng Spezialprime zougestane gëtt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Den „travailleur désigné“ hat éiweg hei an der Gemeng en „droit acquis“, déi Prime also, gehat. Déi Demande louch vir. Mer hunn zwar als Schäfferot net wëllen eng zweet Prime ausgi well mer soten, datt nëmmen een se kéint hunn. Den Här Fernand Wegener huet, well en dat och weess, vu sech aus gesot, datt den Heinen Patrick déi Aarbecht elo mécht an dofir hien déi Prime och soll kréien. Et gëtt also keng weider Prime geschaf, mee et ass just esou, datt déi Persoun, déi se kritt, ännert. Der wësst, wéi et mat engem „droit acquis“ ass. Dat ass ëmmer eng delikat Saach fir dat ofzeschafen, an den Enjeu ass hei an eisen Aen net esou grouss fir datt mer sollten op Konfrontatiounscours goe mat der Delegatioun an dem Personal. Mee eng nei Prime hätte mer net geschaf.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Et ass keng Saach vun enger Konfrontatioun. Mer solle jo hei iwwer deen neien Organigramm ofstëmmen, wou vill Saache méi wäit ginn ewéi dat do, esou datt een dat do roueg hätt kéinten ofschafen. Dann hätt een dat ee vir alle Mol eraus. An, well d'Destinatioun jo och komplett ännert, da ka jo och en „droit acquis“ opgehale gi well dësen „droit acquis“ jo och op déi nei Persoun iwwerdroe gëtt. Ech wëll elo deem Mann, deen déi Prime soll kréien, net ze no trieden. Dat ass meng Meenung. Mee wann där anerer Meenung sidd.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Et wier jo och e bëssen ongerecht gewiescht, datt eng Persoun d'Prime kritt huet bis elo an déi net esou vill dra geschafft huet, an deen, deen elo ugefaangen huet a vill dra schafft, se net kritt.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Dat si verschidde Meenungen. Dann hätt een se virdru sollten ewechhuelen. Den Organigramm ass schonn een oder zwee Mol geännert gi wéi mär do waren. Et kann een net ëmmer op déi al Kackuetten zeréckkommen, mee et soll ee wa méiglech no vir kucken an dann déi Saachen aus der Welt schafen. Mee ech kann awer domat liewen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer hunn 138 Aarbechter, also e grousse Betrib. An dee Mann huet awer eng grouss Verantwortung. Dat muss ee soen. Déi Prime, déi en do kritt ass, am Verglach mat sengem Gehalt, net esou substantiell fir datt een em déi soll ewechhuelen. Ech perséinlech sinn der Meenung, datt mer him se soll loosse well seng Verantwortung net kleng ass.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Ech gesinn, datt mer esou lues op dat komme wat ech deemools scho wollt maachen a wou däer dat net agesinn hutt, wéi der nach an der Oppositioun waart. An dat ass, datt et an engem moderne Betrib net ouni en zentraalt Lager, en zentralen Akaf geet. Ech kann dat nëmme begréissen an ech kann dem Här Breyer nëmme Recht ginn, datt een dee Wee geet an dat och duerchzitt. Wann een nääamlech en zentraalt Lager, en zentralen Akaf huet, da gesäit een éischtens wat do ass. Niewebäi kéint een – wann do zwee Leit an deem Lager beschäftegt sinn - dann och nach op der Plaz déi néideg Reparature maache wann do Material aus de Betriber erakënnt, wat futti ass. Dat ass eng wichteg Saach well déi Leit do Vollbeschäftegung hunn an d'Gemeng kéint do nëmme Sue spueren. A wann een da Geschir brauch – et gëtt Geschir, wat een nëmme vläicht een oder zwee Mol am Joer brauch, an net all Service brauch jo dat selwecht Geschir – da geet een dat dohinner sichen an e bréngt et nees dohinner zeréck.

**Roland Breyer, Schäffen :**

An der Philosophie vun deem Organigramm – wann deen elo ëmgesat gëtt -, dann ass emol fir d'alleréischt déi mënschlech Kompo-nent ze kucken. An da kënnt natierlech déi materialistesch Komponent nach derbäi. Do wäert et sécherlech esou sinn, datt mer do Zentralisatioune schafen. Mer mussen net zentral Atelierë maachen, mee mer wäerten awer déi Saachen zentraliséieren, déi mussen zentraliséiert gi fir datt den Organigramm och fonctionnéiert. Do geet et haaptsächlech drëm, datt de Fuerpark beieneen ass, och den Dépôt, also déi aner Maschinnen. Dat wäert och héchstwahrscheinlech eng Konsequenz dovunner sinn.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Ech hunn dem Roland ganz andächteg nogelauschtert an ech kann nëmme begréisse wat hie hei virgestallt huet. D'Ëmsetzung ass natierlech eppes Aneschters, dat ass guer net esou einfach. Et hänkt näämlech ganz vill vun däer Persoun of, déi un d'Spëtz vum technesche Betrib kënnt. An dofir géif ech soen, datt dat eng Persoun misst sinn, déi privat Experienz huet. Well et muss awer eng gewësse Rigueur mat erakomme fir datt mer dat uewen un der Spëtz an d'Rei kréien, also do wou mer krank sinn. Et ass och net fir iergendengem nozetrieden, mee mer mussen dat besser organiséiert kréien an iwwer déi verschidde Statiounen ëmsetzen. Do ass et jo, wou et am Moment nach happert. Et kann einfach net sinn, datt dee klenge Chef d'équipe – esou wéi dat hei nach fonctionnéiert – Prioritéiten hëlt wat geschafft gëtt oder wat fir eng Aarbechte gemaach ginn. Haut schreiwen sech d'Chefen elauter E-Mailen an hanne kënnt näischt dobäi eraus. An da gi se no dräi oder véier Méint gefrot firwat déi Aarbechten nach net gemaach sinn. An da kënnt d'Äntwert, datt se eng Fiche an en E-Mail gemaach haten an esou virun. Ech hoffen, datt dee Flux zustane kënnt duerch deen Organigramm. Déi nei Persoun, déi an den technesche Betrib kënnt muss den Ufank maachen. Et huet kee Wäert, déi aner beieneen ze geheie wann dat uewen net changéiert ass. Bis dat uewe steet ass am Organigramm net vill ze änneren.

Wat de Magaséng ubelaangt, dat si wierklech Saachen, déi ganz wichteg sinn. Hei ass et jo awer e Betrib, dee grouss Akäf mécht. Wann ech héieren, datt ee Portier déi aner Portierë mat Botzmëttele beliwwert, dat sinn dat schonn esou Saachen. Et ass och wéi de Roland gesot huet, wanns de dat zentraliséiers akeefs, da ginn do scho grouss Chiffere agespuert. Ech begréissen déi ganz Saach, mee ech hu Bedenke wat d'Ëmsetzung ugeet. Et gëtt schwéier fir d'Leit nees unzekuerbele wann de Rimm erofläit. Et gëtt zwar elo gesot, d'Aarbechterdelegatioun wier mat allem averstanen, mee hir Bedenke sinn déi, ween elo nees muss ufänken a wee kann nach roueg bleiwen. Do läit de ganze Problem. Deen een huet deen anere gedeckt, ee passt hei op, deen aneren do. An dat ass eng Saach, wou ech mengen, datt mer, bis déi Saach fonctionnéiert, all net méi hei si.

**Roland Breyer, Schäffen :**

De fréiere Personalschäffen héiert dat eraus, wéi d'Situatioun ass. Effektiv, wann de Rimm erof an d'Box op de Knéie läit, da méchs de keng grouss Spréng méi. Et sinn awer e puer Schlësselfonctiounen dran. An dofir ass deen neie Mann och e wichtegt Element wann hie kapabel ass fir ze déchargéieren. Déi aner Chef-de-départementë mussen sech bewosst sinn, wat fir eng Missioun se hunn. D'Schlësselfonctioune sinn awer déi nei Kontermeeschteren, déi genannt ginn. Wann do de Schäfferot déi glécklech Hand huet an déi richteg Kandidature kritt, da kann ech mer do e Changement an der Mentalitéit vun den Aarbechter virstellen. Wa mer awer theoretesch weiderfuere mat der selwechter Equipe, da kann ech mer dat net virstellen. Dofir muss een emol kucken, ween sech do melt. An da mussen d'Critère sech net nëmmen op d'Anciennetéit an op d'Qualifikatioun bezéien, mee och déi aner Saache musse matspillen. An dann hoffe mer, déi richteg Leit dohinner ze kréien.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Nach eng kleng Bemierkung. Wat mer net ganz gutt am Organigramm gefall huet, dat ass, wa mer elo e Mann oder eng Fra vu baussen astellen, datt deen dann direkt der Architektin ënnergeuerdnet ass. Do misst een awer eng Equivalenz erabréngen. Se kënnen jo an hirer Matière verschidden Aarbechten hunn, mee fir en Ingenieur direkt ënner d'Architektin ze stellen, dat weess ech net, ob dat esou gutt ass. E muss vläicht eng Period hu fir sech anzeschaffen, mee wann en seng Saach gutt mécht, da gehéiert en op dee selwechten Niveau.

**Roland Breyer, Schäffen :**

E gëtt jo agestallt als „Chef de service adjoint". D'Struktur vun deenen ënnergeuerdnete Persounen ass esou, datt ee „Chef de service" do ass. Et ass just fir datt eng Hierarchie do ass. Dat huet näischt mat der Opdeelung vun der Aarbecht ze doen. Och wa mer hei no den Equipë kucken. Do definéiere mer d'Aarbecht och genee wéi beim Architekt, „Chef de service", ass urbanistesch, den Ingenieur, huet de Stroossebau, d'Kanalisatiounssaachen, also Saachen aus dem „génie civil". Et muss an der Struktur ëmmer ee sinn, dee Chef ass, deen de Congé féiert a wou ee muss goen. Et ass awer guer keng Iwwerschneidung do wat d'Aarbecht ugeet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech géif och ganz kloer soen, datt ech net averstane sinn, datt deen neie Mann oder déi nei Fra domat ufänkt, d'Servicer nees ëmzeorganiséieren. Mer déchargéieren eis „Chefs de département" doduerch, datt mer hinnen déi graff Aarbecht ofhuele well mer jo ëmmer gesot kruten, datt si net kënnen hir Betriber leeden an an engems op deenen extraordinäre Projetë schaffen. Mer déchargéieren déi dräi „Ingénieurs technicien" respektiv d'„Chefs de département" – dee vum Gäertner- a Parkbetrib mat abegraff – vun deenen extraordinäre Saachen andeems mer eng Persoun astelle fir wierklech déi grouss Projeten ze leeden. Awer ech gesinn net, datt déi Persoun um ordinäre Plang och nach owes muss ufänken, d'Organisatioun vun de Betriber ze maachen. Well soss froe mer eis awer wat déi aner véier maachen. Fir mech huet déi Persoun ganz kloer d'Charge fir déi extraordinär Projeten ze leeden a fir déi ze leede muss een déi ganz Prozedure kennen. Dofir gesinn ech net an, datt mer déi Struktur, déi elo do besteet, an zwee splécken. Mer hu jo gesinn, wou dat hiféiert, wa mer de Service an zwee deelen. Da gëtt dat wat mer wëllen hunn, näämlech d'Gemeinsamkeet, op d'Kopp gehäit. Et schéngt mer an enger éischter Phas kloer ze sinn, datt eng nei Persoun de Betrib fir d'éischt emol kenne léiert ier se Chef-Fonctioune kritt. Duerno kann een eventuell nach eng Kéier iwwer den Organigramm diskutéieren, well deen ass jo flexibel. Also an der éischter Phas soll e „Chef adjoint" gi wat den Service ubelaangt.

**Victor Filaferro (LSAP) :**

Wann deen Organigramm elo esou steet, da ka kee Mënsch méi do erakommen. Dat heescht, wann ee pensionéiert gëtt oder ee géing stierwen, gëtt déi Plaz dann nees intern ausgeschriwwen oder gëtt ee frësch vun dobaussen erageholl?

**Roland Breyer, Schäffen :**

Här Filaferro, mär setzen hei e Kader vun 139 Leit fest. Da bleiwe mer op 139. A wann d'Zuel eng Kéier op 135 erofgeet, da musse mer nees opstocken. Dat steet am Kollektivvertrag dran. Mer hunn och esou vill Chefen, déi mer nennen. Wann eemol e Chef fortgeet, dann ass eng Plaz fräi. Mär stëmmen elo d'Stukturen, an déi bleiwen. Just d'Nimm changéieren dran. Wann zum Beispill e Chauffer a Pensioun geet, da brauche mer nees e Chauffer well dat deem seng Fonctioun war. Iergendwéi kënnt ee vu baussen eran. Et gëtt fir d'éischt ausgeschriwwen a wann et ee vun heibannen ass, dann zéie mer dee vir. 139 ass d'Struktur an dat versiche mer ze respektéieren.

**Victor Filaferro, Schäffen:**

Et wier elo gutt wann d'Atelierë scho gebaut wieren, well dann hätten se alles beieneen an et wier och e Magaséng do. Dat wier vill méi einfach an d'Betriber wieren net een hei an een do.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Ech fannen, et ass besser esou wéi et elo ass. D'Atelieren hu sécher e Virdeel, an zwar, datt eng Gemeinsamkeet entsteet. Mee Gemeinsamkeet, dat bedeit nees eng Kéier e grousse Koup beieneen. An, dat hu mer festgestallt, da ginn d'Kaffispause vun enger Véirelstonn bis zu enger Stonn. Et gi Polterowender a Reuniounen, déi net glécklech sinn. Am Abléck ass et besser, déi Strukturen nach e bëssen distanzéiert ze hunn. Et ass elo de Kontermeeschteren hir Aarbecht fir déi richteg Organisatioun, déi richteg Disziplin eranzekréien. Et ass besser, wann se elo an dëser Struktur fonctionnéieren – op alle Fall menger Meenung no. A wa se gutt fonctionnéieren, wa se de Geescht vun dëser Saach matkritt a verstanen hunn, datt se eppes musse leeschten an datt se gutt matenee schaffen, da kann een se ouni Weideres beienee setzen. Et ass och d'Zil vum Schäfferot, eng gemeinsam Struktur op e puer Niveauen ze realiséieren, an dat „d'ici la fin de la période".

**Jeannot Linden (LSAP):**

Vill Froe sinn elo scho beäntwert ginn. Kann ech en Abléck kréie wat är „Décisions conformément aux instructions afférentes" vum 24. Januar sinn. Sinn dat Entscheedunge vum Schäfferot? Ech wollt do just Asiicht kréien, well ee jo och Asiicht konnt hunn an d'Gespréicher, déi der mat deene verschiddene Chefen hat. Do war ech och kucke komm an ech hunn et duerchgelies. An eenzelne Berichter stoung jo och, datt der no sechs Méint dat nach eng Kéier géift lafe loossen a kucken, wat fir eng Ännerung nach kéim, esou wéi virdru jo och nach dat eent oder anert Fragezeiche war.

Da wollt ech och nach froe firwat déi „Equipe réception" bei der „Propreté magasin" steet? Wier déi net besser bei de „Bâtiments" oder bei de Portierë gewiescht, well dat si jo awer Leit, déi ganz no matenee schaffen. Ech huelen elo als Beispill de Portier 'A Rousen', dee schafft jo mat deenen zesummen. Wann dat awer elo zwee getrennte Servicer sinn, da kënnt deen ee mat senge Virstellungen an déi aner mat hiren.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mär hunn dat einfach an enger Linn gesi wou d'Verantwortung an d'Potentialer ze fanne sinn. An der Propretéit sinn eis Botzleit, déi d'Receptioun maachen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Domat sinn ech averstanen. Mee déi hu jo verschidden „Chefs de département". A wann awer elo eppes zesummen organiséiert soll ginn?

**Roland Breyer, Schäffen :**

Neen, et gëtt näischt zesummen organiséiert. De Gros vun de Leit ginn aus dem Propretéitsservice geholl fir d'Receptioun ze maachen. Also gehéieren se jo och dohinner. Et wier scho vill méi schlëmm gi wann de Service „Bâtiments" géif soen, se bréichten dräi oder véier Leit, an d'Botzéquipe se och brauch fir ze botzen. Et ass dach vill besser, wann se an däer Equipe dra si wou gebotzt gëtt a vu wou se affektéiert oder desaffektéiert ginn. De Portier, deen huet aner Fonctiounen. Deen ass jo an der neier Struktur net méi esou, wéi mer en elo hunn. De Portier 'A Rousen', deen do mat der Botzpersoun X eng Receptioun matmécht, deen ass vläicht mar net méi op enger Receptioun derbäi, well de Portier vu Rolleng se mécht. Déi zirkuléieren och ganz anescht. D'Receptioune war dat éischt, wat mer ugepak hunn. Do ass d'Philosophie ganz kloer. Déi ginn net pro Gebai affektéiert. Esou wéi d'Botzpersonal hin an hier geet kann de Portier dat och. De Portier huet nach effektiv d'Verantwortung iwwer e Gebai, mee seng handwierklech Kapazitéite sollen och zum Ausdrock kommen an anere Gebaier.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Mee, verstitt mech. Déi stinn ënner zwee verschiddene „Chefs de département". Déi hunn ënnendrënner nees een, dee muss organiséieren. Da kënnt bis op ee Punkt, wou dee seet, du méchs dat.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Neen, de Portier entscheet jo net wat gebotzt gëtt.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dat ass jo an der Rei. Mee wat ass da mam Gedrénks? Wee suergt dann dofir? Wien hëlt dat dann elo? Da kënnt d'Meedchen a freet wou et steet. Et soll een dat jo och emol sechs Méint lafe loossen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

De Service 'Réceptions' fonctionnéiert tipptopp elo mat deem neie System. Mer kucken ob sech genuch Leit aus der Receptioun, aus der Botzéquipe eraus gemellt hunn an da gi mer deenen eng Chance. De Portier, dee schonn eng gutt Pei huet, muss net och nach derbäikommen. Se si vläicht och frou, wann se dat net brauchen ze maachen. Mer kucken haaptsächlech aus der Botzéquipe Meedercher ze fannen. An ech wollt awer och nach soen, datt et méi schéin ass fir vun enger Dame zerwéiert ze ginn ewéi vun engem Mann.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass och interessant derbäi ze soen, datt mer d'Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzelne „Chefs de département" besser wëlle gesinn, an net, datt se alleguer an hirem Haische sëtzen a maachen, wat si gesinn. Dat ass och mat dem „Chef de service" ofgeschwat ginn. Mer hätte gär, datt all d'„Chefs de département" zesummeschaffen an net, datt jidder eenzelne vun hinne sech seng eegen Zopp kacht. Och déi Usiicht, datt all Service säin eegent Gefier huet, säin eegenen Apparat, ass net méi zäitgeméiss. D'Zesummenaarbecht muss komme fir datt se méi effizient kënne schaffen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dat hutt der jo och festgehalen an deenen Diskussiounen. Ech hunn dat jo och aus deem Pabeier erausgelies, datt déi sech eemol am Mount gesinn.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer gesinn eis um Niveau vum Schäfferot eemol am Mount mat dem „Chef de service" an de „Chefs de département". Dann all Woch um Niveau vun de „Chefs de département". An all Dag geschitt dat um Niveau vun de „Chefs de département" mat hire Kontermeeschteren. Dat heescht, uewe gëtt de Plang festgeluecht, e gëtt kontrolléiert an d'Parametere ginn all Dag gekuckt ob se nach stëmmen.

**John Polfer (CSV) :**

Et ass jo elo scho vill geschwat a vill Froe beäntwert ginn. Als Conseiller ass ee jo net esou mat de Personalproblemer beschäftegt wéi de Schäfferot. Wann der sot, der hätt dee ganzen Organigramm gutt duerchduecht an dat och mat deene betraffene Leit ofgeschwat, da wäert dat och zum Gudde vun der Verwaltung an dem Personal sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Merci. Mer sinn ëmmer frou, datt d'Leit Vertrauen an eis setzen a mer deem och kënne gerecht ginn.

**Camille Bosseler (CSV) :**

Ech hu schonn en etlech Organigramme materlieft. A wann ech déi Struktur hei kucken, da muss ech soen, datt se net schlecht ass. Wat ech mer awer géif wënschen, dat ass, datt déi Persoun, déi verantwortlech ass fir dat hei op d'Schinn ze bréngen, déi richteg Hand an dee richtegen Ueleg huet fir datt déi Saach richteg uleeft. Well u Leit an u Material feelt et jo net.

Da miisste mer jo geschwënn déi propperst Gemeng am Land sinn.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Wat hei ganz gutt ass, dat ass déi „description de tâches“, déi beim Organigramm derbäi ass. Mee wéi ech Personalschäffe war, do sinn der och erausgaangen. A wann ech kucken, wat déi haut vun hirer „description de tâches“ maachen, dat ass bal näischt. Et ass och ganz wichteg, datt, wann ee gären eppes ëmsetzt, ee muss derhannert sinn an d'Leit zur Uerdnung ruffe wann et Zäit ass. An net, wéi an engem spezifesche Fall, dee mer all kennen an deen ech hei elo net wëll ernimmen, wou bal näischt exekutéiert gëtt vun deem, wat an der „description de tâches“ steet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass ganz kloer, datt et wichteg ass, wann déi Struktur hei steet, datt mer nach eng Kéier mat de Leit ofschwätze wéi mer eis dat virstellen. An et ass och an den Ae vum Schäfferot kloer, datt eppes hannen erauskomme muss. Schliisslech kascht dee Betrib eis awer vill Suen. Dofir muss een derhannert bleiwen. Mär wäerten derhannert bleiwen an hoffen, och vun iech hei déi néideg Ënnerstëtzung ze kréie fir datt aus deene finanzielle Leeschtungen, déi mer als Gemeng maachen, och déi néideg Resultater fir eis Bierger eraus-kommen. Ech sinn och iwwerzeegt, datt, wa mer dat hei bis ëmsetze mat deene richtege Leit, dat wäert de Fall sinn.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.1.

### Enseignement.

### Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat ass dat Üblecht. An ärem Dossier hutt der op der Säit 119 déi, déi krank oder fort waren, an déi ersat goufen.

**Lily Gansen (LSAP):**

Ech ka mech ëmmer nëmme wonneren, wéi beschränkt d'Leit dach sinn. Déi leschte Kéier hat ech eng Erklärung iwwer de Relevé gefrot. Wann een den 13., 15. a 17. krank hei steet mat engem Numm – ech weess den Numm net méi an et ass mer och ganz egal – do hunn ech gefrot, ob dat duerchgehend ass oder ob dat all zweeten Dag krank ass. Ech hunn zwar eng Äntwert kritt. Et ass net esou, datt ech drop halen. Mee zu Rodange, wéi d'Léierpersonal zesumme war, huet ee gesot, datt se an Zukunft net miissten oppasse fir net méi krank ze ginn. An do ass eng Léierpersoun opgestan – ech weess net wien, mee ech weess, datt et wouer ass – an huet gesot, datt et d'Madame Gansen vum Foyer de la Femme gewiescht wier, déi der Gemeng d'Uweisung ginn hätt, et misst hinnen op d'Fanger geklappt gi wa mer krank sinn. Ech hunn dat en Hohn fonnt. Ech hat ëmmer gemengt, d'Léierinnen hätten e bësse méi Geescht. An esou eppes gëtt op eis Kanner lassgelooss. Dat kënnt der hinne roueg soen. Ech hunn nëmmen eng Explikatioun zu deem Relevé gefrot. Ech fäerten net, a wann ech eppes ze soen hunn, da soen ech dat och. An dann ass et mer och egal, ob d'Aarbechter oder d'Léierinne frou sinn. Hei geet ëm d'Wuel vun der Allgemenghet. Mee verdréinen däerf een awer näischt. A wann de Buergermeeschter derbäi ass, da muss hien och soen, datt dat net wouer ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Madame Gansen, ech hunn dat och gesot kritt, datt dat an enger Reunioun geschwat gouf, an do war ech net derbäi fir dat kloer ze stellen. Awer no der Reunioun ass eng Dame – dofir wëll ech dat och net am Allgemenge soe well jo awer 140 Léierpersounen net däer selwechter Meenung si wéi déi Dame - bei mech komm an huet mer eppes Ähnleches erzielt wéi dat, wat där elo gesot hutt. A wann déi Persoun, déi iech dat erzielt huet, gesot huet, ech hätt näischt gesot, dann ass déi Persoun e verdammte Ligener. Dat muss ech ganz kloer soen. Ech hunn et absolut net gär wa gesot gëtt, ech hätt net reagéiert an ech hunn awer reagéiert.

Ech hu gesot, datt, wa mär esou eng Note maache vum Schäfferot, da maache mer dat net op eng Interventioun vun der Madame Gansen hin, mee op eng Interventioun vun enger Analys, déi mer gemaach hunn an opgronn vun enger Situatioun, wéi mer se virfonnt hunn. Déi Note hat emol guer kee pejorativen Avis, mee se hat en anere Sënn. Et ass näämlech esou, datt mer regelméisseg mat Fräistellunge konfrontéiert ginn, a wou mer gefrot ginn ob eng Persoun kéint fräigestallt gi well se zum Beispill op d'Geriicht geruff gouf, well se eng Formatioun mécht, well se op d'Begriefnes vun enger Tata ginn a well dat net am Gesetz virgesinn ass. Dat gëlt fir Léierpersounen, déi mëttes Schoul mussen halen an net d'Méiglechkeet hunn ewéi zum Beispill e Staatsbeamten, deen sech zwou Stonne kann huelen. Do hu mer am Fong eng Note gemaach, wou mer global als Schäfferot soen, wéi déi ganz Situatioun ze betruechten ass am Kontext vun de Fräistellungen. An de Schäfferot huet gesot, a wat fir enge Fäll e bereet ass fir eng Persoun fräizestellen. An do ass och de Volet vun de Fräistellunge fir eventuell bei den Dokter ze goen derbäi – iwwer d'Krankmelden ass keng Rieds gaangen. Am Prinzip si mer der Meenung, datt d'Léierpersonal soll – esou wäit dat méiglech ass – ausserhalb vun de Schoulstonne bei den Dokter goe well, an dat hunn ech esou guer an der ëffentlecher Sëtzung bei der Press zou gesot, datt all Absence vun enger Léierpersoun während de Stonnen net onbedéngt produktiv ass fir d'Entwécklung vun eisem Schoulwiesen. Dofir sinn ech elo net ganz frou, wann der sot, ech hätt net drop reagéiert. Ech hunn dorop reagéiert.

**Lily Gansen (LSAP):**

Ech ginn och gewuer, ween et gesot huet. Mee déi Persoun, déi mer dat erzielt huet, huet gesot, se wier doudsécher.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wéi et schéngt, ass et an enger Diskussioun gesot ginn. Mee ech war net derbäi. Haaptsächlech war awer déi Instruktioun viséiert ginn, wou mer als Schäfferot gesot hunn, datt mer frou wiere wann d'Visite beim Dokter esou wäit wéi méiglech ausserhalb vun de Schoulstonne géife gemaach ginn. Et ass déi, déi och ugeprangert goufen. An do huet eng Dame gemengt, dat wier well d'Madame Gansen am Gemenge-rot eng Diskussioun ugefaangen hätt am Zesummenhang mat dem Absentéismus vun dem Léierpersonal. Esou wäit zur Kloerstellung.

**Ratification à l'unanimité.**

## 7.2.

### Enseignement.

### Organisation d'après-midi de loisirs 'Vakanzaktioun' en 2007 – décision de principe.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat hei ass eng Organisatioun, déi zënter Joeren ëmmer erëm kënnt. An zwar ass et d'Vakanzaktioun, déi mer an der Summervakanz fir eis Kanner aus der Spill- an der Primärschoul starten. Déi soll dat anert Joer vum 23. Juli bis den 3. August oflafen. Se leeft simultan an deenen 3 Uertschaften. Fir dat Ganzt och ze organiséieren, géif ech iech bieden, haut eng „décision de principe“ ze huelen.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.3.

### Enseignement.

**Organisation de classes de neige en 2007 – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Der wësst, datt mer och all Joer d'Schnéiklassen organiséieren. Dat nächst Joer ass dat vum 25. Januar bis den 3. Februar. Et soll nach eng Kéier op Mariazell goen ewéi déi Joere virdrun. Et soll awer a Fonctioun vun deem, wat mer mat dem Léierpersonal diskutéiert hunn, een Dag manner ginn. Dat ass och besonnesch fir eng Rei Moniteuren a Monitricen eng Saach vu Congé. Mer sollen elo donneschdes fueren a samschdes moies erëm kommen. Soss si mer dënschdes fortgefuer a mer si freides erëm komm. Doduerch datt mer donneschdes owes fueren, mussen déi Leit zwee Deeg manner Congé ufroen. Dobäi kënnt, datt freides moies vill Eltere Problemer hate fir hir Kanner sichen ze komme well se geschafft hunn. Esou menge mer, datt et e bësse méi einfach fir d'Elteren ass fir hir Kanner an Empfang ze huelen.

Ech wëll iech och net verstoppen, datt Iwwerleeungë lafe fir méi no bäi ze komme well et bis op Mariazell ëmmer eng wäit Rees ass. Et gëtt en neie Site gebaut an der Géigend vun Innsbruck. Dee gëtt elo emol inspizéiert. D'Léierpersoune fueren elo mol eng Kéier dohinner fir ze kucken, ob dat och ze maachen ass. Et schéngt awer gutt ze ginn, esou datt et eventuell kéint sinn, datt mer dat Joer drop dann dohinner géife fueren a vläicht nach en Dag manner fuere well mer jo och manner laang ënnerwee sinn. Dat ass awer eng Diskussioun, déi mer mat der Asbl 'Classe de neige' an dem Léierpersonal mussen diskutéieren.

Am ganze sinn et 155 Kanner, déi a Fro komme fir matzegoen. Dee ganze Budget beleeft sech op 93.271 €. 26.350 € falen op d'Elteren an 66.921 € falen op d'Gemeng zeréck. Mer leien awer nach an enger Relatioun een Drëttel zu zwee Drëttel. Mer leien do mat der Gemeng e bësse méi héich, mee wann déi genee Chiffere kommen, da kann dat jo nach ëmmer rektifizéiert ginn. Dat sinn d'Konditiounen, wéi d'Schnéiklassen dat anert Joer solle fonctionnéieren.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech hu just eng Fro zu de Schüler. Sinn déi 155 Schüler d'Effektiver aus de Klassen zesummegezielt oder sinn dat déi, déi sech scho gemellt hu fir matzegoen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat do sinn d'Schüler – esou wäit ech dat weess – déi an de Klasse sinn. Ech weess net, ob se an der Tëschenzäit schonn d'Äntwerten hätten. Se hunn dat eréischt virun enger Woch erausginn.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Wat mech géif interesséieren, dat wier, wéivill Schüler net matginn an aus wat fir enger Ursaach déi net matginn. Wann dat ass well d'Eltere sech dat net kënne leeschten, da bestätegt dat erëm meng Aussoen zu de Schivakanzen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Also, bis elo hunn ech nie héieren, datt dat op finanziell Ursaachen zeréckzeféiere wier, well d'Asbl sech ëmmer bereet erkläert fir ze hëllefen. Wann se kee Schicostume hunn, dann huet d'Asbl der an der Reserve fir ze léinen. Se musse just duerno gebotzt zeréckkommen. Meeschtens waren et Elteren, déi hir Kanner net wollte matgoe loosse well se dach e gewëssene Risiko gesinn hunn. Oder et ware Kanner, déi och vum Léierpersonal an der Schoulkommissioun net matgeholl goufe well ganz einfach hiert Behuelen et net erlaabt huet fir sécher ze stellen, datt dat am Grupp soll fonctionnéieren. Dat ass zwar och ganz rar an et soll no den Iwwerleeungë vun der Inspektesch op e Minimum reduzéiert ginn. Mee esou Fäll goufen et awer schonn. Mee datt een aus Manktem u Suen net matgaangen ass, dat ass an deene leschten 10 oder 12 Joer net de Fall gewiescht.

D'Iddi ass fir d'Zuel vun de Schüler, déi net däerfe matgoen, op engem absolute Minimum ze halen. Ech ka mech un eng Kéier erënneren, datt mer a leschter Minutt an der Schoulkommissioun – de Roger Klein weess dat och nach – ee Kand net matgeholl hu well d'Gefor fir déi aner Kanner esou grouss war, datt mer dat net konnte veräntwerten. Do war den Drock ganz grouss. Mee et ass en absolute Minimum. Wann et guer net anescht geet, da gëtt et esou gemaach.

**Accord avec 13 voix contre une voix (Déi Gréng).**

## 8.

### Prévisions sociales.

**Office social – budget rectifié de l'exercice 2006 et budget de l'exercice 2007 – approbations.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer mussen déi zwee Dokumenter hu fir se an eist grousst Budgetsdokument ze integréieren, wat mer am Dezember diskutéieren. Der gesitt, datt d'Resultat vum rektifizéierte Budget wesentlech besser ass wéi dat, wat mer ufanks virgesinn haten. Deen Deel, deen d'Gemeng als Subsid muss verséiere, beleeft sech nëmme méi op 72.653 € wougéint awer am Budget 2007 ronn 126.600 € virgesi sinn, wat sech éischter op déi Joeren 2003, 2004 an 2005 orientéiert. Dat heescht, mer kënnen natierlech hoffen, datt och am rektifizéierte Budget 2007 dee Chiffer kéint reduzéiert ginn. Ech soen hei am Numm vun eis alleguer – esou mengen ech – dem Office social Merci fir déi exzellent Aarbecht ënner hirem neie President, dem Här Libert. Eng Aarbecht, déi se iwwer Joere gemaach hunn an déi se och elo virumaachen. Et gesäit ee jo un der Zomm, déi gebraucht gëtt fir den Office social fonctionnéieren ze loossen, datt nach vill Leit vun deem Service Gebrauch maachen an en och sollicitéieren. Dat beweist och, datt dee Service nach ëmmer eng Daseinsberechtegung huet.

Awer et gesäit een och eng Progressioun an den Ausgaben, déi awer versicht gëtt a Grenzen ze halen. Dat ass dorop zeréckzeféieren, datt den Office social net bei allem Jo an Amen seet. Den Office social préift dat alles zimlech genee an hëlt seng Entscheedungen dann opgronn vun den Dossieren. An en hëlt déi Entscheedungen esou, datt et net eng Plaz ass, wou ee sech ka bedéngen, mee wou et berechtegt muss si fir datt een eng Hëllef kritt vum Office social.

**Approbation à l'unanimité.**

## 9.

### Hygiène publique.

**Agrandissement du cimetière de Pétange – approbation des devis et plan – vote d'un crédit spécial.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wéi der aus dem Dossier eraus gesinn hutt, si mer gezwongen eise Kierfecht hei zu Péiteng ze vergréisseren. Mer hunn all Joer ganz vill Demanden, a fir deene gerecht ze gi musse mer déi Previsiounen treffen. Mer hunn och schonn den Agrément an den Devis erageholl. Mer hunn och schonn d'gréng Luucht kritt vum Ministère, dat heescht vun der Madame Huberty-Krau. Mer hunn direkt mat hir Kontakt opgeholl fir ze kucken, wéi mer dat kéinte maachen. Si huet eis den néidegen Accord ginn, esou datt mer an nächster Zäit kënne mat de Vergréisserung ufänken.

Well mer awer nieft deem Kierfecht – an zwar an deem Haus, dat nach do

steet - nach eng Famill wunnen hunn a mer en Deel vun deem Terrain an deenen nächste Joere brauchen, hu mer scho Reunioune mat hinne gehat. Do hu mer och den Accord kritt, well mer mussen an enger éischter Phase en Drainage leeën. Ech hu gesinn, datt den Här Beil och en Devis eraginn huet. Et wäert eis ongeféier 38.000 € kaschten. Do ass den Drainage mat dran, den Déplacement vun der Mauer. Eis Gäertner mussen och nach e bësse Gréngs ewech huelen. Hanne steet och nach e klenge Schapp, wou den Doudegriewer seng Geräter dra stoen huet. Do musse mer nach kucken, wou mer domat hifuere fir datt en awer alles op der Plaz huet fir an der nächster Zäit um Kierfecht ze schaffen.

Dat Ganzt gëtt och a Phase gemaach. Mer mussen och kucken, wat mat däer Famill passéiert. Déi ka jo net op engem Kierfecht wunne bleiwe well se huet jo awer véier Kanner. Elo am Ufank kënne mer hir nach garantéieren, datt se do wunne ka bleiwen an datt se hiren Haff nach behält. Mee no an no – wéi mer d'Plaz brauchen – wäerte mer och mussen aménagéieren. Mer sinn awer och schonn am Gespréich fir datt mer déi Famill kënnen op enger anerer Plaz logéieren esou bal dat eis méiglech ass. Mer hunn hinnen natierlech och un d'Häerz geluecht fir no enger anerer Wunneng ze kucken, mee mär sinn och a Gespréicher dofir.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech hu mat Schrecke gelies, datt all Joer 800 Leit géifen eng Demande maache fir eng Plaz um Péitenger Kierfecht. Dat wieren 10% vun der Populatioun. Ech hu mer direkt geduecht, datt dee Beamten un Halloween geduecht huet oder wollt testen, ob där dat géift liesen. Well soss géif et sechs Wochen daueren an da wieren d'Bedierfnesser gedeckt mat deenen zwee Mol 47 Emplacementer.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Neen, dat misst aacht bis 10 heeschen. Et ass eis jo och bekannt, datt ëmmer méi Leit verbrannt an hir Äschen och esou guer verstreet ginn. Déi kommen dann net op Péiteng an e Graf.

**Roger Klein (LSAP):**

Well wann et der wierklech 800 wieren, dann hätt ech meng Demande elo direkt gemaach fir sécher ze sinn, datt ech eng Plaz krit.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Also mär ersetzen déi 800 duerch aacht. An der zweeter Zeil schreiwe mer also „Entendu le porte-parole du collège des bourgmestre et échevins, exposant que – annuellement environ huit demandes sont présentées pour un emplacement au cimetière de Pétange". Dat entsprécht dann och der Realitéit. Mer gesinn ëmmer grouss hei zu Péiteng, mee esou grouss si mer awer nach net.

**Crédit spécial voté à l'unanimité.**

## 10.

### Sylviculture.

**Certification des forêts communales – adhésion au label «Forest Stewardship Council (FSC) Lëtzebuerg» - décision.**

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Hei geet et ëm e wichtegt Element vun eiser Ëmwelt, an zwar wëlle mer fir d'Joer 2007 de Label FSC kréie fir eis Bëscher. Wéi der wësst, leiden d'Bëscher, se si futti op ville Plazen an der Welt, an dat duerch eng ganz Rei Ursaachen, déi eis bekannt sinn. Sief et duerch de Klimawiessel, sief et duerch d'Industrie oder och duerch kriminell Akten. Et gëtt eng virsiichteg a wäitsiichteg Gestioun vun eise Bëscher verlaangt. Den 29. Mäerz 2005 huet eisen Ëmweltminister de Gemenge geschriwwe fir sech iwwer de Biais vun der Asbl 'FSC Lëtzebuerg' hir Bëscher mat dem FSC-Label certifizéieren ze loossen. An der Grënnungsver-sammlung huet sech d'Asbl als Zil gesat, d'Ëmwelt ze beschützen duerch eng dauerhaft Gestioun vun de Bëscher. Wann der averstane sidd, datt mer de Label ufroen, da garantéiere mär als Gemeng dee weltwäiten, staarken Trend no uewe vun dësem Label an domat och de laangfristegen Ënnerhalt vun eise Gemengebëscher. Mär akzeptéieren och eng extern Kontroll vun eise Bëscher.

Et kënnt nach derbäi, datt op ville Plazen, an och hei am Land nach just Holz mat dem FSC-Label verkaf gëtt, esou seet den Här Michaux an eiser Informatiounsversammlung, déi de 25. Oktober 'A Rousen' war. De Schäfferot huet schonn de 16. Mee 2005 den „accord de principe" ginn. Wa mer de Label fir 2007 wëllen, da musse mer eis bis den 30.11.2006 bei der 'Administration des eaux et forêts' ugemellt hunn. Mer hunn 21 Hektar Bëscher. D'Certifizéierungskäschte leie bei maximal véier Euro den Hektar. Den Ëmweltministère subsidiéiert zu 50%. Ech bräicht ären Accord fir datt mer déi néideg Schrëtt kënnen ënnerhuele fir d'Certifizéierung ze kréien a fir eis Gemeng vun 2007 u Member ze maache bei der Asbl 'FSC-Lëtzebuerg'. Ech bräicht och ären Accord fir e Betrag vun 860 € an de Budget vun 2007 anzeschreiwe fir d'Certifizéierung a fir déi jäerlech Cotisatioun bei der Asbl.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ech kann dat do nëmme begréissen an hat et schonn eng Kéier beim Här Welter gefrot. Dofir sinn ech elo frou, datt et dann elo kënnt.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.

### Dépenses diverses.

**Octroi de cadeaux de service – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Der wësst, datt mer eis all Joer ëm dës Zäit Gedanke musse maachen, wee fir 20 Joer Service geéiert gëtt. Dat wäert de 15. Dezember am Kader vun engem Iessen de Fall sinn. Mer hunn dëst Joer eng ganz Rei Leit.

Et si fënnef Leit mam Aarbechterstatut: d'Madame Aponi, déi Häre Kauth, Felten, Gindt a Marx.

Dann hu mer zwee Leit beim Léierpersonal: eng Léierin, d'Madame Hengen, an eng „chargée de cours", déi schonn zënter 20 Joer bei eis schafft, d'Madame Jacoby.

An der Musekschoul hu mer och zwou Persounen: déi Häre Scholtes an Thill.

Der gesidd, datt mer beim Gemengerot a beim Office social keen hunn. Eise Pompjeeskommandant huet eis gesot, datt mer och kee beim 'Service d'incendie et de sauvetage' hätten.

Dat mécht, datt mer 9 Persounen éiere wäerten, plus déi Leit, déi eis verlooss hunn an den Här Filaferro, dee mer dann och éieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.

### Questions des conseillers communaux.

**Carlo Gira (CSV) :**

Virun enger gewësser Zäit sinn d'Kanner aus dem Foyer de Jour 'Kordall' (dëst ass eng Privatinitiativ) an der 'Villa Bambi' zu Rodange (dëst ass eng Initiativ vun der Gemeng) ënner-bruecht gi well d'Raimlechkeeten zu Péiteng net méi de Sécherheetsnormen entspriechen. De Ministère huet den Agrément net ginn. Elo meng Froen: Ass déi Léisung zu Rodange definitiv? Ass elo de Schäfferot gefuerdert, no

Léisungen zu Péiteng ze siche well d'Demande nach ëmmer grouss ass? Wéi gesäit et mat enger Maison-relais zu Péiteng aus well d'Elteren zu Péiteng guer keng Strukture méi virfannen, oder kënnen d'Eltere vu Péiteng op Rodange a Rolleng (dat jo fir déi nächst Rentrée soll fäerdeg ginn) hir Kanner ënnerdag kréien?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Aus verschiddene Resolutiounen eraus huet de Foyer de Jour den Agrément net kritt. Déi Léisung zu Rodange ass net definitiv. Als Schäfferot si mer natierlech gefuerdert, no Léisunge fir Péiteng ze siche well d'Demande grouss ass. Mer sinn och amgaang no Léisungen ze siche fir d'Kanner ënnerdag ze kréien. Mer wäerten och kucke wat mer kënnen an deen nächste Budget dofir drastezen. Zu ärer drëtter Fro vun der Maison-relais zu Péiteng. Eng Maison-relais zu Péiteng hate mär jo schonn an eisem Walprogramm stoen. Mer sinn och amgaang ze kucken, wéi a wou mer esou eng Maison-relais zu Péiteng kënnen ënnerkréien. Natierlech hunn d'Elteren zu Péiteng am Abléck keng Strukturen, mee se hunn awer d'Méiglechkeet hir Kanner an der Maison-relais zu Rolleng an och an der neier Maison-relais zu Rodange – déi eréischt opgeet a wou mer hoffen, datt se fir déi nächst Rentrée fäerdeg ass – ënner kréien.

**Carlo Gira (CSV) :**

D'Vereenegung vun de Bibliothekaren an Archivare weist an der lescht mat Vehemenz drop hin, datt et an dësem Beräich nach vill nozehuele gëtt. Meng Fro un de Schäfferot: Ass et net méiglech, am Kader vun der Erneierung vun der Péitenger Millen, eng Bibliothéik ze plangen? Wat d'Archivéieren ugeet, kann d'Gemeng op d'Geschichtsfrënn zeréckgräifen, déi bis ewell ganz wäertvoll Aarbecht geleescht hunn an der Nowelt esou wichteg Dokumenta-tiounsmaterial erhalen. Fir esou eng Bibliothéik kéint ee jo am Kader vum interkommunale Syndikat Sikor eng Zesummenaarbecht mat der Gemeng Déifferdeng ustriewen, déi eng Stad-bibliothéik huet.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Am Kader vun der Péitenger Millen ass keng Bibliothéik virgesinn. Mee am Kader vum rouden Haus kéint een sech e puer Aktivitéite virstellen, déi awer méi an de Sënn vum Archivage a vu Mediathéik ginn. Mär hunn elo net wëlles eng Bibliothéik ze schafe well et einfach Raimlechkeete betrëfft, déi mer net hunn an, an och en héiche Käschtepunkt mat sech bréngt. Fréier hate mer e ganze Koup Bibliothéiken um Niveau vun de Gewerkschaften, vun der Kierch a vun hei an do. Dat ass alles verschwonnen, wat och ze bedaueren ass. Mee fir elo nees eng Kéier zeréckzegoen, dat schéngt mer net de Wee ze sinn. Och well, wéi der schonn ugedeit hutt, Déifferdeng relativ gutt strukturéiert ass an an der Ëmgéigend Bibliothéike sinn. Et kënnt jo och e Bicherbus laanscht, esou datt mer mengen, mer sollten net an déi Richtung goen.

Am rouden Haus kéint ech mer virstellen, datt d'Geschichtsfrënn kéinte wäertvoll Aarbecht leeschten an hire Siège do hunn. Mer hunn och doriwwer geschwat an e puer Alternativen entwéckelt. D'rout Haus kéint sech och net nëmmen dofir eegne fir Archivage-Aarbechten ze maachen, mee och fir permanent kleng Ausstellungen an der Tourelle, déi do soll entstoen.

A sechs Méint wäerte mer méi genee doriwwer schwätze kënne well mer dann domat rechnen, déi definitiv Pläng hei leien ze hunn. Am Moment war et jo nëmmen e „concours d'idées“, mee dat kann een da jo weider verfollegen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ech mengen, datt et jo och wichteg ass fir d'Geschichtsfrënn, datt si eng Bibliothéik hu fir hir Recherchen ze maachen an dee Service unzebidden.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mär hunn am Moment ganz vill wat dorueter verspreet ass. Dat si Gemengenarchiven, Bicher, an esou weider. Et kann een sech virstellen, datt dat alles op enger Plaz vereenegt gëtt. Dat soll een och kucken. Et soll och d'Zil si fir alles zesummenzesichen an esou ze geréieren, wéi mer dat elo bei den Atelieren oder beim Stockage versichen. Mer hunn nach e ganze Koup do leien, an dat kann een ouni weideres op enger Plaz zesumme-bréngen.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Zënter Joere feelt beim Agank zum Kierfecht zu Rodange déi lénks Paart. De Peiler ass och an engem desolaten Zoustand. Déi riets Paart ass och amgaang lass ze goen. Wéi gedenkt de Schäfferot, dës Mëssstänn an Uerdnung ze bréngen?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Et ass esou, datt, fir de Peiler an en uerdentlechen Zoustand ze kréie, d'Steng elo do sinn. Déi sinn extra bestallt gi fir datt et och uniform ass. Déi si speziell geschlaff ginn. Se si kuerz virun Allerhellgen ukomm. Ech hat och mam Techniker geschwat an hien huet gesot, en hätt dat net wëllen um Kierfecht leien hu well eis Leit net méi dozou komm wiere fir dat opzeriichten. Dat soll dann elo geschéien. Esou bal wéi de Peiler dann do steet kann och d'Dir nees ajustéiert an agehaange ginn. Bei der zweeter Dir gëtt dann och no dem Peiler gekuckt, esou datt ech unhuelen, datt ufanks nächst Joer dat alles nees an der Rei ass. Et ass eng Saach, déi net nëmmen iech um Mo louch, mee och eis. Ech war laang derhannert, mee et huet bal sechs Méint gedauert bis d'Steng hei waren.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Dat ass vill méi laang wéi sechs Méint, wou se net méi do sinn.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Et ass kee Pei-Musée, mee et ass eis bal esou virkomm.

**Norbert Pierre (LSAP):**

D'Haus Nummer 11 an der rue de la Liberté zu Péiteng steet zënter dem Doud vum Locataire eidel. Déi hënnescht Fassad ass an engem ganz schlechten Zoustand. De Gaart gesäit net besser aus. Et gesäit am Zentrum vu Péiteng guer net gutt aus. Gëtt dat Haus an d'Rei gesat wéi dat sech gehéiert oder gëtt et ofgerappt? Bestëmmt wiere Familljen oder eng Famill frou fir dëst ze lounen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Ganz bestëmmt wier eng Famill frou fir ze lounen, mee dat Haus ass net nëmme baussen, mee och bannen an engem ganz desolaten Zoustand. Et ass gerass, vir an hannen, de Balcon bréckelt. Mer mussen och kucken, datt mer déi Sécherheetszone do an Uerdnung bréngen. Mer ware mat der Architektin op der Plaz. Déi huet elo hiren Avis driwwer ginn a mer kënne keen dra wunne loossen. Et géif eis natierlech vill kaschte fir dat an d'Rei ze maachen. Dofir si mer amgaang ze iwwerleeën an no enger anerer Léisung ze sichen. Et gesäit och ronderëm net gutt aus, mee do kënnen eis Gäertner an nächster Zäit higoen an e bësse propper maache fir datt et awer uerdentlech soll ausgesi fir déi Leit, déi op de Parking ginn. Mer wäerten eng Léisung sichen, mee bestëmmt kënne mer – aus Sécherheetsgrënn - keng Famill dra wunne loossen.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Dann ass jo deen zweeten Deel vu menger éischter Fro richteg, an zwar, datt et ofgerappt gëtt fir mat bei de Parking derbäi ze huelen. Dat wier och eng gutt Léisung well et néideg wier.

Zu Rolleng beim Kiosk an hannert der Schoulkantin ass e Parking mat aacht

Plazen. Dovunner sinn der fënnef mat engem Betonsklotz blockéiert. Virun der Plaz ass e Schëld ubruecht, op deem steet „Parking privé cantine scolaire“. Weem gehéiert dëse Parking? Misst net op dem Parkschëld den Zousaz stoen „seulement pendant les heures de service“? Fir op de Parking ze fuere muss ee laanscht Poldere virum Kiosk fueren. Weem gehéiert de Wee tëscht dësem Parking an der Groussgaass?

Wéi ass et mat de Parkplaze fir déi Leit, déi Propriétaire am Haus sinn? Do gëtt jo och virgeschriwwen, datt hinnen eng oder annerhallef Plazen zur Verfügung gestallt musse ginn. Wéi ass d'Situatioun elo?

**Roland Breyer, Schäffen :**

D'Situatioun ass ganz konfus a wann ee méi nodenkt a méi nofreet, da gëtt et kloer, datt mer do am grousse Ganze mussen eppes ënnerhuelen. Wa mer e PAG oder e PAP hunn, dann ass eng „partie écrite“ derbäi, et gëtt eng Konventioun gemaach an da steet iergendwou dran, datt mer nom PAG zum Beispill pro Appartement eng Garage a vun dräi oder véier Appartementer un esou vill Stellplazen mussen hunn. An dat gëtt dann och vum Promoteur esou ugeholl. Mee wou mär kee Suivi méi behalen, datt ass dat, wat duerno dermat geschitt.

Hei ass d'Situatioun esou, datt, well mär d'Kantin kaf hunn, do hu mär ganz genee nom PAG och dräi Plaze mat kaf, déi esou virgesi ware fir déi „surface commerciale“. Déi aner Parkplaze sinn entweder verkaf ginn oder de Promoteur huet der nach e puer. Et ass nun emol esou, datt net all Mënsch eng Parkplaz keeft. Zweetens gesi mer och net, wann een eng keeft an se dann nees verkeeft. Mer behalen also keng Kontroll doriwwer. Esou datt mer higoe missten an an der éischter Autorisatioun, déi ee gëtt bei esou enger grousser Residenz – also d'„autorisation de principe“ – och den „ordre intérieur“ froe vum Notaire wou och d'Millièmen drop sinn. Well fir d'éischt muss e jo eng Autorisatioun vun der Gemeng kréie fir seng Millièmen ze maachen. An da kënnt en erëm an e leet d'Millièmen dohinner, wou een och gesäit, wéivill Emplacementer do sinn. An der definitiver Autorisatioun misst een da kënne soen, datt en dat däerf maachen, mee beim Notaire misst dann de Saz drakommen, datt déi Unitéite missten zesummebleiwen. Dat heescht d'Garage an d'Unitéit, déi d'Leit kafen. An déi dierfen dann och duerno net dissociéiert ginn. Dat hu mär awer de Moment net drastoen. Och wann de Promoteur der eng Garage verkeeft, esou kanns de - wanns de keng Garage oder Parkplaz brauchs – déi nees verkafen ouni eng Contrainte ze hunn well néierens drasteet, datt déi Saachen net dierfen dissociéiert ginn.

Dat hei ass esou en typesche Fall – et ass och net deen eenzegen. De Promoteur huet e Betongsblock drop gesat well et him gehéiert an e wier elo frou, wann d'Gemeng him se géif ofkafen. Mer hunn et net bis elo erausfonnt, mee déi si wahrscheinlech associéiert mat enger Unitéit aus dem Gebai. Well ech ka mer net virstellen, datt et der esou vill waren. Mee et kann awer sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wat een awer och muss derbäi soen dat ass, datt mer prioritär eist Reglement mussen änneren. Eist Reglement gesäit vir, datt een esou vill Plaze pro Appartement schaaft plus nach esou vill supplementar Plazen. An déi kënnen an d'Co-Propriétéit falen oder eng Nummer fir sech kréien, an da kënnen se verkaf ginn. Ech weess awer och vu Residenzen, wou se an d'Co-Proprietéit erafalen a wou se net kënnen einfach esou verkaf ginn.

**Roland Breyer, Schäffen :**

D'Philosophie ass jo, datt déi Zousazplaze fir d'Visiteure wieren a se missten an der Co-Proprietéit bleiwen.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Deen, deen an der Co-Proprietéit ass kéint d'Parkinge kafen, mee kee veräusseren.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hu festgestallt, datt Leit vu bausse Garagen an Emplacementer vu Residenze kafen, déi do sinn. Dat musse mer ënnerbannen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wou mer mussen oppasse wann ee vu baussen erakeeft, dat ass dat hei: Wann een elo eng Residenz huet, wou esou vill Parkingen derzou gehéieren, an dernieft geet een hin an e baut nach eng Residenz, da kënnen déi Parkingen net méi bei déi aner bäigerechent ginn. Do ka vläicht ee vun der Nieweresidenz e Parking kafe wa vläicht en aner kee wëllt. Mee se zielen net mat. Dorop passt eisen Service ganz genee op.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer kucken elo, wat mat deene fënnef Stéck lass ass, déi verbarrikadéiert sinn, fir dee Parking deem Zweck zouzeféieren, deen en am Fong huet.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Ech mengen, wa se dem Promoteur gehéieren, da soll e seng Betongsbléck ewechhuelen. Et gesäit wierklech net gutt aus. Ech denken, esou flexibel ass dee Mann och.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer schwätzen elo mat him, an e miisst och flexibel sinn. Et kommen elo Spekulatiounen op, da spiert ee kommen. Alleguer, déi am Zentrum wunnen, hätte gär Garagen. Ech ginn nach elo dofir kontaktéiert.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Wat mech stéiert ass, datt et och Leit ginn, déi eng Garage hunn, an déi eng Kartongskëscht dra setzen an den Auto steet op der Strooss.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Dee Problem hu mer dann nach derbäi. Besonnesch wann de Wanter elo kënnt a mer da mam Schlitt net méi duerch Strooss kommen. Mer maachen och héchstwahrscheinlech en Appel un d'Leit, se sollen am Wanter hiren Auto an d'Garage setze wa se eng hunn, oder an d'Bande, esou datt mer d'Strooss kënne propper maachen.

Wat de Wee ugeet, vun deem der geschwat hutt, do ass et esou, datt mär Copropriétaire si vun der Kantin. Dofir ass e Stéck vum Wee eist, et ass eng Servitude a mer hunn och schonn e Stéck donieft ofkaf, wou mer och nach drustoussen, esou datt mer an der ënneschter Partie mat kënnen entscheeden. Mer sinn also Copropriétaire oder „usufruitier“ vun der Servitude, déi do ass. Uewen, de Café, huet dat anert. Wann een elo eppes aus dem Wee wëllt maachen, da kéint elo d'Gemeng d'Initiativ huele well se zu engem groussen Deel Propriétaire ass a froen, ob all Mënsch averstanen ass fir e Stéck ofzetrieden, esou datt mer do kënne propper maachen. Mee de Moment ass et eng Servitude, wou mär nëmmen de Co-Benotzer sinn. Mer kucken awer fir mat deene betraffene Leit zesummenzekommen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Bekanntlech ass freides, den 27. Oktober, bei der Firma 'Luxfer' zu Ibeng ee grousst Feier ausgebrach, woubäi Dausende vu Schrottautoen – zum gréissten Deel schonn zesummegepresste Carcassen – gebrannt hunn. Mer wësse jo och, datt et vu freides nomëttes bis sonndes owes gedauert huet bis d'Feier geläscht war. Ënner anerem waren eis Péitenger Pompjeeën och an deem geféierlechen Asaz mat derbäi.

Wësst der wéi eng Auswierkungen déi toxesch Dämp (well dat waren se jo wa Pneuen, al Uelegreschter, Plastik, Faarf, Lacken, asw brennen) op eis

Gemeng haten, well schliisslech konnt een dat esou guer bis an d'Stad richen?

Wësst der op 'Biomonitoring' oder eventuell d'Ëmweltverwaltung dovu Miessunge gemaach hunn an hutt der Resultater vun dëse Miessungen?

Hutt der Donnéeë vun eisem Pompjees-corps, wéi deen Asaz ofgelaf ass (dat wëll heeschen: waren eis Leit op esou en Asaz an däer spezifescher Firma preparéiert; hu si Pläng, wëssen se wou wat getässelt ass, asw)? Ware scho gemeinsam Übungen an däer Firma zesumme mat de Corpsen aus der Géigend?

Hutt der Donnéeen doriwwer wéi d'Auswierkungen op eis Pompjeeë waren, gouf et Vergëftungser-scheinungen oder Ähnleches?

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Also kuerz nodeem de Brand ugaangen ass hunn ech deen éischten Telefon kritt a si gefrot ginn, ob gëfteg Dämp an der Luucht wieren oder net. Doropshin hunn ech eng E-mail un de Schäfferot geschriwwen – dat war kuerz viru 4 Auer - fir erauszefannen ob eben esou gëfteg Dämp an der Loft wieren an ob d'Populatioun d'Fënstere sollt zou-loossen. Well de Brand an der Belsch war gouf d'Ëmweltverwaltung an der Stad informéiert. Ech hunn d'Aussoë vun dräi Leit, dem Här Bettendorf (Kommandant vun de Pompjeeën), dem Här Solagna (vun der Ëmweltberodung) a vum Här Mersch (vu Biomonitor). Den Här Bettendorf huet mer gesot: „Den Damp ass laanscht eis Gemeng gezunn a Richtung Kënzeg Bartreng. Ech weess net, ob e Biomonitoring gemaach ginn ass. Laut mengem Wëssen huet dee belsche 'Service de secours' eis Ëmweltverwaltung informéiert. Déi Péitenger Pompjeeë waren net preparéiert fir esou e Fall bei der 'Luxfer', mer sinn als Renfortë geruff ginn. Well d'Feier an der Belsch war si mer vun deene belschen Autoritéiten dirigéiert ginn. Et si keng gemeinsam Exercicen zesumme mat de belsche Pompjeeë bei dëser Firma gemaach ginn. Et ass och net néideg fir iwwerall Exercice maachen ze goen. Eisen Equipement an eis Pompjeesformatioun sinn esou, datt mer kënnen esou e Brand ugoen ouni esou Übunge bei esou Firmen ze maachen. Mer hunn dauernd Loftmiessunge virgeholl, mer haten eis Protectiounswesten un an d'Pompjeeën, déi dem Damp ausgesat waren, hu mat Maske geschafft. Kee vun eise Pompjeeën hat e Malaise“.

Den Här Solagna sot: „Et si keng Loft- bzw. Buedemmiessunge virgeholl ginn. Bei grousse Brandfäll wéi bei der 'Luxfer', wou d'Emissioune vun Dioxiden ze erwaarde sinn – zum Beispill wa PVC verbrennt – ass am direkten Ëmfeld, dat ass een bis annerhallwe Kilometer, mat Nidder-schléi ze rechnen. Deemno ass et un de belschen Autoritéite fir Miessunge virzehuelen. Iwwer déi Distanz eraus vermëscht sech den Damp mat Quantitéite vu propperer Loft, esou datt déi stëbsgebonne Schuedstoffer sech nees op enger grousser Fläch néierloossen. Déi gasförmeg Schued-stoffer ginn nach vill méi wäit ewech gedroen, esou datt een an der Géigend vun Tréier de Geroch vum Feier konnt feststellen“.

Den Här Mersch, dee mer engagéiert hu fir d'Miessunge bei eisem Geméis duerchzeféiere seet dëst: „Et ass aus zwee Grënn net néideg fir Miessunge virzehuelen. Wann ee säi Geméis wäscht, da gëtt dee gréissten Deel vun de Schuedstoffer mat ofgewäsch. An am Moment ass – bedéngt duerch d'Saison – net vill Geméis am Gaart. Zweetens huet den Damp eis Gemeng jo nëmme gesträift“.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Dat ware jo schéi Virträg vun deenen dräi Personalitéiten, mee mer sollen eis awer do näischt virmaachen. Wa Plastik, Lacker a Faarf brennen, dat gi gëfteg Gasen. Et gesäit jo esou aus, datt d'Schwéiermetaller a Form vun Nidderschlag hei zu Péiteng erofgaange sinn an déi gëfteg Gasen et bis iwwer d'Grenz gepackt hunn.

D'Regierung gëtt net midd, iwwer gesond Iessen a méi Bewegung – haaptsächlech bei eise Primärschoul-kanner – ze schwätzen an Aktiounen ze maachen. Et ass jo gewosst, datt eis Kanner ëmmer méi déck an onbehollef ginn, an dat duerch e Manktem u Bewegung. Wa mer fréier zu Fouss an d'Schoul gaange sinn, op der Strooss gespillt hunn a keng Playstation a kee Gameboy haten, esou ass dat haut alles anescht. Wat immens frappant ass, dat ass, datt vill Elteren hir Kanner am léifste géife mam Auto bis an de Klassesall era féieren. Gedenkt eis Gemeng net, fir esou Informatiounscampagnen ze maachen ewéi de Stäremarsch, wou d'Kanner aus alle Quartieren aus enger Uertschaft zu Fouss an d'Schoul ginn a wou dann eng Léierpersoun am Quartier ass fir d'Kanner an d'Schoul ze begleeden?

Oder/an eng grouss Informatiouns-campagne bei den Eltere vun eise Primärschoulkanner ze organiséieren déi hinne verständlech mécht, wéi geféierlech et ass, wann déi kleng Kanner sech net méi genuch bewegen an zu Fouss ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech soe Merci fir är Interventioun well ech déi Suergen, déi der do opgefouert hutt, deelen. Net méi spéit wéi am Oktober huet de Ministère eis ugeschriwwe fir do Initiativen ze huelen, an opgronn vun däer Geschicht, vun deene Problemer, déi do bestinn, hate mer eis schonn - éier d'Regierung en Appel un eis gemaach huet – Initiativen hei an der Gemeng geholl. Ech erënneren hei drun, datt mer bei der Rentrée all Kand en Dépliant 'Zu Fouss an d'Schoul' ginn hunn. Mer hunn domat och versicht, d'Elteren ze mobiliséieren, datt et besser wier fir d'Kanner wann se zu Fouss an d'Schoul géingen. Ech weess och, an ech ka mech genee erënneren, datt an der Éigent-Schoul e Pilotprojet zesumme mat dem Léierpersonal, zesumme mat dem Assistant d'hygiène social – dem Här Engel -, mat der Direktioun vun der Santé – dem Dokter Yolande Wagner – a mat engem „médecin nutritionniste“ gemaach gouf. Et war eng Informa-tiounsversammlung, déi de Laurent Jentges, en Educateur, deen amgaang war esou e Projet am Kader vu senge Studien ze maachen, hei an der Éigent-Schoul organiséiert huet. Den 8. Februar 2006 owes war eng Reunioun hei 'A Rousen', wou d'Elteren opge-kläert goufen iwwer d'Iwwergewiicht vun hire Kanner, wou duerno an Atelierë geschafft gouf zesumme mat den Elteren, zesumme mat de Kanner an der Éigent-Schoul. Dat war e spezifeschen Dossier vun dëser Schoul, wat awer eng ganz flott Experienz war. Den Här Jentges huet mer duerno gesot, datt dat eng flott Experienz war an datt een dat do soll an Zukunft viruféieren an et schonn Uklang fonnt huet bei den Elteren.

Mer sinn och do amgaang zesumme mam Här Eschette, deen um Sportsministère schafft, an deen och scho verschidde Projeten – wéi zum Beispill zu Wolz – gemaach huet. Mer wëllen och esou e Pilotprojet 'Fit Péiteng' hei maachen. Et ass e Bündnis tëscht Gesondheet a Bewegung hei an eiser Gemeng. Dat ass e Projet, deen och vum Gesondheetsministère ënner-stëtzt gëtt, esou datt esou e Projet eventuell kann an eise Schoule gemaach ginn. Den Här Eschette war schonn eng Kéier bei eis, mer hu schonn do éischt Gespréicher gefouert, et ware Konferenzen an et soll esou eng Aktioun op nationalem Plang op d'Bee gesat ginn. An do si mär als Gemeng Péiteng och Demandeur fir do matzemaachen. Et ass nach net 100-prozenteg op de Schinnen, mee mer hoffen, dat am Laf vun den nächste Wochen op d'Schinnen ze kréien. Op jiddwer Fall huet dee Péitenger

Schäfferot säin Intressi dorunner ausgedréckt a mer wiere frou, wann dat och esou kéint iwwer d'Bühn goen.

Zu gudder Lescht wëll ech nach drop hiweisen, datt, am Kader vum Schoultransport, verschidden Elteren net méi spéit wéi viru knapp 14 Deeg bei mech koume fir ze froen, datt de Schoultransport ausgebaut gëtt. Et war och en Thema um Niveau vun der Generalversammlung vun der Eltere-vereenegung. An do hunn ech awer ganz däitlech gesot, datt mer schonn e Schülertransport organiséiere fir déi Kanner, déi méi wäit ewech wunnen, mee datt déi Kanner, déi hei ronderëm d'Stadhaus wunnen, awer solle kucke fir zu Fouss an d'Schoul ze goen. An och do en Appel un d'Elteren. Et kann net sinn, datt alles op d'Gemeng zeréckfält. Och d'Eltere sollen do hir Responsabilitéit huelen an hir Kanner - wa se mengen, datt se nach ze kleng si fir eleng an d'Schoul ze goen – an d'Schoul begleeden. Ech si scho frou, datt déi Interventioun hei am Gemengerot gemaach gëtt. Mer deelen dat komplett an et soll een do och Initiativen huelen nieft deenen, déi mer bis elo gemaach hunn. Firwat net e Stäremarsch. Mer mussen do mat dem 'Comité de cogestion' schwätzen ob se eppes wéi dat an d'Weeër kéinte leeden. Dat wier och eng flott Initiativ fir an deem Beräich d'Leit nees ze sensibiliséiere fir méi mat hire Kanner zu Fouss an d'Schoul ze goen. Ech sinn iwwerzeegt, datt, mat den Aktivitéiten, déi si maachen, si och dës Initiativ wäerten ënnerstëtzen.

---

# Séance publique du 11 décembre 2006

***Durée de la séance:*** *14.00 à 18.30 heures*

| **Présents:** | |
|---|---|
| Camille Bosseler, conseiller (CSV) | Guy Brecht, conseiller (LSAP) |
| Roland Breyer, échevin (CSV) | Roger Klein, conseiller (LSAP) |
| Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV) | Jeannot Linden, conseiller (LSAP) |
| Carlo Gira, conseiller (CSV) | Romain Becker, conseiller (Déi Gréng) |
| Pierre Mellina, bourgmestre (CSV) | |
| John Polfer, conseiller (CSV) | |
| Romain Rosenfeld, conseiller (CSV) | |
| Welter Gilbert, échevin (DP) | |
| **Absents et excusés:** | |
| / | Lily Gansen, conseiller (LSAP) |
| | Norbert Pierre, conseiller (LSAP) |

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 2.1.1. Hygiène publique: morgue de Pétange - réparation de la toiture et réfection de la façade - approbation.
     - 2.1.2. Agriculture: renaturation du cours d'eau de la Chiers entre l'ouvrage hydraulique de traversée de la Collectrice du Sud et le rond-point «Rue de l'Eglise » à Pétange - approbation.
   - 2.2. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 2.3. Litige en matière de paiement d'une facture émise par l'administration communale: autorisation d'ester en justice - décision.
3. Enseignement
   - 3.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 3.2. Service médical scolaire: remplacement d'un congé politique - convention avec Mme Sylvie Classen-Schumacher, infirmière - approbation.
4. Prévisions sociales
   - 4.1. Organisation d'activités de loisirs: convention avec la société « BDK.LU » de Pétange - approbation.
   - 4.2. Maison relais pour enfants scolarisés à Rodange: convention, avec le ministère de la Famille et de l'Intégration, fixant la participation financière de l'Etat aux frais d'aménagement et d'équipement - approbation.
5. Vie associative
   - 5.1. « E.D.C. Wild Darts » - statuts.
   - 5.2. « Stock Cars Club Rodange » - statuts.
   - 5.3. « Gladbacher Fohlen» - statuts.
   - 5.4. Dissolution de diverses sociétés locales.

6. Budget rectifié de 2006 et projet de budget pour 2007 de l'administration communale
   6.1. Présentation par le collège des bourgmestre et échevins.
   6.2. Questions et appréciations des conseillers communaux.

Séance secrète :

7. Office Social: renouvellement d'un cinquième du bureau - décision.
8. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Madame, dir Hären, ech begréissen iech zu dëser Gemengerotssëtzung. Haut wäerte mer d'Presentatioun an d'Diskussioun vum Budget hunn. Deen anere Freideg wäerte mer dann och am Kader vum Budget déi eenzel Projeten diskutéieren an doriwwer eraus dann ob verschidden technesch Froe vun iech äntwerten an dann och ofstëmmen.

Ech entschëllegen haut d'Madame Gansen an den Här Pierre. Den Här Filaferro huet jo bekanntlech de 14. November demissionéiert. Mer hunn alles op den Inneministère geschéckt, mee leider hu mer awer nach net déi néideg Dokumenter zeréckkrut. A mer waarden dann och drop fir eisen neie Member aus dem Gemengerot, den Här Muller, deen och scho gesot huet datt hien dat Amt unhëlt, ze vereedegen an hien an eise Kreeser ze begréissen.

## 2.1.1.

### Administration générale.

**Hygiène publique: morgue de Pétange – réparation de la toiture et réfection de la façade – approbation du décompte des travaux.**

Total des devis et des crédits approuvés: 30.000 €. Total de la dépense effective: 16.362,28 €.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.1.2.

### Administration générale.

**Renaturation du cours d'eau de la « Chiers » entre l'ouvrage hydraulique de traversée de la Collectrice du Sud et le rond-point « Rue de l'Eglise » à Pétange - approbation du décompte des travaux.**

Total des devis approuvés : 581.684,13 €. Total des crédits approuvés : 564.307,11 €. Total de la dépense effective : 556.559,28 €

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

**Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 126.247,90 €, dont le remboursement de l'Etat dans les travaux de jeunes chômeurs (104.311,53 €) et la TVA octobre 2006 (11.195,02 €).**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Hei hutt der eng Rei vu Recetten, déi mer an deene leschte Wochen a Méint enregistréiert hunn. Der fannt déi am Total vun 126.247,90 € opgeschlësselt a 17 Ënnerrubriken.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.3.

### Administration générale.

**Commune c/ M. Marc Dickes de Wolwelange : litige en matière de paiement d'une facture émise par l'administration communale – autorisation d'ester en justice – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Hei handelt et sech ëm Aarbechten, déi eis Gemengenservicer gemaach hunn am Kader vum Eidelmaache vun enger „fosse sceptique". Déi Aarbechten hunn 200 € kascht. Nodeems d'Aarbechte gemaach waren huet déi Persoun gesot, d'Gemengenservicer hätten do e Schued ugeriicht a se dofir refuséiert déi 200 € ze bezuelen. Mëttlerweil ass d'Affaire schonn um 'Tribunal d'arrondissement' an et sinn Experten ageschalt. An der éischter Phas kommen d'Experten dann och zum Schluss, datt d'Gemeng kee Feeler gemaach huet. An dofir kloe mer dann och déi 200 € an. Mer mussen natierlech waarden, wat zum Enn d'Geriicht seet.

**Roger Klein (LSAP):**

Wéi ass et méiglech, datt elo op eemol d'Friddensgeriicht vun Dikrech do intervenéiert?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Déi wunnen zu Wolwelange. Dat misst d'Ursaach sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

An der éischter Phas geet et hei eigentlech drëm fir déi 200 € ze kréien, onofhängeg vun deem Schued, deen d'Gemengenservicer anscheinend gemaach hunn, an dee mer och kontestéieren. Ech mengen, d'Aarbecht ass gemaach ginn an d'Rechnung misst bezuelt ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.1.

### Enseignement.

**Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat sinn déi üblech Fäll, wou ee krank ass a mer déi Stonnen ersetze mussen. Hei hutt der eng Lëscht an hei geet et drëm fir déi Kontrakten, déi de Schäfferot ënnerschriwwen huet, mat de respektive Ramplassange guttzeheeschen.

**Ratification à l'unanimité.**

## 3.2.

### Enseignement.

**Service médical scolaire : remplacement d'un congé politique – convention avec Mme Sylvie Classen-Schumacher, infirmière – approbation.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Der wësst, datt zanter Januar den Här Georges Engel Buergermeeschter zu Suessem ass an dofir säi „congé politique" ganz substantiell eropgaangen ass an hien och doduerch net méi esou disponibel ass fir eis Servicer wéi dat soss de Fall war. Mer hu versicht, eng Entlaaschtung fir hien ze fannen. Dat war guer net esou einfach

well déi Dispositiounen am Volet vun der Medezin net esou einfach sinn. Mer hunn et awer elo fäerdeg bruecht duerch d'Madame Classen d'Equipe „médico-socio-scolaire“ ze erweideren. An zwar an deem Sënn, datt, wou de Sozialassistent oder d'Krankeschwëster – wéi an eisem Fall - den Dokter begleet fir d'Kanner z'ënnersichen an och d'Dossieren an der Rei ze halen. Mer hunn dee Volet elo an zwee gedeelt. Deen ee Volet ass dee vu Péiteng, deen den Här Georges Engel och weiderhin assuréiert. Deen aneren Deel ass Rodange a Rolleng, dee vun der Madame Classen iwwerholl gëtt. Dat hu mer elo mol fir ee Joer esou gemaach fir ze kucken, wéi dat sech entwéckelt an ob et weidergefouert ka ginn. An da muss een och kucken, ob dat esou duer geet a sech net ausbreet op aner Aufgaben, déi den Här Engel fir de Moment nach assuréiert.

**Carlo Gira (CSV) :**

Also wann ech dat elo richteg verstanen hunn, dann ass dat jo nëmmen een Deel vun den Aarbechten, déi den Här Engel mécht.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Den Här Engel huet zwee Voleten ofzedecken. Deen een ass d'Schoulmedezin an deen aneren ass de soziale Volet. Wat d'Schoulmedezin ugeet, esou ass dat méi wéi d'Halschent vun deem Volet well et méi Klassen zu Rodange a Rolleng ginn ewéi zu Péiteng. Et ass awer net substantiell. Domat gëtt den Här Engel am Volet Schoulmedezin zur Halschent entlaascht.

Wat dee soziale Volet ugeet, do musse mer kucken – a mer sinn och amgaang dat z'analyséieren – wat op hien zoukënnt an den nächste Méint. Sollt hien déi Aufgab net assuréiert kréien, da musse mer klären, wat mer maachen. Et gi jo och Gespréicher gefouert fir de „congé politique“ vu verschidde Leit ze erhéichen. Ënner dee Régime géif hien och falen.

Mer géifen also dat heite Schouljoer ënner deene Konditioune maachen, genee analyséiere wou Enkpäss sinn. An da géife mer dem Gemengerot och Propositioune maache fir den Här Engel ze entlaaschten.

**Approbation à l’unanimité.**

## 4.1.

### Prévisions sociales.

**Organisation d’activités de loisirs : convention avec la société BDK.LU de Pétange – approbation.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat hei ass eng Konventioun, déi mer mat der Sociétéit 'BDK' hunn, déi sech elo 'BDK.LU' nennt. Se ass schonn zwee Joer hei an der Gemeng, wou se ausserhalb vun eise Vakanzaktiounen hir eegen Aktiounen op professioneller Aart organiséiert. An dat während de Vakanzen. Déi Firma wëll dat och elo an all Vakanz ubidden. Si hat jo ugefaange mat Ouschteren an der grousser Vakanz. Elo hu se vir, an all Schoulvakanz Aktiounen hei unzebidden. Mär fannen, datt dat eng ganz gutt Saach ass. D'Kanner ginn och ganz gutt betreit. Si kënnen do och bei ganz flotten Organisatioune matmaachen, och vill Sportaktivitéiten. Se gi mat hinne schwammen an an d'Sportshal. A fir d'Elteren, déi schaffen, ass dat eng ganz grouss Erliichterung. Mer hunn och mat hinnen ausgehandelt, datt déi Kanner, déi an eiser Gemeng wunnen, en „tarif préférentiel“ vu 50 € kréien. Fir déi Kanner vun auswäerts 70 €. Ech fannen, datt dat hei eng gutt Saach ass an ech géif iech dofir bieden, dat hei ze stëmmen.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Se ware jo déi lescht Joeren och hei bei eis. Ech wollt froen, ob dat och esou e groussen Impakt hei hat.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Se hu mat an déi 30 Kanner ugefaangen, an et ginn der ëmmer méi. Dofir hu se sech elo och ganz bei eis opgeschloen. Se hunn eng Adress hei bei eis an der Gemeng, an zwar op Nummer 2 an der rue de l'hôtel de ville. Se wëllen dat Ganzt och ausbreeden, well et ëmmer méi Kanner ginn. Et ass effektiv eng ganz grouss Nofro do.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et sinn och schonn aner Gemengen u mech erugetruede fir ze wëssen, wéi dee Service do géif fonctionnéieren a fir mat hinne Kontakt opzehuelen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Vun deene 50 op déi 70 € tëscht eise Kanner an de Kanner aus anere Gemengen, bezilt do d'Gemeng d'Differenz?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Neen, mär bezuele guer keng Differenz. Mär këmmeren eis net do drëm. Dat ass jo privat an do hu mär mat eiser Trésorerie näischt dermat ze dinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mär wollten awer ëmmer en Aen op d'Taxen hu well mer hinne jo och d'Infrastrukturen zur Verfügung stellen. Dofir mussen se eis soen, wat se de Kanner froen, net datt si op eemol do e grousse Bénéfice maachen. Et ass jo och eng Asbl, dat heescht, se mécht och keng Bénéficer. A mat deem, wat se froen, kënnen se keng grouss Bénéficer maachen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Komme mer do iwwerenee mat de Sportszentre wann déi Aktivitéite stattfannen? Et ass jo ëmmer während de Vakanzen. An der Summervakanz an iwwer Chrëschtdag si jo eis Zentren zou.

A meng zweet Fro bezitt sech op den Artikel 6, an deem steet „Toute contestation relative à l'application ou à l'interprétation de l'une des clauses du présent contrat, sera de la compétence des tribunaux luxembourgeois.“ Ech wollt froen, wat am schlëmmste Fall kéint geschéien, datt ee misst op d'Geriicht goen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Fir är éischt Fro ze beäntwerte muss ech soen, datt déi Datumen ëmmer ofgeschwat ginn, esou datt mer ëmmer laanschtenee kommen. Och mat de Sportveräiner. A wa mär am Summer eis eege Vakanzaktioun hunn, da leeft jo bei hinnen nach näischt, well se jo eréischt no eis ufänken.

Wann engem Kand eppes géif geschéien – et stécht ee jo net an engem Kand an et kann een ni soen, et géif näischt geschéien – da si se jo am Land registréiert. Wann do eppes wier, da wieren déi Lëtzebuerger Geriichter zoustänneg, wat och wichteg ass vis-à-vis vun den Elteren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech muss och nach derbäi soen, datt, wann et och emol Divergenzen tëscht de Partner géif ginn an der Konventioun, da gëtt dat esou geregelt.

**Guy Brecht (LSAP):**

Et erféiert een ëmmer, wann een esou eppes liest. Mee am Fong geholl ass et esou, datt mär ëmmer propper do sti wann eppes geschitt.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Jo, esou ass et.

**Approbation à l’unanimité.**

## 4.2.

### Prévisions sociales.

**Convention, avec le Ministère de la Famille et de l’Intégration, fixant la**

**participation financière de l'Etat aux frais d'aménagement et d'équipement d'une maison relais pour enfants scolarisés à Rodange – approbation.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wéi der wësst läit elo eng Konventioun vir an ech wier och ganz frou, wann der déi géift guttheesche fir datt mer dat anert Joer och kéinten ukomme mat däer Maison-relais, déi am leschten Drëttel vun der Bauzäit ass. Wéi dat ëmmer mat dem Stat geet, esou sinn do verschidde restriktiv Saachen déi ee muss anhalen. An zwar geet et dorëm, datt de Stat 50% vun den Totalkäschte vun dem Aménagement iwwerhëlt. An zwar déi ganz Infrastrukture si fir 109 Kanner virgesinn. Do ass e Maximum vun 10.000 € virgesinn „par chaise“, dat heescht pro Kand. 50% kréie mer dann och vun dem Equipement vun enger Kichen erëm, wou de Maximum awer bei 50.000 € läit. En Drëttel kréie mer fir d'Ariichtung vun enger Spillplaz, déi duerno hannen am Haff installéiert gëtt. An dat mat engem Maximum vun 8.500 €, déi mer do och vum Stat bäigeluecht kréien. Déi ganz Subventioun vum Stat fir déi Strukture wäert dann 1.145.800 € bedroen. Ech wier nawell frou, wann der déi hei Konventioun kéint matdroe fir datt mer do fir d'Rentrée 2007/2008 kéinten d'Kanner ophuelen.

**Roger Klein (LSAP):**

D'Subventioune vum Stat si jo plafonéiert. Wa mer jo iwwerall de Maximum kréien, ginn ech dovunner aus, datt eis „frais réels“ iwwer deem Plafong leien. Well mer jo och déi Maison-relais net selwer bauen, mee se vum Stat ofkafen. Kënnt der eis elo scho soen, wat nach duerno fir d'Gemeng ze bezuele bleift.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Fir d'Maison-relais ofzekafen hu mer de Moment fir d'Gemeng 2.200.000 € am Budget stoen, plus 150.000 € fir d'Arriichtung – also fir Dëscher a Still asw. Mer hunn och schonn Devisen ugefrot. A wa se de Moment esou bleiwe wéi se erakomm sinn, da komme mer mat deene Suen hin.

**Approbation à l'unanimité.**

## 5.1.

**Vie associative.**

**Société « E.D.C. Wild Darts » - statuts.**

**Il en est pris acte.**

## 5.2.

**Vie associative.**

**Société « Stock Car Club Rodange » - statuts**

**Il en est pris acte.**

## 5.3.

**Vie associative.**

**Société « Gladbacher Fohlen Lëtzebuerg asbl » - statuts.**

**Il en est pris acte.**

## 5.4.

**Vie associative.**

**Dissolution des sociétés « J.E.C. – Etudiants de Pétange » et « Club des Jeunes Oxygène de Pétange ».**

**Il en est pris acte.**

## 6.1.

**Administration générale.**

**Budget rectifié de 2006 et projet de budget de l'administration communale pour l'exercice 2007 : présentation par le collège des bourgmestre et échevins.**

La présentation par le collège des bourgmestre et échevins, les commentaires et questions des conseillers, les réponses du collège des bourgmestre et échevins et les discussions sont regroupés et reproduits aux pages 43 à 74 de ce bulletin.

## 6.2.

**Administration générale.**

**Budget rectifié de 2006 et projet de budget de l'administration communale pour l'exercice 2007 : questions et appréciations des conseillers.**

La présentation par le collège des bourgmestre et échevins, les commentaires et questions des conseillers, les réponses du collège des bourgmestre et échevins et les discussions sont regroupés et reproduits aux pages 43 à 74 de ce bulletin.

# Séance publique du 15 décembre 2006

***Durée de la séance:*** *14.00 à 18.00 heures*

| **Présents:** | |
|---|---|
| Camille Bosseler, conseiller (CSV) | Guy Brecht, conseiller (LSAP) |
| Roland Breyer, échevin (CSV) | Roger Klein, conseiller (LSAP) |
| Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV) | Jeannot Linden, conseiller (LSAP) |
| Carlo Gira, conseiller (CSV) | |
| Pierre Mellina, bourgmestre (CSV) | Romain Becker, conseiller (Déi Gréng) |
| John Polfer, conseiller (CSV) | |
| Romain Rosenfeld, conseiller (CSV) | |
| Welter Gilbert, échevin (DP) | |
| **Absents et excusés:** | |
| / | Lily Gansen, conseiller (LSAP)<br>Norbert Pierre, conseiller (LSAP) |

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale:
   - 2.1. Règlement général des tarifs: adaptations, introduction d'une taxe nouvelle - décisions.
     - 2.1.1. Enlèvement des immondices.
     - 2.1.2. Organisation d'anniversaires d'enfants dans la piscine de Rodange.
   - 2.2. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 2.2.1. Réaménagement de la cantine scolaire de Rodange - approbation.
     - 2.2.2. Redressement des rues J.-B. Gillardin/P. Hamer et construction d'un bassin d'orage à Pétange - approbation.
3. Ordre public: autorisation d'une collecte à domicile dans la localité de Rodange - décision.
4. Propriétés:
   - 4.1. Vente, à M. Radoje Djuric et Mme Dragana Nastasic de Lamadelaine, d'une contre-emprise place sise à Lamadelaine, rue de l'Eglise - décision de principe.
   - 4.2. Vente, à M. Carlos Neves Pires de Schifflange, d'une contre-emprise place sise à Lamadelaine, rue de l'Eglise - décision de principe.
   - 4.3. Vente, à la société « garage Reinert » sàrl de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit « Fohlenazing » - décision de principe.
   - 4.4. Cession, par l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg à la commune, d'emprises sises à Pétange, lieux-dits « Hinter den Gärten » et « Im Lärchen » - décision de principe.
5. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
6. Prévisions sociales: aide aux sinistrés du typhon aux Philippines - décision.
7. Environnement: octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables - décision.
8. Sports et loisirs: contrat, avec la société Axima Services d'Ehlerange, pour l'entretien et le dépannage des installations techniques de la piscine de Rodange - décision.
9. Transports et communications: règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
10. Vie associative: « Amicale Péitenger Senioren » - statuts.
11. Budget rectifié de 2006 et budget de l'exercice 2007.
   - 11.1. Réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins aux questions techniques des conseillers communaux.
   - 11.2. Travaux extraordinaires
     - 11.2.1. Administration générale: hôtel de ville - réaménagement du rez-de-chaussée (et remise en valeur de la façade) - approbation du devis actualisé.
     - 11.2.2. Enseignement: école « Neiwiss » à Rodange: réaménagement partiel des locaux - approbation du projet définitif (devis et plans).
     - 11.2.3. Enseignement: extension de l'école « am Päsch » à Rodange - approbation du devis actualisé et des plans.
     - 11.2.4. Enseignement: maison relais à Rodange - acquisition d'équipement et de mobilier divers - approbation du devis.
     - 11.2.5. Urbanisme: aménagement d'une nouvelle aire de jeux à Rodange, rue Fontaine d'Olière – approbation du devis.
     - 11.2.6. Urbanisme: renouvellement de l'éclairage public au parc à Rodange - approbation du devis.
     - 11.2.7. Environnement: élaboration du diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune - approbation du devis.
     - 11.2.8. Sports et loisirs: piscine couverte de Pétange - travaux de rénovation - approbation de l'avant-projet (devis et plans).
     - 11.2.9. Antenne collective de télévision: mise en souterrain d'une partie du réseau - approbation du devis.
     - 11.2.10. Agriculture: voirie rurale: travaux extraordinaires - approbation du devis.
     - 11.2.11. Transports et communications: mesures d'apaisement du trafic dans diverses rues de la commune - approbation du devis.
     - 11.2.12. Transports et communications: acquisition de feux tricolores - approbation du devis.
     - 11.2.13. Transports et communications: acquisition de nouveau matériel de signalisation - approbation du devis.
   - 11.3. Vote du budget rectifié de 2006 et du budget de 2007 - décisions.
12. Questions des conseillers communaux.

Séance secrète

13. Administration générale: commission des loyers - nouvelle formation - décision.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech begréissen iech zur leschter Gemengerotssëtzung vun dësem Joer, wou mer dann haut déi eenzel Devisen an och de Budget stëmmen. Dobäi kommen nach eenzel Punkten, déi mussen evakuéiert ginn.

Ech wollt iech och nach soen, wou mer am Dossier vum fräie Posten am Gemengerot stinn. Mer hunn eis de Moien e bësse méi schlau gemaach. De Sekretär huet gefrot, wou deen Dossier dru wier. Mer hunn elo per Fax dem Här Filaferro seng Demissioun an dem Här Muller seng Méiglechkeet, datt de Ministère ugeholl huet, datt hien dee fräie Posten am Gemengerot iwwerhëlt, krut. Ech huelen un, datt dee kompletten Dossier déi aner Woch wäert an eiser Gemeng sinn. Vum Distriktskommissär krute mer matgedeelt, datt dat an der Rei ass, esou datt mer d'Vereedegung vum Här Muller nach eventuell virum Enn vum Joer kënne virhuelen. Mee dat musse mer da mat him klären.

## 2.1.1.

### Administration générale.

**Règlement général des tarifs: adaptations, introduction d'une taxe nouvelle (enlèvement des immondices) – décisions.**

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Madame, dir Hären, mer sollen haut déi nei Taxe fir den „enlèvement des immondices" ofstëmmen. De 25. November 2002 ass fir d'lescht eng Taxenerhéijung virgeholl ginn, esou datt mer am Moment duerch déi méi héich Käschten 17,3% am Minus leien. Iwwer dat lescht Rechnungsjoer hate mer en Defizit vun 140.000 €. Well mer käschtendeckend schaffe sollen hu mer mam Accord vun der Ëmwelt- an der Finanzkommissioun vir, d'Halschent vum Defizit an d'Recette mat der „taxe fixe" an déi aner an d'Recette mat der „taxe variable" ze verrechnen.

Déi fixe Tax fir déi schwaarz Dreckskëscht klëmmt dee Moment de Mount vun 12 op 12,98 €, dat si fir d'Joer 155,76 € géintiwwer 144 € elo.

Déi variabel Taxe fir déi schwaarz Dreckskëscht klëmmt:

- bei 80 Liter vun 1,26 op 1,44 €;
- bei 120 Liter vun 1,91 op 2,16 €;
- bei 240 Liter vun 3,82 op 4,32 €;
- bei 1100 Liter vun 17,45 op 19,80 €.

D'Plastikssäck vu 60 Liter hu bis elo 15 € kascht a géifen op 16,5 € klammen.

Bei der grénger Dreckskëscht bleift de Vidange weider gratis.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech hu just eng kleng Nofro. Wann der Säit 39 huelt, do hutt der de „Compte de gestion 2003" stoe mat de Recette vum zweeten an och vum éischte Semester mat 1.323.963,56 €. A wa mer d'Recette vum „Compte de gestion 2003" op der Säit 40 kucken, da schaffe mer do mat 1.293.195,50 €.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech géif proposéieren, eisen Ëmwelt-beroder, den Här Braun, soll dat nokucken an déi néideg Erklärunge ginn. Fir mech ass den Tableau richteg. Fakt ass, datt mer nach ëmmer – och no der Taxenerhéijung – eng ronn 25.000 oder 26.000 € erwaarden. Fakt ass och, datt mer de Moment um Niveau vun den Amortissementer am extraordinären Invest absolut näischt de Moment dran hunn. 2010 musse mer dat gemaach hunn. An da musse mer déi Zommen an déi Taxe mat erarechnen. An dann ass nach eng weider Erhéijung ze erwaarde wa mer eis un déi europäesch Direktiv mussen halen.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, ech hu bei der Taxenerhéijung, déi elo virgeschloe ginn ass, esou wéi wuel déi meeschte Leit hei ronderëm den Dësch, en zweegedeeltend Gefill. Op der enger Säit héiere mer ëmmer vu Säite vun der Regierung a vun eisem Premier, datt mer an Zäite vun enger Spuerpolitik liewen, an et ass eng Akommes-stagnatioun do, woufir d'Gemengen och vun der Regierung opgefuerdert ginn, keng Taxen ze erhéije fir d'Inflatioun net an d'Luucht ze dreiwen. Op däer aner Säit hu mer awer och europäesch Direktiven, déi eis indirekt oder villméi direkt soen, datt mer dat direkt musse maache fir op dat Zil ze kommen, dat eis gestallt gëtt. Woubäi mer eis awer och musse froen, ob dat, wat an eenzelne Länner an Europa richteg ass, och an enger Situatioun, wéi mer se haut zu Lëtzebuerg erliewen, richteg ass. Op der enger Säit kréie mer op alle Fall gesot keng Taxen ze erhéijen, op däer aner Säit musse mer awer, wa mer „autoportant" wëlle sinn, d'Taxen erhéijen.

Eng zweet Saach wou ech e komescht Gefill hunn, dat ass, datt däer sot, mer miissten déi Taxen erhéijen, well mer esou an esou vill Defizit hu par rapport zum leschte Kont. Wat evident ass. An da gëtt awer nëmmen en Deel vun deem Defizit duerch d'Erhéijung gedeckt. Dofir meng Fro: ass dann elo nëmmen esou en halwe Courage do fir d'Taxen ze erhéijen. Ass en dann net do fir ze soen, mer géife ganz einfach d'Taxen nach méi erhéije fir käschten-deckend par rapport zum leschte Kont ze fueren? A wann een sech dat emol ukuckt, da geet et ëm Centimen. Dat ginn ongeféier zwee Euro pro Mount fir eng Famill. Mee wann een sech dat awer a Prozenter ukuckt, da geet et ëm wesentlech Prozentsätz. An et geet och ëm eppes Disparates. Et war gesot ginn, datt mer dat zur Halschent iwwer d'Unhéijung vun der fester Tax an zur Halschent iwwer déi modulabel Tax maachen. Wann ech kucken, dass déi fest Tax vun 12 € op 12,98 € eropgaangen ass, dann ass dat eng Erhéijung vu ronn 8,25%. Wann ech awer kucken, wat déi eenzel Vidangë vun den Dreckskëschten an d'Luucht ginn, zum Beispill déi vun 80 Liter vun 1,26 op 1,44 €, dann ass dat schonn eng Erhéijung vu 14,3%. An och bei deenen aneren Dreckskëschte läit d'Erhéijung bei iwwer 13%. Dat heescht, datt do en aneren Taux geholl gëtt wéi bei der fester Tax. An da kann een erëm eng Kéier soen, zwee Euro ass net d'Welt, mee et ginn elo vill Saache méi deier. D'Autosteier geet an d'Luucht, d'Brout gëtt méi deier well wéi et schéngt de Präis vum Miel weltwäit geklommen ass. Fir vill Stéid ass dat awer eng grouss Belaaschtung. Hei e puer Euro, do e puer Euro. Et gëtt een effektiv ëmmer méi aarm. An et si wahrscheinlech ëmmer méi Stéid, déi de Rimm musse méi enk maache fir iwwer d'Ronnen ze kommen.

Meng lescht Iwwerleeung ass déi hei: wa mer dat hei maachen, da si mer an enger gewësser Logik well eis Onkäschte ginn ëmmer an d'Luucht an dofir musse mer eis Taxen och upassen. Mee ech erkennen awer och e gewëssene Fatalismus do dran. Ech erënnere mech un den Diderot, deen dee schéine Roman 'Jacques le fataliste' geschriwwen huet. Ech hoffen, datt mer hei net 'Pierre le fataliste' sëtzen hunn, mee wat ech mer géif wënschen, dat wier eng aktiv Initiativ an Iwwerleeung. Mer kënnen net einfach

higoen a soen, datt dëst oder dat eis méi deier gëtt a mer mussen all Joer esou vill méi froen. Mer mussen op däer aner Säit och d'Initiativ an de Wëllen ergräifen – och eventuell en Audit maachen – fir ze kucken, wéi mer déi Käschten an de Grëff kréien.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Gutt, do sinn e puer Iwwerleeungen dran, op déi ech och gären äntwerten. Den Här Welter wäert do och nach déi eng oder aner Bemierkung maachen. Wat d'Taxenerhéijung, déi der uschwätzt, ugeet, a wou de Premier soll gesot hunn, datt dat net soll geschéien, esou hunn ech dat net esou eraushéieren. De Premier huet ganz kloer de Gemengen den Optrag an d'Richtlinn ginn, se solle moderat virgoen an den Taxenupassungen. Do konnt en awer ganz kloer net déi hei Tax gemengt hu well en sech do jo selwer engagéiert huet. An op däer aner Säit huet e jo och eng europäesch Direktiv matgedroen, an däer et heescht, datt déi do Offerte vu Servicer käschtendeckend sollte sinn. Wat hien domat gemengt huet – a mer haten och viru kuerzem an der CSV eng Diskussioun doriwwer – dat sinn all déi Taxen, wou mer keng Obligatioun hunn iwwer déi europäesch Direktiv fir déi Taxen unzepassen an d'Ausgabe mat de Recetten oder ëmgekéiert an d'Gläichgewiicht ze kréien. Wat hien also ganz kloer deemools gemengt huet, dat sinn d'„taxes de chancellerie“, wou mer och eng Instruktioun krute vum Inneministère, datt mer sollten eng Brems aleeën.

Wat elo deen halwe Courage ugeet, do gëtt et eng Ursaach firwat mer net dee ganze Budget équilibréiert hunn. D'Ursaach läit doranner, datt mer gesot hunn, mer géifen an dëser Phas domat beschränken - an dat ass eng Richtlinn, déi mer an alle Beräicher hunn, esou wuel beim Waasser wéi beim Ofwaasser -, datt mer eis um Niveau vum ordinäre Budget wëlle fir d'éischt an d'Gläichgewiicht bréngen.

**Roger Klein (LSAP):**

Entschëllegt, nach eng kuerz Zwësche-bemierkung heizou. Ech hunn an Erënnerung aus der Presentatioun vum leschte Méindeg, datt mer mat dëser Erhéijung nach en Defizit behalen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Jo, ech kommen elo dorop ze schwätzen. Dat ass also dat, wat mer wëllen ustriewen. Mer wëssen awer, wann een d'Chifferen e bësse kuckt a mer de rektifizéierte Budget mat dem Budget 2006 vergläichen – an ech hat och an der Presentatioun gesot, datt mer grad um Niveau vun der Müllentsuergung, doduerch, datt de Recycling Zenter méi héich ugesat ass wéi dat wat mer elo 2006 brauchen, an datt mer um Niveau vun der Kläranlag manner Sue gebraucht hu wéi mer dat am Virfeld gesinn hunn –mer hei héich Chifferen agedroen hu fir datt mer genuch Kreditter hu wa mer Rechnunge kréien. Och wann een dat net 100-prozenteg kann aschätzen. Deen heiten Déséquiliber besteet opgronn vun deenen héich ugesaten Ausgaben, déi am Budget stinn, awer ganz moderéiert Recetten. Esou datt mer awer dovunner ausginn – wann déi definitiv Chiffere fir 2007 feststinn -, datt mer mat dem Defizit vu 25.000 €, deen de Moment am Budget steet, vläicht am rektifizéierte Budget méi no un d'Gläich-gewiicht kommen a mer bei der Presentatioun vun dem Kont 2007 schonn an d'Gläichgewiicht kommen. Ech weess, datt mer och vläicht net ganz drop kommen, mee dat ass d'Ursaach firwat mer net 100-prozenteg dat hei eent zu eent ëmsetzen. An dat well mer awer eng ganz Rei Leit hunn, déi dat am Portemonni spieren a mer wëlle si och elo net iwwerméisseg belaaschten. Dofir hu mer gesot, mer géifen déi Taxen esou héich asetzen, fir datt mer vläicht e klengen Defizit schreiwen oder och net, je nodeem wéi sech d'Ausgaben entwéckelen.

Wat d'Fro vum Spueren ubelaangt, esou muss ech ganz kloer soen, datt mer et do mat enger Rei vu Phenomener ze doen hunn. Mer hiewen hei d'Taxen ëm ronn 10%. Den Här Welter huet dat richteg gesot, datt déi Tax zanter 2002 net méi geännert gouf. Wann een eleng den Index hëlt, d'Deierecht vun 2002 op 2007, dat géif et schonn eleng mat deenen 10% net duergoen. Esou datt ee ganz kloer muss dovunner ausgoen – et kann een dat Fatalismus nennen -, datt alles iwwer d'Zäit méi deier gëtt - schonn eleng duerch d'Entwécklung vun de Gehälter -, an datt et kaum méiglech ass fir d'Entwécklung vun den Ausgabe méi kleng ze hale wéi se elo sinn. Am Géigendeel, mer hunn e Maximum un Ustrengungen an deene leschte Joere gemaach well soss wier déi Progressioun méi héich wéi se elo ass. An et brauch een nëmmen an de Gemenge ronderëm eis ze kucken, da sti mär mat eisen Taxe ganz niddereg do verglach mat den Nopeschgemengen ewéi zum Beispill Déifferdeng. Do sinn d'Taxe sécher-lech méi héich. Fazit: mer sinn eis bewosst, datt mer am Moment nach am Budget defizitär sinn, mee mer hoffen duerch déi ganz moderat geschate Recetten an déi ganz komfortabel geschaten Ausgaben, déi mer elo hunn, datt deen aktuellen Defizit am rektifizéierte Budget an och spéider am Kont net méi esou héich ass. Do kënnen natierlech Iwwer-raschunge kommen, déi een elo vläicht net ka virausgesinn. Mee op Grond vun deem, wat mer elo wëssen, ass den Defizit sécherlech net esou wéi en elo am Budget steet.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Mer hunn effektiv déi fix an déi variabel Taxe aus deenen zwee leschte Semestere geholl, wou mer d'Donnéeën haten. Op Basis dovunner hu mer gemeet, datt et käschtendeckend ass, esou datt effektiv de Prozentsaz tëscht der Erhéijung beim fixen Taux manner héich ass ewéi dee beim variablen Taux. An dat well einfach eng Differenz tëscht deenen zwee besteet.

Effektiv ass och – wéi et gesot gouf – an anere Gemengen erhéicht ginn. Mer hu gemengt, datt, wa mer käschten-droend an deem Sënn fir déi zwou Taxe kënne schaffen, mer och propper vis-à-vis vum Bierger do géife stoen. A wann et net anescht ass, da muss een dat anert Joer nach eng Kéier kucken, mee mer sinn och net der Meenung, datt mer elo kräfteg sollten erhéije well dat de Leit dach géif wéi doen an eventuell dann am nächste Joer e Bénéfice deklaréieren. Dat wéilte mer och net. An aus deem Grond hu mer net esou vill erhéicht wéi dat op aner Plaze vläicht gemaach gouf.

**John Polfer (CSV) :**

D'Finanzkommissioun huet e favorablen Avis ofgi fir d'Erhéijung vun den Taxe fir d'Dreckskëschten. Nach just e Wuert zu de Plastikssäck, déi jo och gehéicht gi sinn. Mer sinn och der Meenung, datt dës Säck nach ëmmer eng Ausnam solle bleiwen. Et ass festgestallt ginn – de Receveur huet mer dat och bestätegt -, datt ëmmer méi däer gieler Tute kaf an och dobaussen opgestallt ginn. Dat soll awer net méi bëlleg si wéi déi normal Dreckskëscht. D'Leit solle sech mat hirer normaler Dreckskëscht of-fannen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et deet natierlech ëmmer wéi, wann een als Gemeng de Leit dobausse muss soen, datt d'Taxen erhéicht ginn. Mee aus eiser Siicht mussen déi do Taxen onbedéngt erhéicht ginn. Wat mer awer vum Schäfferot fuerderen, dat ass eng massiv Informatiouns-campagne well dat net einfach esou kann dobaussen an de Raum gestallt ginn, datt dat elo méi deier gëtt. Do fuerderen ech och den Ëmweltschäffen op, fir do esou eng Campagne ze maachen an de Leit ze erklären, wat se kënne maache fir manner Taxen ze

droen. Et muss een de Leit och de Prinzip vum „pollueur-payeur“ erklären, well déi meescht Leit verstinn net, firwat mer dann elo méi Sue froe fir d'Müll-abfuhr. Als Gréng si mer natierlech dofir. Dozou krute mer jo operluecht, fir bis 2010 déi ganz Taxe käschten-deckend ze halen.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Ech soe Merci dofir. Et ass effektiv esou, datt mer dat do net einfach duerch eng Rechnung de Leit kënne matdeelen, datt d'Taxen erhéicht goufen. Natierlech informéiere mer – an do hu mer schonn entscheet, datt do eng Informatioun erausgeet – iwwer déi ganz Taxen.

Ech wëll nach vläicht dozou soen, datt mer no laangen Diskussioune be-schloss hunn, an dat obwuel aner Gemenge schonn ugefaangen hunn, déi gréng Dreckskëschten net ze taxéieren. Soss geet et an déi aner Dreckskëscht mat eran. Mer hunn drop verzicht well mer wëllen, datt d'Leit nach esou vill wéi méiglech vun däer grénger Dreckskëscht solle profitéieren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech wollt nach just dem Här Mike Braun d'Wuert gi well do jo eng Fro vum Här Linden ass zu den „taxes ordures“ op de Säiten 39 a 40 an ärem „aide-mémoire“. Do hu mer aner Chifferen am „compte de gestion“ 2003 stoen ewéi dat, wat mer bei „recettes – compte de gestion“ 2003 stoen hunn. Ech ginn dovunner aus, datt dat mat deene verschiddenen Exercicer ze doen huet, mee där kënnt dat vläicht besser erklären.

**Mike Braun (Ëmweltbureau):**

Et ass u sech esou, datt, wéi d'Taxen am Joer 1997 agefouert gi sinn, als Prinzip festgehale gouf, datt de „compte de gestion“ vun deem Joer virdru géif gekuckt gi wat d'Ausgaben ugeet. Dat ass also all Kéier am Mee. An da géif ee kucke fir mat deem zweete Semester vun deem Joer an deem éischte Semester vun deem Joer drop dee „compte de gestion“ gedeckt ze kréien. Wann een dann déi alleréischt Tabell kuckt, de „compte de gestion“ 1996, dorënner si just d'Ausgaben ze verstoen. Hannendru stinn d'Recetten aus dem zweete Semester 1997 an dat vum éischte Semester 1998. Dann huet een hannen d'Recette vun engem ganze Joer. Esou, datt dat net dat selwecht ass. Wat an der éischter Kolonn steet, de „compte de gestion“ – mat deem Beispill, wou dir elo gesot hutt - „compte de gestion“ 2003 mat 1.323.000 €, dat sinn Ausgabe vum Joer 2003. Déi sollten, laut der Theorie wéi d'Taxen am Joer 1997 agefouert goufen, vun de Recette vum zweete Semester 2004 an dem éischte Semester 2005 vun de Leit dobausse gedeckt ginn. Da kënnt een op 1.331.000 € Recetten.

Hannen ass just eng Kéier ugefouert, wéi d'Recetten – deemno wat fir ee Joer een elo hëlt – am Budget op dem „exercice budgétaire“ waren. An dat just fir se eng Kéier ze vergläichen an ze gesinn, ob se variéieren oder net.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass kloer, datt, wat am „compte de gestion“ steet, also dee Chiffer vun 1.323.000 €, dat d'Ausgabe sinn; déi 1.293.000 € sinn d'Recetten, déi am Joer stinn; déi 1.331.557 € sinn d'Recette vun 2004 an dem éischte Semester 2005.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dann hunn ech nach net meng Fro beäntwert krut. Vir, an der éischter Kolonn, bei „compte de gestion“ steet 1.323.000 €. A wann ech dann déi aner Säit kucken, da sinn dat jo dann d'Recetten.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat éischt sinn d'Ausgaben, dat anert sinn d'Recetten. Et misst ee vläicht dohinner schreiwen, datt et Ausgabe sinn. Mer soen dem Här Braun Merci fir d'Explikatiounen.

**Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) contre 3 abstentions (LSAP).**

**Guy Brecht (LSAP):**

Ech mengen, den Här Klein huet schonn alles gesot firwat mär eis hei enthalen.

## 2.1.2.

### Administration générale.

### Règlement général des tarifs: adaptations, introduction d'une taxe nouvelle (organisation d'anni-versaires d'enfants dans la piscine de Rodange) – décisions.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Mer hunn eng grouss Nofro vu Kanner, déi hire Gebuertsdag an der Rodanger Schwämm feiere wëllen. D'Organisa-tioun verleeft esou: et si Kanner tëscht véier an 12 Joer. Et mussen der op d'mannst 10 sinn an d'Gebuertsdags-kand kënnt gratis eran. Ee Softdrink, ee Snack an eng Glace ginn offréiert. Et ass egal wat bestallt gëtt. De Gebuertsdagskuch kënnen se mat-bréngen an och do iessen. D'Méiglech-keet fir eng Animatioun vun de Schwammmeeschteren oder dem 'Cercle nautique' ze kréie sinn och gebueden. De Schäfferot, mat der Zoustëmmung vun der Finanz-kommissioun, proposéiert d'Aféierung vun engem Tarif vu 7,5 € pro Kand.

Am „règlement général des tarifs“ kréie mer dann zousätzlech am Paragraphe 7 'Piscines et bains' bei den Entréeën och nach 'Supplément pour groupes anniversaires enfants'. Ech soen iech Merci wann d'Kanner duerch är Zou-stëmmung an Zukunft hire Gebuertsdag am PiKo feiere kënnen.

**John Polfer (CSV) :**

D'Finanzkommissioun huet zwar zur Organisatioun vun esou engem Gebuertsdag e puer Froe gehat. An zwar firwat do e Minimum vun 10 Gäscht steet an ob een net och e Maximum kéint drasetzen.

Et steet och do, datt een de Gebuertsdagskuch kéint matbréngen. Am interne Reglement steet awer, datt ee keng Iesswuere soll mat an d'Schwämm bréngen.

Am Präis vu 7,5 €, ginn do d'Onkäschte vun der Consommatioun pro Persoun dermat gedeckt? Mer hunn doriwwer diskutéiert. Mat 7,5 € wäert et sech ëm den Akafspräis handelen, deen do berechent gëtt. Da kéint et duergoen.

Wéi ass et wann e puer Kanner op deem selwechten Dag Gebuertsdag hunn? Dann nach vu mär aus eng kleng Informatioun well den 'Cercle nautique' do genannt gëtt. Ech war eng Kéier gefrot gi vun engem Bekannten, dee gären e „baptême de plongée“ gemaach huet fir de Gebuertsdag. Hien hat nach fënnef Kollegen agelueden, déi dat och wollte maachen. An dunn hunn den Här Welter an den Här Kayser mech gefrot, ob ech ech dat net fir aner Leit oder Kanner, déi Gebuertsdag feieren, kéint maachen. Bon, ech hu jo och e bësse méi Zäit an der Pensioun an ech hunn zougesot, wann et net grad all Woch gemaach gëtt. Dat ass gemengt, wann do den 'cercle nautique' ernimmt gëtt a mäin Numm och do steet. Och dat Material, wat ech brauch, kréien ech vun der Federatioun zur Verfügung gestallt an ech muss der Federatioun dofir natierlech och e Präis bezuele well jo fir d'Kanner alles méi kleng ass.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Et ass kee Maximum vu Leit gesat. Ech weess och net, firwat kee Maximum gesat gouf, et kéint een awer een asetzen. Normalerweis geet et och net op eng héich Zuel eriwwer. Mee am Prinzip géif ech mengen, datt

et bis zu enger Zuel vun 20 oder 25 Kanner kee Problem dierft sinn.

**John Polfer (CSV) :**

Jo, mee déi dierfen awer dann net alleguer e „baptême de plongée" maachen.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Do kann een natierlech driwwer diskutéieren an och eventuell eppes ënnerhuelen.

Wat de Kuch ubelaangt, esou steet wierklech am Reglement, datt et verbueden ass eppes mat eranzehuelen. Dat hei wier dann eng Ausnam, an et géif och nëmmen op deenen zwee Dëscher vir bei der Buvette gemaach ginn. Do ass och eng gewëssen Iwwerwaachung op der Plaz, well et muss jo an dësem Fall e Responsabelen derbäi si.

De Präis vu 7,5 € ass effektiv fir et attraktiv ze maachen. Et ass och effektiv käschtendeckend an et soll och eng Reklamm si fir de PiKo. Am Moment ass och eng grouss Nofro do. Wann effektiv méi Gruppen do sinn, déi dee selwechten Dag wëllen an de PiKo kommen, do hu mer mat dem Responsablen aus dem PiKo ausgemaach, datt deen éischte vir ass a si d'Recht hu fir zwou Gruppen eranzeloossen an dann eventuell deenen anere virzeschloen, zu enger anerer Zäit op deem Dag oder och op engem aneren Dag ze kommen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et läit och an der Déliberatioun e klenge Feeler vir. Et ass „Droits d'entrée par personne" 7,5 €, mee hei steet 'Supplément pour groupes anniversaires enfants' . Dat ass net richteg. Et ass pro Persoun. Wéi d'Organisatioun ass, dat kënne mer net iwwer en Taxereglement maachen. Wann et noutwenneg schéngt a mer iwwerrannt gi vu Gruppen, da musse mer eis hei am Gemengerot e Reglement gi fir festzeleeën, wéivill Gruppe mer unhuelen.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, där hutt meng Fro scho beäntwert well ech wollt kloer stellen ob déi 7,5 € pro Persoun oder pro Grupp ze bezuele sinn. An et misst een och derbäi setzen, datt déi Consommatioun an de Snack, déi offréiert ginn, net fir de ganze Grupp ass mee och pro Persoun.

An dann nach eng zweet Fro. Ech ka mer virstellen, datt, wa Kanner kommen, och Erwuessener matkommen. Dat heescht jo, datt jiddereen, deen d'Entrée bezuelt huet och ka schwamme goen. Wann awer elo Leit mat erakommen, déi net wëlle schwamme goen, bezuelen déi awer Entrée oder wéi geet dat?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Jo, jiddereen dee mat erakënnt bezillt Entrée.

**Roger Klein (LSAP):**

Dann setzt da vläicht just „par personne" bei déi dräi Zeilen derbäi, esou datt et och kloer ass.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et gëtt een d'Gefill net lass, datt déi Schwämm mat alle Mëttelen no baussen hi muss verkaf ginn. Sief dat, datt de Kleeschen elo dohinner kënnt, sief dat, datt d'Leit elo kënnen e Gebuertsdag do feieren. Mer si geschwënn esou wäit, datt och nach d'Chrëschtkëndchen oder den Ouschterhues an d'Schwämm kënnt a mer och d'Rentnerfeier do feieren. Mat Entrée natierlech. Mee ëmmerhin nach léiwer am PiKo wéi am McDonald's-Restaurant – oder wéi se och all heeschen – mat de Kanner feieren.

Wat ech awer nach ëmmer gesinn, dat ass déi Zuel Minimum. Do kann ech mat der Äntwert net zefridde sinn. Wann awer eng Kéier e Grupp vun aacht Leit dohinner kënnt fir ze feieren, dat haten déi ebe Pesch.

Eng aner Saach, déi ech gesinn, dat ass eng ganz grouss Gefor. Jidderee vun eis war jo schonn emol op engem Kannergebuertsdag, wou d'Kanner geckeg sinn an ausflippen, Fänkes spillen a wat net nach alles. Ech fäerte ganz, datt mer déi Geschichte wéi e Gebuertsdag esou laang am PiKo duerchzéie bis eng Kéier eppes geschitt.

Eng aner Saach ass natierlech och déi, datt mer jo de PiKo esou gutt wéi méiglech wëllen no bausse verkafen. Et war an der Allerhellegevakanz, wou mech doheem véier Leit ugeruff a gesot hunn, firwat d'Schwämm an der Vakanz zou wier, wou dach esou vill Reklamm dofir gemaach géif ginn.

An da wëll ech nach eppes zu deem Punkt soen, wat awer net onbedéngt eppes mat dëser Déliberatioun ze doen huet. D'lescht Joer, bei der Vakanzaktioun, kruten d'Kanner alleguer e Gratisbilljee fir an de PiKo fir dee selwechte Weekend. Wann déi awer alleguer dee selwechte Weekend dohinner gaange wieren, „bonjour les dégâts".

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech wëll vläicht hei op zwou Saachen agoen. Et ass net esou Här Becker – dir verdréint hei e puer Saachen -, datt mär hei Saache wëllen aféiere fir d'Promotioun vum PiKo. Obwuel et eng ganz gutt Saach ass, well wann een esou en Objet huet, da muss een och kucken, datt ee Clienten huet. Mee et ass effektiv eng Demande do, a mer si scho regelméisseg mat Ufroë konfrontéiert ginn. A well esou eng Demande do ass kënnt déi Tax och elo, fir datt mer kënnen de Kader beschreiwen, an deem esou eppes ka stattfannen.

Wat déi Fro vun der Allerhellegevakanz ugeet, do muss ech iech ganz einfach soen, datt déi Schwämm eng Kéier am Joer e puer Deeg zougemaach gëtt fir den Ënnerhalt ze garantéieren. Ech hunn och schonn esou Uriff kritt ewéi dir. Mee dat kënne mer net an der Schoulzäit maache well d'Schoulen awer d'Prioritéit hunn an däer Zäit. Am Summer hätte mer d'Schwämm och gären op an et géif sécher nach manner gutt ukomme wa mer d'Schwämm géifen dann zoumaachen. Esou datt mer zur Konklusioun koumen, datt mer se awer eng Kéier zou miisste maachen, an zwar an der Allerhellegevakanz. Do komme mer einfach net derlaanscht, an all déi aner Schwämme ginn och eng Kéier zougemaach dofir. Dat ass d'Ursaach.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Et bleift nach just ee Punkt, an zwar wat d'Gebuertsdagsparty am PiKo ugeet. D'Kanner si vläicht méi op de Gebuertsdag agestallt a se sinn och vläicht e bësse méi opgedréint, dat ass kloer. Ech mengen awer, datt mer do verantwortlech Leit sëtzen hunn. D'Schwammmeeschteren hunn d'Responsabilitéit, datt, wann eppes net esou ass wéi d'Reglement et virgesäit, se direkt stéieren. Mer haten och scho Fäll, wou effektiv Kanner sech net ginn hunn. Déi si virun d'Dir gesat ginn. Et ass schonn eng Opsiicht do. Bis haut ass nach näischt geschitt an ech mengen, et soll een net esou schwaarz gesinn.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Domat ass d'Fro vum Minimum vun de Leit nach net beäntwert. Ech géif fannen, datt een dat net sollt op 10 stoe loossen, mee op 5 erofsetzen.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

De Problem ass, wa mer d'Zuel géifen op fënnef erofsetzen, mer vill administrativ Aarbecht kréiche well dat jo awer alles muss organiséiert a preparéiert ginn. Dofir hu mer gemengt, mer sollten dat op 10 festleeën, well soss geet et och mat de Käschten net méi op.

**Accord avec 11 voix et une abstention (Déi Gréng).**

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech begrënne meng Enthalung domat, datt, wann eng Kéier eppes geschitt, ech mer net wëll de Kapp zerbriechen. Do wëll ech net responsabel sinn an Nuechte laang net kënne schlofen.

## 2.2.1.

### Administration générale.

**Décomptes de travaux extra-ordinaires. réaménagement de la cantine scolaire de Rodange – approbation.**

Total des devis approuvés: 74368,06 €; total des crédits approuvés: 55368 €; total de la dépense effective: 15072,13 €.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Hei zou ass ze soen, datt deen ursprénglechen Devis geduecht war fir nach méi wäit ze goen. Mee zanter mer wëssen, datt mer eng nei Kantin, eng Maison-relais am Zentrum vu Rodange kréien, hu mer dat Noutwennegt gemaach fir iwwer d'Ronnen ze kommen. Also e gutt Stéck manner wéi am Devis virgesi war.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.2.2.

### Administration générale.

**Redressement des rues J.B. Gillardin / Pierre Hamer et construction d'un bassin orage à Pétange – approbation du décompte des travaux.**

Total du devis approuvé: 4492676,35 €; total des crédits approuvés: 3931948,42 €; total de la dépense effective: 3910043,94 €.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.

### Ordre public.

**Autorisation d'une collecte à domicile dans la localité de Rodange – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat hei ass och all Joer, wou d"Amicale Nidderréideng Rodange' eis freet fir vum 15. Januar bis de 15. Februar eng Collecte an den Haiser ze maachen. An dat fir déi néideg Suen zesummen ze kréie fir d'Buergbrennen an och fir dat schéint Freedefeier, dat se all Joer fir Nationalfeierdag maachen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Muss dat heiten an de Gemengerot kommen oder kann do och de Schäfferot eleng entscheeden?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Neen, dat muss an de Gemengerot kommen. Et ass jo keng „liste de souscription", se gi vun Haus zu Haus. Dat soll och op e Minimum reduzéiert ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

### Propriétés.

**Vente, à M. Radoje Djuric et Mme Dragana Nastasic de Lamadelaine, de contre-emprises (places) sises à Lamadelaine, rue de l'Eglise – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Hei geet et ëm de Verkaf vun engem klenge Stéck Terrain, et sinn am ganzen 19 Centiar, un den Här Djuric an d'Madame Nastasic zu Rolleng an der rue de l'Eglise. Mer wëllen elo mat deenen Emprise méi séier virgoen an et esou séier duerchféiere fir datt mer do och „en règle" sinn. De Präis ass mat 500 € pro Ar virgesinn, esou datt dat eng Zomm vu 95 € ausmécht. Ech géif iech och bieden, dat ze stëmme fir dëst ze regulariséieren.

**Roger Klein (LSAP):**

Bei dëse Saachen ass jo den administrativen Opwand méi grouss wéi d'Zomm, déi mer kënne kréien. Et ass eng Zomm genannt gi vu 500 € pro Ar. Ech ka mech erënneren, datt d'Gemeng schonn aner Zomme bezuelt huet wa mer en Terrain kafe wollten oder Terrainë kaf hunn. Zum Beispill wann e Gebai drop stoung. Ech sinn awer der Meenung, datt, wa mer esou Emprise kënne regulariséieren, dann ass dat do e verstännege Präis. Et kann ee jo dann dovunner ausgoen, datt dat de Präis ass, deen der fixéiert hutt fir Emprisen ze kafen oder ze verkafen, egal wat fir eng Emprise dat ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass och e Präis, deen orientéiert ass um Präis deen de Stat an esou enger Situatioun bezilt.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech hunn elo verschidde Mimike gesinn am Schäfferot, esou datt ech dervun ausginn, datt am Kader vun ärer Bemierkung och nach eng Restriktioun ze maachen ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Eng ganz liicht.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Et kann een awer och derbäi soen, datt, wa mer Emprise fir näischt kréien, mer déi och unhuelen. Et sinn och vill Plazen, wou mer einfach esou mat de Leit eens ginn an näischt musse bezuelen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

A ganz ville Fäll ass et och esou, datt et de Leit net méi ganz vill bréngt.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

### Propriétés.

**Vente, à M. Carlos Neves Pires de Schifflange, d'une contre-emprise (place) sise à Lamadelaine, rue de l'Eglise – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass an der selwechter Strooss zu Rolleng. Dës Kéier handelt et sech ëm den Här Carlo Neves Pires vu Schëffleng. Dat ass eng Geschicht vu 14 Centiar an eng Zomm vu 70 €.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.3.

### Propriétés.

**Vente, à la société 'Garage Reinert' sàrl de Pétange, d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit 'Fohlenazing' – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Hei geet et ëm e Verkaf vun engem Terrain, deen an der Zone 'Fohlenazing' genannt gëtt an et ass d'Suite vun engem Compromis, deen den 11. Oktober 2006 ënnerschriwwe gouf. De 'Garage Reinert' huet do schonn 1988 en Avis ënnerschriwwe gehat. Dat war e „bail emphythéotique". D'Sociétéit wëll elo dat Ganzt verkafe well se jo och vergréissert hunn. Mär sinn och der Meenung, datt, wann e Betrib aus eiser Gemeng sech vergréissere wëll, deem och soll eng Suite gi ginn. Déi Zomm, déi hei zu Buch schléit ass 94.995 €.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech kann déi Wierder vun der Madame Conter nëmmen ënnersträichen. Et ass e Compromis, dee gemaach gëtt hei op Grond vun engem „bail emphythéotique" vun 1988, wou jo och festgehale gouf, ënner wat fir Konditiounen, déi Leit, déi de Bail maachen, déi Terrainë kënne kafen. Ech stelle fest, datt mer hei den Ar zu 4.300 € verkafen. Et sinn „terrains commerciaux" an ech si gespaant, wéivill d'Terrainë kaschte wa mer emol eng Kéier eng nei Industriezon hunn. Esou, datt ee scho ka soen, datt mer

hei nach ëmmer e gudde „coup de main“ gi fir Firmen, déi an eiser Gemeng agesiess sinn, fir datt se hei bleiwen a mer se och doranner ënnerstëtzen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et muss een och derbäi soen, datt, wann dee Präis hei net am „bail emphythéotique“ verankert wier, en och anescht wier.

**Roger Klein (LSAP):**

Dat ass richteg. En ass eben dra verankert, an d'Regele vum Spill mussen agehale ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat ass richteg.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.4.

### Propriétés.

**Cession, par l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg à la commune, d'emprises sises à Pétange, lieux-dits 'Hinter den Gärten' et 'Im Lärchen' – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass nees eng Emprise. Et ass uewen an der Kéier an der rue de la Gare, do wou et an d'rue du Chemin de Fer ageeet. An zwar ass dat am Ganzen eng Gréisst vun 1,33 Ar, déi mer do dem Stat ofkafen. An och zum Präis vu 500 € den Ar, esou datt et eis 665 € kascht. Et ass en Terrain, dee mer brauche fir eis Strooss uewe méi breet ze maachen, an ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech mengen, dat ass jo och gesot ginn, datt, wann et eng Kéier esou wäit kéim, mer do e Stéck Terrain miisste kréie fir dat e bësse méi breet ze maachen. Wann duerno dat Gebai, wat dohinner stoe kënnt, fäerdeg ass, dann ass et jo och besser wann d'Strooss e bësse méi breet ass fir datt mer dat kënne benotzen. Mee och fir eventuell déi aner Säit d'Trëttoiren unzeleeën. Mer hu jo ëmmer gekuckt fir do e Stéck vum Chemin de Fer ze kréien. Elo ass et de Stat well si déi Ännerungen ënner sech gemaach hunn. Mee et ass ze begréissen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Et muss een awer dozou soen, datt méi déi aner Säit keng Trëttoire bäikréien. Et gëtt just bis bei Stellwierkshaische méi breet.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.

### Enseignement.

**Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat hei ass och eppes, wat ëmmer erëmkënnt a wat d'Primär-, d'Spill- an och d'Musekschoul ubelaangt. Hei hutt der déi Kontrakter, déi mer als Schäfferot ënnerschriwwen hunn an déi mussen am Gemengerot ratifizéiert ginn.

**Ratification à l'unanimité.**

## 6.

### Prévisions sociales.

**Aide aux sinistrés du typhon aux Philippines – décision.**

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Hei geet et nees dorëm fir ze hëllefen. Den Taifun huet vill Schued a Misère hannerlooss op de Philippinen. D'Familljе sinn ausernee gerappt ginn. De Bilan gesäit esou ass, datt et eng ganz Rei Doudeger a Vermësster ginn, 10.000 Leit hu keen Daach méi iwwer dem Kapp, 850 Schëffer si verschwonnen a mat hinne kann och net méi geschafft ginn. Iwwer 120.000 Hütten an Haiser sinn ofgedeckt ginn. Well mer am Budgetsartikel 7.500 € stoen hunn, wëlle mer 2.500 € fir d'Affer iwwerweisen, an zwar un d'Caritas Lëtzebuerg, mat der Mentioun 'Philippines – typhon 2006'. Ech géif och ëm ären Accord bieden.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Environnement.

**Octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables – décision.**

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Et geet ëm d'Gemengesubventioune fir d'Bierger fir de rationelle Verbrauch vun Energie an erneierbar Energien. De Bureau Goblet & Lavandier schléit eis e Subventiounsprogramm, deen sech un déi haiteg Zäiten adaptéiert. E proposéiert, datt mer exklusiv déi Elektroapparater subventionéieren, déi en ekologesche Virdeel bréngen. Wa mer bis elo d'Frigoen an d'Tiefkühltruhen aus de Klassen A iwwer A+ a bis A++ subventionéiert hunn, esou solle mer elo den A net méi subventionéieren. Beispill: en Apparat aus der Klass A++ verbraucht 45% manner Energie wéi en Apparat aus der Klass A. Fir en neie Frigo aus der Klass A+ ginn et 40 €, fir een aus der Klass A++ ginn et 50 €, fir eng Tiefkühltruh aus der Klass A+ ginn et 50 € a fir eng aus der Klass A++ 60 €. Dee Betrag wëlle mer och bäibehalen. D'Gemeng muss de Bewäis kréie vun der Energieklass respektiv vun der Entsuergung vun dem alen Apparat, fir datt een dës Subventioun ka kréien.

D'Installatioun vu Solarzelle sollen esou wéi bis elo subventionéiert ginn. An zwar mat 50% vun deem, wat de Stat gëtt, mee mat engem Maximum vun 1.125 €. An deem Fall ginn eis Leit d'Installatioun op d'Plaz kucken a kontrolléieren.

Nei Wäsch- a Spullmaschinnen sinn, wat de Waasser- a Stroumverbrauch ugeet, ewell esou performant, datt e Maximum vun 10% Ënnerscheed am Verbrauch tëscht deem beschten an deem schlechsten Apparat läit. Dofir sinn hei keng Subventioune virgesinn.

Am Budget 2007 – ënner dem Artikel 'Primes dans l'intérêt de la protection de l'environnement' an den extraordinären Ausgaben hu mer 12.500 € virgesinn. Ech géif iech froe fir d'Délibératioun vum 16.11.2004 deementspriechend unzepassen.

**Roger Klein (LSAP):**

Et fält mer op, datt d'Spullmaschinn ewechgefall ass. Der hutt jo och elo d'Erklärung dozou ginn. Ech hat zwar an der leschter Diskussioun, wou mer d'Prime gestëmmt haten, virgeschloen, och deene Leit, déi op der Hand spullen, eng Prime ze gi well se nach méi ökonomesch schaffen. Ech hat awer net gesot, et sollt een d'Prime fir d'Spullmaschinnen ewechfale loossen.

Am Artikel 1 sot der, datt der Prime gitt fir Solarzellen a fir Haushaltsapparater. Am Artikel 2 sot der „La subvention est réservée aux immeubles destinés principalement au logement. La subvention peut être accordée aux propriétaires occupants ou non-occupants.“ Do schwätze mer nëmmen nach vu Propriétairen an net vu Locatairen. Dat heescht, wat d'Solarzellen ugeet, esou verstinn ech dat absolut. Mee wat d'Locatairen ugeet, esou kann dat net am Sënn vun der Saach sinn, datt ee keng Prime kritt fir säin Haushaltsapparat wann ee Locataire ass. Da misst hei kloergestallt ginn, datt et sech op d'Solarzelle bezitt.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Ech géif dem Här Klein do Recht ginn, dat muss een effektiv verbesseren. Ech gesinn et och esou, datt de Locataire an de Genoss vun enger Prime sollt kommen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wat setze mer dann elo derbäi?

**Roger Klein (LSAP):**

Ma beim Artikel 2 misst stoen „La subvention pour les capteurs solaires thermiques“, esou datt et kloer ass, datt de Propriétaire d'Subventioun kritt, ob e selwer do wunnt oder net, an datt et net fir Gebaier „à usage professionnel ou commercial“ ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat ass scho richteg esou.

**Roger Klein (LSAP):**

Et ass scho wichteg, wann een heiansdo eng kritesch Oppositioun huet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Esou guer ganz gutt, wann se esou konstruktiv ass.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Et gouf jo elo geschwat, datt d'Spull-maschinnen net méi dorënner falen. Mer wëssen awer och, datt op deem Gebitt um Maart Spullmaschinne sinn, wou déi eng méi an déi aner manner Waasser verbrauchen. Ech hätt se net erausgeholl mee gesot, datt een, deemno wéivill Waasser esou eng Maschinn verbraucht, och eng Subventioun kritt.

Déi aner Saach, déi ech och net esou richteg verstinn, ass den Artikel 5. Do steet „La subvention ne peut être accordée qu'une seule fois à un même bénéficiaire pour la même installation dans le même immeuble“. Wann ech mer dann awer zwee nei Frigoë kafen. Ech entsuergen déi zwee al an ech kafen der zwee mat A++. Kréien ech d'Prime dann nëmmen eng Kéier oder kréien ech se zwee Mol? Uewe steet jo déi Saach mat de Klassen, da kënnt de „certificat d'élimination“ a beim Artikel iwwer de 'Remboursement' steet et esou, wéi wann ech awer nëmmen op engem eng Saach eng Subventioun kréien.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat stoung och schonn esou an deem viregte Reglement.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech froen och just well ech de Fall hat vun enger Persoun, déi zwee al Frigoen hat an elo zwee neier kaf huet. Elo stellt sech d'Fro, ob se nëmmen eng Subventioun kritt. Well dat do bezitt sech jo och dorop. Mer hu jo keen extraen Artikel, dee seet, datt et bei de Frigoen anescht ass.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Esou wäit wéi ech am Bild si war et ëmmer nëmme fir een Apparat an net fir deen zweeten. Esou guer wann een zweeten am Haus steet, da gëtt deen net subventionéiert. Et ass ëmmer nëmmen deen éischten Apparat. An et muss een natierlech och de Bewäis matbréngen, datt deen zweete mat ewechgeholl an entsuergt gouf.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dat ass alles an der Rei. Et muss een déi Ënnerlage bréngen, och wann ech deen zweeten ofschafen. Da si mer awer komesch well dann ass dat hei jo och nëmmen eng hallef Saach. Mer sinn an deem Klimabündnis a versichen do ze hëllefen, an hei si mer dann nëmmen nach um halwe Wee.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Hei geet et jo haaptsächlech dorëm, déi Leit ze ënnerstëtzen, déi net esou gutt bemëttelt si fir esou e Frigo ze kafen. Déi hunn och nach méi wéi wahrscheinlech nëmmen ee Frigo. Een, deen der véier oder fënnef doheem stoen huet, dee ka sech och déi aner dräi Frigoen zum volle Präis erlaben. Dofir geet et haaptsächlech dorëm fir een ze subventionéieren. Besonnesch fir Leit, déi vläicht méi genee mussen op den Euro kucken an déi zécken, esou vill auszeginn. Dofir soe mer dann, datt mer esou vill bäileeën.

Bei engem, dee véier oder fënnef Frigoen huet, do ass dat vläicht net esou noutwenneg. Obwuel et aus ökologescher Siicht wichteg wier, datt en esouer hätt. Mee ech ginn emol dovunner aus, datt déi och elauter esou Frigoë kafen.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Wat d'Wäschmaschinnen an d'Trockner ugeet, esou huet Goblet & Lavandier eis uginn, datt et effektiv net méi esou ass, datt déi esou vill Waasser verbrauchen. Egal wat fir eng Firma et wier, se hätten esou vill Fortschrëtter gemaach, datt et tëscht deem beschten an deem schlechsten Apparat nëmmen en Ënnerscheed vun 10% géif ginn. Och wat de Stroum ugeet. Si recommandéi-eren dat net ze subventionéieren, well do net vill kann agespuert ginn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech kommen nach eng Kéier drop zeréck. Wann ech elo ee sinn, deen zwee Frigoen ofschaaft an 2006 kafen ech en neien. Deen zweeten Apparat kafen ech dann 2007, mee da kréich ech dee jo och net subventionéiert. Ech froe just well dobausse gëtt een déi Fro gestallt. An da muss ech de Leit soen, datt nëmmen ee Frigo subventionéiert gëtt. Wann et esou ass, da kann ech de Leit dat och soen. Ech wëll elo Gewëssheet hunn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Also et ass nëmme fir eng Kéier an och nëmme fir Privatleit. Wann een elo en Hotel an 20 Frigoen huet, da kéint dee jo 20 Subventioune kréien. Et ass fir dat alles ze vermeiden, datt et nëmmen fir een eng Subventioun gëtt. Fir datt d'Leit ugespornt gi fir esou e Frigo ze kafen a vläicht duerno och iwwerzeegt sinn dervunner an nees esou ee kafen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et ass – aus gréngerVue – eng flott Saach wann esou Initiative vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn. Et geet jo zu engem groussen Deel dorëm fir déi Leit, déi – wéi den Här Buergermeeschter dat gesot huet – net esou gutt bemëttelt sinn. Déi wäerten dat dann och ze schätze wëssen.

Eng aner Saach ass déi mat de Wäsch- a Spullmaschinnen. Well mam Waasser, dat ass jo och nach eng ganz krokeleg Geschicht. Well da kënnt et nach esou wäit, datt mer deenen, déi dräi Mol den Dag an d'Buedbidde ginn, e Stéck Seef schenke wann se nëmmen ee Mol den Dag méi dusche ginn. Do musse mer op eisen Ëmweltschäffen, de Schäfferot an och eisen Ëmweltbureau ziele fir d'Leit dobaussen opzeklären. Dat si Saachen, déi mer just an de Grëff kréie mat enger massiver Informatiounscampagne. Mär mussen de Leit dobausse kloer maache firwat dat esou ass. Et geet net duer fir einfach ze soen, dat ass esou, mee et muss een och soe firwat dat esou ass. Dat géif ech iech dann nach eng Kéier mat op de Wee ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer huelen déi Rotschléi mat op de Wee. Ech mengen, mer hu schonn eng ganz Rei vun Aktiounen an de leschte Méint gemaach an ech sinn och iwwerzeegt, datt den Här Welter dat och an der nächster Zäit mat eisem Ëmweltbureau wäert weiderféiere fir d'Leit ze sensibiliséieren, datt se manner Waasser, manner Energie solle verbrauchen.

**Roger Klein (LSAP):**

Hei steet och nach am Artikel 5 „La subvention ne peut être accordée qu'une seule fois à un même bénéficiaire pour la même installation dans le même immeuble.“ Dofir ginn

ech awer dovunner aus, datt dat hei fir d'Solarzelle geduecht war, well wann ech dat do huele fir e Frigo an ech wunnen 30 Joer am selwechten Haus, da kréien ech nëmmen eng Prime. Wann ech awer all Joer plënneren, da kréien ech all Joer eng Prime wann ech en neie Frigo kafen. Dat ka jo net esou geduecht sinn. Mee ech géif iech bieden, dat nach eng Kéier ze iwwerdenken.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer kucken dat nach eng Kéier no ob mer déi Ouverture maachen. Da musse mer dat Reglement eng Kéier am Gemengerot ëmänneren. Esou wéi et hei steet schéngt et relativ kloer ze sinn, datt et net esou ass. Wa mer dat wëllen ëmänneren, da musse mer dat nach eng Kéier hei diskutéieren nodeems mer och nach eng Kéier an der Ëmwelt-kommissioun doriwwer diskutéiert hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.

### Sports et loisirs.

### Contrat, avec la société Axima Services d'Ehlerange, pour l'entretien et le dépannage des installations techniques de la piscine de Rodange – approbation.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat ass e Kontrakt mat der Firma Axima fir den Ënnerhalt an den Dépannage vun den techneschen Installatioune vum PiKo. De Kontrakt leeft iwwer 10 Méint an e kascht eis 2.319 € pro Mount. E leeft vum 1. Januar bis de 15. November. Dir wonnert iech vläicht, datt en nëmmen iwwer 10 Méint leeft, mee et ass esou, datt do Soumissioune lafe well de Kontrakt mat Axima ausleeft. Do wëlle mer dann och ofwaarden, wien déi Soumissioun wënnt. Dofir hu mer dat hei nëmmen esou ausgeschriwwen.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Ech wollt froen, ob dee Kontrakt an der Kontinuitéit wéi bis elo gelaf ass oder sinn hei scho verschidde Saachen erausgeholl ginn, déi net méi noutwenneg waren. Well do ware jo och Gespréicher fir verschidde Saachen erauszehuelen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dee leeft an der Kontinuitéit weider.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat hei ass den éischte Kontrakt, deen iwwerhaapt ënnerschriwwe ginn ass. Soss hate mer nach keen. Dat war awer schonn déi reduzéiert Form am Verglach zur éischter Ebauche. Dofir huet dat och relativ laang gedauert bis dee Kontrakt hei fäerdeg war. Ebe well et zimlech haart a keng einfach Verhandlunge ware mat däer Firma. Awer wat hei dra steet, dat ass dee reduzéierte Programm, dee mer um Enn vum leschte Joer respektiv um Ufank vun dësem Joer festgeluecht hunn.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Wéi gesäit et mam Präis aus?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat waren 80.000 oder 90.000 €.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wann der op der Säit 155 vun ären Ënnerlage kuckt, do gesitt der, zu wat sech Axima engagéiert. Do steet, wat si exekutéieren, hir Auerzäiten, wéi si agräifen. Also dat ass alles opgefouert. Mär hunn en eréischt de 15. November ënnerschriwwen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et huet esou laang geschleeft well mer Problemer hate mat deem Kontrakt. Eng Saach ass nach an der Diskussioun mat hinnen. Si behaapten, se hätten och nach aner Aarbechten ausser deenen heite gemaach an deene leschte Méint. Mee mer hätten do gäre genee Detailer iwwer dat, wat se gemaach hunn. Mär wëllen déi finanziell Charge awer nach analyséiere fir ze kucken, ob dat och richteg ass. An da wäerte mer nach eng Zomm mussen noreeschen. Deen Dossier ass nach net kloer an dat ass och de Grond firwat de Kontrakt den 31. Oktober gestoppt gouf. E war eben onduerchsiichteg an och net conforme war zu deem, wat mer mat hinnen ausgemaach haten.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Gouf net am Virfeld gesot, datt dat zwee Joer géif lafen. Eng Garantie quasi. Well do ware jo awer och esou Saachen dran. Huet dat mat deem Datum ze doen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat mat deenen zwee Joer Garantie huet näischt mat dem „contrat de maintenance" ze doen. Dat war erëm eng aner Geschicht. Et war wuel e Kontrakt vun der Firma offréiert ginn am Kader vun der Soumissioun. Dee Kontrakt ass awer net ënnerschriwwe gi well en net deem entsprach huet, wat mär eis virgestallt haten. D'Verhandlungen hu sech dofir einfach higezu bis mer de 15. November endlech deen een Deel evakuéiert haten an och eng Iwwerweisung konnte maachen.

Fir deen zweeten Deel, also deen Deel, deen elo nach opsteet, hu mer d'Firma an engem Bréif opgefuerdert eis méi Detailer ze ginn zu deenen Aarbechten, déi se nach gemaach hunn. Dat musse mer da vun den Techniker préiwe loossen. Duerno muss ee kucken, wat fir eng Zomm do nach ze bezuelen ass. Et bleift awer esou, datt se Aarbechte gemaach hunn, déi se net ugestallt goufen ze maache vun der Gemeng.

**Approbation à l'unanimité.**

## 9.

### Transports et communications.

### Règlement temporaire de la circulation routière – confirmation.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hunn hei eng Initiativ geholl – net eleng well den Här Becker an der Sitzung virdrun esou eng Fro gestallt hat, mee well mer awer och am Schäfferot der Meenung waren, mer miissten do prophilaktesch virgoen – beim neien CFL-Halt zu Rolleng. Mer fäerten effektiv, datt do déi Leit, déi den Zuch huelen – haaptsächlech d'Grenz-gänger – sech elo op déi Plaz stellen a vun do aus den Zuch huelen. Mer hunn dofir e Reglement geholl. Ech war nach gëschter op d'Plaz kucken an do stoungen an der rue de Luxembourg schonn 13 friem Autoen. Siwe Fransousen a sechs Belsch. Fir datt dat hei keen Ersatz gëtt fir d'P&R, déi mer hunn, hu mer geduecht, mer miissten dorop reagéieren. Mer hunn e „règlement d'urgence" am Schäfferot geholl a mer leeën iech dat hei vir. Mer wëssen, datt mer normalerweis deen anere Wee miisste goe bei der gesetzlecher Prozedur vun de Reglementer. Mer miissten hei e Reglement am Gemengerot stëmmen an et dann an d'Stad schécken a waarde bis et erëmkënnt. Dat kann awer Méint daueren a mer hu geduecht, datt mer hei Ursaachen hätte fir déi Drénglechkeet ze explizéieren. Deen Halt soll d'Gare vum Lycée sinn. An et ass jo gesot ginn, datt e fréistens 2007 op sollt goen. Elo schwätze mer vun 2008. Mer hu gesot, mer hunn Zäit fir dat Reglement ze huelen an deem Moment, wann et aktuell gëtt. Elo ass deen Halt awer vill méi séier an d'Gespréich komm an och den 8. Dezember offiziell ageweit ginn. D'Befierchtungen, déi mer hunn, konkretiséieren sech ëmmer méi, esou datt mer geduecht hu mer miisste méi séier goen an esou e „règlement d'urgence" huelen an dem Gemengerot virleeën. Da schécke mer et an d'Stad an der Hoffnung, datt mer et esou séier

wéi méiglech erëmkréien. Et ass natierlech eng Gefor do, datt mer et refuséiert kréie well si déi Drénglechkeet vläicht net esou verstinn ewéi mär dat maachen a mer deen anere Wee musse goen. Wann dat de Fall wier, da kréie mer wahrscheinlech e Problem mat der Plaz. Mer kënnen awer kucke fir dat iwwer en anere Wee geléist ze kréien, vläicht provisoresch iwwer eng gewëssen Zäit fir d'Leit ofzeschrecken. Well et ass just am Ufank, a wann déi Gewunnechten sech ob eemol verfestegt hunn, da kritt een se schwéier ewech. Dofir muss een direkt am Ufank reagéieren.

Ech hu mer och déi Saach op der Plaz ugekuckt. Wann een déi Situatioun kuckt, da wäerte mer se, wann een se op dëser Plaz fortkritt, op enger aner Plaz erëmfannen. Eventuell an der ieweschter rue des Jardins. Well do och eng Trap eropgeet fir op de Quai ze kommen. Mer wäerten och déi Strooss an anerer wéi d'rue des Prés am A behalen. All Mënsch huet jo och déi selwecht Reflexer. Wann ee Wee net méi ze kréien ass, da sicht een sech en aneren, an dat schwätzt sech och séier erëm. Op eemol huet een se dann op däer Plaz, wou een se net wëll hunn.

Hei wier fir direkt ze reagéiere wann der averstane sidd fir dee Wee ze goen. Mer hunn och eis Servicer ugestallt regelméisseg e Bléck drop ze geheien an ze kucken, wéi dat sech elo entwéckelt. Wann et de Fall misst sinn, da géife mer och déi aner Stroossen direkt mat eranzéien. Hei wier et fir e „parking réglementé" an der rue de Luxembourg fir véier Stonnen anzesetzen. Esou muss den Disque geluecht gi Vu 8 bis 12 Auer a vun 2 bis 6 Auer. Se kënnen also moies do stoen oder mëttes awer net dee ganzen Dag. Déi Leit, déi do wunnen, kréien de „parking résidentiel", esou datt se net geplot wiere mat der Scheif. Se kéinten déi Vignette also an d'Fënster leeën.

Wann der domat averstane sidd, da géife mer probéieren et op dësem Wee ze maachen. An dat mat der Hoffnung, datt et an der Stad ugeholl gëtt. Wann dat net sollt goen, da musse mer am Januar kucke wéi mer dorunner kënne kommen. Mee dat hei wier fir direkt eng Méiglechkeet hu fir ze reagéieren.

**Roger Klein (LSAP):**

Déi virlescht Sëtzung hat ech op dee Problem higewisen an ech sinn och frou, datt der esou séier reagéiert hutt. Ech kann och nëmmen averstane si mat deem, wat proposéiert gëtt. Ech hu just eng Fro well hei elo dat Ganzt tituléiert ass mat „en ce qui concerne l'ancienne route de Luxembourg à Lamadelaine". Ass dat den offizielle Sproochgebrauch well mer hu just eng rue de Luxembourg. Dat heescht, mer miisste soen d'Sektioun tëscht der rue du Moulin an der Bréck oder och rue des Prés. Ech mengen, dat wier méi korrekt wéi wa mer dat hei géife schreiwen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Da schreiwe mer „tronçon compris entre la rue des Prés et la rue du Moulin".

An der rue du Moulin ass méi oder manner alles besat, do kann emol deen een oder aneren sech nach dertëscht stellen. Mee an der rue de Luxembourg war bis elo Plaz, an déi gëtt elo op eemol ewechgeholl. Also wann et nëmmen eng Plaz ass, gutt, et kann een se net alleguer an de Grëff kréien. Et sinn der och, déi sech bei de Bistro op der Porte de Lamadelaine stelle ginn. Et ginn der och bei de Simon parken. Duerno si se bei de Pompjeeën. Mee se gi meeschtens dohinner wou méi Parkplaze sinn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Et muss een et effektiv – esou wéi den Här Breyer erkläert an de Här Klein dat elo gesot hunn – am A behalen a kucken, wéi se sech ausbreeden. Well d'Gefor ass och do, datt se an d'rue Kirchen stoe ginn. An dorop muss ee reagéieren. Da kritt een emol een dohinner, deen nëmmen en halwen Dag schafft, mee dee groussen Deel kritt een awer net dohinner.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hu jo Gott sei Dank Observateuren op der Plaz, déi eis dat soen.

**Confirmation à l'unanimité.**

## 10.

### Vie associative.

**«Amiperas Rodange»/«Amicale Péitenger Senioren» - statuts.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

An ärem Dossier konnt der feststellen, datt déi fréier Amiperas vu Péiteng en neien Numm hunn. Se heeschen elo 'Amicale Péitenger Senioren' an hunn och nei Statuten eraginn. Dat ass opgronn vun hirem Austrëtt aus dem 'Amiperas Lëtzebuerg'. Mer loossen si awer op eiser Subsidelëscht stoe well se awer vill Déngschter leeschten a schéin Nomëtteger fir eis eeler Leit organiséieren. De Changement vum Numm schéngt eis net e Grond ze si fir se vun der Lëscht erofzehuelen.

**Il en est pris acte.**

## 11.

### Budget rectifié de 2006 et budget de l'exercice 2007.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech wollt hei derbäi soen, datt der op ärem Dësch eng Rei vu Modifikatioune leien hutt. Dat sinn haaptsächlech textuell Modifikatiounen mee et sinn awer och e puer ganz kleng Modifikatiounen dra wat d'Beträg ugeet. Dat ass haaptsächlech op deenen zwou leschte Säite wou der dat fannt. Am Total wäert dann deen definitive Boni no all deene Korrekture bei 203.608,09 € leien. Dat ass liicht manner wéi dat, wat dee leschte Méindeg gesot gouf. Et läit dorunner, datt verschidde kleng Modifikatioune vergiess gi waren respektiv datt mer e puer nei Informatiounen am Kader vun deene leschten Deeg kritt hunn.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech wollt froen, wat de Grond fir déi textuell Modifikatiounen ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer haten en éischte Passage bei eis an den Servicer, wou mer eng ganz Rei Saache verbessert hunn. Et sinn der ganz vill verbessert ginn an ech géif soen, datt déi Korrekturen op d'mannst bei 100 louchen. Et sinn der wuel nach e puer stoe bliwwen.

Et sinn der awer och – an dat muss ee ganz kloer soen – wou mer gemengt haten, mer géife mam Devis fäerdeg gi fir deen haut hei ze presentéieren. Mee do sinn awer nach déi lescht Woch e puer Diskussiounen opkomm a mer hu gesot, mer géife keen Devis presentéieren, deen net 100-prozenteg fäerdeg ass. An deene Fäll hu mer beschloss, den Devis op de Januar vum nächste Joer festzeleeën. An da muss een natierlech och um Text ännere wann do stoung „décompte à remettre le 15 décembre 2006" an dee gëtt eréischt am Januar virgeluecht. Dobäi kommen och nach e puer Dekonten. Mer sinn als Schäfferot staark derhannert, datt d'Dekonte vun deene leschten Exercice gemaach ginn. Mer hunn och, an dat konnt der jo feststellen, eng 50 Dekonten duerchbruecht. Mer haten och Drock gemaach, fir datt de 15. Dezember méi wéi déi zwee Dekonten op der Dagesuerdnung sollte stoen. Et stoungen op Plazen d'Dekonte vun Aarbechten, mee elo hu mer déi Aarbechten nach net fäerdeg. Déi ginn eréischt am Januar oder Februar 2007 fäerdeg. Dat sinn d'Haaptgrënn firwat mer déi textuell Modifikatiounen hu miisste maachen.

Et sinn natierlech och Saachen derbäi, déi vergiess goufen. Mer haten och am leschte Schäfferot nach eng Kéier en Appel gemaach, datt net nëmmen d'Zommen um Niveau vum Budget mee och d'Texter miissten „à jour“ gehale ginn. Där kritt e ganz neie Budget – wann e gestëmmt an och ugeholl ass, wou déi hei Saachen dra sinn.

## 11.1.

**Budget rectifié de 2006 et budget de l'exercice 2007.**

**Réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins aux questions techniques des conseillers communaux.**

La présentation par le collège des bourgmestre et échevins, les commentaires et questions des conseillers, les réponses du collège des bourgmestre et échevins et les discussions sont regroupés et reproduits aux pages 43 à 74 de ce bulletin.

## 11.2.1.

**Travaux extraordinaires.**

**Administration générale : Hôtel de ville – réaménagement du rez-de-chaussée (et remise en valeur de la façade) – approbation du devis actualisé.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Do sinn eng Rei vu Projeten, déi hei op der Dagesuerdnung stinn. Et sinn och nach eng Rei Projeten, déi mer wëlles haten, op d'Dagesuerdnung ze setzen, mee do koumen am leschte Moment nach e puer technesch Froen op, déi mer awer wollte klären. Do wäert et Januar oder Februar gi wa mer mat deene Projetë kommen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Den 21. Dezember 2005 ass schonn en zousätzlechen Devis iwwer 325.000 € gestëmmt gi fir de Réaménagement vum Rez-de-Chaussée vun eisem Gemengenhaus. Well elo nach zousätzlech Infrastrukturen derbäi komm sinn, leeë mer iech haut en „devis remanié“ iwwer 530.000 € vir, deen op den 8. Dezember 2006 geschriwwen ass. Dat geet do ëm zousätzlech Käschte fir d'Installatioun vun enger Klimatisatioun an de ganze Bureauen um Rez-de-Chaussée. Wat mer och onbedéngt musse maachen, dat sinn d'Storen un der Süd- an der Südwestfassad vun eiser Gemeng ubréngen.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, just eng kleng Remarque. Ech hunn är Wierder am Ouer vum leschte Méindeg, wou der sot, datt der iech géift beméie fir Projetë präzis vu vir eran ze berechnen. Well wann ee vill zousätzlech Devisë misst stëmmen – an hei ass esou ee well et ass jo en „devis remanié“, well en no uewen hi geännert gouf - da géif een eng „navigation à vue“ maachen. Ech gesinn, datt mer hei een hunn an deen nächsten ass och ee fir d'Schoul zu Rodange – do gi mer 750.000€ erop. Natierlech ass alles motivéiert a wann een ufänkt ze schaffen, da komme Wënsch bäi an et seet een sech, datt een nach dat hei oder dat do muss maachen. Mee da si mer do. Mat deene zwee zousätzlech Devisen, déi mer hei virgeluecht kréien, si mer averstanen. Mee suergt dofir, datt mer am Laf vum Joer net awer op eng héich Zuel vun esou Devisë kommen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech muss präziséieren, well der hutt zwou Saache vermëscht. E Méindeg hunn ech vu „crédits supplémentaires“ geschwat an net vun „devis supplémentaires“. Dat sinn zwou grondverschidde Saachen. Mer sinn hei an enger Phas vum Opbau. Mer hunn zum Beispill bei der Schoul – déi duerno kënnt – en Avant-projet gemaach, dee louch vir an ass dunn nach eng Kéier am Detail mat de Schoulmeeschteren diskutéiert ginn. Do sinn nei Wënsch komm. An esou Wënsch mécht een oder et mécht een se net. Dat selwecht gëllt och fir d'Gemengenhaus. Et sinn nei Wënsch komm fir eng Klimatisatioun esou wéi mer se elo zënter engem Joer an der Annexe hunn. A mer hu jo gutt Erfahrungen dermat gemaach. Do ass d'Demande komm - tëscht dem Projet an dem definitive Vote, dee mer elo hei huelen – fir dee Plafong och bei eis ze maachen. Och déi Geschicht mat de Storen ass ugedeit ginn a mer hunn am Schäfferot gemengt, mer kéinten dat, esou wéi déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng elo ass, maachen. Et ass awer grad esou kloer, datt, wa mer den Devis elo gestëmmt hunn an d'Aarbechten definitiv ufänken, mer am Laf vun den Aarbechten net mat Modifikatioune musse komme well alles méi deier gëtt. Dat wëll ech vermeiden an dat hat ech och dee leschte Méindeg gesot.

**Roger Klein (LSAP):**

Da leie mer net op zwou verschiddene Wellelängten. Well wa mer en „devis supplémentaire“ stëmmen, da kënnt och ganz gär e „crédit supplémentaire“ no. Dat ass meeschtens esou eng Folleg dovunner. Et ass scho ganz richteg, datt, wat ee méi laang mat den Aarbechte waart ier een ufänkt, wat och méi berechtegt Wënsch an Iddië kommen. Dann huet een och d'Méiglechkeet fir se mat eranzehuelen. An da kënnt et och effektiv zu enger Verdeierung. Dat ass jo och d'Erklärung fir d'Verdeierung vu ganz ville Projeten. Et kann een doraus schléissen, datt, wat een éischter mat engem Projet ufänkt, wat een och éischter weess, wou een duerno finanziell erauskënnt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech sinn zwar frou, datt mer bei deem hei Projet net ugefaangen hunn. Ech mengen, datt dëse Projet, esou wéi en elo op dësem Punkt diskutéiert gëtt, wesentlech besser ass wéi wa mer schonn ugefaang hätten d'lescht Joer. Well da kéinte mer dat do net méi maachen an da géif et eis vläicht nodréiglech leed doen. D'Pläng kritt der och nach ënnerbreet well se och nach net definitiv arrêtéiert sinn. Do war nach ee Punkt, deen net ganz kloer war. Déi genee Pläng kommen och nach eng Kéier an de Gemengerot an da wëll ech och keen „crédit supplémentaire“ méi gesi. Da wëll ech, datt et esou exekutéiert gëtt wéi et ass. Obwuel ech ëmmer soen, datt een ni 100-prozenteg sécher ka sinn, mee et muss een awer ëmmer an den Norme bleiwen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Här Buergermeeschter, der hutt gesot, datt et eng gutt Saach wier mat der Klimaanlag. Mee mer hunn elo hei am Sëtzungssall mussen eng Fënster opmaachen. Dofir wollt ech awer virschloen, datt een dat kontrolléiere léisst fir et awer e bësse besser an de Grëff ze kréien. Well et ass jo awer e bësse waarm heibannen. Den Här Becker ass däer selwechter Meenung.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech weess net, firwat d'Fënster huet missen opgemaach ginn. Vläicht fir frësch Loft eranzekréien. Mee wéinst menger hätt et net misse sinn. An et huet och net onbedéngt eppes mat der Temperatur ze doen. Et ass awer vläicht esou, datt mer an enger Situatioun si wou mer an enger hëtzeger Diskussioun sinn an et muss ofgekillt ginn. Mee ech kann awer soen – dat ass d'Konklusioun, déi mer esou wuel am Biergerzenter ewéi och an eise Bureauë gezunn hunn -, datt, wann den Thermostat geet, et kee Problem duerstellt. Ech géif awer dat do mat viruginn. D'Techniker solle wëssen, datt de Gemengeconseiller net 100-prozenteg zefridden ass mat der aktueller Hëtzt heibannen. Ech hätt

dann och gären, datt do derno gekuckt gëtt. Mer musse kucken, datt d'Gemengerotssëtzunge méi kuerz sinn. Et dauert jo elo och schonn dräi Stonnen. Da brauche mer och d'Fënster och net opzemaachen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.2.

### Enseignement.

### Ecole «Neiwiss» à Rodange: réaménagement partiel des locaux – approbation du projet définitif (devis et plans).

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wann een amgaang ass ze plangen, da kommen ëmmer nees nei Wënsch op. Esou ass dat och hei mat der 'Neiwiss'-Schoul, wou mer dann haut den definitive Projet stëmmen. Et geet och haaptsächlech dorëm, datt Neierungen ageplangt sinn. An ech géif mengen, et wier guer net esou schlecht wa mer dat direkt géife maachen. Well wann et bis eemol gemaach ass, da brauch een duerno net méi rappen a klappen ze goe wann de Schoulservice soll lafen. Mer schloen do zousätzlech dëst vir: uewe sollen nach sougenannten „salles polyvalentes“ ënner dem Daach ageriicht ginn. Dat heescht eng Bibliothéik, Archiven, e Liessall, e Bastelraum an och eng „salle polyvalente“ derbäi. D'„salle polyvalente“ gëtt an der 'Neiwiss'-Schoul am Keller ageriicht. De Keller eegent sech ganz gutt dofir well een och Fënstere ka maachen an een och direkt op den Trëttoir eraus ka goen, esou datt mer, wa mer emol eemol e behënnert Kand hätten, keng Problemer kréiche fir do eranzekommen. De Keller soll ageriicht ginn als „salle audiovisuelle“, wou kleng Theaterstécker kënnen opgeféiert ginn oder wann emol eng Konferenz ass. Et kann een dee Sall och eventuell fir de Musekunterrecht huelen. Dee Raum kritt am ganzen 111 m². Eng Kiche soll och nach am Keller ageriicht ginn. Dat kënnt jo och ëmmer méi op well d'Léierpersonal de Kanner jo och an deem Beräich wëll Saache weisen. Dat soll och keng professionell Kiche ginn, mee se solle kënne mat de Kanner dohinner goen a mat hinne Kompott kachen, esou wéi dat och an aner Schoule gemaach an och vum Ministère erwaart gëtt. An dat landeswäit. Et wier och flott, wa mer dat kënne bei eis an de Schoulen ubidden. Wa mer déi Schoul scho wëlle vergréisseren an erneieren, da solle mer et och esou maache wéi et op dem heitege Stand ugepasst ass. Dat Ganzt huet och säi Präis. Mer hunn haut en definitive Projet virleien, dee bei 3.380.000 € (TTC) läit. Natierlech wëlle mer dann dat anert Joer ufänke mat 500.000 €.

**Guy Brecht (LSAP):**

Wann ech dat dann elo gutt verstanen hunn, dann ass de Keller dat wou fréier d'Dusche waren a wou d'Musek hiirt Material leien hat fir hiirt Museksfest all Joer.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat vläicht net grad bis hannen hin. Et ass éischter vir, wou d'Dusche sinn. An dernieft, wou de Keller ass, do huet de 'Coin de Terre' nach Saachen ofgeluecht. Do si mer natierlech amgaang ze kucke fir do och eng aner Léisung ze fannen. Déi hu souwisou Material do leien, wat net grad adäquat ass fir an eng Schoul. Bis ewell hate mer eis net weider Gedanken doriwwer gemaach, mee dat muss awer elo regulariséiert ginn, esou datt dat och do erauskënnt. Ënnen, dee ganzen Areal no vir, deen eraus op den Trëttoir geet, soll ganz nei ageriicht ginn.

**Guy Brecht (LSAP):**

Jo, dat wollt ech am zweeten Deel vu menger Fro soen. De 'Coin de Terre' huet näämlech do e grousse Stock leie vu Saachen. Do muss awer eng Léisung gesicht ginn.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Mer hunn eis och Gedanken driwwer gemaach ob et fir de 'Coin de Terre' eventuell géif mat der Gréisst goe vum Lokal, an deem elo de CIGL ass. Well de CIGL plënnert jo dann och mat der Internetstuff op Péiteng nieft de Lidl. Dat wier ubruecht, mee, wéi gesot, mer sinn nach um Ënnersiche fir ze kucken, ob dat eng Méiglechkeet wier.

**Guy Brecht (LSAP):**

Der mengt jo dann do, wou deen ale Pompjeesschapp war zu Rodange.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Jo, genee do.

**Carlo Gira (CSV) :**

Mat Pisa an esou weider ass jo erauskomm, datt nei pädagogesch Weeër anzeschloe sinn. Wa mer hei esou Säll maachen, wou et méiglech ass, net méi nëmme Frontalunterrecht unzebidden, da si mer um gudde Wee. Et war vläicht gutt, datt mer e bësse gewaart hu fir dat kënnen an déi Richtung ze änneren.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech hunn déi Pläng och duerchgekuckt an d'Beschreiwung och gelies. Dat Ganzt ass jo och ze begréissen. Mee ech fannen net eraus, wou de Portier hikënnt. Déi aner Saach, déi mer opgefall ass wéi ech de Plang gekuckt hunn, dat ass, datt mer zu däer Säit wou d'Madame Conter elo geschwat huet a wou de 'Coin de Terre' ass, eng Ramp kriten. Dat heescht, do géif den Trëttoir op der Längt vun der Ramp fortkommen. D'Strooss gëtt jo nei gemaach.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat muss alles nei ausgemooss ginn. D'Strooss gëtt nei gemaach. An deem Plang géif och gemooss gi fir d'Ramp an den Trëttoir ze maachen. Dat kritt jo alles eng ganz aner Envergure do.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Mee aus dësem Plang eraus gesäit ee just, datt déi puer Meter Trëttoir ewechkommen. An do soll jo och eng Ramp eraféiere mat enger Entrée. Mee do misst op der Rampenhéicht och e Raum fir de Portier sinn. Ech weess net, wou dee kéint kommen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Deen ass um Rez-de-Chaussée.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Mee wou ass de Rez-de-Chaussée? Wat hei als éischte Stack bezeechent ass?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Jo, dat ass hei den éischte Stack well si wahrscheinlech hei de Keller als Rez-de-Chaussée ugesinn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Neen, de Rez-de-Chaussée ass net dran. Et gëtt ënnen de Keller an et si jo och zwee Stäck dran. Um Plang hu mer vun ënner dem Daach, dem Keller an dem éischte Stack. Mee de Rez-de-Chaussée ass net derbäi. Da miisste mer eventuell dee Plang nach nogereescht kréien.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dee Plang war awer am Dossier deen um Sekretariat auslouch, mee en ass wahrscheinlech vergiess gi fir dem Dossier fir Conseilleren bäizeleeën. Der hutt jo gesinn, wat fir e voluminéisen Dossier der krut. De Raum fir de Portier ass um Rez-de-Chaussée virgesinn.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dee Raum ass hannen nieft deem klenge Konferenzsall.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer hu jo och, wat d'Portieren ugeet, en neit Konzept, esou datt een och net méi dovunner ausgoe kann, datt déi 24 Stonnen op 24 oder aacht op aacht Stonnen do sinn.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech hunn eng Fro zum Schoulhaff. Do steet just ee Saz: „L'actuelle cour de récréation sera complètement réaménagée avec des nouveaux espaces de jeux et des installations plus calmes et verdurées.“ Ech mengen, dat miisste mer dann awer an enger zweeter Phas méi detailléiert kréien. Dann denken ech awer och, datt een dat awer an Zesummen-aarbecht mat dem Delegéierte respektiv mat dem Léierpersonal ka plangen. Well esou wéi et hei steet, heescht dat näischt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dach, dat ass an der Schoul-kommissioun diskutéiert gi mat deene respektive Leit. Et ass och elo gesot ginn, mer géifen net elo direkt eng Entscheedung huelen, och wa scho Pläng virleien. Mer géifen d'Erfahrungen, déi an der Päsch-Schoul gemaach ginn, ofwaarden a bis mer de Schoulhaff hei maache wäerten nach op d'mannst zwee Joer wann net dräi eriwwer goen. An dann hu mer och e bëssen Erfahrungswäerter vun der Päsch-Schoul. A Fonctioun vun deenen Erfahrunge wäerte mer dann deen heite Schoulhaff plangen – selbstverständlech zesumme mat dem Léierpersonal. Wéi iwweregens dat hei och mat hinnen am Detail diskutéiert gouf.

**Roger Klein (LSAP):**

Madame Conter, kënnt der mer soen, wéi grouss déi véier Klassesäll, déi am fréieren Turnsall ageriicht ginn, wäerte sinn. Dat geet net hei eraus, an ech hu just Bedenke wann ech se vergläiche mat deenen anere Klassesäll. Se sinn net esou riseg grouss zu Rodange, mee se entspriechen awer den Normen. Et gëtt eng Prescriptioun, déi seet, datt e Klassesall, an deem normale Schoulunterrecht ass, 63 Quadratmeter muss hunn. Ech ka mer net virstellen, datt déi do 63 Quadratmeter hunn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass och ganz kloer, datt d'Norme respektéiert sinn. Esou guer ass et esou, datt bei de Spillschoule méi gefrot ass. Doduerch ass och d'Konzept um Rez-de-Chaussée anescht, esou datt mer genee déi Normen erreecht hunn. Laut den offizielle Pläng ass dat och gekuckt ginn. A mer wäerten och do en Aen drop halen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.3.

### Enseignement.

**Extension de l'école «am Päsch» à Rodange – approbation du devis actualisé et des plans.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

D'Schoul soll „en conformité“ gesat ginn. Hei geet et ëm déi Aarbechten, déi mer nach musse maache fir d'Sécherheet. Et geet do haaptsächlech ëm „travaux de compartimentage“ am Trapenhaus, ëm eng thermesch Isolatioun iwwer de Revêtement, dee schonn existéiert, an en Ëffnungs-system mat enger sougenannter „barre anti-panique“, déi op all Dir muss kommen, déi no baussen opgeet. Och de Plafong um leschte Stack soll isoléiert ginn. Well et wier net ubruecht, wa mer e Gebai géife bauen, an deem mer Energie spueren an et op dee leschte Stand bréngen, an op däer aner Säit géife mer duerch e Manktem un Isolatioun Hëtzt verléieren. A Richtung Süde maache mer och nach Store fir d'Klassesäll. Dat huet sech esou an deene leschte Joeren, wou d'Tempera-ture jo ëmmer méi eropginn, erginn. D'Léierpersonal huet och gesot, se géife ganz staark gestéiert gi wann d'Sonn do erascheingt. Dat Ganzt kascht 366.063 € ouni TVA. Mee mer hunn do nach eng Reserve vu 56.688,08 €, déi mer dann do mat era géifen huelen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Fir do nach eng Präzisioun ze ginn. Hei gëtt dat aalt Gebai a Stand gesat, wat mer elo am Kontext vun der Annexe – also deem neie Gebai - maachen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Dat do ass eng Saach, wou mer net vill Afloss drop hunn. Mee sinn do net d'Architekten an d'Ingenieurë gefuerdert fir eis op déi Saachen opmierksam ze maachen, esou datt een duerno net nach eng Kéier an de Gemengerot muss goen. Wann een dat eent baut, da muss ee jo awer och wëssen, datt an deem anere Gebai och Aarbechten ufalen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Beim Devis, dee mer déi leschte Kéier gestëmmt hunn, hätt ee kéinten déi zwou Saache matenee maachen. Dat war en Devis vum Neibau. Mer woussten awer, wéi mer déi Saachen ausgeschriwwen haten a wéi mer d'Kontroll haten, datt dat do och misst an enger zweeter Etapp gemaach ginn. Awer et war net am éischten Devis chiffréiert. Et sinn och nach eenzel Saachen derbäikomm, wéi d'Madame Conter gesot huet. Dat ass d'Isolatioun ënner dem Daach, d'Storen, wou d'Léierpersonal gesot huet, datt, wann d'Aarbechte souwisou uginn, si och gäre Storen hätten. Et goufen am Summer scho verschidde Raim ugestrach, esou datt, wa mer dat do elo fäerdeg hunn, dee komplette Bau ofgeschloss hunn an an den Normen ass. Der hutt Recht, et hätt een dat kënnen am Virfeld arechnen. Mee mer waren net prett fir dat ze maachen an dofir hu mer et an zwou Etappe gemaach.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.4.

### Enseignement.

**Maison de relais à Rodange – acquisition d'équipement et de mobilier divers – approbation du devis.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wéi der wësst, kënnt d'Maison de relais an déi lescht Phas an da musse mer och drun denke fir se anzeriichten. Fir dat ganzt Équipement brauche mer Still, Dëscher, Schief, Spiller fir d'Spillplaz baussen an d'Kichen. Dat Ganzt beleeft sech op 150.000 €. Dofir géifen ech iech bieden, dat haut ze stëmmen, esou datt mer dat kënnen zur Zäit an esou wéi et sech gehéiert bestellen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Kréie mer e Subsid?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Eis Konventioun ass jo déi leschte Kéier duerchgaang. Do kréie mer e Subsid.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.5.

### Urbanisme.

**Aménagement d'une nouvelle aire de jeux à Rodange, rue Fontaine d'Olière –approbation du devis.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Dat gëtt méi eng flott Spillplaz, wou och e klengt Boulespill derbäikënnt. Et gëtt eng ganz nei „aire de jeux“. Déi leeft duerno ënner der Initiativ an der Gestioun vum CIGL. Dee ganzen Aménagement kascht 25.000 €. Ech géif iech bieden, déi ze stëmme well mer si jo gewëllt flott Spillplaze fir eis Kanner anzeriichten.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech schätze dee Wee fir esou Aarbechte mat dem CIGL ze maachen.

Dat ass eng ganz gutt Iddi. Ech war erstaunt, wéi ech mer den Devis ugekuckt hunn, well ech fannen nëmmen ee Spill, wat do soll dropkommen. Eng Rutschbunn. Ass do soss näischt virgesinn? Maache mer do en zousätzlechen Devis fir déi aner Spiller oder wéi leeft dat ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Mer hunn nach Spiller zu Rolleng stoen, déi och nach an engem ganz gudden Zoustand sinn, esou datt mer gesot hunn, datt, wa mer déi Spiller kéinte benotzen, da sollte mer se och huelen. Et wier nääamlech schued, wann déi Spiller zu Rolleng géife stoen an net gebraucht ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wat een och muss soen, et kënnt e Boulenterrain dohinner an eng Zort klengen Amphitheater, dee mat Steng ugeluecht gëtt. Et muss een och wëssen, datt déi Spillplaz net ganz grouss gëtt a se soll jo och net iwwerfëllt ginn. Mee et gëtt eng flott Plaz. Et stinn och schonn eng oder zwou Saachen do.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Et steet jo och schonn eppes do. An et ass och esou – den Här Buergermeeschter huet dat jo och gesot – datt e klengen Amphitheater dohinner kënnt, esou datt d'Kanner och encourageiert gi fir selwer Spiller ze maachen. Et soll een hinne jo net ëmmer nëmme Spiller virun d'Nues setzen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Den Här Klein huet schonn een Deel vu menger Fro beäntwert kritt. Mee ech muss soen, datt ech d'Pläng net gesinn hunn. Ech muss mech och dofir entschëllegen. Mee wou genee kënnt déi Spillplaz hin?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Uewen an d'rue Fontaine d'Olière. Et ass schonn eng do, mee se gesäit wierklech e bësse krokeleg aus a se gëtt erneiert. Se läit tëscht enger Parzell vun Haiser, e bësse méi eran. Dat ass och déi Spillplaz, iwwer déi scho vill geschwat ginn ass.

**Guy Brecht (LSAP):**

Also läit se e bësse verstoppt, well ech hunn se nach net gesinn.

**Carlo Gira (CSV) :**

Där schwätzt vun enger Spillplaz, mee ech géif éischter soen, datt et eng „aire de récréation" wier. Et schéngt en Trend an der Gemeng ze si fir Boulodromen anzeriichten.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Et ass effektiv eng grouss Nofro fir e Boulodrome do. Ech mengen, et kënne jo och Erwuessener oder Jugendlecher spille wann d'Kanner net do sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Mer hunn zu Rolleng eng gutt Erfahrung gemaach well do sinn ëmmer Leit, déi spillen. Dat ass en Zeechen, datt dat och gefrot ass. Wann d'Summere jo méi waarm ginn, da fänke mer och un d'Traditiounen aus dem Süde vu Frankräich ze importéieren.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ech hunn och déi ganz Saach net a Fro gestallt, mee ech wollt just drop hiweisen, datt et net eng reng Spillplaz ass.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Den Här Majeres huet elo grad gemengt, datt et eng Spillplaz fir déi ganz Famill ass.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.6.

### Urbanisme.

**Renouvellement de l'éclairage public au parc de Rodange – approbation du devis.**

**Roland Breyer, Schäffen :**

Hei maache mer d'Geliichts nei, deelweis mat eisen eegene Leit. An dat mat dekorative Candelaberen. Déi ganz Kabele mussen nei gezu ginn. Mer hunn de Moment do eng Situatioun, déi geféierlech ass, well se net méi der Cegedel-Situatioun entsprécht. D'Mauer ass och futti an déi gëtt dann duerch eis Leit ausgebessert. Hei stinn haaptsächlech d'Fournituren dra fir 40.000 €, esou datt mer dann am Park, erop bis bei de Kierfecht, méi eng flott a sécher Situatioun kréien.

**John Polfer (CSV) :**

Déi Luuchte wäerte jo héich genuch sinn, net datt se no enger Woch nees futtigeschoss sinn.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer kucken, Anti-Vandalismus-Luuchten anzesetzen. Et kann een ëmmer versichen, alles méi hell ze beliichten. Dat ass och dat, wat mer am 'Comité de prévention' erausfonnt hunn. Da ginn d'Vandale vläicht op eng aner Plaz. Mee et ass richteg, et muss ee kucken, wéi laang déi Beliichtung duerhält.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Et ass esou, wéi den Här Breyer seet, do wou mer am Fong kee Vandalismus hunn, dat ass do wou d'Luuchten héich sinn an uewe fënnef oder sechs Pharen dru sinn. Do gi se net dohinner. Et muss een och no den Armaturen ënne kucken. Dat hat ech gesinn, wéi ech spadséiere gaange sinn hanner der Sportshal. Do louch alles eraus. Do sinn der, déi ameséiere sech fir dat erauszehuelen obwuel dat Goss ass. Op eemol hänken d'Kabele fräi do an da muss ee Bescheed soe fir datt ee kucke geet. Et muss een also kucke fir eppes ze fannen, wou se net esou einfach drukommen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Der gesidd jo, wat mer do geschriwwen hunn. „Fourniture, montage et raccordement armature décorative; anti-vandale". Et ass schonn an deem Sënn geduecht. Mee et kann een alles opmaachen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.7.

### Environnement.

**Elaboration du diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune – approbation du devis.**

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Der wësst, datt mer all Joer wëlle Suen an d'Kontroll vun der Loftkalitéit stiechen. Der wësst och, datt mer zanter dem Joer 2000 déi Wäerter ëmmer nees moossen. Dat heescht, ob de Bläi- an de Chromgehalt konstant bleift a guer net esou schlecht ass. De Molydängehalt huet sech zanter 2005 zu Rodange verschlechtert. Et kann net sinn, datt een ëmmer nees schlecht Wäerter beim Molybdän feststellt a keng Méiglechkeet huet, dee Responsabelen ze fannen. Ausser deenen normale Miessunge versiche mer eis Industrië méi staark ze kontrolléieren an duerch méi Miessungen Drock ob si auszeüben. Den Haaptakzent wëlle mer op de Molybdän setzen, mee och aner toxesch Stoffer solle kontrolléiert ginn. Och wëlle mer op der Basis vun eisen Donnéeë Diskussioune mat deene Responsabelen aus der Industrie féieren. Dofir bräichte mer ären Accord fir éischten e spezialiséierte Bureau ze chargéieren, de „Plan de surveillance" vum Joer 2007 duerchzeféieren an och fir déi zousätzlech Expertisen ze maachen, an zweetens fir den Devis vun 26.292 € (TTC) guttzeheeschen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ass dat dee selwechte Kontrakt wéi mer en haten.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Dat ass dee selwechte Kontrakt, mee d'Kontrollen an d'Miessunge ginn anescht gemaach fir méi no un déi Leit erunzekomme well mer bis elo ëmmer gesot kritt hunn, et wier kee Schold u schlechte Resultater vu Miessungen. Et gëtt also iwwer en anere Wee geschafft, mee och iwwer Gespréicher – wa mer d'Resultater hunn a mierken, wat an der Loft ass an aus de Betriber erauskënnt. Iwwer Gespréicher kéint een dann eventuell zu engem Resultat kommen an deem Sënn, datt d'Filteren awer eng Kéier kéinten erneiert ginn.

**Approbation avec 11 voix, M. Rosenfeld ayant quitté la salle.**

## 11.2.8.

### Sports et loisirs.

**Piscine couverte de Pétange – travaux de rénovation – approbation de l'avant-projet (devis et plans).**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Wéi mer och schonn am Budget gesinn hunn, hu mer do 900.000 € festgehale fir dëst Joer mat den Aarbechten unzefänke fir eis Péitenger Schwämm nees an d'Rei ze setzen. Hei leeë mer iech den Avant-projet vir, deen sech op 3.300.000 € (TTC) beleeft. Et geet haaptsächlech dorëm, datt verschidden Installatioune mussen nei gemaach ginn. Dat ass besonnesch den Daach, dee muss ofgedroe ginn an eng nei Charpente kréien. D'Fënstere mussen erneiert ginn, et muss en nei Fassad gemaach ginn, déi och isoléiert. Da kommen nach verschidden „travaux de parachèvement" derbäi. Dat eent oder anert kënnt jo emol nach derbäi. Och déi technesch Installatiounen mussen nei gemaach ginn, d'Elektresch esou wéi den Traitement vum Waasser, d'Ventilatioun an déi ganz Heizkierper.

Ech géif iech bieden, dat hei ze stëmmen. Well ech mengen, datt et net vu Muttwëll ass wa mer d'Péitenger Schwämm, déi schonn zanter laangem am Gespréich an och scho laang d'Suergekand vun der Péitenger Gemeng ass, nees a Stand setzen.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech hätt zwou Froen zum Devis well ech do eppes net richteg verstinn. Am Dossier op der Säit 276 sinn d'Präisser jo op véier Positiounen opgedeelt: d'Elektresch, d'Heizung, d'Ventilatioun an den Traitement vum Waasser. Et ass och all Kéier opgedeelt op déi dräi Bureauen, déi dorunner schaffen. Wann ech elo den drëtte Bureau Goblet & Lavandier huelen, an ech zielen déi Chifferen zesummen, da kommen ech effektiv op déi Zomm, déi do steet. Wann ech déi aner Bureauë kucken, do steet am „sous-total" ëmmer Null an da kommen um Enn um Total trotzdeem beträchtlech Chifferen eraus.

Eng zweet Saach, déi ech net novollzéie kann, dat ass den Total fir d'Aarbechte vun deenen eenzelne Bureauen. Dat ass eng Kéier ronn 1,1 Milliounen € an et sinn zwee Mol ronn 800.000 €. Wann ech dann d'Honoraire kucken, da verstinn ech och net, firwat esou grouss Differenz do ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

De ganzen Detail ass am Dossier, deen am Sekretariat läit. Mer hu iech just nëmmen eng Zesummefaassung zoukomme gelooss. Dat heescht, dir hutt nëmmen deen Deel vun der Tabell kritt, wou den Total drop steet.

**Roger Klein (LSAP):**

Dat heescht, de Sekretär huet d'Äntwert am Grapp, da ginn ech duerno bei hie kucken. Merci fir d'Erklärung.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech mengen, der kënnt och duerno am Sekretariat dee ganzen Dossier kréien. Mer loossen eng Kopie fir all Fraktioun maachen.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ech sinn elo kee Spezialist, mee mer hate jo e platten Daach. Wann ech dat elo richteg gesinn, dat gëtt deen Daach jo ofgedroen an da gëtt een nei gemaach mat engem Gefäll vu 4% op der Säit vum Hotel. Geet dat dann elo duer fir datt kee Waasser drop stoe bleift ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Et ass dat, wou mer och mat der Sportshal an hei am Gebai gutt Erfahrunge gemaach hunn. Bei der Sportshal huet et sech scho laang bestätegt, datt et gutt ass. Hei hu mer och kee Problem. E flaachen Daach ass ëmmer e gewëssene Risiko, mee bei all esou Gebaier, déi esou wéi déi do Gebaier ausgesinn, ginn esou flaach Diech gemaach. Mer mussen eis awer generell d'Fro stellen, wéi mer zu esou Regelen, wéi mer se intern hunn, solle stoen an ob se haut nach hir Gültegkeet hunn am Verglach mat däer Zäit – virun zing oder 15 Joer – wéi se opgestallt goufen. Et kann een awer elo schonn direkt soen, datt et net konform ass zu eisem Bautereglement. Do gi véier Prozent Gefäll net duer. Mee den Daach existéiert jo schonn, an dofir ass déi Derogatioun och elo méiglech.

**Roger Klein (LSAP):**

Da komme mer eisem Reglement jo scho véier Prozent méi no.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat ass richteg.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech hat dee leschte Méindeg e ganze Koup Äntwerten op meng Froen zu de Präisser kritt. Den Här Gira huet mer elo eng Fro geklaut, well ech wollt dat selwecht iwwer den Daach froen. Dann hätt ech awer nach eng aner. Mer mussen eis jo kloer sinn, datt et net bei der Schwämm bleift wat d'Fassad ugeet. Dat hei ass jo just eng éischt Phas. Iwwerall wou dat Eisen erauskuckt, do rascht et jo an de Betong eran. Wa mer do eng Fassad driwwer maachen, dann ass dat verstoppt. Mee geet dat domat duer?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Neen, natierlech net. D'Fassad gëtt sanéiert an da kënnt eng nei Fassad drop. Se mussen dat jo esou maachen. Dat gëtt och e ganz grousse Schantjen. Mer mussen eis däers bewosst sinn. Et ass kee klenge Schantjen. Mee wa mer eis Schwämm wëlle behalen, da musse mer dat maachen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Dat do ass e Projet, wou eng „inconnue" dran ass a wou een duerno net weess, wat erauskënnt. Well do kënnen am Laf vun den Aarbechten nach Saachen opdauchen, am Géigesaz zu aner Projeten, wou een eppes baut oder nei mécht. Bei der 'Neiwiss'-Schoul kann ech mer dat net virstellen, mee hei kann een nach Iwwerraschunge kréien.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.9.

### Antenne collective de télévision.

**Mise en souterrain d'une partie du réseau – approbation du devis.**

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hunn en Devis vun 20.000 € virleien. Dat ass e Kredit, dee mer all Joer brauche fir eist Netz auszebaue well mer nach ëmmer de Propriétaire sinn. Mer hunn zwar e Concessionnaire, deen d'Netz exploitéiert, mee et steet dran, datt mär musse fir d'Netz suergen an et och ausbauen oder verstäerken. Et si Saachen, déi emol futti ginn. Aner Saache musse verstäerkt gi well gréisser Residenzen dobäi kommen. Déi Haaptaarbechte sinn awer d'Fouillen an d'Tranchéeën an den

Trëttoiren. Heiansdo mussen och Coiffen ersat oder verstäerkt ginn. Dat sinn déi Kreditter, déi mer brauche fir d'Netz an der Rei ze halen, esou wéi mer dat an engem Kontrakt versprach hunn.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech wollt just bemierken, datt nach vill „raccordements aériens“ do sinn, déi nach mussen ewech geholl ginn. Déi mussen duerch ënnerierdesch Kabelen ersat ginn.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Do ass awer Siemens dann och derbäi als Partner. Mär hunn hinnen d'Netz ginn an deem Zoustand, wou et war, a mer hunn eis operluegt fir et an der Rei ze halen. Alles wat elo ausgebaut gëtt, an neie Lotissementer zum Beispill, do kucke mer de Lotisseur un den Dësch ze kréien. An och wa si Glasfaser leeën, da maachen si dat op hir Käschten. Dat hei ass just eng Verstäerkung, déi muss komme well d'Netz awer schonn 30 Joer huet an heiansdo derno muss gekuckt ginn.

**Carlo Gira (CSV) :**

Ech fannen, et gëtt vill an d'Antennennetz gestach, de Präis geet lafend an d'Luucht an ech froe mech, ob mer nach laang kompetitiv si géintiwwer de Parabolantennen. Si mer do genuch gerüst fir datt mer net geschwënn un all Fassad eng Schossel hänken hunn.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Et gëtt esou vill un d'Fassade gehaangen, besonnesch ëm Chrëscht-dag. Et muss een sech froen ob een sech do keng Reglementer muss ginn an och wéi wäit een se duerchbréngt fir do eng Kloerheet dran ze kréien. De Präis wäert och an d'Luucht goen. Mer hu vun der Siemens matgedeelt kritt, datt se eng Adaptatioun wëlle maachen. Mam Index mussen se dat dann all Kéier beweisen. Déi hu mer schonn erakritt. Mär mussen se awer och nach am Schäfferot ënnersichen, mee et wäert geschwënn nees eng Augmentatioun un d'Leit goen. Se ass net béis, mee et gëtt dem Index Rechnung gedroen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Wat d'Parabolantennen ugeet, do huet jiddereen d'Recht op Informatioun. Opgronn vun deem Gesetzesartikel kann ee kengem eng Parabolantenn verbidden. A wann dee ka beweisen, datt et keng aner Méiglechkeet gëtt fir se ze installéieren ewéi un der Fassad, da wäerte mer och net kënnen dogéint virgoen.

**Camille Bosseler (CSV) :**

Ech wollt just froen, wéivill Abonne-menter mer bei der Siemens hunn am Moment.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Fir déi genee Zuel ze wësse misst ech bei der Siemens nofroen. Mer haten der ronn 6.000 an e puer. Et ass awer eng interessant Fro. Et kann een deem emol nogoen a kucken, wéivill mer der hate wéi mer hinnen se ginn hunn a wéivill et der elo sinn. Do kënne mer iech déi aner Kéier Bescheed soen.

**Camille Bosseler (CSV) :**

Ass do och e Suivi wann der ophalen?

**Roland Breyer, Schäffen :**

Dat gesi mer net well mer dat jo net méi verwalten. Si hunn déi Donnéeën, mee et ass interessant fir dat emol eng Kéier nozefroen. Et ass vläicht eng Tendenz do, déi mer net kennen. Mat der Digitaliséierung wäerten och d'Parabole Problemer kréie well et dach ëmmer méi op Pay-TV erausleeft an ee fir alles eng Këscht muss hunn a wou mer awer e Package gratis an d'Haus kréien. Ech loossen dat emol nofroen wéi et domat ass.

**Approbation à l’unanimité.**

## 11.2.10.

### Agriculture.

**Voirie rurale: travaux extra-ordinaires – approbation du devis.**

**Roland Breyer, Schäffen :**

Dat kënnt och all Joer erëm. Mer schaffen zwar net un de Weeër. Heiansdo maache mer jo e Reprofilage oder esou. Hei ass just en Devis vu 17.500 € (TTC) virgesinn fir d'Grief laanscht d'Weeër ze botzen. Dat war jo och ëmmer e Wonsch vum Här Bosseler. Mer hunn elo eng spezialiséiert Firma, déi d'Grief propper mécht. Bei deem Devis kréie mer och nach 30% vum Stat als Subsid derbäi. Se kontrolléieren d'Grief, also déi Haaptgrief, an der Gemeng.

**Camille Bosseler (CSV) :**

Ech fannen et wichteg, grad fir d'Feldweeër, well se jo awer mat hire schwéiere Gefierer wéi d'Trakteren kommen. Well wann dat Waasser stoe bleift well et net gebotzt ass, da ginn eis Stroosse futti. Dat ass jo normal duerch den Drock. A wat d'Grief méi déif sinn, wat d'Waasser besser ofzitt an eis Stroosse gutt bleiwen.

**Approbation à l’unanimité.**

## 11.2.11.

### Transports et communications.

**Mesures d'apaisement du trafic dans diverses rues de la commune – approbation du devis.**

**Roland Breyer, Schäffen :**

Do geet et ëm déi ominéis Luuchten, déi mer wëllen op d'Kräizung Athuser Strooss a Jenken setzen. Déi Ampel-anlag gëtt mat engem Bouclage verbonnen, esou datt déi Leit, déi aus de Jenken erausfueren, sech duerch eng Schwell déi gréng Phas ufroen. Och d'Foussgänger, déi iwwer d'Bréck hanner dem Hotel ginn, kréien d'Méig-lechkeet, sech eng Sécherheet do ze schafen. D'Automobilisten op der Athuser Strooss mussen dann och stoe bleiwen. Dat ass och vill méi sënnvoll wéi dat, wat mer bis ewell do stoen haten. Wat och net richteg legal war – wann een dat esou däerf soen. Do hate mer jo e System installéiert, dee mat der Vitesse fonctionnéiert huet. Wann een iwwer 50 drop hat, dann ass d'Luucht automatesch op rout gesprongen. Dat wollt d'Ponts et Chaussées awer ni esou richteg unerkenne well wann een einfach geblockt gëtt an et gesäit ee kee Foussgänger oder keen Auto, deen iergendwéi do erauskënnt, dann hëlt een un, datt déi Luucht net richteg geet an et fiert een awer derduerch. An dat ass geféierlech. Hei gesäit een elo wann eng Persoun gedréckt huet oder en Auto aus de Jenken erausfiert, esou datt ech unhuelen, datt dat méi respektéiert gëtt. Eventuell gëtt de Verkéier op der Athuser Strooss doduerch och berouegt, well de Moment gëtt nees do gerannt.

Mer hu bis ewell ëmmer eis Politik esou gemaach, datt mer musse fir de Schutz vun deem schwaache „Verkehrsteil-nehmer“ schaffen. A wann den Auto-fuerer elo heiduerch e bësse méi spéit op d'Aarbecht kommen, dann haten en ebe Pech. Ech mengen, dat ass eben de Revers vun der Medaille. Mee du muss awer kënnen dee schützen, deen iwwer d'Strooss geet. Ech versprieche mer och, datt mer an e puer Joer eng Léisung fir de Contournement kréien.

**Approbation à l’unanimité.**

## 11.2.12.

### Transports et communications.

**Acquisition de feux tricolores – approbation du devis.**

**Roland Breyer, Schäffen :**

Dat sinn d'LED-Luuchten, déi mer an all eisen Anlage wëllen installéieren. Se si

vill méi hell, se hale méi laang a se verbrauche manner Stroum. Mer hunn ausgerechent, datt, wa mer dat do abauen – e ass zwar e Wäert vu 50.000 € - mer de Wäert an deenen nächsten aacht Joer nees erëmkréien. Déi Luuchten, déi mer bis elo haten, gi relativ dacks futti well se och dem Wieder méi ausgesat sinn. Hei si Luuchten, déi guer net esou empfindlech sinn. Dofir wollte mer déi a sämtleche Verkéiersluuchten abauen.

**Camille Bosseler (CSV) :**

Ass et do net méiglech fir Luuchten, déi bausse stinn, mat Sensoren auszestatten. Wann ech hanner 'Rousen' kucken, do ass owes déi ganz Trap do erop beliicht. Wéi et schéngt sinn do jo scho Sensoren, mee firwat ginn déi net? Déi liichte bis an d'Nuet eran. Well et gëtt jo awer ëmmer vum Stroumspuere geschwat.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Här Bosseler, hei schwätze mer awer vun de Verkéiersluuchten. Mer mussen natierlech ëmmer kucken, wat mer gären hätten. Och bei 'Rousen' hu mer déck Spoten an deem Passage installéiert fir just dem Vandalismus entgéintzewierken. Mer hätten et gären hell do. Wa mer et däischter loossen, dann hu mer nees eng aner Gefor do. Mer haten d'Luuchte virun 'Rousen' – also déi, déi am Buedem leien - ausgeschalt well se heiansdo geblend hunn. Wat war de Revers vun der Medaille? Do souz d'Trap ëmmer voll a kuckt emol, wéi d'Fassad beschiedegt ass, wéi drop gestéckelt gouf. Wann et hell ass, da verzéien se sech op eng aner Plaz. Gutt, wann ee Luuchte fënnt, déi manner brauchen, dat ass dann ëmsou besser.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.2.13.

### Transports et communications.

### Acquisition de nouveau matériel de signalisation – approbation du devis.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Wa jo déi Zone 30 kënnt, da brauche mer jo nei Poteauen, anerer ginn ewech geholl. Wa mer gewësse Moossnamen huelen, da brauche mer Poteauen a mer mussen der jo och ersetzen. Fir iech ze berouegen, mer kréien och 25 nei Polderen, mee net fir neier derbäi ze maachen, mee fir aler ze ersetze well déi jo dacks getéckt ginn. Mer kréie jo och heiansdo vun den Assurancen d'Suen erëm. Wat d'Polderen an d'Poteauen ugeet, do hu mer quasi all Mount eng sechs Stéck, déi einfach ëmgebéit a futti gemaach ginn. Déi leien da moies do wann nëmmen iergend eppes Klenges am Duerf lass war. Dat ass dann deen anonyme Vandalismus, hanner dee mer net kommen. Hei musse mer 35.000 € virgesi fir eise Stock nees opzefëllen an eis Signalisatioun um leschte Stand ze halen.

**Approbation à l'unanimité.**

## 11.3.

### Vote du budget rectifié 2006 et du budget de 2007 - décisions.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ier mer dann zum Vote iwwer ginn, géif ech d'Vertrieder vun de Parteie bieden, ganz kuerz ze soe firwat se de Budget stëmmen oder firwat se de Budget net stëmmen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech all deene Leit Merci soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. E Kompliment och un den Här Buergermeeschter fir déi iwwersiicht-lech a propper Presentatioun vum leschte Méindeg. Et ass e Budget vun der Kontinuitéit, e virsiichtege Budget, e Spuerbudget, grad esou wéi mer e viru kuerzem och op nationalem Plang virgestallt kruten. Selbstverständlech ass et interessant wann ee keen neien Emprunt muss ophuelen, wann een d'Schold kann erofsetzen an och nach Benefice mécht. Am Fong geholl kéint ech elo schonn ophalen an der Optik „Friede, Freude, Eierkuchen", maacht weider esou !

Mee esou einfach wëlle mer eis dat awer als LSAP-Fraktioun net maachen. Am Allgemengen hu mer bei dësem Budget d'Impressioun, datt e ganze Koup Projeten op déi aner Joere verréckelt gi fir esou de Budget am Gläichgewiicht ze halen. Well dat jo dobausse vill besser ukënnt an och vill besser ausgesäit.

Et ass ëmmer an et gëtt och ëmmer méi bemierkenswäert, wéi de ganze Schäfferot eis ëmmer plausibel mécht, wéi dréngend noutwenneg de PiKo fir eis Gemeng war an och nach ass. An dat obwuel d'Folgekäschte vu Joer zu Joer an d'Luucht ginn. Den Här Welter nennt d'Zuel vu 480 Entréeë als Zil fir dat anert Joer. Der däerft awer net vergiessen Här Welter, datt iwwerall am Land esou Erliewnesschwämmen entstinn, op ville Plazen an interkommunaler Zesummenaarbecht, an do wäert d'Konkurrenz och deementspriechend méi grouss ginn. Iwweregens hat ech iech, Här Welter, viru méi wéi sechs Méint eng Kéier gefrot, ob der mech kéint eng Kéier mat an d'Schwämm huele fir datt ech mer kéint e bessert Bild maache vun deem Ganzen. Mee leider waarden ech nach ëmmer op déi Invitatioun an ech hoffen, datt der se nach eng Kéier kënnt nohuelen. Ech hoffen, Här Buergermeeschter, datt ech och vun iech eng Kéier déi Ofrechnung kréien, wéivill déi Schwämm d'Bierger vun der Gemeng Péiteng all Dag kascht.

Mee nieft enger attraktiver Schwämm kënne mer vum nächste Joer och op eng Sportshal zu Rodange zeréck-gräifen, déi op der fréierer Kiermesplaz opgeriicht gëtt. An déi Rodanger kënnen awer och heiansdo esou gemeng sinn. All méiglech Nimm zirkuléieren dorëmmer, woubäi Schraasseg nach harmlos ass. Mee selbstverständlech gëtt de Schoulsport domat gefuerdert a mer schafen domat och nach zousätzleche Schoulraum an der Neiwiss-Schoul. Rodange wäert an deenen nächste Joeren e ganz liewegen Duerfkär kréien. Mee net nëmmen en Duerfkär, duerch de Projet 'Croix St-Pierre' wäert eist uerg gebeidelt Stroossennetz hei an der Gemeng nach e bësse méi gefuerdert ginn. Et heescht jo haut net méi d'Collectrice benotze fir d'Haapt-stroossen ze vermeiden, mee d'Haapt-stroosse benotze fir d'Collectrice ze vermeide. An d'DP soll sech jo och, laut hirem Walprogramm, fir d'Geschäftswelt asetzen. Do wäert den Här Welter an nächster Zäit gefuerdert ginn, well et ass jo bestëmmt kee Geheimnis méi, datt zwou renomméiert Transport-gesellschaften en Deel vun hiren Aktivitéiten an d'Ausland musse verleeë well se net méi genuch Plaz zur Verfügung hu fir Bussen ënnerdaach ze bréngen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Här Brecht, elo ass et Schluss. Mär fänken net nees eng Diskussioun frësch un. Ech hat iech gesot, der sollt a kuerze Wierder hei soen, firwat där fir oder géint de Budget stëmmt. Awer net nees eng Diskussioun ufänken. Well da ka jiddereen nees ufänken hei um Dësch. Domat sinn ech net averstan. Entweder der bréngt et elo fäerdeg, eis a kuerze Wierder ze soe firwat der derfir oder dergéint stëmmt, oder mer halen direkt heimat op. Et ka jo net sinn, datt där den Här Welter elo hei attackéiert, deen emol keng Méiglechkeet huet fir iech ze äntwerten. Well soss si mer jo nach um siwen Auer amgaang. Dat do hätt der dee leschte Méindeg kéinte soen. Firwat hutt der dat net dee leschte Méindeg gesot? Dann hätte mer iech och eng Äntwert drop ginn. Mee op

jiddwer Fall steet haut keng Diskussioun op der Dagesuerdnung. Dat ass net de Sënn vun der Saach. Well da kann den Här Becker, den Här Bosseler, den Här Gira, den Här Polfer, asw., nees ufänken, an da fänke mär och nees vu vir un drop ze äntweren. Sot eis elo firwat der derfir oder dergéint stëmmt.

**Guy Brecht (LSAP):**

Okay, ech hat jo scho gesot, datt vill Projeten op déi aner Joeren iwwerdroe goufen. A mär haten eis wierklech e bësse méi erwaart vun deem Budget, an dofir wäerte mer en och net stëmmen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Gutt, dat ass dat, wat hei nach méiglech war.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech hat elo de Virdeel, datt ech dee leschte Méindeg e bësse méi dorop konnt agoen a meng Impressioun zum Budget konnt virbréngen. Ech krut den Optrag vu menger Fraktioun fir net géint de Budget ze stëmmen, mee fir mech beim Vote ze enthalen. An deemno wéi de Schäfferot weidermécht kéint et sinn, datt mer jo deen nächste Budget mat stëmmen.

**Gilbert Welter, Schäffen :**

Wann ech dee resuméierte Boni 2006 an d'Recette vun 2007 zesumme-rechnen, da leie mer no bei 50 Milliounen. Bei esou Zommen ass et wichteg, datt ee bei der Viraarbecht vum Budget oppasst, wéi een dësen enorme Betrag am Interesse vun eise Bierger verschafft. Bei iwwer 35 Milliounen ordinären Ausgaben – iwwer d'Halschent dovunner geet an d'Gehälter – bleift de Betrag vun der Differenz fir datt eise grousse Betrib vu 15.000 Awunner och ka fonctionnéieren. Déi bal 14 Milliounen extraordinär Ausgabe gi gebraucht fir déi Projeten, déi amgaang sinn, fäerdeg ze maachen – esou wéi d'Rodanger Schwämm – oder fir nei Projeten unzefänken.

Wichteg ass et, datt keen neien Emprunt muss gemaach ginn. Dëst ass nëmme méiglech, wa jiddereen aus dem Schäfferot matdenkt, mat-rechent a seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Dat war zu 100% de Fall.

Well d'DP d'Méiglechkeet hat interfraktionell a groussen Zich iwwer d'Zukunft vun der Gemeng mat ze diskutéieren, well eng grouss Ähnlechkeet a Virsiichtegkeet beim Opstelle vum Budget am Schäfferot war, ech selwer konnt dëse Budget mat opstellen an iwwerzeegt dovunner sinn, a well dëse Budget e Boni vun iwwer 214.000 € opweist, ass et kloer an däitlech, datt ech dëse Budget mat Satisfactioun stëmmen.

**Romain Rosenfeld (CSV) :**

Ech mengen, ech kommen zu deene selwechte Konklusioune wéi déi lescht Woch. Näämlech datt dëse Budget an der Kontinuitéit viruleeft. Et si verschidde Projeten déi der Zäit ugepasst an zeréckgesat ginn, dat ka sinn. Mee ech mengen, wann ech mer virgeholl hunn, dëst Joer dräi Mol an d'Vakanz ze goen an ech hunn nëmmen d'Suë fir zwee Mol ze fueren, ma da fueren ech nëmmen zwee Mol. Vläicht geet et dat d'Joer duerno besser. Esou ass och dee Budget – och wann et vläicht net dee beschte Verglach ass. Trotzdeem gesi mär als CSV-Fraktioun, datt, wa mer all Joer géife 14 Milliounen investéieren, dat e schéine Pak géif ginn, deen investéiert gëtt fir d'Bierger aus der Gemeng Péiteng. Ech géif vun der Geleeënheet profitéieren, fir der ganzer Equipe – esou gutt de Fonctionnairen ewéi dem Schäfferot mam Pierre Mellina un der Spëtz – Merci ze soe fir déi propper Presentatioun. Do ass net vill ze soe well dee Budget komplett an der Rei ass an d'CSV-Fraktioun steet komplett hanner dem Schäfferot.

**Budget rectifié: voté avec 8 voix (CSV, DP), contre 3 voix (LSAP) et 1 abstention (Déi Gréng).**

**Budget 2007: voté avec 8 voix (CSV, DP), contre 3 voix (LSAP) et 1 abstention (Déi Gréng).**

## 12.

## Questions des conseillers communaux.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Zanter Mëtt November gesäit een se nees iwwerall, wéi se sech druginn, wéi se struewelen, ob se aus Plastik sinn oder aus Stoff, ob se butzeg kleng oder maansgrouss sinn, eleng oder zu méi, se wëllen all dat eent: eropklammen. Bal all Mënsch muss se hunn, ob se um Balcon festgemaach sinn, um Kulang hänken oder nëmme mam Seel an der Fënster geklemmt sinn. An all Baumaart sinn se fir wéineg Suen ze kréien a vill Leit denken, elo géif och eppes fir d'Saison gemaach an hänken déi gräisslech „Weihnachtsmänner" un hir Fassaden. Vu wou dee Brauch mat deene fuerchtbare Kloterer dann hier kënnt weess keen, mee et muss een se hunn. An dobäi sinn et net emol, wéi dat da géif an eis Kultur passen, Kleesercher, Housekeren oder esou guer Chrëschtkënnercher. Hutt der nach net dru geduecht fir eventuell eng Ajoute an eist Gemengereglement ze maachen, déi esou Verschamp-léierunge vun eise Fassaden zur Säit vun der 'voie publique' verbitt? Madame, dir Hären, dës Fro war net ganz eescht ze huelen, mee sollt als Gedankenustouss geduecht si fir d'Saison.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Ech sinn och ganz averstanen domat, well et gi verschidde Saachen, déi einfach fierchterlech sinn. Wat d'„voie publique" ugeet, also d'Statsstroossen, do misst een sech iwwerleeën ob een net do eng Handhab hätt, ob ee vläicht eng „autorisation de voirie" misst hunn, well wann een op enger Haaptstrooss eng kleng Enseigne wëll ubréngen, da muss een dat näämlech hunn. An hei sinn heiansdo Saachen, déi vill méi irritéieren ewéi eng kleng Enseigne vun engem Café. Dat wier vläicht eppes, wourunner ee kéint denken. An da misst een awer an der Gemeng och drun denken, datt ee keng Concoursen organiséiert fir just esou Saachen z'ënnerstëtzen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

A kuerzer Zäit geet deen neien CFL-Arrêt zu Rolleng op. An deem Zesummenhang wollt ech froen, wéi wäit den Dossier Opfangparking op der Grenz mat Frankräich ass. Well et ass jo esou, an dat ass gutt, datt ëmmer méi Leit op den Zuch zeréckgräife fir op hir Schaff ze fueren. An et ass gutt méiglech, datt vill Leit mat den Autoen – well de Parking zu Rodange scho voll ass – op d'Stroosse vu Rolleng zeréckgräife fir dann owes méi séier a Richtung Grenz ze kommen.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Mer hu jo haut d'Reglement geholl an ech hoffen, datt mer et ugeholl kréien, och wa mer – wat d'Formulatioun ugeet - net 100-prozenteg an der Legalitéit sinn. An da soll och all Mënsch vu Gemengerot zu Gemengerot soen, wat e mengt, well ech sinn iwwerzeegt, datt deen Halt attraktiv ass well en eng Alternativ ubitt zu deenen anere Parkplazen, déi iwwerfëllt sinn.

Wa mer awer op däer Plaz verbidden, da wäerte mer et op aner Plaze spieren, also heescht et do och oppassen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

An als lescht Fro kommen ech dann nees eng Kéier op de Schwaarze Wee zu Péiteng ze schwätzen. Et ass scho méi dacks hei ugeschwat ginn. Wéi wäit sinn d'Diskussioune mat den CFL gelaf fir dee Wee, dee sécher vu ganz ville Leit benotzt gëtt, frësch ze maachen. A wat elo nach derbäi kënnt,

dat ass jo déi ganz schlecht Beliichtung. Virun allem elo am Hierscht an am Wanter traut sech no 4 Auer mëttes kee Mënsch méi duerch dee Wee, aus lauter Angscht, an deem däischtere Schloff iwwerfall ze ginn. Wann der hei vläicht kéint séier reagéieren ier wierklech eppes do passéiert. Ech soen iech Merci.

**Roland Breyer, Schäffen :**

Also mer hunn näischt am Budget virgesinn, dat hutt der jo festgestallt. Et ass ganz kloer, datt mer Propriétaire si vun deem Wee. Mer hunn dee Wee scho viru Joere vun den CFL iwwerholl a mer musse kucken, wat mer do kënne maachen. Mer hunn de Moment hannen an de Kasären, wat de Schwaarze Wee ubelaangt, d'Beliichtung mat eise Leit erneiert. Also ass et ze maachen. Mer musse kucken, ob mer dat am Planning vum nächste Joer mat ënnerdaach kréie fir déi Käpp ze ersetzen. Dat heescht, wa mer net d'Leitunge musse maachen, da kënne mer dat och virgesinn. Et ass sécherlech och méiglech am Kader vun de „mesures d'emploi" – sief dat mat CIGL oder Pro Activ - do eng gezielten Aktioun ze lancéieren fir dee Wee méi léif ze amenagéieren a vläicht iwwer de Kredit vum Reprofilage en neie Belag driwwer ze maachen. Ech kéint mer virstellen, déi eng oder aner Bänk dohinner ze stellen an och eppes dohinner ze hänke fir de Knascht. Well de Moment ass en net ganz gutt an ech mengen, datt den Här Polfer eis drun erënnert well hien awer méi dacks derduerch geet.

# Budgets de l'administration communale

## Présentation par le collège des bourgmestre et échevins
## Commentaires et questions des conseillers
## Réponses du collège des bourgmestre et échevins – Discussions

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Et ass fir déi siwente Kéier, wou ech dem Gemengerot eng Analys iwwer déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng am Kader vun der Budgets-presentatioun maachen. Och wann déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng sécherlech net Ulass zu enger Entwarnung ka ginn, esou muss een awer dovunner ausgoen, datt trotz verschidden Onsécherheetsfacteuren, déi konsequent a rigoréis Finanzpolitik aus de leschte Joere seng Friichten ufänkt ze droen an eis haut weiderhin erlaabt, een ambitiéisen Investitiouns-programm ze presentéieren obwuel eng gewësse Stagnatioun vun de Recetten, déi iwwer d''Dotation de l'Etat' an d'Gewerbesteier realiséiert ginn, festzestellen ass.

Wéi d'Gemeng Péiteng um Ufank vun dësem Joer – esou wéi all déi aner Gemengen aus dem Land – vum Inneministère matgedeelt krut, datt, op Grond vun manner Recette vun der TVA, am Kont 2005 d''Dotation de l'Etat' ëm 1.209.500 € ënner dem Betrag aus dem rektifizéierte Budget 2005 géif leien, an och d'Gewerbe-steier am Kont 2005 liicht – dat heescht ëm 148.000 € - ënner dem Betrag vum rektifizéierte Budget 2005 clôturéiert huet, du war et sécherlech dem äusserst virsiichtegen Opstelle vum Budget 2006 ze verdanken, datt d'Gemeng ouni grouss Aschneidungen d'Aarbechten am Intressi vun eise Bierger weiderféiere konnt.

Des Weideren ass ervirzesträichen – an dat konnt all Conseiller am leschte Joer selwer feststellen – datt de finanzielle Suivi vun eise Projeten de Spillraum vun Devis-Iwwerschreidunge staark reduzéiert huet an och am lafende Joer mat engem eenzege „Crédit supplémentaire" d'Zuel vun de Krediterhéijungen op een absolute Minimum reduzéiert gouf. An dësem Zesummenhang wëll ech drop hiweisen, datt déi negativ Rekorder aus de Joeren 1999 an 1997 mat 73 respektiv 38 „modifications de crédits" am extraordinäre Budget endgülteg zur Vergaangenheet gehéiere mussen an datt esou eng „navigation à vue" haut an engem dach schwierege finanziellen Ëmfeld absolut net méi ze vertrieden ass.

Och wann et e Politiker kaum an senger Suerg no Popularitéit weider-bréngt, esou bleift d'Finanzpolitik, aus däer sech déi néideg finanziell Mëttelen erginn, bleiwen déi beschten Iddien, déi beschte Visiounen eidel Illusiounen, onrealiséiert Dreem. Fir datt awer déi zukunftsorientéiert Visiounen zur Weiderentwécklung vun eisen dräi Uertschafte keng Dreem bleiwen, mee an engen verstännegen Délai Realitéit kënne ginn, mussen all responsabel Politiker sech engagéieren, den néidege finanzielle Kader fir dës Investitiounen ze schafen.

Vergläicht een d'Progressioun vum staatleche Budget 2007 par rapport zum Budget 2006, esou klammen d'Recetten ëm 5,4% an d'Ausgaben ëm 3,6%. An der Gemeng Péiteng klammen déi ordinär Recetten tëscht deenen zwee Exercicer ëm 6,5% an déi ordinär Ausgaben ëm 3,3%. Mer konnten also d'Evolutioun vun den ordinären Ausgabe mat enger Progressioun vun 3,3% ënner däer vum Statsbudget halen. Dëst war sécherlech net einfach a verschidde Moossname waren noutwenneg fir dës positiv Entwécklung vun eise Gemengefinanze sécher ze stellen.

Wéi gesäit d'Entwécklung am ordinären Deel tëscht dem Budget 2006 an dem rektifizéierte Budget 2006 aus ?

Op der Säit vun de Recette klëmmt de Betrag am Total vun 37,44 Milliounen € am Budget 2006 op 38,73 Milliounen € am rektifizéierte Budget 2006, dat heescht ëm 3,5%. Am Detail verdeelen déi Haaptvariatiounen sech of folgend Rubriken:

D'Rubrik 2/01 «Administration géné-rale» mat engem Plus vun 350.000 €.

D'Rubrik 2/04 «Enseignement» mat engem Plus vun 693.000 €.

D'Rubrik 2/08 «Culture, loisirs et cultes» mat engem Plus vun 100.000 €.

D'Rubrik 2/12 «Transport et communications» mat engem Plus vun 133.000 €.

D'Rubrik 2/13 «Recettes non ventilables» mat engem Minus vun 108.000 €.

D'Ursaache fir dës relativ grouss Haussen an den ordinäre Recetten am rektifizéierte Budget 2006 par rapport zum Budget 2006 leien zu engem gudden Deel op enger duebeler Verbuchung vu verschiddene Recetten am Joer 2006 well d'Recetten aus dem Joer 2005 net virun der Clôture vun de Konten 2005, dat heescht den 30. Abrëll 2006, agaange sinn an esou, duerch d'„prodcédure comptable" vun de Gemengen op d'Joer 2006 verbucht musse ginn.

Dat ass zum Beispill de Fall fir:

den Undeel vum Stat un dem Zousaz vun de Peie vun de Beamten, wou am Rectifié 2006 d'Beträg vun 2005 an 2006 ageschriwwe sinn;

a fir de Remboursement vun den On-käschte vun der Kantin an der Maison

relais, wou am rektifizéierte Budget 2006 de Remboursement vun de Joeren 2005 an 2006 ageschriwwen ass.

Des Weidere krut d'Gemeng Péiteng am Joer 2006 op Grond vun engem definitiven Dekont iwwer d'Kontributioun vun der Gemeng un de Peie vun dem Léierpersonal fir d'Joeren 2001 an 2002 en exceptionnelle Remboursement vun 333.800 € zougestanen.

Schlussendlech huet dat neit Taxe-reglement am Kader vun der Musekschoul esou wéi eng substantiell Erhéijung vun de Recetten op Gron vun der „taxe compensatoire“ am Kader vun den net realiséierte Garage bei Bauprojeten e positiven Afloss op déi ordinär Recetten, iwwerdeems awer esou wuel am Kader vun de staatleche Recetten, dat heescht der 'Dotation de l'Etat' an der Gewerbe-steier, esou wéi dem Remboursement vun der TVA e liichte Réckgang am rektifizéierte Budget par rapport zum Budget ze erwaarden ass.

Wat déi ordinär Ausgaben ubelaangt, esou reduzéiert sech de Betrag am Total vu 34 Milliounen € am Budget 2006 op 33,68 Milliounen € am rektifizéierte Budget 2006, dat heescht ëm 0,9%. Dëst war awer nëmme méiglech duerch eng strikt Finanz-politik, déi zanter Joere konsequent duerchgefouert gouf.

D'Opschlësselung vun den Haapt-variatiounen op déi eenzel Artikele gesäit folgendermoossen aus:

D'Rubrik 3/07 «Logement, aménage-ment du territoire et environnement» mat engem Minus vun 170.000 €.

D'Rubrik 3/08 «Culture, loisirs et cultes» mat engem Minus vun 130.000 €.

D'Rubrik 3/13 «Dépenses non ventilables» mat engem Plus vun 240.000 €.

D'Rubrik 3/14 «Dette communale» mat engem Minus vun 65.000 €.

Wat d'Variatioun an de Rubriken «Logement, aménagement du territoire et environnement» an «Culture, loisirs et cultes» ubelaangt, esou sinn dës op däer enger Säit op eng reduzéiert Progressioun vun de Fonctionnements-käschte vun der Kläranlag an dem Recyclingzenter zeréckzeféieren, an op däer aner Säit op reduzéiert Ausgaben an der Rubrik «Culture – dépenses diverses» esou wéi am Kader vun den Onkäschten am Zesummenhang mat de Sportshalen.

Op däer aner Säit ass et grad déi staark Progressioun vun den Zënssätz – an engem Joer huet déi europäesch Zentralbank den Zënsleetsaz ëm net manner wéi 150 Basispunkte gehéicht fir den héchste Stand zanter November 2002 ze erreechen – ass et grad dës Progressioun, déi am Rectifié 2006 eng Ausgabenerhéijung par rapport zum Budget 2006 erbäigefouert huet. Op däer aner Säit reduzéiert sech de jäerleche Kapitalremboursement wat d'Gemengeschold ugeet liicht.

Vergläicht een dann d'Budgetsvirlag vun 2007 mat der Budgetsvirlag vun 2006, esou läit am ordinären Deel d'Hausse vun de Recette mat 6,55 % vun 37,44 Milliounen € op 39,89 Milliounen €, wougéint d'Hausse vun den Ausgabe 3,3 % ausmécht, vun 34 Milliounen € op 35,13 Milliounen €.

Am Detail sinn dës Entwécklungen duerch folgend Positiounen ze erklären. Bei de Recetten:

D'Rubrik 2/04 «Enseignement» mat engem Plus vun 264.000 €.

D'Rubrik 2/06 «Prévisions sociales» mat engem Minus vun 157.000 €.

D'Rubrik 2/07 «Logement, aménage-ment du territoire et environnement» mat engem Plus vun 217.000 €.

D'Rubrik 2/08 «Culture, loisirs et cultes» mat engem Plus vun 127.000 €.

D'Rubrik 2/13 «Recettes non ventilables» mat engem Plus vun 1.825.000 €.

Duerch d'Ouverture vun der Maison relais vu Rodange wäert esouwuel d'Participatioun vum Stat ewéi déi vun den Elteren un de Fonctionnements-käschte vun de Kantinen an de Maison relaisen am nächste Joer klammen. Op däer aner Säit erwaarde mer eng méi kleng Participatioun vum Stat um Fonctionnement vun dem Office social an un de Beschäftegungsmoossname vu jonke Chômeuren, déi eng logesch Konsequenz vun der neier staatlecher Politik am Kader vun de jonke Chômeuren ass. Déi moderat Hausse vun de Mülltaxen, déi am Sënn vun engem Ustriewe vum Käschten-deckungsprinzip am Gemengerot vum nächste Freideg zur Ofstëmmung kënnt, esou wéi déi iwwerfälleg Upassung vun den Aschreiwungs-gebühren fir eis Musekschoul droen zur Erhéijung vun den ordinäre Recetten am Budget 2007 par rapport zum Budget 2006 bäi. Déi gréissten Evolutioun an dësem Beräich bréngt allerdéngs d'Progressioun am Kader vun der „Dotation de l'Etat“, déi op den éischte Bléck zu groussem Optimismus Ulass gëtt, déi awer, an dorop kommen ech méi spéit ze schwätzen, bei méi noer Betruechtung kaum als ausser-gewéinlech ugesi ka ginn.

Bei den Ausgabe beschränkt sech déi minimal Progressioun vun 3,3% op déi folgend Rubriken:

D'Rubrik 3/01 «Administration géné-rale» mat engem Plus vun 203.000 €.

D'Rubrik 3/04 «Enseignement» mat engem Plus vun 394.000 €.

D'Rubrik 3/12 «Transports et communication» mat engem Plus vun 190.000 €.

D'Rubrik 3/13 «Dépenses non ventilables» mat engem Plus vun 390.000 €.

D'Rubrik 3/14 «Dette communale» mat engem Minus vun 60.000 €.

D'Personalkäschte mat enger Hausse vun 800.000 € sinn ewéi déi lescht Joeren ee vun den Haaptfacteure vun der Progressioun vun den ordinären Ausgaben. Dës Hausse vu 4,5% ass zum gréissten Deel zeréckzeféieren op d'Indextranche, déi den 1. Dezember 2006 erfall an am Joer 2007 voll zum Droe kënnt.

Heizou kommen nach folgend Punkten derbäi: d'Hausse vun de Fonctionne-mentskäschte vun de Kantinen an de Maison relaisen no der Ouverture vun de Rodanger Opfangstrukturen am September 2007; d'Zënsentwécklung an de leschte Méint, déi am Budget 2007 esou wéi am rektifizéierte Budget 2006 sech negativ op déi uerdentlech Ausgaben auswierkt mat als Corelaire eng liicht Reduktioun vun den Annuitéiten betreffend eis Gemenge-schold.

Verglach mam Budget 2006 huet den Iwwerschoss am ordinäre Budget sech ëm knapp 40% verbessert fir am Budget 2007 par rapport zum Budget 2006 vun 3,43 Milliounen € op 4,77 Milliounen € ze klammen. Dës exzellent Ausgangspositioun, déi zu de beschten aus deene leschten 10 Joer gehéiert, ass awer nëmmen doduerch zustane komm well eng Rei vu Spuermooss-namen am Laf vum Joer 2006 an d'Weeër geluecht gi sinn. Berück-sichtegt een dann nach, datt am Budget 2005 eng „Reprise du fonds de réserve“ vun 838.362 € den Iwwerschoss am ordinäre Budget positiv beaflosst huet, esou ass den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2007 mat deem aus dem Budget 2003 dee gréissten aus de leschten 10 Joer. D'Politik vum moderate Wuesstem vun den ordinären Ausgabe muss onbedéngt bäibehale gi fir weiderhin den néidege Spillraum fir d'Investitiounspolitik am extraordinäre Budget oprecht ze erhalen.

Wat de Finanzement vun den ordinären Ausgaben ubelaangt, esou ginn déi zu 48% iwwer d'„Dotation de

l'Etat"; zu 25% iwwer d'Gewerbesteier; zu 1% iwwer d'Grondsteier; zu 11% iwwer d'Taxen; zu 11% iwwer direkt staatlech Zouschëss; zu 1% iwwer Loyeren; zu 3% iwwer Verschiddenes, ofgeséchert.

Doraus ergëtt sech, datt just 12% vun den Ausgaben ënner der Form vun Taxen an der Grondsteier um direkte Wee vun eise Bierger gedroe ginn.

Zanter Joere kann een iwwer 70% vun allen ordinären Ausgaben – fir de Budget 2007 maache et 71,96% aus – an dräi grouss Gruppéierungen zesummefaassen: d'„charge salariale“, d'Annuitéite fir d'Gemengeschold, d'Kontributioun un de Fonctionnements-käschte vun de Gemengesyndikater.

1) D'Entwécklung vun de Gehälter: Mat knapp 19 Millioune € stellen d'Gehälter fir dat ganzt Personal, sief dëst an der Verwaltung, an eise Regiebetriber, an eise Schoulen esou wéi an den Opfangstrukturen, am Budget 2007 ronn 54% vun allen ordinären Ausgaben duer. Deen héchste Prozentsaz, deen an de leschten 10 Joer erreecht gouf, an dëst obwuel am Joer 2006 mat Ausnam vum Léierpersonal kee weidere Mataarbechter agestallt ginn ass. Et bleift awer net aus, datt am Kader vun der neier Maison relais zu Rodange – eng Struktur, déi op Grond vun den neie Familljesituatioune vu grousser Wichtegkeet fir eis Schoulkanner ass – vum nächste September u weider Mataarbechter agestallt musse ginn an deemno och schonn zum Deel hiren Néierschlag am Budget 2007 fannen. Et bleift, datt d'„charge salariale“ an de leschten aacht Joer vun 10,6 Millioune € am Joer 1999 op 19 Millioune € am Joer 2007 – dat heescht ëm 80% - geklommen ass. Eng Evolutioun, déi, op aacht Joer gekuckt, net vun den Haaptrecetten, der „Dotation de l'Etat“ an der Gewerbesteier, mat engem Plus vun nëmmen 61% ofgedeckt konnt ginn. Et gesäit een, datt dës Zuele konstant a regelméisseg eropginn, vun 10,6 Millioune € am Joer 1999 iwwer 12,2 Millioune € am Joer 2001, 14,9 Millioune € am Joer 2003, 16,8 Millioune € am Joer 2005 op elo 16,9 Millioune € am nächste Joer.

2) Déi jäerlech Annuitéiten – Remboursementer an Zënsen – fir eis Emprunten. Déi jäerlech Annuitéiten am Zesummenhang mat der Gemengeschold, déi wuel zanter enger Rei Joeren ënner 10% vun den ordinären Ausgabe leien, hunn awer am Budget 2007 – „en valeur absolue“ – mat 3.167.000 € een absolute Rekord erreecht. Dëst ass net op weider Emprunten zeréckzeféieren, well zanter 2003 kee weideren Emprunt méi an de Budget ageschriwwe gouf, mee eenzeg an eleng dorop, datt d'Zënssätz, esou wéi ech dat virdru schonn erkläert hunn, ëm ronn 1,5% bannent engem Joer geklomme sinn. Mer kënnen nëmmen hoffen, datt déi vun de Finanzexperten ugekënnegt Berouegung vun der Zënsentwécklung am nächste Joer antrëtt fir datt déi dach nach ëmmer héich Gemengeschold eisen ordinäre Budget net nach méi belaascht.

3) D'Kontributioun un de Fonctionne-mentskäschte vun de Gemenge-syndikater. Dës Kontributioun klëmmt am Budget 2007 par rapport zum Budget 2006 ëm just 3,14%, wat eigentlech ënner der Evolutioun vun den ordinären Ausgabe läit. Dëst ass wesentlech manner wéi am Budget 2006, wou d'Progressioun par rapport zum Budget 2005 bei 10,14% louch.

Et ass nun emol eng Tatsaach, datt d'Gemeng Péiteng engersäits eng Rei vun hiren Aufgabe verschidde Syndikater uvertraut huet, an esou iwwer dës Institutiounen d'Waasserver-suergung, den Assainissement vum Ofwaasser, d'Müllentsuergung, d'Kom-postéierung an d'Informatisatioun vun eise Gemengebetriber, zum gréissten Deel ofdeckt. Dobäi kënnt den ëffentlechen Transport an eiser Gemeng, deen zanter Joerzéngten iwwer de Gemengesyndikat TICE ofgedeckt gëtt a wou d'Gemeng Péiteng mat enger Rei vun anere Südgemengen hir Responsabilitéit iwwerholl huet. Des Weideren hunn déi dräi Kordall-Gemengeng Déifferdeng, Péiteng a Käerjeng iwwer de Gemengesynidkat 'Hôpital Princesse Marie-Astrid' zanter elo 25 Joer en direkten Afloss op d'Gesondheetswiesen an eise Gemenge geholl, eng Aufgab, déi eigentlech guer net an d'Kompetenz vun enger Gemeng fält. Aus däer Ursaach hunn déi aktuell Responsabel vun der Gemeng Péiteng an dësem Syndikat mat hire Kollegen aus de Gemengen Déifferdeng a Käerjeng déi néideg Viraarbecht am Joer 2006 gemaach, fir datt déi dräi Gemengen an absehbarer Zäit dëser finanzieller Belaaschtung entbonne ginn.

Mat ronn 9% vun den ordinären Ausgabe stellen d'Fonctionnements-käschte vun dëse Syndikater eng bedeitend Ausgab fir d’Péitenger Gemeng duer, esou datt all Gemengevertrieder an den eenzelene Syndikater sech senger Verantwortung bewosst muss ginn a Suerg droe muss, datt dës Ausgaben net méi séier klamme wéi d'Norm, déi fir de Gemengebudget ze vertrieden ass. Dat ass fir 2007 de Fall an ech wier frou, wann dës Richtlinn och an den nächste Joere respektéiert kéint ginn.

Vun 1998 bis 2002 ass de Ratio „Total charge salariale“ plus „charge des emprunts“ plus „charge des syndicats“ iwwer d'„Dotation de l'Etat“ plus d'Gewerbesteier geklomme fir an de leschte sechs Joer tëscht 85 an 90% ze variéieren. 2007 läit dëse Ratio annerhallwe Punkt ënner dem Joer 2006, mee nach ëmmer ronn 13 Punkten iwwer dem Ratio vun 1998. Dëst beweist ganz kloer, datt de finanzielle Spillraum ausserhalb vun den dräi Haaptfacteure vun de Gemengenausgabe ganz kleng ass. Et gëllt also weiderhi grad op dëse Punkten dat Bescht an der Personal-politik, um Niveau vun der Gemenge-schold an am Kader vun de Gemenge-syndikater, an och déi néideg Mooss-namen ze huele fir d'Gemengefinanzen am Gréff ze behalen.

Wann den Inneministère an senger Circulaire festhält, datt d'„Dotation de l'Etat“ am Budget 2007 par rapport zum Kont 2005 ëm 25% eropgeet, an dat op den éischte Bléck als aussergewéinlech betruecht kéint ginn, dann ass dëse Prozentsaz, wann een dëse méi genee analyséiert, alles aneschters ewéi aussergewéinlech. Engersäits muss een emol ënnersträichen, datt d'„Dotation de l'Etat“ nëmmen ee grousst Standbee vun de Gemenge-finanzen ass, an dat zweetwichtegst Standbee vun de Gemengefinanzen, d'Gewerbesteier, kaum evoluéiert, jo esou guer an de leschte véier Joer, tëscht 2003 an 2007, ëm 17% vun 11,9 Millioune op 9,9 Millioune € zeréckgaangen ass. Zu gläicher Zäit sinn da wuel d'„Dotation de l'Etat“ an d'Gewerbesteier a véier Joer vu 25 Millioune op 29 Millioune € geklommen, wat eng Hausse vu 16% bannent véier Joer ausmécht. Eng Hausse, déi mat véier Millioune € net emol duer geet fir d'Progressioun vun der „charge salariale“ an deem selwechten Zäitraum ze finanzéieren. Dës Hausse vun de staatleche Recette vun 16% bannent véier Joer läit och wäit ënner der Hausse, déi an deem selwechten Zäitraum am Statsbudget virgesi war, esou datt mer och nach haut wäit, ganz wäit vun dem Ideal ewech sinn, dat de Syvicol schon zënter Joeren ustrieft, dat heescht, datt d'Gemengerecetten an deem selwechte Mooss klamme solle wéi déi staatlech Recetten.

Eng vun den Haaptrubriken am ordinäre Budget ass ganz bestëmmt d'Rubrik 04 – „Enseignement“ -, eng Rubrik, déi mat engem Undeel vu knapp 25% vun de Bruttoausgabe wuel liicht ënner dem Betrag vum Budget 2006 bleift, déi awer bei wäitem dee gréissten Undeel vun den ordinären Ausgaben duerstellt. Op däer aner Säit

stabiliséieren sech déi viraussiichtlech Recetten an der Rubrik bei knapp iwwer zwou Millioune € an op däer aner Säit klammen déi ordinär Ausgabe weiderhin an erreechen am Budget 2007 eng Zomm vun 9,3 Milliounen €. Den negative Saldo, deen am Joer 2000 nach nëmme bei 4,2 Milliounen € gëtt elo am Budget 2007 schonn op 7,1 Milliounen € geschat. Dëst ass sécherlech op eng ganz Rei vu Moossnamen zeréckzeféieren, déi an de leschte Joeren am Intressi vun eise Schoule geholl goufen. Op däer aner Säit ass dës Evolutioun awer och op eng ganz Rei vu Facteuren zeréckzeféieren, op déi de Gemengerot keen Afloss huele kann.

Den zweete Volet, deen am Schoulservice vun eiser Gemenge-verwaltung geréiert gëtt, ass eis Musekschoul. Hei hunn ech an de leschte Joeren ëmmer nees op d'Uwuesse vum Defizit higewisen, esou datt schlussendlech am Gemengerot, Mëtt Juli, eng nei Politik betreffend d'Aschreiwung vun de Schüler aus anere Gemenge agefouert gouf. Dës Aschreiwungsgebühren, déi sech no Richtlinnen aus aner Musekschoulen orientéiert huet, huet mat sech bruecht, datt engersäit d'Ausgabe vun der Musekschoul viraussiichtlech am Budget 2007 liicht zeréckginn an datt anersäits d'Recette liicht eropginn an esou den Defizit vun der Musekschoul am Budget 2007 op 363.000 € zeréckgeet, ee Saldo, wéi mer en zanter 1999 net méi kannt hunn.

Wat elo déi Déngschtleeschtungen uginn, déi no dem Käschten-deckungsprinzip solle fonctionnéieren, esou hu mer op Grond vun verschiddenen Taxenupassungen de Kader geschaf fir am Joer 2007, op mannst wat den ordinären Deel ubelaangt, en Equiliber ze schafen.

Zum Thema Waasserversuergung: Nodeems an de Joeren 1998 bis 2005 am Beräich vun der Waasser-versuergung ee méi oder manner groussen Defizit geschriwwe gouf, wäerte mer op Grond vun de provisoresche Chiffere vum rektifizéierte Budget 2006 a vum Budget 2007 méi wéi sécher en Equiliber verbuchen. Et ass awer och kloer, datt, wa mer bis d'Joer 2010 wëllen, esou wéi déi europäesch Direktiv et verlaangt, en totalen Equiliber an dësem Beräich hirstellen – dat heescht och no Berück-sichtegung vun den Amortissementer vun deenen Infrastrukturen, déi scho bestinn -, e Präis vu 5 € pro Fudder, esou wéi e kierzlech avancéiert gouf, sécherlech net ze héich gegraff ass. Mat den aktuellen 2,29 € fir ee Fudder Waasser mat der Ofwaassertax si mer allerdéngs nach e gutt Stéck vun dësem Präis ewech. A mer leien och am Verglach mat anere Gemengen op der ënneschter Stuf vun der Präisskala.

Wat d'Kanalisatioun an d'Kläranlag ugeet, esou gëlt hei déi selwecht Bemierkung wéi bei der Waasser-versuergung. Och hei ass no joerelaangem Defizit, deen zwar ni den Niveau erreecht huet wéi an der Waasserversuergung, vum Joer 2006 u mat engem liichten Iwwerschoss ze rechnen, esou datt op mannst déi lafend Käschten an dësem Beräich duerch d'Taxenerhiewung gedeckt sinn. Och wann hei bei der Berücksichtegung vun den Amortissementer vun den Installatiounen de Pendel ganz séier op déi aner Säit ausschloe wäert.

Nodeems am Joer 2003 duerch d'Unhiewe vun den Taxen den Equiliber tëscht den ordinäre Recetten an Ausgaben am Kader vun der Müllentsuergung erëm hirgestallt an och an de Konten 2004 mat engem liichte Minus vun 20.000 € knapp verfeelt gi war, huet de Kont vum Joer 2005 fir d'alleréischt nees e substanziellen Defizit vu bal 100.000 € ausgewisen. De rektifizéierte Budget 2006 confirméiert dëst Resultat, esou datt mer gezwonge sinn, an der Gemengerotssëtzung vum 15. Dezember eng Taxenupassung an der Müllentsuergung virzehuelen. No der Berechnung rechne mer dann awer nach weider mat engem Defizit, deen awer mat viraussiichtlechen 22.700 € ze verkraften ass.

De Budget 2007, deen zweete vun dëser Mandatsperiod, deen am extraordinären Deel Ausgabe vu knapp 14 Millioune virgesäit, kann een a siwe grouss Kapitelen opdeelen:

1) d'Kapitel „Sport, Kultur, Jugend a Loisirs“ mat 2,8 Milliounen € oder 20% vun allen extraordinären Ausgaben. Dobäi ass allerdéngs ze präziséieren, datt ënner anerem d'Konstruktioun vum neie Sportkomplex zu Rodange an d'Renovatiounsaarbechten um Péitenger Sportkomplex, déi am Budget 2007 mat 2,4 Milliounen € zu Buch schloen, och an haaptsächlech dem Schoulsport zegutt kommen ;

2) d'Kapitel „Stroossen-, Kanal- a Waasserinfrastrukturen“ mat 4,8 Milliounen € oder 35% vun den extraordinären Ausgaben ;

3) d'Kapitel „Schoulinfrastrukturen“ mat 1,2 Milliounen € oder 8,5% vun den extraordinären Ausgaben ;

4) d'Kapitel „Crèchen a Maison relais“ mat 2,9 Milliounen € oder 20,5% vun den extraordinären Ausgaben ;

5) d'Kapitel „Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an de Regiebetriber“ mat 0,8 Milliounen € oder 6% vun den extraordinären Ausgaben ;

6) d'Kapitel „Participatioun un den Investissementer vun de Gemenge-syndikater“ mat 0,5 Milliounen € oder 4% vun den extraordinären Ausgaben ;

7) verschidden aner extraordinär Ausgabe mat 0,9 Milliounen € oder 6%.

Dës Ausgaben am extraordinäre Budget gi folgendermoosse finanzéiert: zu 35% iwwer den ordinären Iwwerschoss aus dem Budget 2007; zu 34% iwwer Statssubsidien; zu 31% iwwer den iwwerdroene Boni vun Enn 2006.

Et stellt een dann elo fest, datt dëse Budget op en neies ouni zousätzlechen Emprunt auskënnt, eng erfreelech Feststellung op Grond vun deene méi héichen Zënsen, déi an dem leschte Joer déi europäesch Finanzwelt geprägt hunn. Zanter dem Budget 2003, wou op Grond vun dem enormen Defizit am Déifferdenger Spidol, deen zu engem Drëttel vun der Péitenger Gemeng gedroen huet misse ginn, een Emprunt an der Héicht vu 4.550.000 € an de Budget ageschriwwe gi war, ass dëst elo dee véierte Budget, deen zu Péiteng gestëmmt gëtt, wou keen Emprunt noutwenneg ass fir de Budget an d'Gläichgewiicht ze bréngen.

D'Gemengeschold geet duerch d'Remboursementer zanter e puer Joer vu Budget zu Budget zeréck fir am Budget 2007 op 30,75 Milliounen € ze leien. Deemno läit d'Gemengeschold elo 7,4 Millioune méi niddereg wéi dat nach am Budget 2003 de Fall war. Dës Politik muss konsequent weidergefouert ginn, och wann een op Grond vun den héijen Investitiounen, déi, esou wéi mer elo gläich gesinn, an dëser Mandats-period virgesi sinn, net ganz ausschléisse kann, datt an den nächste véier Joer op ee weideren Emprunt zeréckgegraff muss ginn. Villes hänkt vun der Entwéckelung vun den Haaptrecetten, der Gewerbesteier an der „Dotation de l'Etat“ of, esou wéi vun de staatleche Subsiden, déi mer bei den eenzelne Projeten erwaarde kënnen.

Wat elo de „Plan pluriannuel“ vun der Gemeng Péiteng ugeet, deen d'Period vun 2006 bis 2011 ofdeckt ,esou gesäit deen Investissementer vu ronn 70 Milliounen € vir, eng Zomm, déi sech méi oder manner an der Gréissen-uerdnung vun de leschten zwou Mandatsperiode beweegt. Dës Zomm soll sech op folgend Rubrike verdeelen:

1) de „Sport, Kultur, Jugend a Loisirs“ mat 23%,

2) d'„Stroossen-, Kanal- a Waasser-infrastrukturen“ mat 45%,

3) d'„Schoulinfrastrukturen“ mat 10%,

4) d'„Crèchen a Maison Relais“ mat 10%,

5) d'„Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an de Regie-betriber“ mat 6,5%,

6) d'„Participatioun un den Investissementer vu Gemenge-syndikater“ mat 2,5%,

7) esou wéi verschidden aner extraordinär Ausgabe mat 3%.

De Finanzement vun dem pluri-annuellen Investitiounsprogramm ass folgendermoosse virgesinn: zu 47% iwwer den ordinären Iwwerschoss aus den Exercicer 2006 bis 2011, wat ongeféier deem entsprécht aus der leschter Mandatsperiod; zu 46% iwwer Staatssubsiden oder Verkeef, wou haaptsächlech un de Grand Bis geduecht gëtt; zu 7% iwwer den iwwerdroene Boni vum Joer 2005.

Och hei gesidd der, datt a priori net mat kengem weideren Emprunt gerechent gëtt, een ambitiéist Zil, dat sécherlech ganz schwéier ze erreechen ass a wat eng weider Progressioun vun de staatleche Recetten, also d'„Dotation de l'Etat“, awer och der Gewerbesteier viraussetzt. Ech schléissen awer net aus, datt, wann déi dach optimistesch Erwaardungen net antrieden, an den nächste Joeren a verstännegem Mooss op en Emprunt zeréckgegraff ka gi wann et néideg ass wichteg Projeten am Intressi vun eise Bierger weiderzeféieren.

Zum Schluss wëll ech dem Schäfferot, mee awer och stellvertriedend fir all Fonctionnaire, deen aktiv um Budget geschafft huet, dem Gitta Schlesser an dem Sacha Schmit Merci soe fir hiert Engagement am Kader vun de Budgetsaarbechten. Ech wollt awer och der Finanzkommissioun mat un hirer Spëtz dem John Polfer Merci soe fir hir objektiv Analys an hire positiven Avis zu dësem Dokument.

Ech soen Merci fir är Opmierksamkeet.

**Roland Breyer, Schäffen - 11.12.2006:**

Nodeem de Pierre Mellina Iech eng finanzpolitesch Analyse vum Budget rectifié 2006 a Budget 2007 virgeluegt huet, an och iwwert déi nächst 5 Joer een Ausbléck gemaach huet, wier et u mir fir Iech – am selwechte Geescht an am selwechten Ausbléck – Realitéiten a Visioune fir dat nächst Joer speziell, an déi aner Joeren am generellen virzeleeën, an dat an deene Beräicher wou ech zoustänneg sinn.

Dat wieren:

- Infrastructures routières, Génie civil an Antenne collective,
- Circulation,
- Informations a Relations publiques,
- Administration du personnel,
- Affaires culturelles a Promotion touristique,
- Cérémonies a Fêtes publiques,

Dësweidere ginn ech e puer méi pragmateschen Détailler iwwert d’Aarbechten an d’Perspektive vum SIACH a vum Sikor, zwee inter-kommunal Syndicaten déi ech d’Éier hunn ze presidéieren.

1.1. Strossennetz

Mir hunn e Stroossennetz vun iwwer 32 km Längt an eiser Gemeng ze ënnerhalen. Zu dësem Ënnerhalt gehéieren d’Waassernetz, d’Ofwaasser-netz, d’Gemeinschaftsantenn, den Zoustand vun der Strooss mat dem Flécken an dem Botzen, souwéi d’Bereetstelle vu Konzessioune fir aner Déngschtleeschtungsdréier wéi d’Post, de Sudgaz, d’Cegedel, asw.

D’Liewensdauer vun deenen Infra-strukturen ass verschiddentlech a variéiert tëscht 30 a 60 Joer, an ass awer och vun der Demande vun eisen Awunner a der moderner Evolutioun vun der Technik ofhängeg.

Et kënnt also ëmmer méi dacks vir, datt extern Déngschtleeschtungsbetriber hir Infrastrukture wëllen erneieren, mir awer mat eisen eegenen Infrastrukturen nach e puer Joer kéinten hikommen, oder bedéngt duerch Pannen – déi eng direkt Interventioun vun eise Partner noutwenneg maachen – mir nach net an der Lag si fir finanziell um neie Gruef oder un den Aarbechten deelzehuelen. Sou wäerten Uganks 2007 Aarbechte vu Sudgaz zu Rodange an der rue Charlotte, zu Péiteng an de Stroossen Lentz an Indépendance, an zu Rolleng an der rue Jean Thill ausgefouert ginn, ouni datt d’Gemeng Péiteng do mat zitt. Mir sinn am gaangen en Inventaire vun eise Stroossen mat den Infrastrukturen opzestellen, an dësen da mat eise Partner duerchzeschwätzen an ze coordinéieren, an dann an deenen nächste 5 Joer geziilte Stroossen oder Abschnëtter ze erneieren. Et wäert awer och virkommen, datt de Partner alleng an enger Strooss erneiert ouni datt mir do matmaache kënnen. Et ass grad esou sécher, datt mir net all schlecht Strooss an eiser Gemeng kënnen erneieren, dat bedéngt duerch de finanziellen Opwand fir d’éischt (1 laafende Meter Strooss erneiere kascht eis tëscht 2.000 an 2.500 €, an dat wiere fir eis d’ganzt Stroossennetz vun 32 km ronn 80.000.000 €), a fir d’zweet duerch déi laang Délaien an der Ausaarbechtung an der Exekutioun (mir brauchen iwwert 1 Joer fir d’Formalitéiten ze regléieren: Emprisen, Avant-projet an approuvéierte Projet).

Dat gesot, fanne mer am Budget 2007 e Kredit vu 450.000 € fir eng éischt Phas vun der Erneierung vun der Avenue de la Gare zu Péiteng. Hei lafen am Moment Gespréicher a Kontakter wéinst den Emprise mat de Proprié-tairen, an d’Aarbechte solle viraus-siichtlech am Fréijoer 2007 ufänken.

Déi selwecht Gespréicher wéinst Emprise lafen och mat de Propriétaire vun der Philippart-Strooss zu Rodange, wou dann Uganks 2008 d’Aarbechten a Betrib geholl ginn, souwéi mat de Propriétaire an der rue de l’Hôtel de Ville zu Péiteng, ee Pendant zu der Avenue de la Gare wat d’Emprise ubelaangt.

An der Gendarmerie-Strooss zu Rodange ginn d’Aarbechten an Zesummenhang mat dem Sudgaz 2007 ofgeschloss. Aner Aarbechten, déi Sudgaz a weidere Stroossen an eiser Gemeng am Joer 2007 duerch-féiert, ginn aus deene virgenannte Grënn net vun eis begleet.

Mir setzen dësweideren d’Erofsetze vun de Trëttoirsborduren am Zentrum vu Rodange a Rolleng fort, fir dem Handikapéierten an och deene Leit mat Kannerkutschen eng méi sécher a liicht Mobilitéit ze erméiglechen. Mir suergen och dofir, datt an neie Stroossen oder bei Erneierungsaarbechten dëser Er-kenntnis gläich Rechnung gedroe gëtt.

Den definitive Projet fir d’Erneierung vun der Liberatiounsplaz zu Péiteng gëtt 2007 dem Gemengerot presentéiert an Enn 2008 ausgefouert.

Vu datt mer net all Strooss vu Grond op kënnen erneieren, suerge mer mam Kredit vum Reprofilage (100.000 €) dofir, datt déi ganz schlecht Stroossen-deeler systematesch erneiert ginn. Mir kënnen hei all Joer eng 600 bis 800 Meter erneieren.

Verschidden anonym Stroossendeeler oder Parkplaze kréien e Numm oder ginn identifizéiert. Duerno soll dann zu Péiteng e Balisagesystem installéiert gi fir se ze lokaliséieren oder déi Haaptinteressegebaier ze fannen.

1.2. Waasser a Kanal

Wat eis Waasserversuergung ugeet, esou wësse mer datt de Péitenger Waasserbasséng muss duerch een neien ersat ginn. Hei si mer a Verhandlunge mat dem Propriétaire

vun engem Terrain um Hierschbierg. An déi Verhandlunge mussen 2007 ofgeschloss ginn, an duerno entsteet dann den definitive Projet deen dann am Budget 2008 säin Nidderschlag fënnt. De Basseng gëtt da gebaut, an d'Belair-Strooss gëtt opgerappt an erneiert.

Eisen aktuelle Basseng zu Rodange gëtt grad ewéi deen zu Rolleng – dee schonns fäerdeg ass – am Joer 2007 erneiert, an déi 3 Bassenge gi mat enger Télésurveillance équipéiert.

Eisen Waasserservice kritt 2007 eng nei Camionette.

Wat d'Ofwaasser ugeet, esou wësse mer och, datt mer bis 2010 kräfteg Efforte musse maachen, hätte mer jo gären eng gréisser Subventioun vum Ministère. Ab 2010 ass et domatten eriwwer.

Wat bleiwt soss nach an eiser Gemeng ze maachen:

- Den Iwwerlafbecken op der Athuser-Strooss zu Péiteng gëtt 2007 fäerdeggestallt.
- De Canal de retention an der Aloyse Kayser / Korstrooss zu Péiteng gëtt 2007 realiséiert. Heifir sti 700.000 € am Budget.
- Den Iwwerlafbecken um Rond-point Porte de Lamadelaine gëtt 2007 ugefaangen an 2008 fäerdeggestallt. 1.500.000 € stinn am Budget 2007.
- E Schmotzwaasserkanal gëtt niewent d'Eechelsbaach geluegt an d'Baach gëtt propper gemaach. Hei lafen de Moment d'Verhandlunge mat den Ustéisser an de Projet soll 2007/2008 realiséiert ginn.
- Op der Fonderie zu Rodange muss ee Reeniwwerlafbecken, souwéi eng Pompelstatioun, gebaut gi fir d'Ofwaasser vun dësem Deel vu Rodange an d'Kläranlag unzeschléissen. 360.000 € stinn heifir am Budget 2007.
- De Fonçage vun der Liberté-Strooss an der Nidderkuerer-Strooss zu Péiteng muss och 2007/2008 ofgeschloss ginn, an dat an der Harmonie mat der Erneierung vun der Avenue de la Gare an der rue du Chemin de Fer.
- Assainissement vun de Kanal-infrastrukturen an der Guillaume-Strooss zu Rodange an an anere ponktuelle Kanäl. 60.000 € sinn heifir virgesinn.
- Donieft bleiwen dann nach fir déi nächst Joeren e Reeniwwerlafbecken um Grand Bis, d'Renaturéierung vun der klenger Baach op däer Plaz, e Réckstaubecken an der rue Pierre Gregoire zu Péiteng, e Reeniwwerlafbecken an der rue de la Piscine zu Péiteng, en neie Kanal fir d'Iwwerflächewaasser an der Nidderkuererstrooss zu Péiteng, d'Upassunge vun de Déversoiren op der Gare zu Rodange an an der rue de la Gare zu Rolleng. Dat bréngt insgesamt Ausgaben op d'Joeren 2007-2010 vu ronn 11.599.176 € mat sech, wouvunner e Groussdeel bis 90% kéint subventionnéiert ginn.

Ofschléissend muss een och nach zum Ofwaasser ënnersträichen, datt de SIACH a säi spezialiséiert Personal all déi grouss Projete wäerte begleeden an iwwerwaachen an och spéider de Fonctionnement an den Entretien iwwerhuelen.

Beim Budget vum SIACH, an den Deel, dee mir als Gemeng ze droen hunn, gesäit een datt am Rectifié 2006 net all virgesinnen Zommen ausgi sinn, well de Projet « Extensioun vun de Garagen an de Stockageraimlechkeeten » op 2007 verluegt gi sinn. Am Joer 2007 soll d'Kläranlag ausgebaut ginn an an deenen nächste Joere soll och d'Kapazitéit vun aktuelle 50.000 Eenheetsgläicherter op ronn 100.000 erhéicht ginn. D'Budgete vun deenen nächste Joere wäerten also konstant an d'Luucht goen, esou wéi dat schonns am Budget 2007 de Fall ass. D'Ofwaasser, grad ewéi d'Waasser, huet nun emol säi Präis, an de Gemengepolitiker muss dëser Evolutioun a senger Kalkulatioun vun den Taxe Rechnung droen.

1.3. Beliichtung a Stroossesécherheet

Op verschiddene Plaze gëtt eis Verkéiersbeliichtung mat LED-Luuchten ausgestatt. Dës hu eng méi laang Liewensdauer a brauchen och manner Stroum. Heifir si 50.000 € virgesinn.

Eng ronn 10 Foussgängeriwwergäng, haaptsächlech op der Haaptstrooss, gi mat speziellen, méi liichtstaarke Masten a Beliichtung ofgeséchert. Ee Modell fonctionnéiert schonns hei zu Péiteng op der Héicht vun der aler Gendarmerie.

Op der Kräizung Longwy / Lëtzebuerg / Dr Gaasch an der Industriestrooss gi Verkéiersluuchten installéiert an den Trafic aneschters regléiert.

D'Ausfaart vun de Jenken zu Péiteng kritt och eng Verkéiersinstallatioun, ënnert anerem och fir d'Verkéiersvitesse op der nei aménagéierter Athuser-Strooss ze dämmen.

Eis Chrëschtbeliichtung gëtt permanent erneiert an ausgebaut.

1.4. Verschiddenes

Kontrakte vun eisen Horodateure ginn nei erstallt, an eventuell duerch nei Horodateuren ersat. Mir verzeechnen zevill Pannen an deenen aktuellen Apparaten an doduerch och en Ausfall an de Recetten.

Eisen aktuelle Camion-benne weist ëmmer méi Problemer. Hie gëtt duerch en neie Camion-benne ersat.

Mir hu mat eisen Assureuren nei Conditioune fir e « Contrat-flotte » vun all eise Gefierer vum Fuerpark ausgehandelt, mat dem Resultat datt mer doduerch

- méi Iwwersiicht vun eise Kontrakte kréien,
- eng substantiell Remise op deem Ganze kréien,
- eng kloer aktualiséiert Gestioun garantéiert hunn.

Zum Schluss ginn all eis nei realiséiert Infrastrukturen duerch en Ingénieursbüro an engem Inventar « as build » festgehalen. Dat selwecht geschitt fir d'Kanalaarbechten duerch eng Zentralisatioun an eng Gestioun op der Kläranlag duerch de SIACH.

Souwäit zum grousse Kapitel vun den « Infrastructures routières ». Ech wollt elo och nach e Bléck op de Volet « Circulation » wäerfen an dozou e puer Explikatioune ginn.

2. Circulatioun

Hei leeft 2007 d'Étude aus iwwert eng méiglech Aféierung vun der Zone 30, déi op verschiddene Plazen kann interessant sinn, awer net iwwerall dat Erfollegsresultat ka bréngen.

Wéi schonns virdrunn ugedeit, benenne mer elo definitif all Stroossenabschnëtter a Plaze fir eng Kloerheet an eist Verkéiersreglement ze kréien. Dat Verkéierseglement soll och global a generell an deenen nächste Joeren duerch eng spezialiséiert Firma digitaliséiert ginn, mat Inventaire vun alle bestoende Schëlder a Markéierungen.

Och maache mer de Moment Études an Iwwerleeunge wéi mer de Parking nach besser geréiere kënnen. Och muss een iwwert d'Philosophie nodenken, wéivill de Parking oder den Espace public ka kaschten oder gratis muss sinn, a wéi een eng gerecht mä logesch finanziell Participatioun vu Résidents an Net-Résidents kann erreechen.

Mat dem Aféiere vu Parking résidentiel am Zentrum vu Péiteng, op der Gare an am Duerf zu Rodange, souwéi an Nidderréideng, an elo nach op der neier CFL-Halte zu Rolleng, ass d'Kapazitéit

vun eisen 3 Pecherten praktesch saturéiert. Eise Kontrollapparat mat allem drëm an dru kascht ongeféier 200.000 €.

Eis Recette vun den Horodateuere wäert op ee ganzt Joer ronn 30.000 € ausmaachen, wouvunner ronn 75% vum Parking « Maartplaz » zu Péiteng kommen. Affaire à suivre.

Zesumme mat der CFL gëtt iwwert e gréisseren Opfangparking zu Rodange nogeduecht, deen haaptsächlech fir d'Frontaliere wier.

Am Schouss vum Sikor ass elo eng Étude gestart ginn, fir ënnert anerem dem Iwwel vum Contournement entgéint ze wierken. Hei ass e spezialiséierte Büro beoptragt gi fir Solutioune virzeschloen déi an d'Richtung vun engem « boulevard urbain » solle goen.

3. Informatioun a Relations publiques

De Wee, deen hei ageschloe gouf, ass sécherlech dee richtegen. Mir si permanent am Kontakt mat dem Bierger a wëllen dat och nach ausbauen oder nach méi stabiliséieren.

- Den neie Biergerzenter huet sech bewäert, huet e ganz gudden Uklang a bitt fir de Bierger an och d'Personal vum Stadhaus eng qualitativ Verbesserung.
- Den alen Deel vum Stadhaus gëtt de Moment ausgebaut a renovéiert, a weider Servicer, déi no mat dem Bierger a Verbindung stinn, ginn dann 2007 do installéiert.
- Am Etat civil ginn 2007 e groussen Deel vun de Registere gescannt. Dat erméiglecht fir méi zügesch a propper Kopien un de Bierger weiderzeleeden.
- Eis Gemengepublikatiounen, wéi de « Péiteng Aktuell », de « Meng Gemeng », de Kalenner vun de Gemengenservicer, een neie Kalenner vun den Haapt-evenementer an der Gemeng, komme weider an deem gewinntene Rhythmus eraus.
- Mir hunn eise Bierger Suggestiouns- a Reklamatiouns-kaarten zoukomme gelooss. Den Intressi an den Dialog mat dem Bierger ass grouss a permanent.
- Eise « Guide du citoyen » gëtt periodesch aktualiséiert. Eng Versioun an däitscher Sprooch ass 2007 disponibel.
- All 2 Joer, dat heescht Ufank 2008, wäerte mer de Bierger an engem Tëschebilan dat presentéiere wat geschafft ginn ass a wat nach ze maache bleiwt, a wéi et mat de Finanze steet.
- D'Nocturne, déi an eisem Biergerzenter mëttwochs owes agefouert ginn ass, bleiwt bestoen, obwuel se net esou richteg vun eise Bierger profitéiert gëtt. Hei muss ach an der Informatioun nogebessert ginn.
- Eisen Info-Canal gëtt lues a lues méi lieweg an aktuell duerch Reportage vu Gemengen-evenementer. Am Kader vum Sikor gëtt iwwert nach ee méi groussen an intensiven Dialog mam Bierger nogeduecht. Mir analyséieren déi technesch an organisatoresch Méiglechkeete fir eng Kordall-TV.
- Den Internet-Site ass ganz performant, a gëtt ëmmer méi e virtuelle Guichet unique, wou een e ganze Koup Informatiounen, Formulären an aner Hëllefe kritt, ouni sech mussen op d'Gemeng ze déplacéieren. Hei muss och de Bierger permament um Lafende gehale ginn an eventuell ausgebild ginn.
- Schlussendlech bleiwt de liewege Kontakt mam Bierger, duerch d'Bereetschaft vun de Membere vum Schäfferot, mä och duerch gréisser Informatiounsversamm-lungen, déi weiderhi bei gréissere Projeten, Changementer oder Problemer mat deene betraffene Bierger organiséiert ginn.

4. Personal

Mir hu viru Kuerzem en neien Organigramm hei virgestallt a ver-spriechen ons ganz vill dovunner no der Ëmsetzung 2007. Et ass eng ganz nei Philosophie als Grondlag vun dësem Organigramme gewielt ginn, an déi elo konsequent muss ëmgesat ginn. Mir wëllen eis op eis Grondaufgaben vis-à-vis vun eise Bierger concentréieren, a méi e besseren, méi en efficacen a méi ee séieren Service garantéieren. Wann een einfach e puer plakesch Chiffere kuckt, ewéi déi vu 16,5 Milliounenn Euro wat eis de Verwaltungs- an Aarbechter-apparat - ouni d'Léierpersonal – kascht, da muss een sech froen ob d'Leeschtung, d'Motivatioun, d'Efficacitéit an d'Endresultat deem finanziellen Asaz entspriechen. 16,5 Milliounen Euro, dat si ronn 50% vun eisen normalen jäerlechen Ausgaben. Mir mussen also ëmdenken, ons vu gewëssene Balasten a schlechte Gewunnechten trennen, nei Motiva-tiounen opbauen a gesteckten a kloer Zieler upeilen, da wäerte mer och e siichtbart an zefriddent Resultat kréien. All Mënsch ass gefuerdert, jidderee muss matzéien an de Schäfferot wäert dat Zil och kloer ënnerstëtzen andeem hien

- bis Enn vun dësem Joer de Chefkader vu Chef de département, Contre-maître a Chef d'équipe wëll benennen ;
- duerno mat deenen neie Responsa-belen d'Zesummesetzung vun deene verschiddenen Equipe wëll diskutéieren a festhalen ;
- kloer Monatsprogrammer ufuederen a monatlech eng Concertatioun an Appréciatioun vun deene gestecktenen Ziler mat de Responsabelen diskutéieren ;
- wöchentlech Concertatiounen oder Rektifikatiounen um Niveau vun den Départementer verlaangen ;
- deeglech Briefinge vun de Konter-meeschteren an de Meeschteren a regelméisseg Kontroll vun den Aarbechten um Terrain ustriewt;
- zesumme mat den Ausschëss, an am Dialog, eng « Charta de bonne conduite » ausschaffen, wou déi dagdeeglech Gefleegenheeten op-geläscht ginn, an och bei engem Verstouss eventuell Sanktiounen festgehale ginn ;
- eng gemeinsam Strategie mat alle Beschäftegten ausschafft fir géint de Fléau vum Absentéisme virzegoen .
- De Schäfferot wäert sech d'Mëttele ginn, fir déi gutt (an dat sinn déi meescht) vun eise Mataarbechter ze belounen an ze luewen, mä déi, déi géint de Strom schwammen, och deementspriechend ze bestrofen.
- D'Weiderbildung gëtt weiderhi gefördert. Dofir sti ronn 15.000 € am Budget. Spezifesch Forumen mat alle Bedeelegten, Schäfferot, Kader a Mataarbechter wäerten och déi nei ugestriewte Motivatioun ënnerstëtzen ;
- Schlussendlech sollen och nei Aarbechtsperspektiven, ewéi de Bau vun engem zentralen Ënner-daach fir de Fuerpark an de Magaseng op der Lénger-Strooss dës Motivatioun beliewen. Dës nei Konstruktioun soll spéitstens 2010 funktiounsfäeg sinn.

5. Affaires culturelles a Promotion touristique

Déi meescht Organisatiounen op dësem Gebitt si vun de lokale Veräiner gedroe ginn, an dat soll och esou bleiwen. Mir wäerten awer als Gemeng eis Participatioun genee définéieren,

an dat am Kontext vun der Importenz vun der Organisatioun, hirem Opwand, den Délaiën déi mir zur Verfügung hunn, a mat dem Wëllen gréisser Plateformen an Evenementer als Partner ze begleeden. Dat alles wäert dem subsidiéierte Veräin Uganks Januar matgedeelt ginn, aus der Iwwerleeung eraus, datt mer eis Servicer net ze vill an net ze kuerzfristeg wëlle belaaschten, mä am Aklang mat dem monatleche Planning a Briefing wëllen harmoniséieren.

Mir hunn ons dofir och deementspriechend Mëttele ginn, fir gréisser Projeten – kultureller oder touristescher Aart – nach méi staark ze begleeden. Am Fonds culturel stinn dofir 23.000 € zur Verfügung, zousätzlech nach 7.500 € fir aner touristesch Manifestatiounen.

D'Käschte vu Freedefeieren, déi vun eisen 2 Syndicats d'Initiative organiséiert ginn, gi jeeweils mat 2.000 € ënnerstëtzt.

En Dépliant touristique, eventuell an Zesummenaarbecht mat anere Gemengen, souwéi d'Editioun vun engem Billerband iwwert de Kordall, sinn aner Ziler déi ugepeilt ginn.

Mir kafen nei Still fir de Museksall zu Rolleng an e puer nei Chalete fir Aussenorganisatiounen.

Virun deen neien Office des citoyens, an am Aklang mat enger 'Instruction ministérielle' – déi virgesäit, datt bei ëffentlechen Neibauten och ee Prozentsaz fir d'Konscht soll mat ageplangt ginn – soll eng 3 Meter héich Skulptur entstoen.

Am Kader vum 'Plan quinquénal du tourisme' hu mir déi 2 Projeten vun der Rollenger a Péitenger Millen ageschriwwen. Onofhängeg vun der eventueller zousätzlecher Ënnerstëtzung ginn dës 2 Projeten awer weider gefouert. D'Rollenger Mille wäert am Joer 2008/2009 en neit Liewen entwéckelen, an déi vu Péiteng e bësse méi spéit.

6. Cérémonies et Fêtes

Déi Haaptcérémonië vun der Gemeng bleiwen, wat de Fong ugeet, bestoen, mä wäerten sech awer liicht an der Form änneren.

De positiven Echo, dee mer op eisem gemeinsamen Nationalfeierdag fonnt hunn – esougutt bei den Ententes des sociétés, de Veräiner an der Populatioun – ermuddegt eis op deem Wee weider ze fueren a mat liichte Verbesserungen eng nach méi solidaresch Demonstratioun a Stäerkt vun eiser Gemeng ze vermëttelen.

D'Feiere fir d'Pensionnéiert, d'Journée du Grand Âge, d'Journée des méritants an d'Journée vun deene verdéngschtvolle Studenten, esou wéi d'Fête de Nouvel An bleiwe fest Bestanddeeler, mä ginn an hirem Oflaf enger kritescher Analyse ënnerzunn a, wann néideg, ëmgeännert.

Aner Organisatiounen, wéi de Führerschäintest, oder nei Iddiën oder Propositiounen am Kulturjoer 2007 ginn an deenen eenzelne konsultative Kommissiounen beschwat an och realiséiert.

Alles an allem, an dat ass da mäi Schlusswuert, presentéiert de Budget 2007 sech an enger konsequenter Kontinuitéit vum deem leschten 2006er Budget, jo, an enger Harmonie déi net seelen de Fall ass. Hien ass awer iwwert all Chiffer ewech e Budget an een Ausbléck op eng méi grouss a performant Service-Gemeng an op eng méi efficace, méi propper, méi dynamesch a méi interessant Gemeng.

Wa mer zesummen dat Zil erreechen – an ech sinn iwwerzeegt dovunner – da kënne mer an e puer Joer behaapten, datt mer absolut um richtege Wee waren.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Dir Hären. Fir d'éischt e grousse Merci un ons Servicer, déi hir Kompetenze mat an dëse Budget erageluecht hunn.

De Budget 2007 ass e Budget vun der Kontinuitéit. Et ass eise „Leitfaden" fir eng iwwerlueten a suergfälteg duerchduechte Politik, an dëst fir d'Wuel vun eise Matbierger. Mer hunn ons zum Zil gemaach, déi Suen, déi ons zur Verfügung stinn, esou sënnvoll an nohalteg anzesetzen ewéi méiglech. Spuermoossname sinn nach ëmmer ugesot, a wann och vum Ministère eng méi héich Dotatioun an Aussiicht gestallt gëtt, dann heescht et awer virsiichteg bleiwen.

No däer expliziter Presentatioun vun onsem Buergermeeschter wëll ech iech a groussen Zich aus menge Ressorten d'Projeten an d'Aarbechten, déi uleien, nëmme kuerz virzestellen.

Fir ons Schoulen an Opfankstrukture sti ronn 4.004.175 € an dësem Budget. Dës Suë si bestëmmt fir Ausbauten an Ëmännerungen. 340.189 € si virgesi fir d'Päsch-Schoul wou zanter der Rentrée en Deel vun de Schüler modern nei Schoulsäll kënne benotzen. De Schoulhaff, deen nach net fäerdeg ass, gëtt ufanks 2007 ugeplanzt an aménagéiert. Do kënnen eis Schoulkanner e pädagogesch kannergerechten Erliefnes-Schoulhaff notzen.

D'Neiwiss-Schoul gëtt a verschidde Phasen aus- an ëmgebaut. Dës Schoul gëtt op den heitege Stand bruecht mat de Sécherheetsnormen, déi vum Ministère verlaangt ginn. Hei si 500.000 € virgesi fir eng éischt Phas. Mat dem Turnsall, deen als Klassesäll ëmgebaut gëtt, geet de Schantjen an eng éischt Phas.

Mam neien „Hall polyvalent", dee fir d'Rentrée 2007-2008 fäerdeg soll sinn, kréien déi Rodanger Schoulkanner optimal Turnméiglechkeeten. 1,5 Milliounen € stinn hei fir de Finissage vun dësem Komplex am Budget. Eng éischt Etapp vun engem grousse Projet, deen an den nächste Joere weidergefouert gëtt.

Déi Rollenger Primärschoul brauch nei Fënsteren. 100.000 € sinn dofir bestëmmt. D'Éigent-Schoul zu Péiteng huet dee selwechte Problem an do brauche mer 118.976 €.

Déi héich Zuel vun de Schüler an der Perkussiounsklass vun der Musekschoul huet schonn déi lescht Joere keen optimalt Schaffe méi erlaabt. Déi Ëmännerung fir en 2. Perkussiounssall ass net vu Muttwëll wa mer och do wëllen dat beschtméiglecht Schaffen erlaben.

Duerch d'Ëmwandlung vun eiser Gesellschaft kréie mer als Gemeng eng Roll operluegt, déi ëmmer méi wichteg gëtt. Di zwee Partner schaffen, d'Zuel vun den „parents mono-parentaux" gëtt ëmmer méi grouss, d'Opfuerderung vum Ministère fir Opfankstrukture fir d'Kanner zur Verfügung ze stellen ass ganz kloer, a mär als Gemeng mussen deem Rechnung droen. D'Waardelëschte ginn ëmmer méi laang fir eng Plaz an der Crèche oder an der Maison Relais ze kréien. Dofir sinn 2.200.000 € fir de Kaf vun der Maison Relais zu Rodange virgesinn, wou mer eng Konventioun mat dem 'Fonds de Logement' hunn, an 150.000 € fir d'Ariichtung. An dësem Haus kënne mer fir d'Rentrée 2007-2008 bis zu 110 Kanner ophuelen. Et ass ons bewosst, datt mat dëser zousätzlecher Opfankstruktur net alle Kanner, déi op de Waardelëschte stinn, eng Plaz kënnen ubidden. Mer wäerten awer esou séier wéi méiglech versichen, eng Léisung fir Péiteng ze fannen.

413.000 € an 100.000 € fir Études a schonn eventuell eng Renovatiounsphas fir de Kaf vun der Crèche 'Kordall-Quakerten', stinn och am Budget. Wéi der all wësst, huet dës Crèche keen Agreement vum Ministère méi kritt. D'Nofro no Plazen an de Crèchen ass ganz grouss, dat ass jo allgemeng bekannt. Dofir eise Schrëtt, dës Crèche ze kafen a se nees konform ze maache fir datt mer esou séier wéi méiglech eise Matbierger esou eng Installatioun an

eiser Gemeng fir hir Kanner kënnen ubidden. Mer stinn a Gespréicher mat dem zoustännege Ministère wat dësen Ausbau ubelaangt, well do drängt d'Zäit effektiv.

Ons Spillplaze wäerten ëm déi 52.000 € kaschten. An der rue de la Fonderie gëtt zesumme mam CIGL en neie Projet ugeluegt. De CIGL soll d'Iwwerwaachen an den Ënnerhalt vun de Spillplazen zu Péiteng iwwerhuelen. Mer sinn och gewëllt, do eng aner Philosophie eranzebréngen. Mer sinn der Meenung, e Suivi vun enger Instanz op deene Plaze wier eng besser Léisung. Bis elo hu verschidden Servicer do mat Hand ugeluegt, wat net ëmmer glécklech war. Dës nei Iddi soll eng Vereinfachung sinn a méi e séiert Handele mat sech bréngen. Am Lotissement 'Ronnwiss' gëtt d'Spillplaz wéi virgesinn ageriicht.

Eis wieder Gemengebaute wäerten eis 2007 ronn 1.640.000 € kaschten. Den neien Ubau vun eisem Gemengenhaus ass esou wäit fäerdeg. Den zweeten Deel vun den neien Archive gëtt ageriicht.

An enger éischter Phas gëtt de Rez-de-chaussée vum ale Stadhaus nei aménagéiert. E gëtt dem Neibau ugepasst. Duerch nei Iddië gëtt Raum gewonnen. Dem Receveur säi Bureau gëtt méi sécher awer och méi diskret ageriicht, esou wéi dat haut verlaangt ass. Den Ëmweltbureau, wou ganz vill Bierger am Laf vum Dag passéieren, gëtt och op de Rez-de-chaussée transferéiert, wat fir ons Bierger méi einfach gëtt. Nei Sanitärinstallatioune kommen och op de Rez-de-chaussée an déi um 1. Stack ginn direkt mat aménagéiert.

D'Verwaltungsgebai ass endlech an der leschter Etapp, esou datt mer dësen Dossier 2007 ofschléisse kënnen.

D'Annexe vun der Maison Heintz gëtt aus Sécherheetsgrënn ofgedroen. Den Haff vun Kulturhaus 'A Rousen' kann doduerch erweidert a verschéinert ginn.

E weidere grousse Schantje fir d'nächst Joer, ech géing besser soe fir déi nächst Joeren, ass d'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm a vun der Sportshal. Do musse mer aus Käschtegrënn a Phase fueren. Fir d'éischt kritt d'Schwämm en neien Dag, d'Fassad gëtt erneiert an isoléiert. Déi technesch Installatioune mussen iwwerholl an nei ugepasst ginn. Dat schléit fir 2007 mat 900.000 € zu Buch.

Mer hunn am Budget an der Rubrik „Travaux d'entretien, de nettoyage et de réparation des bâtiments" ganz grouss Chiffere stoen. Ënnerhalts- an Exploitatiounskontrakter fir eis Heizungsinstallatioune sinn och doranner mat opgefouert. Ganz vill Sue vun dëser Budgetsnummer ginn awer dofir opbruecht fir ons Gebaier ze reparéieren an ze botze wa Vandalismus entsteet. E Vandalismus, deen an onser Gemeng ëmmer méi zouhëlt, deen an onse Gemengen-installatiounen, déi mer de Veräiner, de Schoulen zur Verfügung stellen, méi Präsenz weist, zum Beispill bei Duschkäpp, déi ofmontéiert ginn; Plafongen, déi mat Schung oder Bäll beworf an doduerch beschiedegt ginn; Graffiti un de Mauere vun onse Gebaier; Fënsteren, déi futti geschloe ginn, asw. Vun den Abréch, dem Verknaschte vun den Alentoure guer net ze schwätzen. Dofir vun hei aus en Appel un all déi Responsabel, hire Memberen un d'Häerz ze leeë fir déi Installatiounen ze respektéieren, déi si vun der Gemeinschaft fir d'Ausübe vun hirem Sport gratis zur Verfügung gestallt kréien. Dee selwechten Appel geet un d'Eltere vun de Schoulkanner, déi an onse Gebaier aus an a ginn. Wann den Appel respektéiert gëtt, da kënne mer eng grouss Zomm spueren, déi mer elo mussen asetze fir Reparatiounen, déi net miisste sinn.

En Dossier, dee scho vill a laang, vläicht schonn ze laang am Gespréich ass, dat sinn ons „garages municipaux". E Virprojet steet dofir am Budget.

An eise Parkanlage sinn 2007 keng grouss Ëmännerunge geplangt, ausser der normaler Fleeg, déi méi eng grouss Wichtegkeet kritt. An de Rodanger Park installéiere mer awer méi eng effizient Beliichtung fir d'Sécherheet vun onse Matbierger fir 40.000 €.

Mer kafen zwee 'Piaggioen', fir datt ons Gäertner kënnen als Equipe direkt op de Schantje fueren, méi mobil sinn an doduerch vill Zäitverloscht kënnen aspueren.

Mer hunn en Enkpass um Péitenger Kierfecht. D'Aarbechte si schonn amgaang, woumat de Kierfecht vergréissert gëtt a mer bis zu 50 Griewer weider kréien. Dofir sti fir 2007 nach 19.000 € am Budget.

Ronn 150.000 € si virgesi fir d'Jugendhaus an d'Kommissiounen, fir déi ech zoustänneg sinn. Dat si Suen, déi gutt ugeluecht ginn a se droen, och wann net ëmmer direkt, méi am Nachhinein hir Friichten. De Gros dovunner, 130.000 € kommen dem Jugendhaus zou.

Fir eis Jugend gesi mer duerch déi vill an intelligent Aarbecht vun eiser Jugendkommisioun, datt weider interessant Projeten am Ausschaffe sinn. De Jugendforum ass an der Aarbecht, 'Déi Jonk an d'Handwierk', e Summerkino, si geplangt. D'Zesummen-aarbecht mat den Nopeschgemenge fir Vakanzaktiounen ass nees um Programm. D'Zesummenaarbecht mat dem Jugendhaus soll méi intensiv ginn. Am Jugendhaus zu Péiteng an och am 'PIC' zu Rodange gëtt d'Nofro ëmmer méi grouss. Et kommen zousätzlech Problemer, gesellschaft-lecher a familiärer Natur op d'Éducateuren zou. Hir Aarbecht gëtt ëmmer méi diversifizéiert an do muss an nächster Zäit no Léisunge gesicht ginn.

Fir d'Chancëgläichheetskommissioun kënne mer soen, datt mer 2006 „mission accomplie" hunn. Op Grond vun eisem Questionnaire sinn „Workshops" mat dem Bureau ADT Center duerchgefouert gi mat der ganzer Belegschaft. All ons Servicer hunn un deem Pilotprojet deel geholl a konnten dovunner profitéieren, fir hir Doléance virzebréngen. Fir 2007 si weider Fortbildunge virgesinn, zesumme mam 'Ministère à l'Egalité' an der 'Uni Lëtzebuerg'.

Fir 2007 ass den „Girls' and Boys' Day" a Virbereedung. Deen Dag ass net nëmme méi fir Meedercher geduecht. Mer hate schonn eng Entrevue mat de Responsablen aus den „Service à l'égalité des chances" vun den Nopeschgemengen a mam CID-Femmes. Den Dag soll zesummen ënner dem Motto 'Kordallgemengen' organiséiert ginn.

Mir sinn eng Gemeng mat iwwer 80 verschidden Nationalitéiten, an do hu mer an der Auslännerkommissioun „du pain sur la planche". Mer picken eis awer ganz spezifesch Problemer eraus, woumat mer onsen auslännesche Matbierger kënnen Hëllef bréngen. Mir organiséiere weiderhin ons Themen-Owender, ons Weekender, wu mer déi eng oder aner Natioun mat hirer Vielfältegkeet virstellen, an op dësem Wee eise Matbierger aner Kulture méi no bréngen.

Genee esou wäerte mer mat der Familljekommissioun zesummen 2007 Brennpunkten op Konferenzowender beschwätzen.

Voilà, ech mengen, ech hätt iech méi oder manner e klenger Quierschnëtt gi vun den Aarbechten, déi bei mir um Plang stinn. Ech hoffen, datt mer nett zevill negativ Iwwerraschunge fir d'Joer 2007 kréien a mer alles esou erleedege kënne wéi mer ons dat virgestallt hunn. Esch soen Merci fir d'Nolauschteren.

**Gilbert Welter, Schäffen – 11.12.2006:**

Madame, dir Hären. Ech géif meng Presentatioun vum Budget mat deem

wichtegste Ressort unzefänken, an zwar der Ëmwelt. Duerch eng gutt Zesummenaarbecht mat eisem Ëmwelt-bureau an duerch regelméisseg Reunioune konnt eng exzellent a konstruktiv Aarbecht fir d'Ëmwelt geleescht ginn.

Esou hu mer et fäerdeg bruecht, als eng vun deenen éischte Member-Gemenge vum Klimabündnis, dëst Joer am Beräich Ëmwelt an all eise Schoulen an och an eiser Gemengeverwaltung nëmmen nach mat recycléiertem Pabeier mat dem Label „bloen Engel“ ze schaffen an och dee verbrauchte Pabeier a bal all Schoul an all Bureau anzesammele fir datt e recycléiert ka ginn.

Mer sinn och der FSC Lëtzebuerg Asbl bäigetrueden a kréie fir eis Bëscher den FSC Label. Domat garantéiere mer fir déi nächst Joeren déi virgeschriwwen europäesch Normen fir eis Bëscher ze fleegen. Mer hu jo 2007 am Budget Aarbechten an eise Bëscher fir 54.000 € genehmegt. Déi Zomm gëtt duerch de Verkaf vum Holz nees akasséiert. Mer kruten och fir d'Joer 2006 de Label 'Drëpsi' fir eist proppert Drénkwaasser.

Zwou Schoule si mat dem 'Prix de l'environnement' vun der Gemeng ausgezeechent gi fir hir Initiativen, all Offäll ze sortéierten, respektiv d'Hëllef fir en naturfrëndleche Schoulhaff. Och fir 2007 sinn esou Aktioune virgesinn. Dann hate mer eis Korksammlungen an de Schoulen, wou mer tëscht 1997 an 2006 am ganzen 17.283 kg Stëpp zesummekritt hunn. Dës Aktioun ass och fir 2007 virgesinn.

Fir den Dag vum Bam huet eng Rei vun eise Schoulkanner zesumme mam Service „Parcs“ Hecken a Beem geplanzt. Och de Péitenger Park huet op dem Dag vum Bam en neie Bam geplanzt krut, deen deenen nei gebuerene Kanner vum Joer 2006 gehéiert.

Am Kader vun der Drëtt-Welt-Hëllef hu mer eis Klimabündnisengagementer agehalen an dëst Joer 28.000 € fir EDE Kolumbien an den Togo-Projet iwwer-wisen, an net ze vergiessen 10.000 € fir bei Naturkatastrofen ze hëllefen.

'Zu Fouss an d'Schoul' an 'En Dag ouni Auto' waren zwou weider Organisa-tiounen, déi vun eisem Ëmweltbureau organiséiert goufen.

D'Iwwerwaachung iwwer d'ganzt Joer vun der Loftqualitéit ass nees 2006 iwwer de Bureau vun der Bio-surveillance geschitt. D'Prouwe beim Geméis op de Bläigehalt an de Chrom waren an der Rei. Manner zefridde si mer bei de Molybdenwäerter. Ausser eiser Informatiounssëtzung all Joer zu Rodange, kréien eis Awunner, op Wonsch d'Resultater schrëftlech matge-deelt. Fir 2007 versiche mer, eis Industrië stänneg mat Miessungen ze observéieren an domat méi Drock op si auszeüben. Bis elo hu mer d'Wäerter festgestallt ouni e Responsablen ze fannen. Dofir wëlle mer fir 2007 lafend en Diagnostic iwwer d'Ausstousse vun der Verschmotzung duerchzéien. Dofir si 27.000 € virgesinn.

Wat de Crassier vu Rodange ugeet, do hu mer als Gemeng vum Geriicht Satisfactioun kritt. Allerdéngs kéint d''Société Lorraine de Révalorisation SLR' nach eng Kéier an Appel goen. Aus deem Grond hu mer fir 2007 nach ronn 9.200 € am Budget stoen.

Am Kader vun der Ëmweltwoch fënnt d'Ausstellung net méi statt, well se an deene leschte Joeren éischter moer besicht war. Dofir wëlle mer mat de schoulflichtege Jugendlechen e Workshop iwwer e puer Wochen organiséieren, an dat zesumme mat Ëmweltinformatiounen a mat enger Sensibiliséierungscampagne.

Aner Projetë sinn an Aarbecht: D'Kierchtierm soll fir d'Flëntermais opgemaach ginn; de Plastik soll gratis vu Valorlux virun der Hausdier agesammelt ginn. Mer si mat der responsabler Firma an der Diskussioun. Den Delai ass aus budgetäre Grënn bei der Valorlux fréistens Enn 2007 méiglech.

E ganz wichtegen Dossier ass awer och nach d'Entscheedung vum Ëmwelt-minister wat de Klassement vun der CRE no Seveso 2 'haut' oder 'bas'. Dës Entscheedung, déi op sech waarde léisst, ass wichteg fir d'Zukunft fir dann eis Sécherheetsmoossnamen ze adaptéieren.

Den neien Energiespuerprogramm ass 2006 ugelaf. Et dréint sech hei ëm d'Reduktioun vum Primärenergiever-brauch an eiser Gemeng. D'Virbereedungsaarbechte sinn amgaang a sollen iwwer de 5-Joeresplang zesumme mat den techneschen Servicer vun der Gemeng ëmgesat ginn. Esou sinn an enger éischter Phas eng Rei Compteure vun der Cegedel gesat gi fir de Verbrauch vum Stroum besser ze moossen a fir esou erauszefannen, wat fir eng Gebaier am meeschten Energie verbrauchen. Natierlech ginn och de Gas- an de Waasserverbrauch analyséiert. D'Zil ass et fir déi nei Energieméiglechkeeten anzesetzen – ewéi Biogas, Solarkollektoren, Holz-hackschnëtzelanlagen – an deene Gebaier, déi scho bestinn, awer och an deenen neien. Eis Stroosseluuchten, eis Heizunge solle mer iwwer Computer iwwerwaachen a regléieren. Esou wäit si mer awer nach net. Déi regelméisseg Reunioune mat eisem Ëmweltexpert Mike Braun a mat eisen technesche Servicer sinn dofir vun absoluter Wichtegkeet.

Erlaabt mer, beim Thema Sport, fir d'éischt kuerz op de PiKo anzegoen. Déi regelméisseg Entrevuë mam Personal hu mat sech bruecht, datt déi Rodanger Schwämm gutt fonctionniert. Déi intern Reglementer goufen iwwer-schafft an trotz groussem Undrang vun de Visiteure sinn d'Reklamatioune minimal. Mer sinn am Moment bei iwwer 185.000 Entréeën, obwuel am wichtegsten Vakanzemount August den Dag vum PiKo wéinst dem schlechte Wieder zou war. An der Optik 2007 en normalen August ze erliewen hu mer d'Entréeën op 480.000 € geschat. Dat sinn 80.000 € méi wéi 2006. Och eis Manifestatiounen am PiKo si bei de Bierger gutt ukomm: zum Beispill den Aquagym, d'Summerparty, asw. D'Rodanger Schwämm ass eenzeg-aarteg am Land wann net esou guer an Europa.

An der Hoffnung, datt de Konstruk-tiounstiming klappt, kënnen eng Rei vun eise Sportsveräiner an engem knappe Joer vun der Rodanger Sportshal profitéieren, an doduerch méi Trainings-méiglechkeete kréien ewéi bis elo.

Et ass roueg gi wat d'Fusiouns-gespréicher tëscht eise Fussball-veräiner ugeet. Am Moment gëtt et keng weider Informatiounen.

E gréissere Problem huet eisen Tennisveräin. Déi nächst Wantersaison steet hinnen d'Hal am Zoning net méi zur Verfügung well se vum Besëtzer verkaf gouf. Eisen Tennisclub ass un eis erugetratt fir datt mer zesumme mat hinnen no enger séierer Léisung sichen.

Gréisser Manifestatioune fir 2007 sinn 12 Stonn schwammen am PiKo den 10. Mäerz 2007, organiséiert vun der Sportkommissioun an de Projet 'Fit Péiteng – Sport a Gesondheet', organiséiert zesumme mat dem Sportsministère.

Esou wéi am leschten Editorial an eiser Zäitschrëft 'Meng Gemeng' ze liese war, ass et fir de Schäfferot eng Selbstverständlechkeet fir sech ëm eis Bierger, déi den 3. Alter erreecht hunn, ze këmmeren. An zwar zitt d'Aufgab vun der Gemeng sech iwwer 3 Voleten hin.

1) Deenen eelere Leit hëllefen en Ënnerdaach ze kréien. Mer hunn eng gutt Zesummenaarbecht mat dem Fleegeheim St Joseph zu Péiteng. Op Péiteng kréie mer deemnächst och e

Seniorenheim. Zu Rolleng soll esou en ähnlecht Konzept realiséiert ginn. Zu Rodange gi Wunnenge vum 'Fonds de Logement' 2007 fäerdeg.

2) Eis sozial Servicer ewéi 'Help', 'Repas sur roues', 'Hëllef doheem', 'Geschirkëscht' vum CIGL, den 'Télé-alarme', fir dee mer eleng 48.000 € am Budget stoen hunn, stinn deenen eelere Leit zur Verfügung.

3) Mär ënnerstëtzen, esou wéi och an der Vergaangenheet, eis lokal Veräiner, déi fir den 3. Alter zoustänneg sinn. Och fir dat nächste Joer hu mer eis mat den Nopeschgemenge beim 'Club Senior Prënzebierg' engagéiert. Ugebuede ginn iwwer 15 verschidden Aktivitéiten. All eis Bierger hunn d'Brochure elo kuerz an der Bréifkëscht gehat. De Seniorbus soll fir 2007 méi geziilt e puer Mol am Joer agesat ginn. Also net nëmme fir an de Kino, mee och fir Visitë vu Muséeën, Concerten an aner Manifestatiounen. Ech wollt awer och d''Journée du Grand Âge' ernimmen an eis gutt besichte Chrëschtfeiere fir déi Pensionnéiert, déi dëst Joer den 20. respektiv den 21. Dezember statt-fannen.

Ech soe Merci fir är Opmierksamkeet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Domat hätte mer d'Presentatioun vum Budget a ronn enger gudder Stonn gemaach. Der hutt elo de finanzielle Kader vum Schäfferot virgeluecht kritt, an deem sech d'Gemeng beweegt. Der hutt och déi Haaptakzenter, déi de Budget 2007 präge wäerten, virgeluecht krut, an ech géif soen, datt elo den Zäitpunkt komm wier fir d'Diskussioun op ze maachen. Eng Diskussioun, déi mer esou virgesinn, datt se lieweg ass a wou esou wuel d'Majoritéit wéi d'Oppositioun hir Punkten ervirbréngen a wou mär als Schäfferot probéieren, direkt ze äntwerten, wou et méiglech ass. Déi aner, méi technesch Froen, wäerte mer weiderginn un eis Mat-aarbechter an der Verwaltung an dem technesche Service. Déi néideg Äntwerten zu deene Froe wäerte mer iech dann de 15. Dezember ginn.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

An enger Stonn hu mer hei de ganze Budget virgestallt krut. Mer hunn eis Froen, déi technescher Natur sinn, ofginn. Déi aner Kéier, wann der eis d'Äntwerte ginn, da liese mär d'Froe vir. An dann zum Schluss kann deen, dee wëllt, oder d'Fraktioun Stellung zum Budget huelen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Mer hunn haut d'Diskussioun vum Budget. Der hutt dee Budget och säit 10 Deeg virleien an haut diskutéiere mer en. Dat steet haut esou op der Dagesuerdnung an net op däer vum 15. Dezember. An der Sëtzung vum 15. Dezember steet nach just d'Beäntwerte vun den technesche Froen um Programm. D'Diskussioun steet op der Dagesuerdnung vun haut ënner dem Punkt 6.2. Et geet jo och net dorëm, datt d'Oppositioun op d'Presentatioun vum Budget äntwert, mee ech hat mer erwaart, datt se hir Meenung zu engem Budget géif maachen an kucken, ob déi Voleten, déi si als wichteg fir d'Gemeng Péiteng fannen, dra vertruede sinn. Et geet jo net drëm fir eis Presentatioun ze kommentéieren, mee dorëm, ob all Conseiller sech an deem Dokument erëmfënnt. An ech mengen, datt dat haut kee Problem dierft si fir haut déi Diskussioun ze féieren. Ech weess net, wéi d'Majoritéitspolitiker dat gesinn an ob si och net prett si fir hir Meenung hei ze ginn.

**Romain Rosenfeld (CSV) – 11.12.2006:**

Ech mengen, mär si preparéiert fir Stellung ze huelen zu dësem Budget, esou datt all eenzelne Member vum Gemengerot seng Appréciatioun haut ka ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Et ass net anescht wéi soss. Dat war och nach ëmmer esou, datt d'Remarquen elo kéimen. An zum Schluss kritt nach all Fraktioun d'Chance fir kuerz Stellung ze huelen zum Budget an ze soen, firwat se de Budget stëmmen oder och net.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Wann ech mech gutt kann erënneren, dann hate mer déi selwecht Diskussioun schonn eng Kéier dat lescht Joer. An do hate mer gefrot fir wéinstens zu deene Saachen, déi der haut presentéiert hutt, d'Texter ze kréien. Esou, datt mer eis op eppes hätte baséiere kënnen. An dann hätte mer dat och haut kéinte kommentéieren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Ech wollt awer heizou soen, datt mer déi Presentatioun net einfach esou aus dem Aarm rëselen. Déi Presentatioun ass gëschter Owend um 10 Auer bei mär fäerdeg ginn. Ech hätt iech déi och keng 10 Deeg virdru kënne ginn. Mer haten iech awer all Ënnerlage ginn a se zwee Wochenenner zur Verfügung gestallt. D'Gesetz gesäit och nëmme fënnef Deeg vir. Ech sinn elo 14 Joer am Gemengerot an et ass nach ëmmer esou gaang. Der hat dat do effektiv an däer Richtung gefrot. Mee ech weess net, wat et engem Conseiller ka weiderhëllefen, wann en d'Ënnerlage vun engem Member aus dem Schäfferot huet. Jidderee soll sech seng eegen Iwwerleeungen zum Budget an zu deem, wat hei an der Gemeng soll geschéien, maachen. A wann en déi Iwwerleeunge gemaach huet, da muss en och am Kader vun dësem Budget soe kënnen, ob dat am Budget verankert ass oder net. Ech gesinn awer net an, firwat ee muss dem Buergermeeschter seng Iwwerleeunge kenne fir seng eegen ze maachen. Dat ass eppes, wat ech net kann novollzéien. Ech weess net, wéi mer dat do kënne maachen. Wann der dat haut net kënnt maachen, da musse mer kucken a mam Distriktskommissär schwätzen, ob mer nach eventuell kënnen eng Urgence invoquéieren an e Punkt op der nächster Gemengerots-sëtzung bäisetzen, well d'Frist ass ofgelaf. Et steet haut op der Dages-uerdnung an ech muss soen, datt deen anere Freideg just d'Äntwerten op der Dagesuerdnung stinn.

Ech géif soen, datt déi Conseilleren, déi haut kënnen eng Stellungnahm zu dësem Budget maachen, dat och maachen. Fir déi aner musse mer da kucken, wéi mer de 15. Dezember solle virgoen.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Ech muss wéi jiddereen domat liewen. Ech hu keng Stellungnahm preparéiert an ech huelen dann elo och keng Stellung zum Budget. Da beschränken ech mech just op de 15. Dezember, fir déi technesch Fro beäntwert ze kréien.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Dat si jo déi Froen, déi der haut zu deene verschidden Artikelen eraginn hutt. Déi beäntwere mer.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Ech gesinn et esou: dat wat mer net verstanen hunn, dat drécke mer jo an de Froen aus. Mer froe jo, wat mer wëlle wëssen. An dorop kréie mer jo eréischt déi aner Kéier eng Äntwert. Wéi kann een eng Appréciatioun maachen, wann een eréischt déi aner Kéier eng Äntwert kritt?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Zwou Saache sinn hei ze soen. Eng Saach ass d'Appréciatioun, dat heescht, wéi där de Budget gesidd als eenzelne Conseiller. Der gesidd vläicht, wou Saache feelen, oder der sidd der Meenung, datt mer eng aner Strooss sollen an d'Rei setzen. Déi

Appréciatioun soll haut gemaach ginn. A wann d'Äntwerten op är Froen iech net duer ginn, dann hutt der selbstverständlech d'Méiglechkeet, nach ze intervenéieren. Mee do gëtt awer da keng Diskussioun méi gefouert. Als Conseiller kënnt der jo froen, eng Äntwert kréien an nach eng Kéier nofroen. Do hunn ech guer näischt dergéint. Mee d'Budgetsdiskussioun, wou där sot, der géift gären dëse Budget stëmme well der fannt, datt alleguer d'Iwwerleeungen, déi dra sinn, gutt sinn, déi erwaarden ech mer haut. Mee déi Diskussioun firwat op engem Artikel 105.000 € an net 100.000 € stinn, déi ass déi aner Kéier. Déi Äntwerte kënne mer iech wahrscheinlech net direkt gi well mer net alleguer déi technesch Donnéeë kennen. An ech ka mech och net erënneren, datt et an deene leschte 14 Joer, an deenen ech elo derbäi war, anescht war.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Esou laang esou vill Punkten net kloer si fir eis, wéi solle mer do soen, mer stëmmen de Budget, mer enthalen eis oder mer stëmmen en net. Eréischt wa mer eis Froe beäntwert kritt hu kënne mer och eng Appréciatioun ginn. Mer wëssen dat jo elo net. Mer si jo och eng Oppositiounspartei, a mer ginn och vläicht méi an den Detail wéi d'Majoritéitspartie. Mee esou laang mer déi Informatiounen net hunn, kënne mer net appréciéieren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter 11.12.2006:**

Dofir hunn ech gesot, datt mer déi politesch Froen, bei deenen et net drëm geet firwat – an hei soen ech elo einfach eppes als Beispill - e gewësse Kredit am rektifizéierte Budget eropgaangen ass, mee wou der sot, datt zum Beispill méi misst um Niveau vun der Kannerbetreiung gemaach ginn, dorop direkt äntwerten. Do soe mer iech eis Iwwerleeungen. Dat sinn déi grouss Visioune vun deem Budget. Wann dir sot, watfir eng Akzenter eventuell feelen a firwat dat esou ass, dat beäntwere mer direkt. Mee d'Detailfroen, déi beäntwere mer iech deen nächste Freideg.

Da géif ech eng Reiefolleg huelen, déi e bësse korrekt ass. Ech géif dem President vun der Finanzkommissioun, dem Här Polfer, fir d'éischt d'Wuert ginn. Dann engem LSAP-Vertrieder, dann dem Här Becker vun 'Déi Gréng'.

**John Polfer (CSV) - 11.12.2006:**

Mir kréien hei e Budget vun der Kontinuitéit an der Virsiicht presentéiert, ewéi mer dat zanter Joere gewinnt sinn. Dëst Joer schéngt et mer e Budget vun engem Iwwerganksjoer ze sinn.

An eisem uerdentleche Budget 2007 hu mer Recette vun 39,8 Milliounen € an Dépense vu 35,1 Milliounen € Dat ass een Iwwerschoss vu 4,7 Milliounen € An een Iwwerschoss an den uerdentleche Recetten ass jo noutwenneg fir Projeten ze realiséieren. Et kéint een déi gréisser Ausgaben a véier opdeelen :

1. Fir eis Schoulen :

« Maison relais » zu Rodange, wou mer d'Gebai dem Fonds de Logement wëllen ofkafen : 2.200.000 € plus 150.000 € fir d'Ariichtung.

Schoul Neiwiss zu Rodange : d'Ëmännere vum Turnsall fir 500.000 €.

Primärschoul zu Rolleng : 100.000 €

Primärschoul Päsch zu Rodange : 340.189 €

Primärschoul Eigent zu Péiteng : 118.976 €

Mir wëssen, datt d'Crèche zu Péiteng aus Sécherheetsmängel zougemaach ginn ass. Elo wëll d'Gemeng d'Crèche ofkafen fir 413.000 € an ariichten fir 100.000 €. Well mir brauchen an der heiteger Zäit och zu Péiteng eng Crèche déi den Sécherheetsnormen entsprécht. Op déi 100.000 € awer fir d'Ariichtung duerginn bezweiwelen ech awer.

2. Ëmwelt :

Bassin d'orage Rond-point Porte de Lamadelaine : 1.500.000 €

Fonderie zu Rodange, Assainissement vun der Kor (100.000 €) a vun dem Chemin de Brouck (360.000 €).

Eechelsbaach, séparation des eaux, esou wéi et vu Bréissel an Zukunft virgeschriwwe gëtt : 230.000 €.

Eng besser Iwwerwaachung vun de Waasserbassenge vu Rodange a Rolleng : 100.000 €.

3. Bauten :

Hall polyvalent zu Rodange: 1,5 Milliounen €.

Erneierung vum Daach vun der Schwämm zu Péiteng : 900.000 €

De Chronométrage électronique, deen esouwuel fir déi Rodange wéi och fir déi Péitenger Schwämm ka gebraucht ginn, gëtt elo endlech kaf : 72.000 €

De Réaménagement vum Rez-de-chaussée an der Gemeng : 498.499 €

4. Stroossebau :

Eng deier Saach. Hei musse mer mat verschiddene Ministèren, Betriber, Ponts et Chaussées, Gaz, Elektresch, Waasser an natierlech mat de Leit do do wunnen (Emprisen) eens ginn.

Avenue de la Gare zu Péiteng : 450.000 €

Rue de l'Hôtel de Ville zu Péiteng : 46.000 €

An der rue Jos. Philippart zu Rodange komme mer net esou richteg un. Hei stelle sech nach eng etlech Problemer, an dat wäert – wann et ugeet – keen einfache Chantier ginn : 50.000 €.

Fir de Reprofilage vun de Stroossen an de Weeër sinn 100.000 € virgesinn.

Gewëss kann een ëmmer nach Saachen aneschters oder besser maachen, mä wann all dat ausgefouert gëtt, da wäert um Enn vum Joer net méi vill iwwereg bleiwen. Fir mech ass de Budget 2007 e Budget vun der Kontinuitéit, woubäi fir d'Joer 2008 d'Dépense méi héich zu Buch wäerte stoen.

Et gëtt zwar gesot, datt d'Dotation de l'Etat 2007 erëm méi héich soll sinn, an ech hoffen datt dat och stëmmt. Wéi sollen d'Gemenge soss hiren Obligatiounen – déi oft vum Stat gefuerdert ginn – zum Wuel vun hire Bierger nokommen.

Eis Gemengeschold (Emprunts) ass an deene leschte Joere bestänneg erofgaangen. 2005 louch se nach bei 34,7 Milliounen Euro, 2006 bei 32,6 Milliounen Euro a fir 2007 sollen et nach 30,7 Milliounen Euro sinn. Dat wier dann eng Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.050 €. Mir sollen d'Lat och an deene kommende Joeren net ze héich leeën. Mir sollen awer net nëmmen d'Géigewaart geréieren, mä vernünfteg an d'Zukunft plangen.

Dem Buergermeeschter, dem Schäfferot, an hire Mataarbechter soen ech fir dëse Budget Merci fir déi vill a gutt Aarbecht.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Merci Här Polfer. Technesch Froe si keng vun iech komm. Ech muss dat awer ënnersträichen, wat de President vun der Finanzkommissioun hei seet., an zwar, datt de Budget mat Virsiicht opgestallt. Der sot effektiv, datt mer eis an eise Rumme bewegen. Ech muss awer ervirsträichen, an ech mengen, dat konnt jidderee schonn an der leschter Woch feststellen, datt mer mat 14 Mio Euro Ausgaben am extraordinäre Budget gutt leien an eng vun den eenzege Gemenge sinn, déi net onbedéngt muss op en Emprunt zeréckgräife fir esou en héijen Invest ze maachen. Och bei der pro Kapp-

Zomm vu ronn 2.000 €, déi der elo ernimmt hutt, wäerte mer, wann een e bëssen an de Gemenge ronderëm kuckt, och do an der leschter Zäit besser do stoen ewéi dat viru Joeren de Fall war. Mee mer mussen och weider virsiichteg sinn an am Kader vun eise finanzielle Méiglechkeeten eis Investissementer maachen.

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Zu der Philippart-Strooss wollt ech awer nach soen, datt dat e gemeinsame Projet ass vu Stat a Gemeng. Mer waren net synchron wat d'Budgeten ugeet. De Stat wollt schonn dat lescht Joer ufänken, mee do ware mär net prett.

Déi ganz Emprisegeschicht ass komplizéiert. Mer hunn an der avenue de la Gare hei zu Péiteng och gemierkt, datt d'Leit net ëmmer bereet sinn, eppes ofzetriede wat am Fong geholl schonn an der Strooss läit. Fréier ass dat net gemaach ginn. Do ass dat nodréiglech gemaach ginn an heiansdo iwwerhaapt net. Elo gëtt awer vu Ponts et Chaussées verlaangt, datt deen Empriseplang muss ënnerschriwwe virleien ier mat den Aarbechte kann ugefaange ginn. An do komme mer ëmmer a Réckstand. Wann do een sech queesch stellt, da gëtt et batter Nëss. An der Eechelsbaach zu Rolleng hu se all ënnerschriwwen ausser een. Dat ass schrecklech mat de Formalitéite fir de Moment.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Huet et an de vergaangene Joer bei de Budgetsdebatten an der Chamber nach geheescht « spueren, spueren, de Rimm méi enk schnallen », esou gëtt et dëst Joer Memberen am Héijen Haus déi mengen, d'Richtung vum Spuere géing stëmmen, an aner Membere sinn der Meenung, datt et net esou wier. Ech schléisse mech, wat d'Finanzsituatioun an eiser Gemeng ugeet, an ofgesi vu vläicht e puer anere privilegiéierte Gemengen, der Meenung vum zweete Grupp un. Nach huet de Syvicol et net duerchgesat, mat der Regierung iwwert en neie Schlëssel bei der Verdeelung vun de Gelder un d'Gemengen eeschtlech ze verhandelen. Nach zwéngt d'Regierung de Gemenge weider Déngschtleeschtunge fir de Bierger op ouni allerdéngs eng adequat finanziell Ënnerstëtzung zouzesécheren. Bestëmmten Déngschtleeschtungen um Bierger solle käschtendeckend sinn, mengt de Finanzminister, ouni datt d'Gemengen d'Taxen erhéije fir d'Inflatioun net weider ze dreiwen. A wat fir engem Buch déi Zauberformel ze fannen ass, dierft eis sécherlech alleguerten heibannen interesséieren, an ech ginn dem Gefill net lass, datt mer net méi um séchere Wee sinn.

Ech wollt um Ufank e puer allgemeng Feststellunge maachen zum extraordinäre Budget. Dat betrëfft haaptsächlech d'Infrastrukturaarbechten un an op eisem Stroossennetz an och wat de Verkéier an d'Signalisatioun ugeet. Un a fir sech sinn déi Doléancen, déi ech zum Budget 2006 ervirbruecht hunn, och nach fir de Budget 2007 aktuell. D'Stroossen, déi erneiert goufen, sinn op Dränge vu Ponts et Chaussées oder vu Sudgaz gemaach ginn. Aner Projetë leien och nach op Äis, esou d'Belair-Strooss zu Péiteng an de Waasser-basseng um Hierschbierg. D'Erneiere vun der rue de la Gare an der rue du Chemin de Fer soll am Joer 2007 an Ugréff geholl ginn. De Fonçage ënner der Eisebunn tëscht der rue de la Liberté an der rue de Niederkorn ass bis op weideres agefruer. D'Erneierung vun der rue Bommert an der rue Neuve, näischt. Zu Rolleng gëtt souzesoe guer näischt gemaach obwuel et an der rue de la Fontaine déck néideg wier fir eppes ze maachen. Zu Rodange sollten 2006 d'Pläng vun der rue Philippart virgestallt ginn. D'Aarbechten an der rue de la Gendarmerie sinn an Ausféierung, an dat op Initiativ vum Gaswierk. Den Här Breyer hat d'lescht Joer versprach – an ech zitéieren hei – „wat d'Infrastrukturen an de Stroossen ugeet, esou maachen ech iech an deenen nächste sechs Méint e Relevé, wat fir Stroosse prioritär behandelt ginn, wéi den Zoustand vun de Stroossen an den Infrastrukturen ass a wéi mer gedenken, mat eise Mëttelen, déi Stroossen a Stand ze setzen". Mer waarden op de Relevé.

D'Luuchten op der Rodanger Gare - wou ech gemengt hat, et wier en alen Hummer -, hei konnt der mer nëmme garantéieren, datt d'Luuchten dohinner kommen, awer net a wat fir engem Joer.

Wat d'Gemengegaragen ugeet, do ass de Wëllen do, Neel mat Käpp ze maachen. Der hutt e Site op der Lénger Strooss ausgemaach. Sollt et den Terrain hanner der Gäertnerei sinn, da mussen Analysen, wat d'Stabilitéit an d'Verschmotzung vum Terrain uginn, gemaach ginn.

Ech hat och nach eng Fro, wat d''Protection civile' ugeet, gestallt. Den Här Buergermeeschter huet matgedeelt, datt e Bréif un den Inneministère geschéckt gouf. Ech wollt just froen, wat fir eng Äntwert der kritt hutt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Ech wollt zu deenen Iwwerleeungen e puer Saache soen. Der hutt no engem neie Schlëssel, deen de Syvicol an Zesummenaarbecht mat de Ministèren a mat der Chamber – déi dat jo muss stëmmen - gefrot. Dat ass sécher e fromme Wonsch, mee et ass net fir haut oder mar an ech kann och soen, wat fir eis dobäi erauskënnt. Et ass sécherlech déi eng oder aner Gemeng, déi finanziell besser do steet wéi mär. Mee wann ech mech ëmkucken, da sinn déi Gemengen awer an der Minoritéit.

Wat och sécherlech e wichtege Punkt ass, datt ass d'Kompetenzopdeelung tëscht der Gemeng an dem Stat, déi jo elo soll an enger Spezial-kommissioun behandelt ginn a wou zwee Ex-Ministeren – de Michel Wolter an den Alex Bodry – mat bedeelegt sinn. Do gi jo bis Enn vum Joer – ech weess zwar net, ob dat och klappt – éischt Iwwerleeungen erwaart. Dat ass d'Viraussetzung fir an d'Zukunft ze kucken an ze gesinn, wat vu Finanzen op d'Gemeng komme sollen an ob do eng Ännerung muss kommen a wéi dee Schlëssel tëscht deenen eenzelne Gemenge wäert ausgesinn. Doriwwer eraus wëll jo den Inneminister och verschidden Ännerunge virhuele wat d'Gréisst vun de Gemengen ugeet. E proposéiert jo deene méi klenge Gemenge Fusiounen oder Kollaboratioune fir do eng besser a méi effizient Politik fir de Bierger an deene Gemengen ze maachen.

Wat d'„Protection civile" ugeet, do ware Gespréicher mat dem Minister, déi och an engem ganz konstruktive Geescht gefouert goufen. Mer hunn eis am Prinzip gëeenegt, nach méi enk zesummenzeschaffen an och déi aner Gemengen, déi duerch déi Péitenger a Käerjenger 'Protection civile' ofgedeckt ginn, sollen an Zukunft mat um Dësch setze wann Entscheedunge getraff ginn. Et ass awer nach ze fréi fir ze soen, wat an deem Dossier erauskënnt a wéi déi Struktur an Zukunft ausgesi wäert. Eng Entrevue mat dem Minister an deene kompetente Leit war virun engem Mount.

Där hutt och no de Pläng vun der rue Jos. Philippart gefrot. Déi sinn eng Kéier hei am Gemengerot virgestallt ginn. Den Avant-projet ass gestëmmt ginn an da geet jo och d'Details-aarbecht un. Wéi den Här Breyer gesot huet, muss een dann no den Emprise kucken. Dat ass e komplizéierte Prozess, fir d'Leit un een Dësch ze kréien an ze erklären, datt déi eng oder aner Leit e Stéck Terrain un d'Gemeng mussen oftrieden. An dat fir e propperen Dossier ze kréien, well dat d„conditio sine qua non" ass fir deen Dossier unzegoe vu Säite vun der Ponts et Chausseés.

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

E puer Iwwerleeungen zu deene Saachen, wou mer Verspéidung hu well mer do vun externe Faktoren ofhängeg sinn. Wat de Waasserbasseng ugeet, do ass de Site ganz kloer vum Ingenieursbureau erausgesicht ginn. En huet engem fréiere Bauer vu Lénger gehéiert. Deen huet an der Tëschenzäit engem aus dem Éislek dat verkaf, deen elo wëll Suen dermat maachen. Deen hätt da gären en Tosch, e wëllt näischt verkafen. 1:6 wa méiglech, an dann och nach an der Bauzone.

D'Études hunn awer gewisen, datt dee Waasserbasseng soll e Géigegewiicht zu deem Rollenger sinn an e soll och op däer selwechter Héicht sinn, esou datt déi kënne matenee verbonne ginn. Wa mer net mat deem Propriétairen eens ginn, da mussen déi ganz Études nei gemaach ginn. An d'Belair-Strooss hänkt do hannendrun. Déi kann net gemaach gi well mer mussen déi Zouleitungen do eropféieren, esou datt mer déi Strooss mussen an deem Zoustand loossen, an deem se elo ass.

Dat selwecht och beim Fonçage. Dee gëtt elo zesumme mat der rue de la Gare an der rue du Chemin de fer gemaach. Dat heescht, mer kënnen de Fonçage eréischt maache wa mer hannen ukommen, well mer soss de Verkéier net méi geregelt kréien. Do ass e grousse Schantjen um Eck uewen, deen de Moment blockéiert. Mer mussen eng rout Luucht mat 'sens unique' virgesinn a mer mussen also ee Schantjen un deen aneren upassen, well soss kréie mer geschwë kee Verkéier méi op d'Gare.

D'rue de la Fontaine zu Rolleng ass eng Strooss, déi an de Programm vum Reprofilage mat erageholl ka ginn. Do ass och schonn dru geduecht ginn. Den Inventaire sollt och fäerdeg ginn, mee dunn huet just dee Beamten, deen dorunner sollt schaffen, gekënnegt fir op eng aner Gemeng ze goen. En huet awer nach e ganze Koup Saache fäerdeg ze maachen. Da soll säin Nofolger dat maachen, mee dee fält nees eng länger Zäit aus well en operéiert gëtt. An esou kommen ëmmer onerwaart Saachen derbäi, wouduerch een dann a Verzuch kënnt.

D'Luuchten op der Rodanger Gare hu mer vum Transportministère gefrot krut. Dat ass eng Verpflichtung, déi mer agaange sinn. Mer hu se net opgeriicht, well mer an der Industriestrooss mussen eng Ännerung an der Verkéiersféierung maachen, dat heescht zum Deel e 'sens unique' ariichten. An dat fir ze verhënneren, datt d'Leit op enger rouder Luucht stinn an doduerch, datt se wëllen op d'Barrière fueren, dee ganze Blobierg blockéieren. Dofir wollte mer d'Industriestrooss nëmme vun ënnen erop fonctionnéiere loossen, esou datt mer déi rout Luucht vill méi dynamesch kënne fonctionnéiere loossen. Dat bedéngt awer, datt mer dann am Préavis schonn den „avis préalable“ vun der nationaler Verkéiers-kommissioun, esou wéi d'Appréciatioun dovunner, virleien hunn ier mer dat iwwerhaapt kënne stëmmen. Dofir si mer amgaang ze verhandelen. An et huet och kee Wäert fir Luuchten dohinner ze setze wa se méi blockéiere wéi se déngen. Dofir dee Verzuch doranner.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Ech kommen dann nach zu e puer méi technesch Froen zu bestëmmten Artikelen aus dem Budget rectifié 2006 an dem Budget prévisionnel 2007.

Recettes ordinaires :

Piscines : Artikel 2.0834.7020.007 – Droits d'inscriptions aux cours de natation, : vente de bonnets et autres recettes de la piscine de Rodange. Am Kont 2005 stinn nach 8 €. All aner Positioune sinn op Null gesat ginn. Gëtt deen Artikel do suppriméiert oder ass en op d'Artikelen 7020/011 an 7020/016 opgedeelt ginn ?

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

Den Artikel 7020/007 gëtt net méi benotzt. D'Schwammkape ginn elo op den Artikel 3.0834.7020.016 („recettes diverses“) verbucht.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Transports et communications : Artikel 2.1212.7462 – Taxes compensatoires pour emplacements de parking. Am Kont 2005 si 56.000 € ageschriwwen, am „autorisé“ 147.000 €, am „budget rectifié“ 157.000 € an am Budget 2007 nëmme méi 60.000 €. Kann ech heizou eng Erklärung kréien ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Fir dëse Budgetsartikel ass et, dat selwecht gëllt och fir vill aner Artikelen, schwéier eng Estimatioun vun de Recetten ze maachen, well mer net wëssen, wéivill Bauprojeten oder haaptsächlech „Changements d'affectation“ vun de Gebaier vun der Tax betraff sinn. Dat ka ganz ënnerschiddlech sinn a vu Joer zu Joer variéieren. Dëst Joer huet een eenzege Projet („changement d'affectation“ vum alen Hotel Nau zu Rodange / Gare) déi Estimatioun komplett op d'Kopp geworf. Fir 2007 hu mer erëm e normale Chiffer agesat a mer wäerte eréischt um Enn vun 2007 oder ufanks 2008 feststellen, ob déi Analyse richteg ass. Dat ass effektiv duerch déi Variatioun. Hei war e Projet, wou ganz vill Garagen net konnte gemaach ginn, a wou dann eng „taxe compensatoire“ vun esou vill Garagen huet misse gemaach ginn.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Dépenses ordinaires :

Ordre public et sécurité : Artikel 3.0340.6270.001 – Service d'incendie. Do stinn 3.000 € am Budget 2007 ageschriwwen ënnert „salaires en nature“. Wat heescht den Ausdrock „salaires en nature“?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Dat sinn d'Sécherheetsschung, déi hate mer fréier op engem aneren Artikel stoen. Fréier stoung et ënner „renouvellement du matériel“ mat allem, wat dozou gehéiert, also och d'Kleedung. Mee mer hu fonnt, datt dat net esou richteg bei de „renouvellement du matériel“ géif gehéieren an dunn hu mer et do erausgeholl. Et gëtt och „salaires en nature“ genannt. Et kéint een am Fong Suë gi fir datt si et kafe ginn oder et géif een hinnen eppes an d'Plaz ginn. Fir méi Transparenz an d'Budgetsartikelen ze kréien hu mer fir den Exercice 2007 den Artikel 3.0340.6270.001 geschaf. An dem Ausdrock „salaires en nature“ ass also d'Sécherheetskleedung abegraff.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0413.6121 – Enseignement : entretien, réparation et autres frais des véhicules automoteurs. 2007: acquisition de deux véhicules pour les maisons relais. Am Budget sinn 3.000 € ageschriwwen. Dat Geld geet just duer fir zwou bëlleg Occasiounen oder zwou Seefekëschten zu kafen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Här Linden, déi Autoë ginn net kaf. Déi stoungen zwar zur Debatt, mee well d''Maison relais' eréischt fir d'Rentrée 2007 opgeet, wier een Auto net duergaangen. Op se duerno zwee Autoë brauchen, wësse mer nach net. Mer mussen elo emol fir d'éischt kucke wéi se sech organiséieren a wat mer do brauchen. Am Ufank, sote mer, géife mer kucken, wéi dëst Haus leeft ier mer Autoë géife kafen. Se wieren haaptsächlech geduecht fir an der Vakanzenzäit mat de Kanner Aktiounen ze maachen. An do muss ee kucken ob et méi gënschteg ass wa mer Autoë kafen oder wa mer op ëffentlech Transportmëttelen zeréckgräifen. Déi 3.000 € waren haaptsächlech fir Benzin a fir den Ënnerhalt bestëmmt an déi

Zomm war nach net aus dem Budget erausgeholl ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Am extraordinäre Budget stoungen d'Autoen an hei stoung d'Assurance an esou weider. Mee wéi mer entscheetd hunn, datt mer nach mam Akaf vun den Autoë géife waarde well mer net wéissten, wéi d'Situatioun sech géif am Laf vum nächste Joer entwéckelen, do hu mer se aus dem extraordinären Deel erausgeholl. Am ordinären ass et vergiess gi fir se erauszehuelen. An deenen neien Ënnerlage gesidd der jo, datt deen Artikel op 0 gesat ginn ass.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0631.6111.001 – Crèche Rodange : travaux d'entretien, de nettoyage et de réparation du bâtiment. Et sti 7.175,56 € am Kont 2005, 10.000 € an de Konten 2006 an am Budget 2007 sinn 18.000 € ageschriwwen. Wouduerch ass déi Hausse vun 8.000 € bedéngt ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

D'Crèche Rodange ass an der neier Ausschreiwung „Maintenance des installations techniques des bâtiments communaux" mat virgesinn. Si war nach guer net an engem Kontrakt. Déi ass elo an e Kontrakt erageholl ginn, an zwar och ënner „garantie totale" wéi eis aner Installatiounen och. Ab Mäerz 2007 iwwerhëlt eng spezialiséiert Firma den Entretien vun den techneschen Installatiounen. De Montant vun 8.000 € ass eng Estimatioun. Ob dee Chiffer vun 8.000 € ze héich ass wäert sech dann am Laf vum nächste Joer erausschielen. An da wäerte mer dat och upassen.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0641.6052.001 – Repas sur roues : coût des repas. Am Kont 2005 stinn 100.999,64 €. De Montant autorisé fir 2006 louch bei 103.400 €. Da geet de Chiffer am Rectifié 2006 op 93.400 € zeréck. Si manner Iessen ausgefouert ginn ? A wéi kënnt et, datt fir 2007 nees 105.000 € ageschriwwe sinn ? Déi selwecht Mouvementer sinn och an den uerdentleche Recette festzestellen.

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

De Präis pro Iesse louch an deene leschte Joer bei:

- 2003/2004: 5,35 € (Sodexho)
- 2004/2005: 4,52 € (Luxrest)
- 2005/2006: 4,40 € (Luxrest)
- 2006/2007; 5,08 € (Sodexho)

Dës Kéier ass et méi deier gi well mer virgeschriwwen hunn, datt d'Iessen net méi virgekacht däerf si fir eng besser Qualitéit vum Iessen ze kréien. Et gëtt elo eréischt just ier et ausgeliwwert gëtt gekacht.

Fir d'Joer 2005/2006 goufen 23.500 Iessen ausgeliwwert, 2006/2007 waren et der 20.280.

Par rapport vu virun 3 Joer hunn effektiv 10% manner Leit dovunner profitéiert. D'Zuel vun de Leit déi vun dësem Service profitéieren ass och schwéier anzeschätzen, zemools an dësem Alterssegment éischter Changementer kënnen antreffen wéi bei enger jonker Clientèle.

All Joer, ab dem 1. September, kënnt en neie Prestataire, a wéi deem seng Präisser si kann een net am Virfeld festleeën. Déi Kreditter (Ausgaben a Recetten) sinn also grob Schätzungen, wou ee léiwer emol e puer dausend Euro zevill virgesäit wéi ze mann.

Am Moment sin d'Kreditter fir 20.280 Iesse berechend, mat engem Präis vu 5,08 € als Ausgab an 8 € als Recette.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0660.6321.002 – Emploi : frais de fonctionnement relatifs à l'«Internet-stuff». Op deen Artikel si fir 2007 27.000 € verbucht. Meng Fro ass : Wou gëtt déi Internetstuff installéiert a ginn doduerch nei Aarbechtsplaze geschafen ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

D'Internetstuff gëtt am hënneschten Deel vun den Halen aménagéiert, déi der Firma Castelec gehéiert hunn (nieft dem Lidl). Eisen Informatiounen no soll op mannst eng Plaz als Formateur geschafe ginn.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.1160.6170 – Tourisme : frais divers de fonctionnement – organisation de manifestations diverses. Do klammen d'Ausgaben am Rectifié 2006 vun 2.500 € op 7.500 € am Budget 2007. Dat ass eng Hausse vun 200 %. Wat ass dann alles 2007 virgesin vu Festlechkeeten ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Heizou gouf schonns zum Deel an der Budgetspresentatioun geäntwert. Esou hat ech zum Volet Tourismus gesot :

„Déi meescht Organisatiounen op dësem Gebitt si vun de lokale Veräiner gedroe ginn, an dat soll och esou bleiwen. Mir wäerten awer als Gemeng eis Participatioun genee definéieren, an dat am Kontext vun der Importenz vun der Organisatioun, hirem Opwand, den Délaien déi mir zur Verfügung hunn, a mat dem Wëllen gréisser Plattformen an Evenementer als Partner ze begleeden. Dat alles wäert dem subsidiéierte Veräin Uganks Januar matgedeelt ginn, aus der Iwwerleeung eraus, datt mer eis Servicer net ze vill an net ze kuerzfristeg wëlle belaaschten, mä am Aklang mar dem monatleche Planning a Briefing wëllen harmoniséieren."

Mir hunn ons dofir och deement-sprechend Mëttele ginn, fir gréisser Projeten – kultureller oder touristescher Aart – nach méi staark ze begleeden. Am 'Fonds culturel' stinn dofir 23.000 € zur Verfügung, zousätzlech nach 7.500 € fir aner touristesch Manifestatiounen.

Wat elo den Artikel 3.1160.6170 am Speziellen ugeet, esou stoung an den Explikatioune vun deem Artikel fir 2006 „Journée du tourisme - Organisation d'une journée à thème". Fir d'Joer 2007 gouf dat an „Organisation de manifestations diverses" ëmbenannt, an dat fir eis aus deene virgenannte Grënn méi Spillraum ze ginn.

Et bleift awer och nach ze bemierken, datt den Artikel 3.1160.6143 „Tourisme – Publicité, publications", dee jo u sech och indirekt un den 3.1160.6170 gebonnen ass, fir d'Joer 2007 ëm genee déi 5.000 €, déi Dir hei ugeschwat hutt, gekierzt gouf, esou datt u sech alles – wat d'Ausgaben uginn – bei Aale bliwwen ass.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.1212.6156.002 – Transports et communications : éclairage public. Am Libellé steet « location nacelle pour éclairage de Noël ». Mir hunn dach eng nei Maschinn mat Kuerf a Betrib geholl. Mussen eis Servicer awer nach eng aner Nacelle loune goen ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Net onbedéngt. Deemno wéi d'Wieder-verhältnisser sinn, ass et wéinst der grousser Demande nëmme méiglech d'Chrëschtbeliichtung mat Zäite fäerdeg ze kréien andeems ee mat zwou Équipë schafft. Des Weidere kéint emol eng Panne un der Nacelle sinn. A wann een emol eng méi héich Beliichtung wéi un der Kierch oder engem anere Gebai huet, da kënne mer nach eng zweet derbäihuelen. Fir op alles virbereet ze sinn ass dëse Libellé am Budget virgesinn. An dësem Joer, wou mer aussergewéinlech gutt Wieder-konditioune haten, si mer ouni Locatioun auskomm. Esouguer waren eis Leit iwwer eng Woch éischter fäerdeg wéi soss.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Dann hätt ech zu den Dépenses extra-ordinaires nach e puer Froen:

Administration générale : Artikel 4.0125.2121.001 – Acquisition d'immeubles bâtis auprès du secteur non public : 2004 (Heintz, 275.000 € ; Trombini, 311.000 €). 2007 (crèche Pétange, 413.000 €). Ech bezéien och den Artikel 4.0631.2131.002 a meng Fro mat an (travaux de rénovation et d'extension de la crèche située derrière la Home St Hubert - frais d'étude 2007 : 100.000 €). Meng Fro :

Wéi grouss ass den Areal dee mer kafe solle par rapport zu den Ausgaben fir d'Arealen « Heintz » an « Trombini »? Wéivill m2 Notzfläch am aktuelle Gebai stinn zur Verfügung ? D'Crèche zu Péiteng ass jo zou, d'Kanner aus enger Privat-Crèche sinn zu Rodange ënnerbruecht, dat ass och gutt esou. Mä wéi ass dee finanzielle Volet tëscht deenen 2 Crèche geregelt ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Här Linden, et ass esou, datt mer d'Heintz-Haus fir 275.000 € kaf hu mat engem Areal vun vun 3,10 Ar, d'Haus Trombini fir 311.000 € mat engem Areal vu 4,96 Ar, an d'Péitenger Crèche wëlle mer kafe fir 413.000 € mat engem Areal vun 9,38 Ar. Esou datt ech mengen, datt mer do en akzeptabele Präis hunn. Do sinn awer schonn d'Notaireskäschte mat agerechent. D'Zuel vun de Quadratmeter fir d'Crèche steet de Moment nach net fest well mer net grad wëssen, wéi mer déi Crèche ausbauen. Awer mer sinn am Plangen. Do si mer och a Gespréicher mat dem Ministère an et wäert sech an nächster Zäit erausstellen, wéi mer do kënne weiderfueren a wéivill Kanner mer do kënnen ënnerdaach huelen. Et ass natierlech och eng Fro vum Budget well mer musse kucken, wat dat Ganzt eis géif kaschten a wat mer eis och kënne leeschten.

Dir frot och wéi de finanzielle Volet tëscht deenen zwou Crèchë geregelt ass. Et sinn zwou konventionéiert Crèchen an déi lafen och esou weider. Bei deene Péitenger Kanner, déi zu Rodange ënnerkomm sinn, leeft alles esou weider wéi wann se nach zu Péiteng wieren. Et ass also just de Site, dee sech geännert huet.

**Jeannot Linden (LSAP) - 11.12.2006 :**

Artikel 4.0125.2123.012 – Travaux de démolition de l'annexe de la maison Heintz et extension de la cour arrière de la maison Rousen : 30.000 €. Wat ass d'Ursaach vun deem schnellen Ofrëss a wat ass fir d'Haus Heintz virgesinn ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Déi Annexe ass an engem ganz schlechten Zoustand. Mer maachen et och aus Sécherheetsgrënn well mer jo net wëssen, wat fir Locataire mer op eemol ganz onfräiwëlleg dobannen hätten. Dann ass et besser, mer huelen et ewech. Da gëtt den Haff net nëmme vergréissert, mee och optesch opgewäert. D'Affektatioun vun der Heintz-Haus ass nach an der Diskussioun.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Logement, aménagement du territoire et environnement :

Artikel 4.0733.2143.009 – Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues. 2007 : assainissement tuyaux et raccordements particuliers dans la rue Guillaume à Rodange (60.000 €). Watfir Aarbechte ginn ausgefouert ? Wat ass d'Ursaach, datt d'Aarbechten elo gemaach musse ginn ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Zu Rodange, an der rue Guillaume, musse verschidde Reparaturen um Kanal gemaach ginn. Esou ginn an de Schächt d'Cunetten erneiert, d'Kanals-deckelen nei eropgebaut a gewiesselt. Do, wou de Kanal schlecht ass, gëtt en Inliner eragezu fir en ofzedichten. Des Weidere begräifen dës Aarbechten och, datt iwwerall den Alaf kontrolléiert a sanéiert gëtt esou wéi d'Botze vum ganze Kanal – dat sinn Aarbechten, déi mär musse maachen. Bei de Kollekteren ass et jo de Siach. Am Januar gëtt dem Gemengerot en detailléierten Devis ënnerbreet.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0733.2143.012 – Elimination des eaux superficielles provenant du cours d'eau Eechelsbaach du collecteur des eaux mixtes. 2005-2007 : présenta-tion du projet définitif et mise en soumission ; 2007-2008 : exécution des travaux. An dem Budget autorisé a rectifié si 27.296,47 €, an am Budget 2007 230.000 € ageschriwwen. Wat sinn dat dach fir wässereg, verschwommen Explikatiounen an de Libelléën, déi d'ailleurs öfters erëmze-fanne sinn ? Wéi kënnt Dir als Schäfferot dat akzeptéieren ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Et ass esou ze erklären, datt déi Saachen net ganz einfach sinn. Der wësst, datt d'Eechelsbaach duerch de Schmotzwaasserkanal leeft. An dee kënnt da vun der Wisestrooss an d'Lëtzebuerger Strooss. E leeft also deelweis duerch an hanner de Gäert an esou guer ënner engem senger Garage. Fest steet, datt mer vum Environnement opgefuerdert gi sinn, fir dës Baach aus dem Schmotzwaasser-kanal erauszehuelen a se separat ze leeën. Do ginn et net vill Méiglech-keeten. Et si verschidde Projeten ënnersicht gi fir ze kucke wat méiglech ass. Ee Projet ass elo esou konkret ginn. An der Wisestrooss hu mer nach eng Bauplaz leien, wou mer wollten erafueren, da bis an d'rue Jean Thill an dann esou wäit wéi méiglech op der Limite vun de Gäert erop. Mer mussen alo mat de Leit schwätze fir datt mer déi Emprisë kréien.

Et ass e Kanal, deen en Diameter vun op d'mannst engem Meter muss hunn, dobäi ass et egal ob et véiereckeg oder ronn ass. E muss och hydraulesch selwer fonctionnéieren an e wäert op däer ënneschter Plaz op enger Déift vun 3,5 Meter leien. Dat sinn da scho gréisser Aarbechten a wann ee muss mat dem Bagger do tëscht den Haiser schaffen, dann ass dat schonn eng delikat Affaire, an dofir muss een d'Leit och anstänneg froen a motivéieren. Dat hu mer och elo ofgeschloss. Bis op ee Propriétaire hunn all déi aner Leit hiren „Accord de principe" ginn, esou datt mer dës Aarbechte kënnen duerchféieren. Ech war gëschter nach e puer Stonne mat deem Här zesummen an ech mengen, mer hätten e Kompromëss fonnt. Da maache mer d'Konventioune fäerdeg mat de Leit an da leeë mer dem Environnement dat vir well den Environnement dat jo och sub-ventionéiert. An da ginn d'Pläng definitiv gemaach, well de Moment ass just en Tracé gezunn. A wa mer dee geneeë Plang hunn, da ruffe mer d'Leit alleguer nach eng Kéier - esou wéi mer hinnen dat versprach hunn – fir hinnen ze erklären, ewéi dat geet. D'Leit hunn och berechtegt Wënsch a wa mer elo gutt virukommen, da kéinte mer vir de Summer alles kloer hu wat de Plang ugeet. Da kéinte mer den Hierscht mat de Leit diskutéieren. Et kann een domatter rechnen, datt de Projet kéint Enn 2007 oder ufanks 2008 ugoen, virausgesat all Autorisatiounë leie vir. Mee mer musse weider-maachen, well soss kréie mer op enger aner Plaz keng Subventioun, soten d'Leit vum Environnement. Et schéngt elo, wéi wa mer 2008 dat kéinten ofschléissen.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0733.2143.014 - Renforcement hydraulique et renouvellement de la canalisation et du déversoir de la rue Aloyse Kayser . 2006 : début des travaux en septembre 2006. Wat ass bis haut do geschafft ginn ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Et huet sech erausgestallt, datt mer den Zoufaartswee zu dem Kanal miisste

verleeën. Dofir hu mer eng nei „Permission de cours d'eau" vun de Ponts et Chaussées gebraucht. Des Weidere sinn d'Buedemverhältnisser esou schlecht, an de bestehende Kanal esou voll, datt een déi Aarbechten an d'Fréijoer huet miisste verleeën. Den Dossier ass komplett fäerdeg an d'Autorisatioune si jo och do. Den Text « début des travaux en septembre 2006 » gëtt och an deem Sënn verbessert.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0740.2231.001 – Acquisition de véhicules automoteurs pour le Service des eaux. Montants autorisés : 45.409,08 € ; Rectifié 2006 : 0 € ; Budget 2007 : 45.409,08 €. Hei ass keng Explikatioun am Libellé auszemaachen.

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Dës Camionnette war als zousätzleche Won geplangt an deem Service, wou och de Kanalbetrib dran integréiert gëtt. Wéi et dunn am Raum stoung fir d'Betriber nei ze organiséieren, ass dës Entscheedung natierlech zeréckgestallt ginn. Am Laf vum Joer 2007, wann déi nei Organisatioun gräift, kucke mer op mer dëse Won nach musse kafen oder net.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Culture, loisirs et cultes

Artikel 4.0812.2211.001 – Tables, chaises et autres objets. 2007 : acquisition de chaises pour le centre de loisirs (7.500 €). Fir wou sinn déi Still ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Déi Still si fir an de Prouwesall vun der Rollenger Musek. Déi bestehend Still si scho komplett ofgenotzt an d'Holz vun der Sëtzfläch ass op ville Plaze gerass.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0834.2123.002 – Piscine couverte de Pétange : travaux de rénovation. Am Budget prévisionnel sinn 900.000 € ageschriwwen, wat ze bregréissen ass. 2007 : vote de l'avant projet et début des travaux – remplacement toiture ; façade ; installation de chauffage ; électricité ; ventilation et filtres de la piscine. Mussen, op Gronn vun de leschte Virkommnisser an deem Gebai net aner Ënnersichungen – wat d'Stabilitéit vum Bau ugeet – virgeholl ginn ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

En Ingenieursbureau ass domat beoptraagt fir a regelméisseg eng statesch Inspektioun virzehuele bis den Daach demontéiert gëtt am Hierscht 2007. D'Waasserdicht vum Daach gëtt nach dës Woch op hir Drofähegkeet gepréift.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Transports et communications

Artikel 4.1212.2133.048 – Mesures d'apaisement du trafic (zone 30) dans diverses rues de la commune. Compte 2005 : 164,39 € ; Montants autorisés : 79.594,97 € ; rectifié 2006 : 10.000 € ; Budget 2007 : 109.594,97 €. Mir stëmmen en Devis/Crédit supplémentaire vu 40.000 € an der Sëtzung vum 15.12.2006. Am Libellé steet « 2005 : vote d'un devis au montant de 55.000 € au conseil communal du 21.12.2005 ». Weider steet do « 2005 : dépenses effectives : 48.421,80 € ». Wéi kënnt et, datt am Kont vun 2005 nëmmen 164,39 € stinn ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Do ass e Feeler ënnerlaf, hu mer vun eisem Techniker gesot kritt. Hei gëtt den Text adaptéiert.

**Jeannot Linden (LSAP) – 11.12.2006:**

Nach eng Remarque zum Artikel 4.0420.2123.017 – Enseignement. Och do stinn am Budget 2007 100.000 €, wou awer keng direkt Explikatioun am Libellé ze fannen ass (Ecole primaire Lamadelaine).

Um Blad vun den « Emprunts » steet an der zweeter Kolonne d'Geld a « millions des francs » anstatt an « euros » ausgedréck.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Hei steet am Budget dran „remplacement de la menuiserie extérieure du nouveau bâtiment". Dat war fir déi nei Fënsteren am neie Gebai.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Aus den Interventiounen, déi där gemaach hutt – an dat hu mer net méi spéit wéi dee leschte Mëttwoch am Schäfferot festgehalen – muss een zur Konklusioun kommen, datt eis Techniker dach e bësse méi op den Text oppasse sollen an net nëmmen op d'Zuelen. Mer hunn och deementspriechend eng Interventioun bei eisen techneschen Servicer gemaach. Ech muss een awer och derbäi soen, datt eist Finanzdepartement scho ganz vill Korrekture gemaach hat.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

Ech wéilt un éischter Plaz de Beamte Merci soen, well se op engem ganz dënne Seel hu missen danze fir dat Dokument zesummenzestellen. Well ganz vill, wat d'Beamte sech selwer virgestallt hu fir sech hir Aarbecht ze erliichtere fir am Déngscht vun de Bierger vun der Péitenger Gemeng ze schaffen, ass net ëmmer méiglech. Ech ka mer virstellen, datt déi Aufgab fir si net ëmmer einfach ass.

Als zweet géif ech dem Schäfferot mat dem Här Buergermeeschter un der Spëtz Merci soe fir dës Presentatioun vum Budget. All Respekt fir dat wat den Här Buergermeeschter hei un Zuele virgeluecht huet. Et kann een eng Stonn laang iwwer e Budget schwätzen, et kann een en zerplécken an et kann een an 10 Minutten driwwer schwätzen. Wann ee bedenkt, datt et Gemengen hei am Land ginn, déi quasi virun der Faillite stinn an déi hir Awunner mussen an Informatiounsversammlungen iwwer hir désastréis Finanzpolitik opklären, da fannen ech, datt de Budget vun der Péitenger Gemeng e ganz virsiichtegen ass an et kann een och keng ganz grouss Spréng maache respektiv als Conseiller an als Bierger erwaarden, datt esou grouss Spréng solle gemaach ginn. Ech gesinn och, datt aus verständleche Grënn op ökologeschem Plang net vill Weltbewegendes am Budget steet. Ausser de Prinzip 'pollueur-payeur' –wat an eisen Aen e grousse Plus ass -, wou méi Suen erakommen. Sief dat beim Waasserpräis oder beim „enlèvement des ordures".

Ech hu just e puer Froen zum Budgetsdokument :

Dépenses ordinaires : classes de neige (60.000 €). Dës Zomm ass an eisen Aen vill ze vill, vu datt et net onbedéngt muss Wantersport sinn –virun allem net aus ökologescher Siicht -, well mir erënneren eis nach un déi Biller déi ëmmer erëmkommen, vu Bullislawinen, Iwwerschwemmungen, an esou weider, an dat alles well an de Wantersportgebidder fir Schipisten riseg Schneisen an d'Bëscher geschloe ginn, an näischt méi de Bulli an d'Waasser zeréckhält. Mir fuerderen, datt een d'Classes de neige sollt iwwerdenken an op aner Plaze fueren, wat natierlech och net esou deier gëtt. Als Klimabündnis-Gemeng si mer ëm sou méi gefuerdert.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat déi 60.000 € vun de Schnéiklassen ugeet, do wësse mer, datt mer net op enger Wellelängt mat der Grénger Partei leien. Mer hate virun e puer Joer eng Ëmfro gemaach an do war d'Demande relativ grouss. An do war och déi Gréng Partei an der Majoritéit an den Engagement zimlech grouss fir

d'Schnéiklasse bäizebehalen. D'Käschte sinn nach ëmmer d'selwecht am Budget, mee vu datt alles méi deier gëtt ass et e bësse speziell, datt mer ëmmer déi selwecht Zomm asetzen. Eng vun den Haaptursaachen ass déi, datt mer zum Beispill dëst Joer nëmmen 9 Nuechte ginn. Mer sinn och amgaang, no engem Site, dee méi no ass, ze sichen. Do steet och eppes an Aussiicht, wat méi nobäi ass. Da brauche mer net méi an d'Steiermark ze fueren. Da miisste mer nach en Dag manner an d'Ausland fueren, wat och mat sech bréngt, datt et manner schwéier ass fir d'Kanner. Fir d'Elteren a fir d'Gemeng gëtt et natierlech och manner deier. Op elo de Schnéisport dat Richtegt ass oder net, do ginn et verschidde Meenungen. Ech akzeptéieren awer, wann dir dat esou gesidd.

Wat d'Gläichgewiicht ugeet, dat mer an den Taxen hunn, do ginn ech iech Recht. Dëst Gläichgewiicht ass reng op déi ordinär Ausgabe baséiert. Déi huet nach näischt mat den extraordinären Ausgaben ze doen. A wann een sech un déi Direktiv wëll halen – vun 2010 si mer jo gezwongen, dat ze maachen – da wäerten d'„taxe d'assainissement“ an de Waasserpräis eropgoen. Well wann een d'Camionen an d'Installatiounen amortiséiert, da geet de Präis ganz zolitt an d'Luucht. Mer maachen dat etappeweis fir d'Leit net zevill ze erféiere wann d'Taxen dramatesch géife klammen. Mer musse lues a lues op dat anert iwwergoe fir konform zu den europäeschen Direktiven ze sinn.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Dépenses ordiniaires : locatioun toilette an entretien' (15.000 €). Dat fanne mir natierlech e staarkt Stéck. Firwat kënne mer eis ëffentlech Toiletten net erëm opmaache fir de Public, esou wéi dat ëmmer war ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Deen éischte Moment dierft dat natierlech vill sinn, mee et ass och alles mat dran. Wa mir musse Personal dohinner setzen a kucken, dat do käschtendeckend ze maachen, da géif ech soen, et géif eis méi deier ginn ewéi dat hei. Des Weideren ass hei eng gewësse Garantie. D'Toilette bleift méi propper well d'Leit eppes mussen ageheien. Mer haten nach déi lescht Woch de Problem mat der Toilette nieft der Musekschoul, déi jo nach de Moment vun eis gebotzt gëtt. Do war och nach e Concert an der Kierch an déi Toilette war owes an engem desolaten Zoustand.

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

Wat déi ëffentlech Toilett ugeet, do wollt ech nach soen, datt dat bei wäitem déi bëllegst Léisung ass. Mer haten ëffentlech Toiletten, mee déi sinn en Affer vum Vandalismus ginn. Mer hunn Aluminiumsinfrastrukture gemaach, mee se ginn awer nach futti geschloen. Hei hate mer an deene leschte Méint iwwerhaapt näischt ze ënnerhuelen. Se bréngt och nach eng kleng Recette eran. Mer hunn och am Budget 77.000 € stoe fir den Ënnerhalt vun den ëffentlechen Toiletten, déi bestinn. An och nach „réfection des toilettes“ am Fall vu Vandalismus mat 4.000 €. Ënner dem Stréch gëtt dat do vill méi bëlleg wéi dat, wat mer fréier haten. Mer kucken op dee Wee ze goe mat baussen esou engem Mënz-automat, well mer domat awer eng Kontroll iwwer déi ëffentlech Saache behalen.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Dépenses ordinaires : subside – indemnités des directeurs des sociétés de musique et de chorales' (32.424 €). Dat ass natierlech och een décke Batz, a mir froen de Schäfferot fir d'Museksgesellschaften an eenzel Choralen aus eiser Gemeng ze encouragéiere fir dach endlech ze fusionéieren, vu datt dat hinnen nëmme kann zegutt kommen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter - 11.12.2006:**

Wat d'Museksgesellschaften ugeet, do wëll ech net virgräifen, mee ech mengen, dat läit awer bei de Museksgesellschafte fir doriwwer ze entscheeden. Mär sinn net onbedéngt déi, déi Fusioune verlaangen, mee mer sinn awer bereet fir esou Iwwerleeungen – wéi dat schonn eng Kéier beim Fussball ugedeit gouf a wou mer schonn esou Echoë matkrut hunn - mat ze begleeden. Mee et ass net un der Gemeng fir do Initiativen ze huelen. Et läit un de Museksgesellschafte fir selwer erauszefannen, ob se als dräi Gesellschafte wëlle fonctionnéieren oder ob se wëlle fusionéieren. Ech mengen och net, datt dat wesentlech Konsequenzen op de Budget hätt. Dat eenzegt, wat ee ka soen, dat ass, datt d'Dirigenten eng Indemnitéit kréien. Mee wann ee weess, datt dat zanter 15 Joer déi selwecht ass, dann mécht een och domat keng grouss Spréng. D'Museksgesellschafte wäerten och an d'Täsch gräife musse fir en Dirigent ze halen, well déi Zomm huet zanter 14 Joer – also esou laang wéi ech am Gemengerot sinn – net changéiert.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Dépenses ordiniares : fabrique d’églises – subside pour couvrir le déficit' (20.500 €). Och dat fanne mer ee grousse Batz, a fuerderen de Schäfferot op, dësen Exercice net méi ze widderhuelen. Dat sollen d’Leit déi gleewen an an d’Kierch ginn duerch den Affer respektiv duerch Donë maachen, awer net d’Allgemengheet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat d'Kierchefabrik ugeet, esou muss ech soen, datt dat nëmmen zu Péiteng de Fall ass an net zu Rolleng an zu Rodange. Mer sinn duerch e Gesetz dozou gehalen, deen Defizit ze droen. Mer hunn awer zesumme mat der Kierchefabrik gekuckt wat kéint ënnerholl ginn, esou datt d'Situatioun net méi esou schlëmm ass wéi de Moment. Déi éischt Usätz goufe gemaach. A wann een de Budget 2007 kuckt, da gesäit een och, datt déi éischt Resultater do sinn.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Dépenses ordinaires : réfection des chemins et de l’éclairage public au parc de Rodange' (40.000 €). Dat ass navell een héije Chiffer. Kënnen eis Gemengebetriber dat dann net fir méi bëlleg maachen ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Déi 40.000 € ginn effektiv vun eise Leit verschafft. Dat ass och vläicht beim éischte Bléck eng Zomm, wou ee seet, et kéint een och Betriber vu baussen eranhuelen. Mee mat 40.000 € mécht een eng Beliichtung an engem Park net mat Betriber vu baussen nei. Mer kafen d'Globen an, mee de Rescht gëtt vun eise Betriber gemaach.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Dépenses extraordinaires : piscine couverte de Pétange – travaux de rénovation' (900.000 €). An duerno hu mer nach keng Garantie, datt d’Gebai nach vill Joere stoe bleift, well dat ganzt Betongseisen amgaangen ass no bannen ze raschten a fréier oder spéider sprengt dat de Betong auserneen. Mir fäerten, datt iergend-wann dat ganzt Gebai baufälleg gëtt. Huet et dofir iwwerhaapt e Wäert fir bal 1 Millioun Euro dodranner ze stiechen ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter - 11.12.2006:**

Wat d'Sportshal ugeet, do wëll ech elo net zevill drop agoen, well d'Madame

Conter dat mécht. Ech hoffen awer net, datt d'Sportshal baufälleg ass, well se steet zanter 1980 an dat wier jo awer e staarkt Stéck.

Och do wäerte mer beim Ministère intervenéiere fir e Subsid ze kréie well all Euro, dee mer do kréie brauche mer net aus eiser Täsch ze bezuelen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Déi zoue Schwämm vu Péiteng bleift, well mer jo eng Konventioun mat dem Lycée hunn. Do ginn d'Schüler dra schwammen, esou datt dat eng Schwämm bleift, déi haaptsächlech vu Schüler benotzt gëtt. Mer haten och Bureauen op der Plaz. D'ITM war do, de Bureau Schroeder war do fir eis Berechnungen ze maachen. Alles muss nei gemaach ginn. Déi Haapt-infrastruktur ass nach gutt. Do ass net esou vill drun. Déi eenzeg grouss Reparature sinn am Fong um Daach well deen nei gemaach muss gi wéinst der Fiichtegkeet. Wann dat behuewen an d'Fassad isoléiert ass, da gesäit et schonn nees anescht aus. Mee wéi gesot, et kascht eis e ganze Batz Suë well déi 900.000 € ass jo nëmmen eng éischt Phase. Fir eng uerdentlech Schwämm ze hu musse mer déi ganz Apparaturen ewéi d'Filteren och erneieren. Dofir fuere mer a verschidde Phase fir eise Schüler eng optimal modern Schwämm ze bidden.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

'Service écologique' (166.000 €). Do fanne mer, datt keng weider gréisser zukunftweisend Projeten entaméiert ginn am Sënn vun eiser Ëmwelt, an datt d'Leit nach net genuch informéiert ginn, respektiv encouragéiert ginn.

Wou mer awer sécher net begeeschtert driwwer sinn, dat ass, datt Verhandlunge mat Valorlux opgeholl ginn an esou d'Leit och weider dozou bréngen, Plastik ze kafen, deen da quasi gratis virun hirer Dier ewechgeholl gëtt. D'Leit sollten éischter vermeide Plastik ze kafen, oder wéi bis elo hire Plastik op Rodange an de Recyclingzenter féieren.

**Gilbert Welter, Schäffen – 11.12.2006:**

Ech wollt nach eng Kéier op Valorlux agoe well dat net esou gewënscht ass vum Kolleg Becker. Et ass awer esou, datt mer net an enger Dramvirstellung liewen, datt moar kee Plastik méi kaf gëtt. Dat wier dat Idealt. Leider gëtt en nach ëmmer kaf an en ass esou guer méi deier gi well beim Akafspräis d'Entsuergung scho mat agerechent ass. An de Virgespréicher, déi mer haten, ass awer festgestallt ginn, datt an deene schwaarzen Dreckskëschten dann doduerch dee Plastik net méi dran ass an datt d'Leit vill méi besuergt si fir dat ze trennen. Se hunn dat och statistesch beluecht. Se hunn och beluecht, datt, wa si dat ofhuele bei de Leit, méi Plastik an d'Recyclingzentren ofgeliwwert gëtt ewéi déi Zäit, wou si de Plastik net siche gefuer sinn. Esou datt ech éischter der Meenung sinn, datt dat hei eng gutt Saach ass. Ech sinn natierlech och der Meenung, datt, wa moar kee Plastik géif verkaf ginn, dat eng besser Léisung wier. Mee et ass awer net esou.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

Et ass jo och nach Zukunftsmusek. Da musse mär hei an der Gemeng awer dofir suergen, datt d'Leit informéiert ginn. Well dat Ganzt ass jo psychologesch gesteiert. Wann d'Leit de Plastik virun der Dier ewechgeholl kréien, dann zécken se net fir am Geschäft och Gedrénks an der Plastiksfläsch ze kafen. Da brauchen se net méi op Rodange ze fueren, se brauchen et just un d'Klensch ze hänken.

**Gilbert Welter, Schäffen – 11.12.2006:**

Ech wollt just nach heizou soen, datt sechs Gemengen hei am Land dee System net hunn.

**Camille Bosseler (CSV) – 11.12.2006:**

Mir hunn haut de Mëtteg an engem detailléierte Rapport de Budget rectifié 2006 an de Budget 2007 presentéiert kritt.

Aus dësem Budgetsdokument geet ervir, datt d'Gemeng Péiteng mat engem Total vun nobäi 14 Milliounen Euro am extraordinäire Budget weiderhi grouss Aarbechten an eisen 3 Lokalitéite plangt.

Engersäits ginn déi grouss Projete ronderëm d'Neiwiss-Schoul weider. Hei mengen ech besonnesch d'Maison relais fir déi Rodanger Schoulkanner esouwéi déi nei Sportshal mat den Alentouren, déi sécherlech och am Laf vum nächste Joer fir eis Schoulkanner a fir eis Veräiner besser Sportméiglech-keete bidde wäerten. Bedauere muss ech allerdéngs, datt déi net fachgerecht Exekutioun vun den Aarbechten duerch déi zoustänneg Corps de métiers et net erlaabt hunn de Chantier an der Päsch-Schoul termingerecht fäerdeg ze stellen an esou een Deel vun den Aarbechte ronderëm dës Schoul eréischt am nächste Joer gemaach ka ginn.

Nodeems d'Aarbechten an der Annexe vum Stadhaus ofgeschloss sinn, ass et sécherlech noutwenneg den alen Deel vum Stadhaus nei ze maachen. Dass dëst an Etappe realiséiert gëtt ass op Grond vun der finanzieller Situatioun vun eiser Gemeng net ze vermeiden. Ech sinn awer der Meenung, datt mer dës Aarbechten an engem Délai vun 2 bis 3 Joer ofgeschloss mussen hunn.

Zefridde sinn ech, datt de Schäfferot an deem Sënn Wuert gehalen huet an elo am Joer 2007, nodeems de Projet vun der Rodanger Schwämm dekontéiert ginn ass, mat de Renovatiouns-aarbechte vun der Péitenger Schwämm ufänke wëll. Hei gëllt et a mengen Aen Sportinfrastrukturen ze realiséieren, déi prioritär de Schoulen an dem Schwammclub ze gutt kommen, Och wann een doriwwer eraus den ‚Warmbadetag', esou wéi mer deen zanter Joeren zu Péiteng kennen, bäibehale soll, mussen dës Renova-tiounsaarbechten allerdéngs an engem raisonnabele finanzielle Cader gemaach ginn.

Wat de Kaf vun der Péitenger Crèche ubelaangt, esou ass et wichteg, datt op deem Gebitt de Schäfferot seng Responsabilitéit geholl huet. D'Tësche-léisung, déi no der Fermeture vun der Péitenger Crèche doranner bestung, déi Péitenger Kanner vorübergehend zu Rodange an der Crèche 'Villa Bambi' ënnerdaach ze bréngen, ka keen Definitivum ginn. Dofir ass et gutt, datt d'Gemeng d'Gebai vun der Péitenger Crèche käft an och schon déi néideg Kreditter virgesäit fir am Joer d'Planung vun enger renovéierter Crèche op dëser Plaz unzegoen. Ech sinn iwwerzeegt, datt mat der Extensioun vun der Maison de Soins, mat engem Foyer du jour fir eeler Leit an enger neier Crèche e flotten Ensembel op dëser Plaz, am Zentrum vu Péiteng entstoe wäert.

Datt de Schäfferot dëse Programm realiséiere kann ouni op ee weideren Emprunt zeréckzegräifen ass ausser-gewéinlech an ass op Grond vun de steigenden Zënsen an der héijer Schold vun eiser Gemeng ganz bestëmmt ze begréissen. Dëst war allerdéngs nëmme méiglech well den Iwwerschoss am ordinäre Budget 2007 op een héijen Niveau bruecht gouf. Datt dëst net einfach war, kann ech mer gutt virstellen, mä ech kann de Schäfferot nëmme bekräftegen an deem Sënn virun ze fueren.

Wat den ordinäre Budget 2007 ube-laangt, esou konnt ech och hei verschidden interessant nei Initiative feststellen. Sou zum Beispill, datt am Kader vun de Beschäftegungsinitiativen, déi d'Gemeng Péiteng mam CIGL a mam ProAktif realiséiert, zwee ganz interessant Projeten dobäi solle kommen, engersäits d'Aarbechten un der Rollenger Millen an anerersäits

d'Ariichtung vun enger Internetstuff, eng Offer, déi schonn a ville Gemenge besteet.

Och stellen ech fest, datt d'Fonctionnementskäschte vun den 3 Kulturzentren – zu Péiteng d'Maison 'A Rousen', zu Rodange de Centre culturel, an zu Rolleng de Centre de loisirs – d'Gemeng pro Joer iwwert 450.000 € kaschten, wat 150.000 € pro Centre am Duerchschnëtt ausmécht. Dogéint brauch d'Gemeng fir d'Fonctionnement vum Home St Hubert, deen eisen subventionnéierte Veräiner och gratis zur Verfügung steet an deemno och gutt beluegt ass, keen Euro ze bezuelen. Alleng op Grond vun dësen Iwwerleeunge muss een zum Schluss kommen, datt déi Décisioun vum Gemengerot am Kader vum Home déi richteg war an de Gemengerot muss sech iwwerleeë fir och nach bei anere Projeten, wéi dee vun der Waxweiler Millen, Weeër anzeschloen, déi keng weider Fonctionnementskäschten zu Laaschte vun eiser Gemeng mat sech bréngen.

Dëse Budget kann a mengen Aen all Conseiller, ob vun der Majoritéit oder der Oppositioun, stëmmen. Héich Investissementer, kee weideren Emprunt an e groussen Iwwerschoss am ordinäre Budget, dat sinn d'Rahmebedingungen déi kaum Ulass zu Kritik ginn, a wouvunner vill aner Gemengepolitiker hei am Land de Moment dreemen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Ech wëll op e puer Saachen agoen, déi dir ugeschwat hutt. Et ass sécherlech erfreelech, datt der de Budget positiv bewäert, well mer awer 14 Milliounen Euro am extraordinäre Budget stoen hunn. Wat och eng héich Zomm ass, déi sech och am Verglach mat anere Gemenge weise léisst. Ech hunn och zur Kenntnis geholl, wat der iwwer d'Fonctionnementskäschte gesot hutt. Bei all Projet, deen ee mécht, muss een sech d'Nofolgekäschte virun Ae féieren an der hutt och ganz treffend um Beispill vun eise Kulturzentre gewisen, wat fir eng Weeër ee ka goen. Et soll een effektiv bei alle Projeten – där hutt d'Mille genannt -, mee et ginn och nach aner Projetë wou mer eis Gedanke musse maache fir aner Weeër ze goen a fir eventuell net alleguer d'Käschten op d'Gemeng ofzewälze well d'Gemeng ass nun emol kee Faass ouni Buedem, wou een nëmme brauch erauszehuelen. Et muss een ebe kucken, datt, wann een d'Suë fir deen een Zweck brauch, da si se fir eppes Anescht net méi do.

**Gilbert Welter, Schäffen – 11.12.2006:**

Ech wollt menge Kollegen aus dem Schäfferot respektiv der CSV nach eng Kéier Merci soen, datt mer an enger interfraktioneller Sëtzung d'Méiglechkeet kruten, d'Virbereedung vum Budget ze diskutéieren an datt do eng Rei Entscheedunge getraff goufen, déi och ëmgesat goufen. Meng Partei steet, esou wéi ech och, 100-prozenteg hanner dësem Budget.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006 :**

Bei der Situatioun vun der Péitenger Crèche wollt ech nach soen, datt d'Kanner provisoresch an der Villa Bambi ënnerbruecht sinn. Déi Asbl soll och bestoe bleiwen. A wann déi Péitenger Crèche erneiert ass, da kommen déi Kanner och nees op Péiteng zeréck.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Den Här Buergermeeschter huet am Ufank vun engem Budget vun der Kontinuitéit geschwat, wat mer och appréciéieren. Ech mengen, et ass net alles schlecht, wat an deem Budget steet. Mee well mer an der Oppositioun si wëlle mer och eis Oppositiounspolitik an der Kontinuitéit ausüben. Et ass ee Punkt, deen awer besonnesch ervirsteet. Ech beméie mech e puer Saachen hei ze soen, déi ech deen nächste Mëttwoch net brénge well ech d'Aufgab kréien, de Schlusskommentar zu dësem Budget ze maachen.

Wat mer opgefall ass, dat sinn déi héich Ausgabe fir déi Rodanger Schwämm, vun däer mer jo keng Frënn waren. D'lescht Joer beim Budget hat ech de Buergermeeschter gefrot, fir mer auszerechnen, wat déi Schwämm de Bierger all Dag géif kaschten. Der hat mer versprach, dat esou séier wéi méiglech no der Saison ze maachen. Ech hat awer geduecht, ech krit et wéinstens um Enn vum Joer nogereescht. Mee dat kënnt der nach ëmmer nohuelen, Här Buergermeeschter. Dat ass guer kee Virworf.

Natierlech wéi der un ärer Schwämm hänkt, dat huet een di Deeg um Info-Canal gesinn. Do waren dräi verschidde Manifestatiounen an der Gemeng. Vun der Rollenger Barbelefeier hunn ech 15 Photoen, vun der Rodanger Barbelefeier 27 Photoen a vum Kleeschen am PiKo 55 Photoë gesinn. Dat soll net dem Photograph seng Schold sinn, well ech sinn iwwerzeegt, datt de Photograph genee esou vill Photoen zu Rodange an zu Rolleng ewéi an der Schwämm gemaach huet.

Dann hunn ech mer nach hei opgeschriwwen, datt duerch den Arrêt zu Rolleng e klenge Problem op eis duerkënnt. Der wësst grad esou gutt wéi ech, datt déi Parkplaze vun de Grenzgänger scho fréi moies besat sinn, an zwar um 7.15 Auer. Ech weess dat, well ech et ëmmer moies gesinn oder gesinn hunn, dat ass nach ofzewaarden. Mee ech sinn der Meenung, datt do e Verkéierskollaps entsteet. Wann déi Leit erauskréien, datt se och do den Zuch kënnen huelen, dann hu mer awer näischt virgesinn, fir do eppes anzeriichten, wou se hir Autoë kënnen histellen. Op alle Fall wäerte vill Grenzgänger versichen, do den Zuch ze huelen.

Wat den Här Polfer scho gesot huet, dat ass eng gutt Noriicht. D'„dotation de l'Etat" soll jo och an d'Luucht goen, esou datt mer do och besser Méiglechkeeten hunn.

Da kommen ech och nach op d'Kultur ze schwätzen, wat e bësse meng Spart ass – esou wéi dat ënner de Kollege bei eis ofgemaach gouf. Der wësst jo awer, datt mer am Joer 2007 d'Kulturjoer zu Lëtzebuerg feieren. Dofir fannen ech déi Zomm, déi der agesat hutt e bësse moer. Den Här Breyer schwätzt ëmmer vun der Zesummenaarbecht mat de Veräiner an datt d'Veräiner solle Virschléi maachen. Dat ass net grad meng Meenung, mee op jidder Fall hätt fir d'Kulturjoer och eppes vun der Gemeng aus kéinte kommen. Da bedaueren ech och, wat d'Waxweiler Millen ugeet, datt mer se net konnte fir d'Kulturjoer aweien. Dee Projet schleeft och schonn esou laang.

Ech plädéieren natierlech och ëmmer fir eng „Commission des fêtes" anzeféieren. Ech weess net, ob et dee richtege Wee ass fir mat de Veräiner zesummen z'organiséieren. Dat ass vläicht haart, wat ech elo soen, mee wann een eng Braderie zu Péiteng mécht an duerno e Freedefeier schéisst, ech weess net, ob een domat vill Leit kann ulackelen.

Wat och e bësse komesch schéngt, dat ass déi Saach mat dem Budget vun der Kierchefabrik. Déi Leit goufe jo d'lescht Joer drop opmierksam gemaach fir hire Budget an d'Gläichgewiicht ze bréngen. Do stinn 20.000 € am Budget, dat ass schonn zimlech vill.

Fir op d'Atelieren zeréckzekommen. Gott sei Dank kréie mer jo elo emol Garagen. Vun 2000 u schleeft dat jo. Deen ee Site ass net gutt, deen aneren och net. Ech hoffen, datt d'Garagen en Ufank sinn an datt d'Atelieren nokommen. D'ITM huet zwar gesot, datt d'Leit nach kënnen dra schaffen, mee gitt emol kucken a wat fir Konditioune verschidde Leit schaffen.

Den Här Breyer schwätzt vu Luuchten op der Rodanger Gare. Dat interesséiert mech och ganz staark. Ech weess, datt do Diskussiounen tëscht den CFL an der Gemeng stattfannen. D'Barrière zu Rodange kéint, an dat soen ech ganz kloer hei, zou gemaach ginn. Wann der iech selwer géift zu Spëtzestonnen iwwerzeege goe wéivill Autoen do op der Barrière stinn. Der sot vläicht, datt de 'Code de la route' soll respektéiert ginn, mee wa wierklech eppes Gréisseres geschitt, dann iwwerleeë mer eis nach eng Kéier, wat mer solle maachen.

Dat wier dat, wat ech wollt soen. Déi grouss Appreciatioun, ob mer zoustëmmen oder net, kënnt dann e Freideg.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Ech wollt awer nach soen, datt, fir d'Equitéit vun de Gemengeréit ze halen, d'Schlusskonklusioun vun de Fraktiounsspriecher – an dat stoung och dran – kuerz soll sinn. Se sollen an e puer Wierder soe firwat se dofir oder dogéint stëmmen, well soss kann nees eng Kéier all Conseiller heibannen eng Diskussioun iwwer de Budget ufroen. An dat kann et net sinn.

Wat déi Rodanger Schwämm ugeet, wou der jo gären e Relevé hätt, do hat ech iech geäntwert, datt een e ganzt Joer miisst waarden. Dat kënnt der och noliesen. An da wäert der och ufanks 2007 – wann déi lescht Rechnunge bezuelt sinn – a wann d'Chifferen do sinn, iwwer Powerpoint eng Presentatioun zu der finanzieller Situatioun an der Rodanger Schwämm vum Schäfferot virgeluecht kréien. De Kolleg Gilbert Welter huet et scho gesot: zanter der Ouverture hate mer am PiKo 185.000 Visiteuren. Dat sinn nach keng zwee Joer hir. 2006 wäerte mer iwwer 100.000 Visiteure kréien, wat och e groussen Erfolleg ass. An ech stinn 100-prozenteg hanner deem Projet. Well am August ware vill Jugendlecher do, esou ëm déi 400 oder 500 pro Dag. Dat ware vläicht keng 1.500 wéi am Juli, mee et gëtt jo ëmmer gefuerdert, mer sollten eppes fir eis Jugendlech maachen. Hei kréien si eppes gebueden an dat ass de Präis a mengen Ae wäert.

Wat d'Zuel vun de Photoen ugeet, esou kann ech iech als Buergermeeschter soen, datt ech net weess, wéivill Photoen et sinn. Ech kucken dat mat iech an ech mengen, de Gilbert Welter wëll do och nach eppes soen. Ech hunn op jiddwer Fall nach ni d'Zuel vun de Photoë beaflosst. Ech hunn emol eng Kéier gesot, datt vun engem Evenement nach näischt drop war an datt et awer vläicht net schlecht wier, mee soss bekëmmeren ech mech net dorëm.

D'„Dotation de l'Etat“ geet erop, mee ech hu ganz kloer gesot, datt déi Erhéijung net esou fundamental ass, datt ee kéint an d'Luucht sprangen. Et ass eng Hausse, déi déi normal Evolutioun vun de Gehälter an der Präisentwécklung net Stand hält. Also et muss ee ganz kloer soen, datt mer op deem Niveau keen esou e grousse Sprong maachen, datt mer kéinte soen, d'Welt wier nees an der Rei. Gutt, d'Evolutioun ass an der Rei, mee et kompenséiert de Réckgang aus de leschte Joeren net.

Wat d'Garagen ugeet, do wëll ech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt eis Betriber an anstännege Konditioune setzen. Mer hunn an deene leschte Joere 400.000 € dra gestach. A wa se am Joer 2000 nach a schlechte Konditiounen do souzen, da kann ech iech elo garantéieren, dat d'Konditiounen – och wa se vläicht net zentréiert sinn – laut der ITM fir déi nächst Joere gutt sinn. Et weess ee jo, datt d'ITM ganz genee kuckt an datt, wa si soen, et wier an der Rei, dat och esou ass. A wa mer eppes musse maachen, da gëtt et och gemaach.

Wat d'Barrière zu Rodange ugeet, do brauchen ech just d'Statistiken ze kucken. Do war nach keen Doudegen. Mee ech stellen awer fest, datt et eng ganz Rei Barrièrë ginn, déi nach ëmmer op sinn, obwuel et do schonn Doudeger goufen. Ech froe mech just, firwat mer elo zu Rodange esou schwaarz gesinn an un d'Mauer gemoolt gëtt, datt do Doudeger géife kommen. Op all deenen anere Plazen, wou der scho waren, do hu mer op eemol kee Problem, dat ass op eemol keng Prioritéit. Fir mech kann ee sécherlech driwwer diskutéieren, ob een déi Rodanger Barrière soll zou maachen oder net. Dat hu mer der CFL och geschriwwen, mee mer hätte gären eng anstänneg Kompensatioun. Wa mer eng anstänneg Kompensatioun kréien – zu Schéffleng an zu Nidderkäerjeng hu mer jo esou Iwwerleeunge gefouert – da léisst sech sécherlech mat der Péitenger Gemeng iwwer d'Zoumaache vun der Barrière schwätzen. Awer ouni Géigeleeschtung, do si mer e bësse méi schwéier ze bewegen. Mer hu jo och Iddië fir eventuell eng Einbahn do ze maachen, mee fir direkt alles zouzemaachen, do weess ech net, wat d'Geschäftswelt zu Rodange seet. Se ass souwisou net esou gutt zu Rodange. Mee ech mengen, datt mer dat mat enger gewësser Distanz mussen ugoen. Mer soen net direkt neen. Ech krut schonn eng Kéier an enger Reunioun gesot, datt ech responsabel wier fir deen éischten Doudegen op der Rodanger Barrière, mee esou liicht loossen ech mech awer net aschüchteren. Et ginn awer och nach aner Dispositiounen. Wann d'Eisebunn géif higoen an nees e Mann op d'Barrière setze fir och e bëssen ze kontrolléieren, da wier och déi eng oder aner Gefor net méi do. Wa jiddereen e bëssen Effortë mécht, da wäert déi Barrière, déi schonn 100 Joer a méi do ass, och nach déi nächst Joeren iwwerstoen. A wa sech eng Geleeënheet bitt, fir déi Barrière zouzemaachen, da soe mär och net neen. Mee mer mussen awer ëmmer kucken, ob dat vis-à-vis vun eise Bierger ze veräntwerten ass.

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

Et kann net sinn, datt do ganz einfach e wichtege Verbindungswee mat der Belsch broochgeluecht gëtt. Mer sinn eventuell mat engem 'sens unique' averstanen. Mer hunn d'Luuchte virgeschriwwe kritt vum Transportministère. Net méi spéit wéi virun e puer Wochen hu mer e Bréif kritt, wou gefrot gëtt, wéi et mat de Luuchten ass. Mer kënnen elo nach just kucken, datt mer et funktiounsfäeg maachen. Wa mer eng Bunn eliminéieren – dat heescht vum Blobierg op Athus iwwer d'Barrière, mee ënne kann een sech dann ness an déi zwou Richtunge bewegen – da kréie mer och op der Gare vill méi eng flott Situatioun op der Gare selwer. Der wësst, datt nach eng weider Bank dohinner kënnt. Déi wiesselt vu Péiteng op Rodange. Dann hu mer Guicheten do an et si keng Parkplazen dorëmmer. Da kréie mer och nees eng Spuer dohinner fir Parkplazen ze maachen. Mer verspriechen eis op alle Fall méi Sécherheet op däer Plaz an och, datt een nach vun ënnen erop iwwer d'Barrière ka kommen.

D'Atelieren. Den Här Buergermeeschter huet et schonn ugeschwat a mer hunn eis och laang dermat ofginn. Et fält e bëssen an déi nei Philosophie vun eisem Organigramm eran. Mer mussen eis drop besënnen, wat eis Grondaufgabe géintiwwer dem Bierger vun eiser Gemeng sinn. Wa mer déi Grondaufgabe kucken, da gesi mer, datt mer Serviceleeschtungen ze maachen hunn, wou mer keng grouss Atelierë brauchen. Mär si kee Produktiounsbetrib a mer hunn eis emol einfach lassgerappt vun deem groussen Atelier, deen awer eng hallef Milliard kascht hätt. Wou mer schappeg sinn, dat ass beim Fuerpark. Deen ass nëmme mat enger Frist ugeholl gi vun der ITM. Dofir kucke mer och fir dat, wat zu Rolleng steet, op eng aner Plaz ze kréien. All déi aner Saache sinn de Moment an der Rei. An da kucke mer wat mer nach

kënnen zentraliséieren. Dat kënne mer an Etappe maachen an ech mengen, do si mer um gudde Wee.

Wat d'Kultur ugeet, do si vläicht keng kloer Aussoë gemaach ginn. Mee mer hunn eis awer praktesch schonn engagéiert mat engem Kulturprojet, deen och vun der Stad aus ënnerstëtzt gëtt, an deen „Duerchzuch um Giele Botter" heescht. Do lafen elo d'Diskussiounen a mer wëllen eis méi begeeschteren. Dat soll de 7., 8., an den 9. September hei stattfannen a wou mer och finanziell mat eraklammen. Mer sinn och amgaang mat de fréieren 'Sentiers rouges' nei Weeër ze siche wou mer eis och eventuell kënne bedeelegen. Mer hunn och nach e Kredit mat 5.000 € fir „autres organisations à caractère culturel", „frais des fêtes publiques" mat 45.000 €, mer hunn 23.000 € am 'Fonds culturel', mer hunn „autres manifestations touristiques" mat 27.500 €. Et sinn also Méiglechkeeten do. De Schäfferot huet wëlles, d'Veräiner dozou unzereege fir déi traditionell Evenementer méi auszebauen, méi eng breet Plattform ze maachen. Eng kommerziell Manifestatioun kann och eng kulturell Manifestatioun mat sech bréngen oder ëmgedréint. Wa mer do nei Plattforme sichen, wou mer zu méi sinn, dann ass d'Gemeng och bereet, Partner ze sinn an et ze ënnerstëtzen. Mer wäerten de Veräiner dat matdeelen a si bieden, eis déi breet Plattforme matzedeelen, déi an der Gemeng sinn. An da wäerte mer eis och dorunner bedeelegen.

D'Befierchtungen zum neien Halt zu Rolleng deelt de Schäfferot. En huet och scho reagéiert an e „règlement d'urgence" geholl, wou an der rue de Luxembourg nëmme mat Disque geparkt däerf ginn, an dat fir véier Stonnen. Déi Leit, déi do wunnen, kréien de „parking résidentiel". An da kucke mer, ob et mat der aler Lëtzebuerger Strooss duergeet, well mer keng Dauerparker do wëllen. Dat Reglement wäert dem Gemengerot de 15. Dezember virgluecht ginn. Mer hunn et op alle Fall schonn als „règlement d'urgence" geholl well mer jo wéinst der neier Prozedur a Saache Reglementer anescht musse fueren. Mer hunn och eng ganz Rei Modifikatiounen dragesat, och datt mer iwwerrascht goufen an esou weider. An dat fir iwwerhaapt déi Saach ugeholl ze kréien. Mer kucken, ob et domat duergeet fir an der rue de Luxembourg dissuasiv virzegoen. Wann do systematesch kontrolléiert gëtt, da misst dat och goen. Mer mussen awer och oppassen, net datt an der rue du Moulin oder an der rue des Prés Autoë parke ginn, well da musse mer et ausbreeden. Mer mussen och oppassen, wann déi „gare routière" beim neie Lycée fäerdeg ass, net datt do Saachen entstinn. Mer stellen elo scho fest, datt Leit a Géigerichtung laanscht de Pompjeesbau komme fir heihinner ze kommen. Mer mussen also gutt kucken, fir datt do näischt opkënnt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Zu deem Punkt ass d'Konklusioun vum Schäfferot och ganz kloer. Den Halt zu Rolleng däerf op kee Fall zu engem Parking fir Frontalierë ginn. Dat soll en Halt gi fir de Lycée a fir déi Leit, déi do wunnen. Mer si schonn am Gespréich mat dem Transportministère fir ze gesinn, wou ee kann e 'Park&Ride' maachen. Op alle Fall net op däer Plaz do. Et muss een eng Plaz fannen, déi besser zougänglech ass vun der Collectrice aus.

**Gilbert Welter, Schäffen – 11.12.2006:**

Ech wollt nach eng Kéier op déi Photosgeschicht um Info-Canal zeréckkommen. Wat de Kleeschen am PiKo ubelaangt. Ech hat d'Geleeënheet fir mat dem John Polfer do ze sinn. Et war eng wierklech flott Manifestatioun, wou ëm déi 100 Kanner do waren. Si konnte mam Boot fueren, wat och flott fir si war. Wa mer Vergläicher zéien tëscht de Manifestatiounen, esou kann ech awer soen, datt bei der Bärbelefeier all Photoë gemaach ginn. Well wann der nach méi gemaach gi wieren, dann hätten se sech och widderholl. Hei ass et ganz kloer, datt d'Kanner sech gären op enger Photo mam Kleesche gesinn. Et war doropshin am Fong méi de Wonsch vun de Kanner fir geknipst ze ginn, a mer hunn och domat eventuell d'Leit dru kritt fir sech den Info-Canal unzekucken. Et war also keng extra Reklamm fir de PiKo, mee fir datt d'Leit sech op de Photoë kéinten erëmgesinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

An trotzdeem ass et eng gutt Reklamm fir déi Installatioun, déi jo fir de Bierger do ass an déi och vun de Bierger benotzt gëtt.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Den Här Welter huet natierlech Recht, datt d'Kanner sech gäre gesinn. Et war och net an deem Sënn, wou ech et gesot hunn. Mee ech wollt och e bësse Reklamm maache fir déi Manifestatioun, fir déi ech mat der Entente vu Rodange responsabel sinn. Dat heescht déi schéi Bärbelefeier.

Da wëll ech iech awer och nach soen, datt, ech iech 100-prozenteg Recht gi fir e Mann, dee responsabel ass fir déi Barrière op der Rodanger Gare, ze fuerderen. Mer hunn dat schonn eng Kéier gefuerdert an eng Motioun ënnerschriwwen, déi vum ganze Gemengerot gedroe gouf. An do ass bis elo nach näischt geschitt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

No däer Petitioun hu mer nach eng Kéier e Bréif geschriwwen. An ech hunn och mat ganz groussem Interessen héiere wéi den Transportminister sot, datt op deene grousse Garen, wou vill Leit an an aus ginn, et noutwenneg wier Personal dohinner ze setze fir ze kontrolléieren. Ech hoffen dann och, datt dem Wonsch vum Minister gefollegt gëtt.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Dann hätt ech nach e puer Froen zum Budget 2007 :

An de ordinäre Recette wollt ech zu den Artikelen 7020.010, 7020.011 a 7020.012 froe wat de Grond ass firwat d'Recette méi héich ugesat sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Hei wollt ech just eppes Klenges virausschécken. Mer haten e klenge Problem mat äre Froe well d'Artikelen net komplett waren. Verschidde Nummere stoungen net dran, an dat huet eis am Finanzdepartement e bësse Problemer gemaach fir alles erëmzefannen. Et steet och net iwwerall eng Säit derbäi. Der schreift zum Beispill „Artikel 7020.010", de 7020 ass e Modul, dee bei villen Artikelen erëmkënnt. Den 2.0834, dat seet eis, datt et eppes am Sport ass. Dofir ass et wichteg fir och dat unzeginn. Mer hoffen awer, datt mer alles fonnt hunn.

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

010 ass d'Buvette: Hei gi méi Recetten erwaart, schonn eleng well déi zweet Buvette 2007 ganz fonctionnéiert, se huet am Joer 2006 an der Haaptsaison quasi net fonctionnéiert well se eréischt baussen opgeriicht ginn ass.

011 betrëfft d'Coursen: D'Coursen hu vill Succès an et ginn der och méi ugebueden. Ee Beispill war den Aquagym-Cours – wat dräi Séancen an der Woch sinn -, dee war an engem halwe Moien ausgebucht.

012 sinn d'Automaten: Hei rechne mer mat méi Recetten. Och wäert e Glacenautomat do stoen, deen awer dëst Joer net do war.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Da kéim ech zu den uerdentlechen Ausgaben :

Artikel 6270.001-002. Wat ass e « Salaire en nature » ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006 :**

Dës Fro gouf scho beim Här Linden beäntwert.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0660.6321.002. Wou genee kënnt déi Internetstuff hinn ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006 :**

Dës Fro gouf och scho beäntwert.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3.0421.6220.001. Firwat déi grouss Differenz ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Well mir vum Schouljoer 2006/2007 un zwee Chargés de cours beschäftegt hunn, virdru war et nëmmen een. D'Peie vun dësen 2 Leit si genee gerechent ginn.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 6324.002. Dësen Artikel ass zimlech niddereg gesat en vue vum Kulturjoer 2007. Do hunn ech och schonn déi leschte Kéier drop geäntwert kritt. An der Tëschenzäit weess ech och, datt mer eis e puer Lächer opgelooss hunn an ech hunn ausgerechent, datt mer do eventuell 125.000 € kéinten asetze wann et néideg wier.

Artikel 6053.003. Firwat sinn do 0 Euro agesat ?

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

Den Artikel ‚Piscine Rodange – fourniture, entretien et nettoyage' ass op 0 € gesat gi well dëse Montant op den Artikel 3.0834.6111.002 iwwerdroe ginn ass.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 3/0834/6054/005 - Piscine Rodange: Gaz piscine Rodange. Firwat geet d'Rechnung zu Péiteng an d'Luucht an zu Rodange net ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Dir hutt do eppes ëmgedréint. Zu Rodange geet d'Rechnung an d'Luucht an zu Péiteng net. Rodange hu mer elo emol op e ganzt Joer gerechent, wat dat lescht Joer net de Fall war. De Präis vum Gaz soll jo nach an d'Luucht goen an duerno konstant bleiwen. Doropshi si fir d'Ventilatiounsartikele vum Gaz d'Montantë vun 2006 fir 2007 iwwerholl ginn. Just fir den Artikel vum PiKo, dee separat traitéiert gëtt, ass de Kredit eropgesat ginn. A wann d'Aarbechten zu Péiteng an der Schwämm elo ufänken, da wësse mer jo och net wéi laang d'Schwämm opbleift.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 6323.001. Musse mer erëm domat rechnen, datt de Budget vun der Kierchefabrik nach net an den Equiliber kënnt ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Et ass esou, datt se mat esou engem Defizit rechnen. Mer hunn och mat hinne geschwat an et ass kloer, datt si de Moment keng esou Recetten hu wéi aner Kierchefabriken hei an der Gemeng, esou wéi zu Rolleng, wou Suen iwwer d'Locatioun vun Appartementer erakommen. Dofir ass et och elo net einfach fir si fir de Budget an d'Gläichgewiicht ze kréien. Se schaffen awer drun. Mee bis op Weideres si mer duerch d'Gesetz gebonnen, fir den Defizit opzekommen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Da kommen ech zu de Recettes extraordinaires :

Artikel 1.0125.1440.003. Als éischt an zweet Tranche vum Subsid hu mir zesummen 524.651 € kritt. Firwat steet déi drëtt Tranche vun 131.163 € net méi an dësem Artikel, mä am Artikel 1440.004 (quote-part à financer – extension et modernisation de l'hôtel de ville). Firwat ginn et zwee Artikele fir déi selwecht Saach ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Et ass net nëmmen eleng do esou. De Subsid gëtt op 2 Artikelen opgedeelt. D'Quote-part ass de Montant, dee mer nach zegutt hunn, ouni datt mer awer den Datum kennen, wéini mer d'Sue kréien.

Zum Subsidenartikel selwer: Deen éischte Subsid, dat sinn déi Suen, déi mer schonn ausbezuelt kruten, wou mer en Datum wëssen, wéini se kommen oder wou schonn e Kontroller dat certifiéiert huet a mer genee wëssen, datt déi Suen ënnerwee sinn.

Déi aner stinn eben nach op. Ganz dacks waarden se do bis mer den Dekont maachen ier se déi lescht Tranche ausbezuelen. Dat heescht, mer musse fir d'éischt den Dekont ofschléissen, deen eraschécken an da kréie mer déi lescht Tranche iwwerwisen. An deen Deel, deen an der Quote-part steet, dat ass deen, deen als leschten Deel iwwerwise gëtt.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0125.2111.002 (Grand-Bis). Dës Terrainë kënnen net verkaf ginn duerch Verspéidung bei den administrative Prozeduren. Ëm welch Administratioun handelt et sech hei ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Eis Architektin huet eis matgedeelt, datt si net weess, wou dës Ausso hierkënnt, datt mer „Dës Terrainen net verkaf kréien duerch Verspéidung bei den administrative Prozeduren". Den Text géif och esou net am Libellé stoen.

Et ass awer esou, datt mir mussen als Gemeng den Avis vum Stat froen, an zwar mam „droit de regard". An de Verkaf kann eréischt lassgoe wann d'Bordurë vun der Strooss gemaach sinn. A well de Kadaster nach net ausgemooss huet, kënne mer do och nach näischt verkafen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0125.2112.001. Wéini ginn d'Miessunge gemaach ? Dat ass eng Saach déi schonns zimlech laang schleeft.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Dir hutt Recht, dat schleeft scho laang, obwuel eis Servicer schonn e puer Mol beim Stat, dee jo den Optraggeber vum Contournement ass, intervenéiert hunn. Och eng Nofro vu virun 10 Deeg huet erginn, datt de Stat (Receveur vum Enregistrement) nach ëmmer net iwwer déi néideg Pläng disposéiert fir kënnen den „acte administratif" virzeleeën. De Schäfferot huet entscheet, e Bréif un d'Direktioun vum Kadaster ze adresséiere fir se drun ze erënneren, datt de Compromis vum 6. Abrëll 1998 nach net konnt actéiert gi well d'Opmooss vum Kadaster nach net virläit, a fir eis matzedeele fir wéini dat kann de Fall sinn.

Net méi spéit wéi gëschter Moie waren den Här Buergermeeschter an ech am Finanzministère. De Buergermeeschter huet nach eng Kéier déi Fro opgeworf, wéi dat da wier well mer schonn esou laang op déi do Affaire géife waarden. An dunn hu se eis verséchert, datt se esou séier wéi méiglech sech géifen deem Dossier unhuelen. Et ass awer nach eng Zomm vun 250.000 €, déi eis zousteet. Dat si jo nach e puer Suen a mer hoffen, datt mer déi Suen och nach kréien.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0413.1440.005 op der Säit RE-003 (acquisition d'un immeuble en état futur d'achèvement à Rodange). Wéi héich ass dee ganze Subsid, a wéini ginn déi aner Tranchen ausbezuelt ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

D'„Promesse de subside" beleeft sech op 994.000 € (Rectifié 2006: 574.250 €, Initial 2007 – quote-part: 419.750 €), no der Konventioun vum 11. Dezember 2006 déi och guttgeheescht gouf. Déi zweet Tranche kréie mer bei der Presentatioun vum „décompte final".

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Hei ass emol eng Kéier, wou mer d'Suë scho kruten ier mer iwwerhaapt bezuelt hunn. An dat, well mer eben en Arrangement mat dem Fonds de Logement fonnt hunn, esou datt mer eréischt um Enn brauchen ze bezuelen. Do si mer elo wierklech favoriséiert.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0733.1440.012 op der Säit RE-008. Ass de Subsid vu 657.000 € dee ganze Subsid deen ze erwaarden ass, oder ass dat eng éischt Tranche ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

D'„Promesse de subside" beleeft sech op 657.000 €. D'Detailer stinn am Artikel 1.0733.1440.010. Firwat awer net am 012? Ma well dësen Artikel duerch technesch Grënn net méi am Budget steet. Et ass esou, datt, wann dräi Joer laang kee Montant op deen Artikel agesat gëtt, da verschwënnt deen Artikel automatesch. Dat ass duerch Programmatioun esou geregelt. Mir hunn d'Parametere vum Artikel awer geännert an den Artikel steet och elo nees am Budget.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0733.1440.015 - Cours d'eau Maragole. Wéi steet et mat deem Projet dee jo scho sollt zanter Mee 2006 ofgeschloss sinn ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Dëse Projet ass receptionnéiert ginn am November 2006. Am Fréijoer 2007 ginn nach Spiller op däer Spillplaz opgeriicht.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 1.0733.1440.002. Wéi wäit sinn d'Aarbechten betreffend de „Bassin d'orage" op der Athuser-Strooss ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

D'Aarbechten an der Strooss si quasi ofgeschloss. De Reeniwwerlafbecken ass gebaut a fäerdeg. Elo ginn d'Kanäl drun ugeschloss um Terrain ‚Arend'. Am Januar gëtt déi ganz Installatioun vun der Elektromechanik installéiert. An dann hält och dee Provisorium op, wat jo e bësse Kaméidi mécht a wat d'Leit an der Géigend do och nuets stéiert. Dat deet eis och Leed fir déi Stéierungen. Mee vum Mee u miisste mer nees normal Verhältnisser do kréien.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Da kommen ech zu den Dépenses extraordinaires :

Artikel 4.0125.2112.001. Watfir Terrainen sollen dann nach mat deenen 4.957,87 € opkaf ginn ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Hei ass et ähnlech wéi beim Artikel 1.0125.2112.001. An der Enceinte vun den Tennisterrainë läit en Terrain, deen d'Gemeng iwwer de Compromis kaf huet. Vu datt de Contournement nach net ausgemooss ass, konnt och dës Transaktioun nach net aktéiert ginn.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0125.2123.010. Wat gëtt genee an dem Réaménagement vum Rez-de-Chaussée gemaach ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

De Buedembelag gëtt erneiert mat deem selwechten Natursteen, wéi en och am Biergerzenter ass, dat soll eng Kontinuitéit ginn. E puer Bureauë gi vergréissert well eng Mauer duerch eng Cloison ersat gëtt. An all Bureau op der Süd- a Süd-West-Säit gi Killplafonge montéiert. Des Weidere gëtt all Dir duerch eng Brandschutzdir ersat an d'Fluchttrap gëtt och mat Brandschutzdiren ausgestatt. Dës ‚Mise en conformité' betreffend de Compartimentage gëtt de Virschrëften no op all Stack gemaach.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0631.2123.002 Crèche St. Hubert à Pétange. Wa mer do fir 100.000 € renovéieren, dann huelen ech un, datt dat Gebai och an eisem Bësetz bleift, oder ass do eppes anescht virgesinn?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Wéi zu Rodange bleift och hei d'Gemeng Proprietaire vun dëser Crèche. Déi 100000 € ginn awer net duer fir d'Gebai ganz ze erneieren. Dës Suë sinn an enger éischter Phas emol fir Etude geduecht.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0720.2001.005 Adaptation du plan d'Aménagement général. Aus wéivill Phase besteet déi Étude ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Dat ass am Fong de PDU an de PAG, dat geschitt an dräi Phasen. Déi drëtt Phas soll Enn 2008 ofgeschloss ginn. An da wäerte mer nach méi dacks am Gemengerot dermat ze doen hu well mer jo bis 2010 en neie PAG ausgeschafft mussen hunn oder de PAG ze confirméieren hunn. Op alle Fall gëtt et hei dräi Phase fir dee PAG virzebereeden a fir datt mer dann och eng Entscheedung doriwwer am Gemengerot huele kënnen. Gläichzäiteg wäert dann och de PDU ofgeschloss ginn.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0740.2231.001. Wien ass bei dësem Artiklel de responsabele Fonctionnaire ? Welchen Auto muss ersat ginn ? Laut dem Budget sollt 2006 d'Camionnette XX340 ersat ginn. Gëtt déi elo 2007 ersat ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Dat ass déi selwecht Erklärung, wéi ech se dem Här Linden och scho ginn hunn. De Fonctionnaire ass den Här Wegener. Dës Camionnette war als zousätzleche Won geplangt an deem Service, wou och de Kanalbetrib dran integréiert gëtt. Wéi et dunn am Raum stoung fir d'Betriber nei ze organiséieren ass dës Entscheedung natierlech zeréckgestallt ginn. Am Laf vum Joer 2007, wann déi nei Organisatioun gräift, kucke mer op mer dës Acquisitioun nach musse maachen oder net.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0800.2123.004. Bei der Waxweiler Millen schleeft et a schleeft et. Wéini fängt déi éischt Phas dann elo endlech un ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Ech deelen hei är Suergen, mee et muss een an dësem Kontext och soen, datt mer déi Millen eréischt am Joer 2004 offiziell kaf hunn. Et gëtt awer och scho vill méi laang vun däer Mille geschwat, an dat zanter den achtzeger Joeren. A spéitstens zanter dem Contournement ass gesot ginn, mer miissten se kréien. Gutt, wann een drop waart, dann ass et ze laang. Mee elo hu mer jo e flotte Projet virleien. Mer hunn och scho mat de Leit vum Kulturministère geschwat. Am Virfeld muss awer geklärt ginn, wéi dëse Projet ka finanzéiert ginn. Dat muss dann dem Kulturministère presentéiert gi fir datt si de Montant vun de Subside kënne festleeën. Wann dat esou klappt wéi

mer eis dat virstellen, da geet et och ganz zügeg virun.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0800.2123.004 - Service d'animation culturelle : travaux de réfection de la facade du bâtiment. Op der Säit DE-032 hu mer am Artikel 2123.003 45.000 € fir 'travaux de réfection de la façade' stoen, an dann op der Säit DE-033 erëm 0 €. Wat ass d'Erkläerung heifir, oder handelt et sech net ëm de Rodanger Centre culturel ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Et handelt sech ëm dat aalt Haus 'Fisch' op der Maartplaz zu Péiteng. D'Refectioun vun der Fassad ass aus technesche Grënn op 2007 verréckelt ginn.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4/0812/2211/001. Ëm watfir ee Centre handelt et sech do ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Dësen Artikel ass geduecht fir all eis Centres culturels (Centre culturel Rodange, Centre de loisirs Rolleng, Maison de la culture ‚A Rousen' Péiteng). Fir 2007 si Kreditter virgesi fir der Rollenger Musek nei hëlze Still fir an hire Prouwesall am Centre de loisirs ze kafen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0832.2123.002 Hall polyvalent Rodange op der Säit DE-034. Laut dem Budgetsdokument gëtt d'Hal jo am Juni 2007 fäerdeg. Et sollen awer och nach e syntheteschen Terrain an nei Gradinë gebaut ginn. Fir wéini sinn déi Aarbechte geplangt ? Ass déi versprachen Étude betreffend d'Plaz fir de syntheteschen Terrain scho gemaach ginn, well sech jo bekanntlech de Buedem op däer Plaz gesenkt hat ?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Fir de syntheteschen Terrain sinn nach keng Étudë gemaach gi well mer jo nach net un deem Schantje sinn. Esou bal mer awer mat der Hal fäerdeg si wäerte mer och déi aner Aarbechten an Ugrëff huelen. An duerno gi selbstverständlech d'Aarbechte fir déi Étude gemaach.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.0834.2123.002 Piscine couverte de Pétange op der Säit DE-038. Wat gëtt da mat deenen 900.000 € um Enn vun dësem Joer nach alles geschafft ? Ech huele jo un, datt net d'Wanterzäit erausgesicht gouf fir den Daach nei ze maachen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

D'Aarbechte wäerten eréischt am Hierscht ufänken, an dat nodeems mer déi ganz administrativ Problemer geléist hunn. Den Daach an Installatioune banne ginn nei gemaach. Och déi technesch Installatioune mussen nees a Stand gesat ginn. Well déi Schwämm soll jo haaptsächlech nees fir eis Schoulkanner zur Verfügung stoen. A mat 900.000 € leie mer wierklech net ze héich bei deem, wat mer wëlle maachen. Wa mer elo gesinn, wéi et um 1. Stack mat de Plättercher gaangen ass, da kéinten do nach zousätzlech Oplagen op eis zoukommen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 2123.004. Also definitif kee Restaurant am Gespréich fir 2007 ?

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

E ganzt kloert Neen. Fir déi nächst Joeren ass do näischt virgesinn.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4/0834/2241/001. Och dee Punkt ass e bëssen a Verzuch geroden. Kënnt der mer soe firwat ? An da soll och menger Meenung no d'Offer vun enger Firma net am Budget ernimmt ginn. An dann nach eng zousätzlech Fro: Kann een dee Chrono och déplacéieren?

**Gilbert Welter, Schäffen – 15.12.2006:**

Den Text am Budget gëtt verbessert. Et ass esou, datt mer a Verspéidung sinn an eng Rei aner Aarbechten am PiKo virgaange sinn. De Chrono gëtt elo effektiv eréischt dat anert Joer kaf. Bedéngt duerch den héije Montant muss dëse Projet iwwer eng Soumissioun lafen.

Jo, et kann een de Chrono och déplacéieren. Deen ass net nëmme fir Rodange, mee och fir Péiteng geduecht. Et ass och esou, datt, wann deen do ass, och international Competitiounen do kënne stattfannen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 2123.003 op der Säit DE-041. Wien hat déi Iddi fir déi dote Konstructioun ? Mat däer Zomm hätt ee wuel eppes méi Présentables kënnen opriichten.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen :**

Här Brecht, mär hate garantéiert net déi Iddi fir eng Konstruktioun fir behënnert Leit. Mee mär hunn eis do un d'Recommandatioune vu verschiddene Ministèren halen. Éischtens vum Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative, zweetens vum Kulturministère mat der 'Commission des Sites et Monuments', drëttens vun der Kierchefabrik vu Rodange. An un déi dräi hu mär eis mussen halen. D'Kierchen ënnerleien do engem ganz spezielle Gesetz an dorunner muss ee sech halen. Et kéint een drun denke fir et eventuell ze verschéineren andeems een eng kleng Mauer dohinner stellt well et gesäit net ganz glécklech aus.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Mer ruffen och déi Leit vum Kulturministère eng Kéier fir datt se sech dat emol ukucken. A wa se da mengen, mer sollten eppes änneren, da maache mer dat och.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 2133.001. Vu datt de Budgets-artikel och erëm zeréckgeschraufft ginn ass, wäert och do 2007 net vill geschéien.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter :**

Ech wëll net soen, datt do näischt geschitt, mee dat sinn eben d'Prozeduren hei zu Lëtzebuerg. Mer mussen eng Commodo-Prozedur maachen. Mer hunn déi duerch den Ingenieursbureau Best den 11. August 2006 agereecht beim Ëmweltministère. Den 31. August 2006 krute mer dann och den „accusé de réception“. Mee et kann een domat rechnen, datt dat ee Joer dauert bis et ofgeschloss ass.

Mer sinn och vum Ëmweltministère opgefuerdert ginn eng sougenannten „Umweltverträglichkeitsstudie“ maachen. En Dokument ass och am Dezember 2006 vum Bureau Prosolut ausgeschafft ginn. Dat ass awer nach nëmme provisoresch, et muss also nach accordéiert ginn. D'Enn vun der Étude ass och nach net ofzegesinn an dofir dauert et nach e bëssen. Mer hunn do nach eng Rei vu Präzisiounen ze ginn. Dobäi kënnt och, datt nach verschidden aner Administratiounen a Ministèren hiren Avis musse ginn. Der gesidd, datt, wann een hei zu Lëtzebuerg eppes mécht, net alles esou evident ass. Wann iergendwéi iergendeen e klengt Hoer an der Zopp fënnt, da steet de ganze Betrib. Mer brauche just den Agora-Projet op der Fonderie ze kucken, iwwer dee mer nach gëschter um Finanzministère geschwat hunn. Dee Betrib, also deen Data-Zenter, kréie mer jo elo net dohinner well am Ëmweltministère ee fonnt huet, datt mer do nach e puer Biotopen hätten an e puer Beem. An um Enn vum Lidd steet ee mat eidelen Hänn do an esou e flotte Projet geet da fir d'Gemeng Péiteng verluer. Wa mer do net ëmdenken a lues a lues iwwerleeën, datt zu Lëtzebuerg d'Ham net an der Mëllech

ka gekacht ginn a mer net heiansdo iwwer eise Schied sprangen, da wäerte mer an Zukunft nach vill esou Betriber verléieren. Sécherlech ass d'Ëmwelt wichteg, mee mer mussen awer och un eis Wirtschaft denken. Well et notzt eis näischt, wa mer schéi Beem do stoen hunn an näischt z'iessen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.1212.2123.002 Garages communaux. Wat geschitt dann elo ausser der 'élaboration d'un avant-projet' fir 70.000 € ? Dat si jo d'Garagen an der Léngerstrooss.

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

De Schäfferot huet eng ganz kloer Deklaratioun gemaach, datt mer versichen, de Site vu Rolleng bis 2010 propper ze maachen an eis Gefierer op enger aner Plaz ënner ze bréngen. Well do hu mer jo och just eng provisoresch Autorisatioun vun der ITM, mee mer kënnen déi net ëmmer erauszéien. Mer hunn och dem Ausschuss gëschter gesot, datt mer versichen, de Fuerpark op däer Plaz esou séier wéi méiglech ze maache well et am Intressi vun eis all ass. Esou datt et op enger Plaz zentraliséiert ass an agréabel Konditiounen. Deen Avant-projet kënnt dat anert Joer op den Dësch, a well dat jo e Joer kann daueren, wäerte mer dann 2008 ufänke mat den Aarbechten. Et gëtt menger Meenung no eng préfabrizéiert Konstruktioun, déi séier opzeriichten ass. Et si Vestiairen dran, en normale Sanitärberäich, eppes wat einfach opzeriichten ass.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 2133.032. Wéisou 0 € fir de Réaménagement vun der Belair-Strooss ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Mer si ganz éierlech. D'rue Belair stoung schonn 1998 am Budget fir nei gemaach ze ginn. Mer hunn dat iwwerholl. Dëse Projet ass ofhängeg vum neie Waasserbasseng um Hierschbierg, dee mer dohinner solle kréien. Mer sinn a Verhandlungen a mer hoffen, eens ze ginn, well soss musse mer komplett ëmdenke well mer dann net déi Léisung kréien, déi mer gären hätten. Dat heescht, datt et en normale Pendelsystem tëscht Rolleng a Péiteng géif ginn. Wann dat weider geet, da muss déi néideg Étude gemaach ginn. D'SES kënnt da mat der Zouleitung erop bis op de Rond-point Millen. Déi muss ugeschloss ginn an da gëtt dee ganze Belair opgerappt. Mer denken, datt et awer nach dräi Joer dauert bis mer un d'Belair-Strooss kommen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Artikel 4.1212.2133.038. Wat geschitt 2007 an der Philippart-Strooss (négociations d'emprises). Sinn déi Emplacementer fir deene Leit hir Autoen dann elo legaliséiert ginn ?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Déi sinn am Moment nach net legaliséiert, se ginn awer geduld mat engem Compromis, dee mer mat der Police fonnt hunn. Dat wäerte mer och nach mat dem Direkter Pascal Schumacher diskutéiere fir datt dat esou bleift bis mer do eng Léisung fannen. D'Legaliséierung vun den Emplacementer ass net einfach. Et ass eng Statsstrooss. Dofir brauch een och eng „autorisation de voirie" vun de Ponts et Chaussées. Des Weidere mussen dës Plaze conforme zum Bautereglement sinn, wat fir de Moment net de Fall ass. Et kéint een do diskutéiere well jo awer zimlech breet Tréttoiren an däer Strooss sinn. Da kéint een Alternativen an d'Ae faassen.

Am Joer 2007 miissten och Compromisë mat de Leit ofgeschloss gi fir kënnen déi néideg Stécker Terrain ze kréien déi mer brauche fir d'Aarbechten an der Philippart-Strooss kënnen auszeschreiwen. Dat wäert net esou einfach si fir de Leit kloer ze maachen, datt se sollen e Stéck Terrain – heiansdo en Ar – oftrieden.

Mee et ass am Moment näischt virgesi fir déi Emplacementer virun den Dire vun de Leit ze legaliséieren. Mer kënne just am Kader vun dem Bautereglement kucken ob mer dat wëllen zouloossen. Wa mer dat virun den Dire legaliséieren, dann däerf kee méi laanscht d'Strooss parken. Wat gewanne mer domat? D'Philippart Strooss kéint méi sécher doduerch ginn. Op aner Plaze bréngt et näischt. Dofir muss een sech iwwerleeën, wéi een dat Bautereglement formuléiert fir punktuell eng Ouverture ze schafen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Dann nach eng allgemeng Bemierkung. Bei verschiddene Projete steet de Numm vum responsabele Fonctionnaire net derbäi. Bei anere Projete steet nach dacks de Serge Fonk oder den Albert Muller als Responsabelen. Ass dat dann nach richteg ? Miisst zum Beispill bei Albert Muller net zum Beispill stoen 'Responsabel bis September 2005 ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

Am Prinzip misst och iwwerall dee Responsabelen derbäistoen. Dat ass och eppes, wat mer nei agefouert hu well mer einfach ee Responsabele wollte bei den Artikele stoen hunn. Wat d'Nimm vun deene Beamten ugeet, déi der genannt hutt, do ass et ganz dacks esou, datt et Artikele sinn, déi schonn ofgeschloss sinn. Ech huele ganz einfach d'Beispill vun der Rollenger Kierch, déi 2005 dekontéiert gouf. Dat heescht, dee Projet huet den Albert Muller nach gemaach an dat ass dëst Joer nach dran. Duerno huet awer kee méi op dësem Artikel geschafft, an dofir hu mer säin Numm stoe gelooss. Dat selwecht gëlt fir de Serge Fonck. Mer hunn haut jo d'Gillardin-Strooss dekontéiert. Dat huet hien alles vun A bis Z gemaach an do huet keen aneren dru geschafft. Op all deenen aneren Dossieren, déi en aneren iwwerholl huet, misst och deem säin Numm dropstoen. Do wo et sécherlech stoe bleift, dat ass do, wou den Dekont ofgeschloss ass.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Dir Dammen, Dir Hären. Als Conseiller vun der Majoritéit ass ee vläicht méi no um Budget wéi d'Kollege vun der Oppositioun, där hir Roll et dofir ass, sech méi kritesch mat dësem Dokument auserneen ze setzen. Jidder Eenzelnen hei ass gewielt d'Interesse vun de Bierger ze vertrieden a fir hirt Wuel ze suergen, dofir och vu mir aus déi eng oder aner Iwwerleeung, Fro an Ureegung.

Vu datt et meng Positioun ass, an ech déi vu menge Virriedner net kennen, kann et sinn, datt sech Saachen iwwerschneiden. Mä: „Doppelt genäht hält besser!"

Am ordinäre Budget, mat deem ech wëll ufänken, begréissen ech et, datt d'Loyeren ugepasst goufen. Bei der Cantine scolaire a Foyer de midi bezilt de Stat 34.000 € manner. Insgesamt ginn hei d'Allocatioune vu 410.552 € op 296.225 € zeréck. Wéi ass dat ze erklären?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Der hutt an ärer Introduktioun gesot, datt der d'Froe vun äre Kollegen aus dem Gemengerot net kannt hutt an dofir eventuell verschidde Froen zweemol gestallt goufen. Ech mengen, jidderee soll seng perséinlech Appréciatioun zu dësem Budget soen. Wa mer alleguer déi selwecht hätten, da wier jo en Optimum erreecht.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

Ab dësem Joer huet d'Prozedur, wat d'Ausbezuele vun de Subside betréfft, geännert. De Stat bezilt neierdéngs

Avancen. Esou krute mer 2006 d'Subside vun 2005 an d'Avancë fir 2006. 2007 bezilt de Stat dann d'Avance vun 2007 esou wéi de Rescht vun 2006. Dëse fält awer da wesentlech méi kleng aus wéinst den Avancen, déi dëst Joer schonn ausbezuelt gi sinn.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Fir Vakanzenaktivitéite bezilt de Stat och manner. Gutt datt nach der Deierecht vun de Gehälter bei de staatleche Subside Rechnung gedroe gëtt. D'Personalkäschte belafe sech op plus minus 18 Milliounen €, wann ech gutt gerechent hunn.

Wat de Müll an d'Waasser ugeet, ass de Budget am Equiliber. Beim Müll sinn 1,644 Milliounen € Recetten an 1,666 Milliounen € Ausgaben. Dobäi ass ze bemierken, datt déi gréng Dreckskëscht nach ëmmer gratis ass. Beim Waasser ass de Rapport 1,375 zu 1,252 Milliounen € fir Recetten an Ausgaben. Am ordinäre Budget sinn d'Investitioune vu de Waasserleitungen an dem Waasserbasseng, deen zu Péiteng muss gebaut ginn, nach net abegraff, esou wéi och d'Renovatioun vum Basseng zu Rodange mat 100.000 €.

Wéi ass de Sprong vun 80.000 € (Budget 2006) op 120.000 € (Rectifié 2006) op erëm 80.000€ bei de Charge vum Stat bei der Sportshal ze erklären?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

2005 hu mer nëmmen d'Halschent kritt. Dat war bedéngt duerch en technesche Problem um Ministère. 2006 kréie mer dann nach de Solde vun 2005 an 2007 leeft et nees normal weider. Do kann ech iech awer nach präziséieren, datt mer 2005 am Ganzen 40.000 € krut hu vum Ministère well si en technesche Problem haten. Dofir hu mer dëst Joer 80.000 € an déi 40.000 € vum Joer virdru kritt.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Kritesch betruecht muss ee soen, datt d'Schwämm zu Rodange d'Gemeng mat ronn 1,3 Milliounen € Käschten (944.000 € Recetten an 2,3 Milliounen € Ausgaben) en décke Batz Geld kascht.

Wéi erkläert sech dee groussen Ënnerscheed un den „Taxes compensatoires pour emplacements parking" vun 157.000 € am Rectifié op 60.000 € am Budget 2007?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 15.12.2006:**

D'Recettë vun 2006 waren aussergewéinlech héich an net virauszegesinn. Dofir ass fir 2007 nees en normale Chiffer agesat ginn. Mä och hei kann een nees komplett falsch leien.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Et ass gutt, datt virun allem d'Dotation de l'Etat erëm däitlech eropgesat gouf, well soss hätt nach méi am ordinäre Budget miisste gespuert ginn ewéi dat schonn de Fall ass.

An den ordinären Ausgaben ass also agespuert ginn wou et nëmme méiglech war. Méi Détailer wollt ech zum neien Artikel „Salaires en nature pour le service incendie" vun 3.000 € hunn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat dat hei ugeet, dat ass eng nei Saach, déi mer abruecht hunn am Kader vum Budget. Dat sinn alleguer déi Sécherheetskleeder, déi eis Aarbechter kréien. Der hutt dat net nëmmen an der Rubrik 3, mee et ass an alle Rubriken opgedeelt ginn. Dat ass fir datt de Gemengerot och elo weess wat mer op deem Plang ausginn. An dat ass ganz substantiell.

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Heirop hunn ech schonns eng Äntwert bei de Froe vum Här Linden ginn.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

D'Augmentatioun vum Elektresche gëtt duerch déi méi héich Tariffer vun der Cegedel erkläert. D'Energiekäschte steige vun 792.450 € (2006) op 901.085 € (2007). Ech hat an dësem Punkt schonn d'lescht Joer Spuermoossnamen ugereegt, an dëst net zulescht am Bezug op de Klimawandel, wou onbedéngt e Mentalitéitswiessel muss kommen. Ech mengen grad d'Gemenge sollte mam gudde Beispill virgoen an alternativ Energieléisungen ubidden, déi sech bestëmmt laangfristeg bezuelt maachen. An dësem Zesummenhang wollt ech froen, wéi wäit kann d'Gemeng Oploë maachen, bei engem bedeitende Lotissement wéi zum Beispill d'Croix St Pierre zu Rodange? Oder allgemeng gefrot: ass et net méiglech Opfankméiglechkeete vu Waasser, Baue vu Passiv- an Niddregenergiehaiser, Solaranlagen, Waasseropbereedungsanlagen oder Alternativheizunge bei Lotissementer ze fuerderen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat d'Consommatioun vun Energie ugeet, do ass och ee Punkt, bei deem mer erféiert sinn. Mee et ass esou, datt mer ugekënnegt kruten, datt, wat d'Elektresch ugeet, 2007 e Sprong no uewen ze erwaarden ass. Mer hunn och op deem Deel vum Artikel eng Ännerung virgeholl. Bei der Ënnerrubrik 'Chauffage' hu mer et si gelooss, well mer 2006 scho wäit iwwer deem waren, wat 2005 de Fall war. Och duerch d'Evolutioun vun de Präisser an net, well mer esou vill méi verbraucht hunn.

Et kann een d'Leit wuel dozou ureegen, fir Niddregenergie- oder Passivhaiser ze bauen. Se dozou zwéngen ass net méiglech well mer eis do miissten e Reglement ginn dat mer nach net hunn. Am Kader vum Bautereglement kéint een dat diskutéieren. Mee dat ass och nach net fir haut oder moar. Mer si jo och amgaang, deen neie PAG virzebereeden. Mer si jo forcéiert, 2010 en neie PAG an eisem Gemengerot ze stëmmen. Am Moment kënne mer de Leit just roden, se sollen esou bauen.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Ass d'Augmentatioun vun den Ausgabe bei der Cantine scolaire an dem Foyer de midi vu 480.000 € op elo 646.000 € duerch e méi grousst Angebot ze erklären?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 15.12.2006:**

D'Augmentatioun vun den Ausgaben ass op d'Ouverture vun der neier Maison relais zu Rodange zeréckzeféieren, zousätzlech Käschte fir d'Personal an den Fonctionnement falen un.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Mat 220.000 € léist sech d'Gemeng de Schülertransport e Batz Geld kaschten, esou datt den Individualverkéier virun de Schoulen dach eigentlech miisst verschwannen. Wéisou ass dat net de Fall? A sinn hei net nach Sensibiliséierugnskampagnen néideg?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat de Schoultransport ugeet, esou sinn 220.000 € sécherlech eng substantiell Zomm. Mer kéinten deen och nach ausbaue well nach eng Rei Leit géife matfueren. Zu Rolleng hu mer kee Schoultransport. Et ass just zu Rodange an zu Péiteng. Mer hunn awer gemengt, mer sollten de Schoultransport op déi Schüler baséieren, déi méi wäit ewech wunnen, dat heescht um Rand vun den Uertschaften. Net méi spéit wéi haut de Mëtteg hunn ech héieren, datt d'Associatioun vun den Turnmeeschtere sech zu Wuert gemellt a gesot huet, datt d'Kanner méi zu Fouss solle goen. Mer hunn och d'Eltere bei der Rentrée 2006/2007 ofgefuerdert hir Kanner dozou ze bewegen, zu Fouss an d'Schoul ze goen oder esou guer mat hinnen zu Fouss dohin ze goen. Esou wéi dat zu eisen Zäiten de Fall war. Ech weess, datt dat vläicht eng Dramvirstellung ass,

mee et wier wierklech dee richtege Wee. An de Schoultransport soll just dann agesat gi wann dat do net méi méiglech ass an een ze wäit ewech vun der Schoul wunnt. Well wa mer dat op all eis Schüler géifen ausbreeden, da miisste mer vill méi grouss Busgaren installéieren, esou wéi dat elo fir deen neie Lycée geschitt.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

D’Schoulwiese schléit am ordinäre Budget mat 9,261 Milliounen € zu Buch, woubäi ech déi uerdentlech Recetten net berücksichtegt hunn. Da ginn am extraordinäre Budget nach 3,2 Milliounen € investéiert. Dovunner sinn 725.000 € zu Laaschte vum Stat.

D’Funktiounskäschte fir Crèchen a Foyer de jour fir eeler Leit si fir d’Gemeng net all ze beträchtlech. Hei iwwerhëlt de Ministère de Gros vun den Ausgaben. Bedauere muss ech, datt an Zäiten, wou et um Aarbechtsmaart net ganz roseg ass, d’Investitiounsbeträg fir jonk Chômeuren an Apprentien erofgesat gi sinn. Beim Sozialberäich bleift et insgesamt bei Status quo.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Wat déi jonk Chômeuren ugeet, esou hat ech schonn ugedeit, datt eng nei Reglementatioun do kënnt. Et sinn haaptsächlech CATen. D'Period gëtt méi kleng gemaach an et gëtt och gekuckt fir eng aner Politik op dësem Gebitt ze maachen. Mär hunn deem schonn e bësse Rechnung gedroen an eisem Budget well dat jo alles elo mat der ADEM geklärt muss ginn. Mer sinn de Moment op engem ganz héijen Niveau hei an der Gemeng well mer gesot hunn, mer sollten deene Jonken eng Chance gi fir ze schaffen a wann se sech bei de Patron virstelle ginn, da kënnen se och soen, datt se schaffen. Den Aarbechtsminister huet do eng nei Philosophie, déi en eis och virgestallt huet. Mer ginn dovunner aus, datt déi Zuel opgronn vun der neier Politik erofgeet, an dat och an de Recetten.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Ech fannen, datt de Service écologique mat 247.200 € zimlech bescheiden ausfält, esou wéi och d’Kultur mat 441.550 €. Kanal a Kläranlag verschléngen 817.000 €, dat ass bal eng Augmentatioun vun 100.000 € par rapport zu Rectifié. Mat 319.000 € fir Sportsterrainen, 418.000 € fir Kulturzentren a 472.000 € fir d’Sportshal an dann nach 1,3 Milliounen € fir d’Musekschoul (bei däer 611.000 € Recette verbucht ginn) investéiert d’Gemeng zolitt an d’Veräiner an an d’Jugend.

Menger Ansicht no miisste méi wéi gutt 50.000 € an den Tourismus investéiert ginn, well dat jo awer positiv Auswierkungen op d’Geschäftsliewen huet. An dësem Zesummenhang wollt ech froen, wat den Animateur culturel fir eis Gemeng bewierkt?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Dir frot, wat den „animateur culturel“ fir eis Gemeng bruecht huet. Ech hat iech jo dorop geäntwert. Et ass esou, datt hien och bei verschiddenen Organisatiounen als Sekretär ugepak huet. En ass beim 'Parc industriel et ferroviaire Fond de Gras' aktiv bei der Geschäftsféierung derbäi. E war och bei all de Festivalen, déi do waren, derbäi an en huet d'Verbindunge mat dem Kulturministère gesponne fir eventuell Subsiden ze kréien. Et ass och vläicht net bekannt genuch, datt och all Veräin, dee gären eppes Gréisseres organiséiert, sech bei him soll virstelle fir Subsiden ze kréien. Déi meescht Veräiner wëssen emol net, datt se och kënne vum Kulturministère ënnerstëtzt ginn. Ech weess awer, datt verschidde Veräiner dat maachen. Et si keng déck Subsider, awer et sinn ëmmerhin 300 oder 400 €. Hien ass haaptsächlech do fir d'Veräiner ze beroden oder ze soen, datt et kee Wäert huet fir esou e Subsid unzefroen. Mee op alle Fall ass hien awer de Fachmann an däer Saach, an e ka roueg méi sollicitéiert ginn. Vläicht banne mär hien och net ëmmer genuch an eis Organisatioune mat an. Do kann ee vläicht och e klengen „mea culpa“ soen. Mer hunn eng Kommissioun fir kulturell Affairen a mer hu jo och heiansdo eng gréisser Manifestatioun. Mer kéinten och einfach mat him schwätzen. Eventuell kéint do och méi dra sinn.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

D’Stroosseninfrastrukture kaschten 2007 d’Gemeng 1,839 Milliounen €.

Elo dann nach zum Deel, deen eigentlech de politeschen Aspekt vun engem Budget erëmspigelt, an zwar zum extraordinären Deel. Wéi mer wëssen, kann d’Gemeng nach just Projetë realiséieren, déi och vum Stat finanziell mat gedroe ginn, esou datt ech déi héichgeluewten ‚Autonomie communale’ net ëmmer richteg novollzéie kann. Dozou kënnt, datt déi staatlech Gelder net grad ëmmer mat der gréisster Vitesse erakommen.

Eist Biergeramt ass eng gutt Saach. Well awer trotzdem nach eng Rei Leit duerch deen alen Deel musse gefouert ginn, ass et onbedéngt ze begréissen, wann d’Renovéierungsaarbechten hei esou séier wéi méiglech ufänken.

D’Annexe vum Haus Heintz gëtt ofgerappt. Wat geschitt mat deem eigentlechen Haus Heintz?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Här Gira, där hutt d'Heintz-Haus ugeschwat. Ausser datt mer, esou wéi et och am Budget steet, d'Annexe hanne wëllen aus Sécherheetsgrënn ofrappen, hu mer näischt am Budget stoen. Mer sinn awer amgaang, eis Gedanken driwwer ze maache well dat Haus net méi an engem ganz gudden Zoustand ass. Do musse mer kucken, wat mer an nächster Zäit wëllen an deem ganzen Eck maachen. Do hu mer jo och nach d'Haus, wou den Här Quintus dra gewunnt huet. Mer kéinte vläicht eng Verbindung do fannen.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Fir de Kaf vun de Raimlechkeete fir d’Maison relais zu Rodange sinn 2,2 Milliounen € an 150.000 € fir Mobiliar virgesinn. Zu Péiteng soll de Projet am fréiere Foyer de Jour Kordall realiséiert ginn. Keeft d’Gemeng dës Infrastrukturen? Wat muss dann nach hei investéiert ginn? Allgemeng stellen ech mer d’Fro, ob d’Gemenge sech an der Kannerbetreiung net iwwerhuelen. Ech denken do un déi héich Funktiounskäschten. All Stot soll d’Méiglechkeet kréien um Aarbechtsmaart kënnen ze agéieren. Ech froe mech awer, op dee gesellschaftleche Präis, dee mer fir d’Wirtschaft bezuelen, sech net eemol ob mënschlechem Plang rächt.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Der hutt Recht, 100.000 € ginn net duer fir dee ganze Foyer Kordall konform ze maachen an eng „mise en sécurité“ ze maachen. Dat ass emol fir den Ufank. Mer waarden op Pläng, déi mer zesumme mat dem Ministère ausschaffen, esou datt mer direkt konform do kënne stoen.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

De PAG ass e wichteg Instrument, woumat de Gemengerot seng Responsabilitéit muss iwwerhuelen, well hei déi kuerz a mëttel Entwécklung vun der Gemeng bestëmmt gëtt.

Ech begréissen déi vill Spillplazen, déi mer an der Gemeng hunn, géing awer eng Fräizäitanlag, wéi um Galgebierg zu Bieles, besonnesch begréissen. Mir hunn an der Gemeng Plazen, déi sech liicht un d’Spazéier- an d’Vëlosweeër uschléisse géingen. Bei de Vëlosweeër gëtt et sécherlech och nach Defiziter. Vum Schäfferot wëll ech weider wëssen, ob et net méiglech ass een

Deel vum Spazéierwee um Hierschbierg mat Mulch ze bedecken, fir en esou als Laf- oder Nordic-Walking-Streck kënnen ze benotzen, a gläichzäiteg kéint een dann d'ganzt Joer duerch zimlech gutt hei tréppelen?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Mär hunn an eiser Gemeng relativ schéi Spillplazen, esou och op der Place de la Libération. Mer kréie jo elo och nach an der rue de la Terre Noire zu Rodange och eng Spillplaz mat engem klenge Boulenterrain. Déi hanner der Schoul zu Rodange op der Fonderie soll och vergréissert ginn. Mer sinn eng Gemeng, déi e puer Sektiounen huet a mär kënnen net, wéi dat an aner Gemengen de Fall ass, eng grouss zentral Spillplaz maachen. Mer hu verschiddener a se loossen sech alleguer weisen. An do ënne bei der Skatepist kënnt jo och nach eng nei „half pipe" hin, dovunner schwätzt awer keen obwuel se am Budget steet.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Eng Saach zu de Spillplazen. D'Ureegung war esou geduecht, datt een net an all Quartier soll eng maachen, mee datt et méi einfach ass fir ze ënnerhale wann een eng grouss Spillplaz huet.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Dat huet Vir- an Nodeeler well wann ee ganz grouss Spillplazen huet, da muss een och Leit hunn, déi sech dohinner bewegen. An da seet een sech, wann een eng Spillplaz a sengem Quartier huet, datt d'Kand awer kéint op déi Spillplaz goen ouni datt ech mech muss an den Auto setzen oder de Bus huele fir mat him op eng Spillplaz ze fueren. Dofir ass eis Philosophie gewiescht, an deenen neie Lotissementer – wéi dat gewënscht ass an och an de PAPë virgesinn ass – Spillplazen anzeriichten, wat jo och bis elo net esou schlecht ukomm ass.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Wéi soll déi Plaz nieft der Schoul zu Lamadelaine, wou 30.000 € virgesi sinn, aménagéiert ginn?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Hei denkt der wahrscheinlech un de Kiosk bei der Schoul. Do si mer amgaang Analysen ze maache fir erauszefannen, wéi stabil dee Kiosk ass a wéivill et eis géif kaschte fir en ze erneieren. Mer hunn awer och Bréiwer un d'Veräiner vu Rolleng geschriwwen an un d'Entente, fir gewuer ze ginn, ob se nach wëlle Manifestatiounen op deem Kiosk maachen. Esou kann een entscheeden, ob iwwerhaapt nach Aktivitéiten op deem Kiosk géife gemaach ginn. Ganz vill Äntwerten hu mer nach net kritt. Bis de 15. Dezember sollten se erakommen.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

3,2 Milliounen € ginn a Kanal a Schmotzwaasserafféierung investéiert. Fir Stroosse sinn et 1,86 Milliounen €.

Déi 5.000 € fir eng Association de films, déi nach 2006 virgesi waren, si gestrach ginn. Besteet keng Noutwennegkeet méi fir esou eng Vereenegung?

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

Déi Filmgeschicht ass am Sikor gestart ginn. D'Iddi ass opkomm fir Étuden ze maachen iwwer déi technesch Méiglechkeete fir eng Televisioun. Et wier vläicht e bëssen iwwerhieflech fir nëmmen fir Péiteng e Filmstudio op d'Been ze stelle fir eis Aktivitéiten ze weisen. Wa mer et géife fäerdeg bréngen mat deenen aneren dräi Gemengen aus dem Sikor (Déifferdeng, Suessem a Käerjeng) eng Präsenz op engem interne Kanal ze kréien, da wier dat méi realistesch.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

D'Fassad, den Daach an d'Installatioune vun der Schwämm solle renovéiert ginn. Wéi ass et mat der Sportshal? Geschitt do spéider eppes? Bleift d'Sauna an der Sportshal bestoen?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen – 11.12.2006:**

Op d'Renovatiounsaarbechten si mer virdru schonn agaangen. Wat d'Sauna betrëfft, esou ass déi schonns zou, a gëtt och net méi a Betrib geholl. Ech weisen awer drop hin, datt och vun der Sauna am PiKo ka profitéiert ginn.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Wéi ech gesinn, gëtt d'Opstelle vun der Ampelanlag op der Athuser-Strooss mat de Jenken als Virbereedungsphas fir d'Aféiere vun der Zone 30 gesinn. Wéini soll dës Verkéiersberouegungsmoosnam an der Gemeng Wierklechkeet ginn?

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Deelweis hat ech och schonn dorop geäntwert. Den Här Linden hat dat och gefrot. Mer haten eng Étude opginn, déi och elo virgestallt soll ginn ufanks Januar oder Februar. Do muss een sech iwwerleeën, ob een dat wëll. Dat gëtt ëmmer esou gewënscht, mee et muss een och kucken, ob een et kontrolléiere kann. Et muss een och kucken, ob et keng negativ Aspekter huet. Ech sinn e bësse skeptesch, well esou eng Zone 30 dach eng ganz Rei Gewunnechten hei an der Péitenger Gemeng géif op d'Kopp geheien. Zum Beispill bei enger Einbahn, well an enger Zone 30 gëtt et keng Einbahn méi, mer verléiere Parkplazen. Op dat gutt wier, wa mer elo op eemol an all déi Stroossen, déi gutt fonctionnéieren, géifen eng Zone 30 aféieren, dat ass eng Entscheedung, déi een sech muss duerch de Kapp goe loossen. D'Vitesse gëtt sécher erofgesat, mee den duebelsäitege Verkéier an d'Virfahrt vu riets bréngen aner Gefore mat sech. Mer wäerten awer eng Diskussioun driwwer féieren.

Op der Rodanger Gare hu mer d'Verpflichtung vu Ponts et Chaussées fir do Luuchten ze installéieren. Dat ass eng formell Virbereedung, déi laang dauert. Mer mussen emol froen ob mer eppes däerfe maachen obwuel si et gären hätten. Mer mussen och e Plang dohinner leeë fir eng éischt Appréciatioun vum Transportministère ze kréien. Esoubal déi administrativ Autorisatioune virleien, gëtt déi Ampelanlag op der Gare zu Rodange gebaut. Dat bedeit och, datt d'Strooss optesch verengt gëtt a sécher Foussgängeriwwergäng ugeluegt ginn.

Deen zweete Volet ass d'Ampelanlag op der Athuser-Strooss. Wat d'Jenken ugeet, do hu mer de Kabel an d'Gainë mat erageluecht, esou datt mer déi Luuchten elo installéiere kënne wa mer se kaf hunn. Mer mussen der jo nach zousätzlech kafen. An da ginn déi mat enger Schwell an der Strooss installéiert. D'Opriichte vun enger Ampelanlag bei de Jenken ass als Berouegungsmoossnam geplangt. Effektiv gëtt de Verkéier gebremst duerch dës Luuchten, an d'Sécherheet fir d'Foussgänger gëtt erhéicht. An d'Leit, déi aus de Jenken erausfueren, kënnen dat dann ouni Gefor maachen.

D'Étude iwwert d'Aféiere vun der Zone 30 ass am Laf vum Joer 2007 ofgeschloss. Duerno gëtt dee Projet dem Gemengerot virgestallt, an da falen eréischt d'Entscheedungen „Wéi, Wou a Wat". De Konzept vun enger Zone 30 – esou gëtt gesot - ass gewéinlech flächendeckend, dat heescht fir d'ganz Gemeng, well soss hätt e kee Wäert. Ech muss awer elo scho vu mengem Standpunkt aus soen, datt ech net esou iwwerzeegt si vun enger Zone 30 iwwer déi ganz Gemeng. Ech gesinn dat éischter punktuell. Mär hunn eng Gesamtlängt vun 8 km an um Enn ass et esou, datt de Fouss awer nees op d'Pedal gedréckt an et net respektéiert gëtt.

**Carlo Gira (CSV) – 15.12.2006:**

Ech hat nach eng Zousazpropose gemaach, an zwar ob een net kéint um Hierschbierg eng Pist mat Mulch uleeën, esou datt och déi Leit, déi Problemer hu mat de Knéien, dat ganzt Joer iwwer kéinten do trëppele goen.

**Roland Breyer, Schäffen – 15.12.2006:**

Déi Iddi fir um Hierschbierg ass mer ganz sympathesch well mer jo do Trëppelweeër hunn, vun deenen am Abléck net esou vill profitéiert gëtt. Mer hunn och d'Méiglechkeet, iwwer den Tourismus- an de Sportministère Subventiounen ze kréien an iwwer Aarbechtsloser – am Kader vum „plein emploi“ gewëssen Aarbechten do maache loossen. Dat kënne mer vläicht, ouni op de Budget zeréckgräifen ze mussen, bëlleg do ariichten.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

Bei den Abris voyageurs wollt ech froen, ob hei zu Péiteng op der Lëtzebuerger-strooss um Arrêt bei der Cité CFL och sou een Abris virgesinn ass?

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

Mer hunn an engem Kredit stoen, datt mer der all Joer een oder zwee kafen. Et kann awer och en zousätzlechen derbäikommen. Et war ëmmer esou geduecht, datt déi, déi an engem méi schlechten Zoustand sinn, ersat solle ginn. Et kann een awer emol kucken, ob et op der Lëtzebuerger Strooss eng Prioritéit ass fir vläicht dëst Joer een dohinner ze setzen.

**Carlo Gira (CSV) – 11.12.2006:**

E Budget ass nëmmen eng Prävision. Et si Projeten an der Realisatioun, anerer um Wee dohinner an un nach anere gëtt geplangt. De Legislateur gesäit eng Period vu 6 Joer vir, an um Enn gëtt de Bilan gemaach, an da wäerte mer eis Schoule prett gemaach hu fir déi nächst Erausfuerderungen; d’Stroosse wäerten zu engem gudden Deel an der Rei sinn, an och fir eis Sport- a Kulturveräiner wäerten d’Infrastrukturen esou sinn, wéi si se brauchen.

Wann de Schäfferot seng virsiichteg Finanzpolitik weider féiert, an d’Ausgaben am ordinäre Budget der Käschtenentwécklung weider ugepasst ginn, a mat der moderater Personal-politik weidergefuer gëtt, ass et mer net baang, datt eis Gemeng sech weider positiv entwéckelt an et sech hei gutt liewe léist.

A fir datt et sech gutt liewe léist wäert ech dëse Budget stëmmen.

**Roger Klein (LSAP) – 11.12.2006:**

Här Buergermeeschter, Madame, Dir Häre Schäffen. Zanter ech an der Oppositioun sëtzen hunn ech all Kéier an der éischter Budgetssëtzung eng grad esou detailléiert wéi kritesch Analyse vum Budget gemaach. Déi jeeweileg Schäffen an dee jeeweilege Buergermeeschter hunn dann an der selwechter Sëtzung oder an der zweeter Budgetssëtzung versicht, meng Argumenter ze refutéieren. Dat war all Kéier a mengen Aen eng spannend wéi och ineffizient rhetoresch Übung well meng Iwwerleeungen an Awänn hunn – ausser der Korrektur vu faktesche Feeler – keen Nidderschlag fonnt an de Budgeten, esou datt ech dëst Joer op deen Exercice verzichte wëll.

Ech wëll awer vun dëser Plaz aus déi Leit félicitéieren, déi, wéi den Här Becker mat Recht gesot huet, op deem dënne Seel gedanzt hu fir dat Dokument opzesetzen. Ech wëll awer och iech Här Buergermeeschter an och de Schäffe félicitéiere fir déi flott Presentatioun, déi der eis haut ginn hutt. Wann ech soen, datt et eng flott Presentatioun war, da wëll dat awer nach net heeschen, datt ech op alle Punkte mat ären Iddien, äre Vuen a Prioritéiten a Schwéierpunkten aver-stane sinn. Am Géigendeel, et ginn eng ganz Rei vun Differenzen, déi ech mat de Kollegen aus menger Fraktioun deelen, an ech wäert dann och an den eenzelne Gemengerotssëtzunge vum nächste Joer, wou jo eenzel Punkten op der Dagesuerdnung stinn, ganz detailléiert a kritesch Stellung huele wou Differenze virleien. Gewëssermoossen als Entschiedegung fir dee „Schlag-abtausch“, deen dann haut ausbleift.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Déi Aart a Weis wéi Budgetsdebatten zanter 2000 fonctionnéieren an zanter där an der Oppositioun sidd, déi hunn och déi selwecht Philosophie verfollegt zu däer Zäit, wou där Buerger-meeschter waart. Well mer geduecht hunn, datt net alles schlecht gelaf wier – a well mer och geduecht hunn, datt dat hei esou e Punkt war, wou et net esou schlecht gelaf war -, hu mer fonnt, datt mer dat dann och esou viruféiere kéinten. Dofir hu mer näischt geännert. Ech gesinn awer elo, datt der dat net gutt fannt. Mee ech géif awer soen, datt der am Kader vun den Diskussiounen zu deenen eenzelne Projetë sécherlech d'Méiglechkeet kritt – och am Kader vun deenen eenzelnen Devisen, déi deen aner Freideg zur Ofstëmmung kommen – Stellung ze huelen. Do wäerte mer sécher op déi positiv an negativ Säite vun de Projeten ze schwätze kommen. An deem Sënn géif ech dem Här Rosenfeld d'Wuert ginn, deen d'Appré-ciatioun vun der CSV-Fraktioun virdréit.

**Romain Rosenfeld (CSV) – 11.12.2006:**

Zanter 14 Joer ass de Modus elo dee selwechten. Mer diskutéieren d'Budgetsdokument, wat mer 10 Deeg haten an zu deem sech jiddereen e Bild an de Libelléë konnt maachen. Et ass natierlech méi einfach op Explikatiounen ze reagéieren, wou een sech iergendwou festneelt an dann dodru geet. Wann een eppes aus dem Budget muss erausliesen, dat ass natierlech fir verschidde Leit net esou einfach.

Déi verschidde Critère kommen ëmmer erëm op d'Tapéit. Esou wéi bei der Rodanger Schwämm, déi jo och ugeschwat gouf. Ech hätt gären déi Berechnunge gesinn, wa mer dat Engagement, dat déi sozialistesch Partei geholl hat fir déi Schwämm ze bauen, a wat dann dobäi erauskomm wier. Wann een do d'Käschte gerechent hätt mat dësem Summer dee mer haten, dat wier eng schéin Affaire gewiescht. Ech weess net, wéi mer do ewechkomm wieren a wat do méi bëlleg gewiescht wier.

Mer kommen och ëmmer nees op d'Atelieren zeréck. Do muss ech dem Här Breyer Recht ginn. Mär schaffe jo quasi net an den Atelieren, d'Leit sinn ënnerwee an op der Strooss. Et ass richteg, datt mer e Garage maache mat engem Réfectoire an Duschraim. Et gëtt ëmmer gesot, datt d'Aarbechter a schlechte Konditioune schaffen. Mee 85% vun eiser Belegschaft ass ënnerwee – jiddereen huet jo och bal en Auto – a sollen op der Strooss aktiv sinn an net an engem Atelier, wéi mär eis konnte virun e puer Joer iwwerzeegen. Meng Kollegen am Schäfferot wësse jo ganz genee, wat mer déi Zäit, wéi ech am Schäfferot war, virfonnt hunn.

Wat wierklech z'appréciéieren ass, dat ass dee Budget. An dat muss ee wierklech nach eng Kéier ervirhiewen. Ech gesinn, datt och net vill politesch Brisanz vun der Oppositioun do ass, well eben net vill ze soen ass. Politesch ass hei keng Ausso komm, déi frappant war, a wou de Schäfferot muss soen, datt drop reagéiert muss ginn. Mer schwätzen iwwer eng Barrière, iwwer hei an do, mee et huet kee gesot, datt dee Parking, dee fir 80 Millioune geplangt war um Racingsterrain, op Äis geluecht gouf an datt mer mat däer aner Léisung gutt gefuer sinn ouni esou vill Suen auszeginn. An awer ginn am extraordinären Deel 14 Milliounen investéiert. Ech mengen, dat léisst sech weisen.

Wou ech mer wierklech eppes vun der Oppositioun erhofft hätt, dat ass, datt der – wéi dat jo Usus ass wann eppes am Home geschitt – politesch ugehaakt hätt well mer do déi Crèche géife kafen. Mee et huet een näischt héiere well et eng gutt Léisung ass, déi ze bezuelen ass an déi och direkt kann ëmgesat ginn zum Wuel vun de Bierger.

Wat och nach ugeklongen ass, dat sinn déi Schwämmsgeschichten, déi mer d'lescht Joer am Budget versprach haten. An zwar fir d'Sportshal mat der Schwämm a Stand ze setzen. Dat geet un, an dat soll och all Mënsch begréissen. Wa mer déi Sportshal op Fordermann bréngen, dann hu mer wierklech Infrastrukturen hei an der Gemeng, déi sech weise loossen.

Bon, et sinn e puer Saachen am Budget, déi zu Buch schloen. Dat sinn zum Beispill d'Energiekäschten. Ech fannen esou guer, datt d'Gaspräisser net héich genuch ugesat sinn. Well ech géif gäre soen, datt, wann déi dat lescht Joer esou waren, dat net stëmmt. Well de Gaspräis ass vum leschte Joer op dëst Joer 25% an d'Luucht gaang. Mee dat fënnt een net am Budget erëm. Dat anert Joer kann e jo och nees erofgoen.

Eng Saach, déi ech net erausfonnt hunn, dat ass d'Recette vun de Parkplazen aus dem Blobierg. Ech wier frou fir do ze gesinn, wéi mer do leien, ob mer do an deem Stil weiderfuere mat dem Loyer, oder ob mer net vläicht besser hätte fir dee Parking méi ze signaliséieren an e gratis ze maachen. Et misst ee sech froen, ob et der Uertschaft net méi bréngt fir e gratis ze maachen.

Wat mäin Dada am Duerf ass, dat ass d'Haus Dausmann oder Trombini, wou mer nach näischt Konkretes hunn. Och d'Heintz-Haus. Wann een an nächster Zukunft esou Objetë keeft, da muss een dat maache mat enger kloerer Linn. An zwar muss ee soen, datt een dat keeft fir eppes dohinner ze maachen. Mee do si jo – an ech hu mech och informéiert - e puer Saachen amgaang, déi een net esou kann aus dem Budget erausliesen.

Dat Meescht ass gesot. Et war eng wonnerbar Presentatioun vum Här Buergermeeschter a vun de Schäffen. Och de Beamten aus dem Haus, déi un dësem Dokument geschafft hunn, muss een e grousse Merci soen. De Budget ass bal perfekt, an ech géif soen, datt d'CSV-Fraktioun kee Problem huet fir esou e Budget ze stëmmen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

Ech mengen, datt dat, wat den Här Rosenfeld elo zum Schluss gesot huet, näämlech datt déi ganz Belegschaft – ech hat der zwee stellvertriedend genannt – un deem Dossier geschafft huet. Enn September mécht de Sekretär eis drop opmierksam, datt mer en Timing mussen opsetzen. Dee gëtt dann opgestallt, an do sinn a regelméissegen Ofstänn Reunioune fir déi Devisen op d'Been ze stellen an och fir déi Zommen ze definéieren, déi an de Budget gesat ginn. An duerno ginn d'Diskussioune weider fir ze kucken, wéi een déi zwee Enner zesummekritt. Ënner anerem bei der Energiefro, déi och ganz am Detail gekuckt gouf. Do ass sécherlech eng substantiell Erhéijung tëscht 2005 an 2006 dran. 2006 an 2007 ass eis vun der Cegedel matgedeelt ginn, datt nach eng Hausse ze erwaarden ass. Awer am Chauffage kéint een dovunner ausgoen, datt keng Erhéijung kënnt, esou datt mer et op den Niveau vun 2006 gestallt hunn. Wann awer dach eng onerwaart Erhéijung sech hei soll astellen, da musse mer am September domat an de Gemengerot kommen an do liicht Modifikatiounen zougestoen.

Der hutt awer och eppes ugeschwat, dat ass d'Parkplaz beim PiKo um Terrain. Deemools huet et geheescht, et géif dee gréisste Chaos an Nidder-réideng ginn, deen ee sech kéint virstelle mat däer grousser Schwämm do. Mer stelle fest, datt dat net esou dramatesch ass. An hei muss ech soen, datt et den Här Rosenfeld war, deen déi Tëscheléisung iwwer Verhandlungen erméiglecht huet. Déi gräift fir de Moment ganz gutt. An et muss een elo emol véier oder fënnef Joer waarden ier een esou en deieren Objet ugeet, wéi mer en do virgesinn hunn. Wa mer net direkt Suen op dee Site mussen investéiere fir Parkplazen ze maache well et och gutt esou leeft, da kënne mer déi Suë fir méi nëtzlech a méi wichteg Saache gebrauchen.

**Romain Rosenfeld (CSV) – 11.12.2006:**

Ech wollt nach eppes zur Barrière soen. Ech si frou, datt den Här Buergermeeschter dat esou gesäit, datt et net un der Péitenger Gemeng ass fir ze soen, datt déi Barrière zou bleift. Well ech mengen, datt déi Rodanger Geschäftswelt net méi déi ass, déi se war, well d'Leit auswäichen op déi „grandes surfaces“. A well mer och vill mat Verkéier ze doen hunn, wier et fir eis Geschäftsleit vu Rodange ganz schlëmm wann déi Barrière ouni Kompromëss géif zougemaach ginn.

**Roland Breyer, Schäffen – 11.12.2006:**

Zwou Saachen zu deem, wat d'Taxen oder de „parking payant“ ugeet. Do ass et esou, datt mer iech déi ganz genee kënnen déi nächste Kéier virleeën. Mer hunn d'Recette graff geschat op 30.000 €, wat mer vun eise Parkingen erakréien. Do sinn 22.000 € eleng vum Parking op der Maartplaz zu Péiteng. Déi aner Parkingë ginn net esou vill benotzt. An der rue de l'Hôtel de ville gëtt de Genewo-Parking nawell gutt benotzt, deen an der Gillardin Strooss bal net. An zu Rodange am Blobierg sinn d'Recette ganz kleng. Ech sinn net grad e Frënd vun der Iddi fir déi ëffentlech Parkingë gratis ze maachen. Se miissten éischter besser signaliséiert ginn. Mee mer mussen och emol kucken, ob mer op deene Plazen e „parking payant“ musse maachen an op aner Plazen net. Mer hunn zum Beispill hanner der Shell d'Parkplaz, déi gratis ass, um Gillardin muss ee bezuelen. Do soll een och Iwwerleeunge féieren. Déi nächste Kéier leeë mer iech d'Lëscht vun de Recetten emol vir an da kann ee sech emol Gedanken driwwer maachen. De Parking kascht natierlech och net vill. Mer si bäi wäitem déi bëllegst wann een eis vergläicht mat Déifferdeng, Esch oder der Stad, wou näischt méi ënner engem Euro pro Stonn leeft. Hei kann een awer fir vill manner e ganze Moie parken.

Dann ass och nach d'Geschicht vum Haus Trombini. Der hutt ganz Recht. Mär hunn, an och aner Schäfferéit, d'Geleeënheet genotzt well en Objet eis ugebuede gouf, well et zentral louch a well mer vläicht net wollten, datt eppes Bestëmmtes do sollt geschéie wat eis net gefall hätt. Nodréiglech hu mer och emol nees Haiser verkaf, wéi an der Pierre Hamer Strooss oder an der Aloyse Kayser Strooss. Mer hunn elo och nach Haiser, wéi d'Trombini-Haus, wou vun Ufank u keng kloer Destinatioun virgesi war. A wa mer esou Haiser an eisem Patrimoine halen, da gëtt dat eng Belaaschtung fir eis. A wa mer selwer dru schaffe ginn, da ginn et deier Haiser.

Mer haten och schonn Iwwerleeungë mat dem Distriktskommissär gefouert fir deen héich geluefte PPP „Private and Public Partnership“ unzegoen. An do ass dann ëmmer gesot ginn, et misst een e sougenannt „Lastenheft“ op-bauen, datt et net esou einfach ass, an datt mer am Fong de Marché esou opruffen, ouni eng Präferenz fir en Objet ze hunn. Mer hunn awer elo gesinn, datt d'Stad Lëtzebuerg esou e „Lastenheft“ gemaach huet mat deene Baunischen, déi si ëmmer hunn. Der hutt dat vläicht an der Zeitung gelies. Déi hunn esou e „Lastenheft“ opgebaut, wat och vum Distriktskommissariat ugeholl gouf. Net méi spéit wéi d'lescht Woch huet de Schäfferot driwwer geschwat. Ech wollt

mech elo mol e bëssen drëm bekëmmere fir esou e „Lastenheft“-Modell opzebauen a kucken, ob een dat och kann op en Haus Trombini oder op aner Plazen uwennen, wou mär ënner dem Stréch dat op eng Plaz kréien, wat mer gären dohinner hätten, awer ouni en Invest ze maachen. A vläicht esou guer de Baupräis kréien oder iwwer de „bail emphythéotique“ eppes weiderginn. Also wou mer eppes erauskréien ouni eppes dran ze stiechen. A wa mer deen Exercice – deen net einfach ass – richteg artikuléieren, da kréie mer och nei Perspektive fir aner Saachen. Da kënne mer och zum Beispill op eemol haart iwwer eng Péitenger Millen nodenken. An zwar ob mer iwwerall mussen de Bauhär sinn oder ob mer kënnen zesumme mat Privatinitiativen dat erreechen, wat mer gären hätten, an och nach verwalten ouni datt mer mat Portier a Botzkolonn derbäi musse sinn. Dee Wee wëlle mer op alle Fall goen a Kloerheet schafen.

**Guy Brecht (LSAP) – 11.12.2006:**

Vu Fraktiounsspriecher zu Fraktiounsspriecher. Den Här Rosenfeld huet elo nees eng Kéier schounungslos e weidere Malaise vun deem System opgedeckt. En huet eis a sengem ironeschem Toun virgeheit, datt mer verschidde Saachen net berücksichtegt hunn. Et ass net fir dat esou séier an d'Welt ze setzen. Ech mengen, mer hunn haut eis Froen ofginn, an den Här Rosenfeld ka jo net wëssen, wat an eise Froen drasteet. A genee déi Saachen, déi den Här Rosenfeld eis virgeheit huet, datt mer se net gefrot hunn, déi stinn an eise Froen. An ech géif den Här Rosenfeld da bieden, mat senge Bemierkunge bis deen nächste Freideg ze waarden. Da kënnen dat jo soen. Awer haut ass wierklech net den Daach dofir.

**Romain Rosenfeld (CSV) – 11.12.2006:**

Ech géif just soen, datt haut den Dag war fir politesch Appréciatiounen ze maachen, an et si keng komm. Méi kann ech net soen. Dat hunn ech festgestallt. Dofir brauch ech net ze waarden an ech kann et och nach eng Kéier e Freideg soen.

**Romain Becker (Déi Gréng) – 11.12.2006:**

Wann elo all Fraktiounsspriecher eppes gesot huet, da wëll ech och nach eppes soen. An zwar ass de Paragraph op der Säit 78 falsch. Deen drëttleschte Paragraph.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter – 11.12.2006:**

De Sekretär suergt dann dofir, datt dat „à jour“ gesat gëtt. Domat ass dës Diskussioun ofgeschloss.